Conseil communal

Séance publique du 7 décembre 2007

Durée de la séance: *18.00 à 19.50 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Albert Muller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Point unique:

Budget rectifié de 2007 et projet de budget pour 2008 de l'administration communale - présentations et commentaires du collège des bourgmestre et échevins.

COMPTE RENDU

1.

Budget rectifié de 2007 et projet de budget pour 2008 de l'administration communale.

Présentations et commentaires du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir Damen an Hären. Véier Mol als Finanzschäffen, dat heescht vun de Budgeten 2001 bis 2004, a véier Mol als Buergermeeschter, dat heescht vun de Budgeten 2005 bis 2008, hunn ech bei der Presentatioun vun de respektive Budgeten déi finanziell Situatioun vun der Gemeng analyséiert a kommentéiert an ech hunn dem Gemengerot duergeluegt, wéi zu Péiteng sech d'Gemengefinanze mëttelfristeg entwéckele wäerten ënner der Konditioun, datt engersäits déi wiertschaftlech Entwécklung an eisem Land kee Réckschlag erleit, an anerersäits déi konsequent a riguréis Finanzpolitik aus de leschte Jore weidergefouert gëtt.

Op Grond vun der Interventioun vun der Oppositioun, besonnesch der Madame Lily Gansen, huet de Schäfferot dëst Joer de Versuch gemaach, dräi Budgetssëtzunge virzegesinn:

- déi éischt haut den Owend, wou de Budget vum Schäfferot virgestallt gëtt,
- déi zweet e Méindeg de Mëtteg, wou d'Interventioun vun de Conseilleren an d'Diskussioun iwwer dëse Budget virgesi sinn,
- déi drëtt deen nächste Freideg, wou d'Diskussioun an de Vote vun den eenzelne Projeten an de Vote vum rektifizéierte Budget 2007 a vum Budget 2008 op der Dagesuerdnung stinn.

Dës nei Prozedur soll hëllefen, an eisem Gemengerot eng besser Diskussioun iwwer dat wichtegst Dokument, iwwer dat an dësem Gremium ofgestëmmt gëtt, ze kréien. Bleift elo ze kucken, ob dës Hëllef déi néideg Friichten dréit.

Dir wäert mat mir feststellen, datt mer am Joer 2008 d'Finanzsituatioun an eiser Gemeng weider konsolidéiere kënnen, eng Viraussetzung, déi eis erlabe wäert, déi grouss a käschtenintensiv Projeten, déi de Gemengerot sech virgeholl huet, an den nächste Joeren ze realiséieren.

Dëse Budget 2008 charakteriséiert sech duerch dräi grouss Punkten :

- e Rekordiwwerschoss am ordinäre Budget,
- en aussergewéinlech héijen extraordinäre Budget,
- e weidere Réckgang vun der Gemengeschold.

Während de Statsbudget vum Joer 2007 op 2008 bei de Recetten ëm 7,6% a bei den Ausgaben ëm 5,3% klëmmt, wäert den ordinäre Budget vun eiser Gemeng an däer selwechter Zäit bei de Recetten ëm 8,07% a bei den Ausgaben ëm 3,45% klammen. Dëst bréngt mat sech, datt den Iwwerschoss am ordinäre Budget sech bannent engem Joer ëm 42% vun 4,77

op 6,77 Milliounen Euro verbessert. Dëst ass de 15. Budget, iwwer deen ech an dësem Gemengerot mat ofstëmmen, an nach ni hat an deene Joeren den ordinären Iwwerschoss de Kapp vun den 5 Milliounen Euro erreecht. E Kapp, dee mer am Budget 2008 dann awer ganz däitlech iwwerschreide wäerten. D'Ursaache vun dëser positiver Entwécklung wäerte mer da bei der Analys vun de grousse Komponente vum ordinäre Budget feststellen.

Fir d'alleréischt wëll ech awer op d'Entwécklung vun dem ordinären Exercice 2007 agoen. Vergläicht een déi ordinär Recette vum Budget 2007 mat deene vum rektifizéierte Budget 2007, esou stellt een eng kleng Ofwäichung fest, déi sech op plus 0,78% beleeft.

D'Haaptgrënn vun dëser Variatioun leien:

- bei der Reduktioun vu ronn 50% vum Remboursement duerch de Stat bei der Beschäftegung vu jonke Chômeuren. Op Grond vun enger neier Gesetzgebung war et der Gemeng Péiteng net méiglech, am lafende Joer déi Zuel vu jonke Chômeuren an eiser Gemeng ze beschäftegen, déi am Budget virgesi waren,
- bei der Reduktioun vun 12% bei de Recetten an der Schwämm PiKo. Och wa mer op Grond vun dem mobilen Daach an eiser Schwämm d'Konsequenze vum schlechte Wieder am Summer net an deem Mooss ze spiere kruten ewéi déi aner Gemenge mat hiren oppene Schwämmen, esou ass dach eng méi kleng Recette an dëser Rubrik festzestellen,
- bei den „revenus non affectés", wou eng Hausse vun 1,6% ze verzeechnen ass.

Mécht een dee selwechte Verglach um Niveau vun den ordinären Ausgaben, esou stellt een e Réckgang – dat ass éischter seelen – vun 1,52% tëscht dem initiale Budget an dem rektifizéierte Budget fest. Dës Variatioun ass op folgend Punkten zeréckzeféieren :

- d'Reduktioun vu ronn 50% bei der Beschäftegung vu jonke Chômeuren. Hei gëlt déi selwecht Remarque wéi virdru bei de Recetten,
- d'Reduktioun vun 7% an der Rubrik vun de Stroosseninfrastrukturen, vun 14% an der Rubrik vun der Kanalisatioun an der Kläranlag a vun 8,5% an der Rubrik vun der Müllentsuergung,
- dogéint steet awer eng Hausse vun 10% an der Rubrik vun der Waasserversuergung a vun 17% bei der Zënslaascht am Zesummenhang mat der Gemengeschold.

Aus deem Ganzen ergëtt sech dann tëscht dem initialen an dem rektifizéierte Budget 2007 eng Verbesserung vum ordinären Iwwerschoss vun 4,77 op 5,61 Milliounen Euro, dat heescht vun 17,6%. Den Iwwerschoss läit also 17,6% méi héich wéi am urspréngleche Budget.

Am Budget 2008 stellt een an den ordinäre Recette fest, datt déi net affektéiert Revenuen, dat heescht d'Dotation de l'Etat, d'Gewerbesteier an d'Grondsteier, 75% vun alle Recetten duerstellen, eng „part relative", déi am Budget 2007 nëmme bei 74% louch.

Op der anerer Säit entspriechen déi affektéiert Revenuen, déi d'Gemeng Péiteng vum Stat kritt, am ordinäre Budget 2008 esou wéi 2007 ronn 9% vun alle Recetten. Dës Zomm vu ronn 3,7 Milliounen Euro besteet virun allem aus der Participatioun vum Stat un de Gehälter vun de Chargés de coursen, déi an eise Schoulen engagéiert sinn, awer och aus der 50%-Bedeelegung vum Stat un de Fonctionnementskäschte vun den zwou „Maison relais" zu Rolleng an zu Rodange an zu gudder Lescht aus der Participatioun vum Stat vun de Fonctionnementskäschte vun der Musekschoul.

12% vun de Gesamtrecette ginn am Budget 2008 iwwer d'Gemengentaxen ofgeséchert, am Budget 2007 waren dat nach iwwer 13%.

De Loyer vun de Gebailechkeeten, sief et vu verschidde soziale Wunnéngen, oder vu Raim, déi mer dem Stat, der Police, a.s.w. deelweis oder ganz zur Verfügung stellen, mécht 1% vun alle Recetten aus.

„Verschiddenes" stellt dann nach 3% duer. Bei dëser leschter Rubrik maachen d'Remboursementer vun der Aarbechterkrankekeess, d'Remboursementer vun der TVA an d'Bankzënsen déi dräi gréisst Beträg aus. Besonnesch d'Remboursementer vun der Krankekeess, déi sech Joer fir Joer op iwwer 300.000 Euro belafen, wäerte beim Aféiere vum Eenheetsstatut verschwannen. Eng Situatioun, op déi mer eis astelle mussen.

Wat elo déi ordinär Ausgaben ugeet, esou kann een dës a siwe verschidde Kategorien andeelen.

1. *D'Charge salariale:* Mat 19,97 Milliounen Euro stellen d'Gehälter fir dat ganzt Personal – sief dëst an der Administratioun, an eise Regiebetriber, an eise Schoulen an elo och an den zwou „Maison relais" – am Budget 2008 56% vun allen ordinären Ausgaben duer. E Prozentsaz, deen sech zënter Joeren iwwer 50% beweegt, awer am Budget 2008 en Héchststand erreecht huet. D'Progressioun vu knapp 5% ass engersäits op nei Engagementer am Kader vun der „Maison relais" a vun der Sportshal vu Rodange, an anerersäits op den neien „Accord salarial" an der „Fonction publique" an der fälleger Indextranche am Joer 2008 zeréckzeféieren.
2. *D'Contributioun un de Fonctionnementskäschte vun den eenzelne Gemengesyndikater:* D'Gemeng Péiteng huet eng Rei vun hiren Aufgaben u verschidde Syndikater weiderginn, an esou iwwer dës Institutiounen d'Waasserversuergung, d'Müllentsuergung, d'Kompostéierung, den Assainissement vum Ofwaasser an d'Informatisatioun vun eise Gemengebetriber zum gréissten Deel ofgedeckt. Dobäi kënnt, datt den ëffentlechen Transport an der Regioun Süden duerch de Gemengesyndikat TICE iwwerholl gëtt. De Fonctionnement vun dëse Syndikater huet och am Budget 2008 mat ëm déi 8,7% vun den ordinären Ausgaben a mat engem Gesamtkäschtepunkt vun 3,2 Milliounen Euro eng grouss Repercussioun op den ordinäre Budget. Ervirzeträichen ass, datt am Total dës Fonctionnementskäschten am Verglach mat dem Budget 2007 kaum variéieren, datt am Detail awer vu Syndikat zu Syndikat eng géigesätzlech Evolutioun ze erkennen ass. Während bei der SES, dem SIDOR an dem Minettkompost kaum eng Variatioun tëscht de Budgeten 2007 an 2008 festzestellen ass, soll d'Contributioun un de SIGI ëm 10,6% an un de SIACH ëm 9,5% klammen. Wat den TICE ubelaangt, esou fällt déi am Budget 2008 am Verglach zu 2007 ëm bal 15% oder 120.000 Euro. Dëst wäert awer viraussiichtlech nëmmen eng temporär Reduktioun sinn. Am Budget 2009 riskéiert d'Contributioun erëm op den Niveau vun 2007 ze klammen. Wat de Sicona ugeet, esou wäert d'Contributioun vun 2007 op 2008 vun 9.000 Euro op 21.861 Euro klammen, wat eng enorm Progressioun duerstellt. Nodeems dat elo feststeet, datt um Enn vun dësem Joer dat interkommunalt Spidol vun Nidderkuer mat dem „Centre Hospitalier Emile

Mayrisch“ fusionéiert, an datt fir d’zweet Joer noeneen den HPMA viraussiichtlech am Exercice 2007 e positivt Resultat schreiwe wäert, gesäit de Budget 2008 keen Apport vun der Gemeng Péiteng an de Syndikat vir an et ass doriwwer eraus och an Zukunft net méi mat enger weiderer Belaaschtung an dësem Kontext ze rechnen.

3. *Déi jäerlech Annuitéiten – d’Remboursementer an d’Zënsen – fir eis Emprunten:* Esou wéi ech dat schonn déi lescht Joere bei de Budgetsdebatte virausgesot hunn, stellt virun allem d’Gemengeschold an d’Annuitéiten, déi doraus ofzeleede sinn, eng wuessend Belaaschtung am Budget 2008 par rapport zum Budget 2007 duer. Dëst obschonn an de leschte fënnef Budgeten, vun 2004 bis 2008, keen neien Emprunt huet missen ageschriwwe ginn. Op Grond vun hirer Verschëldung ass eis Gemeng allerdéngs permanent der Gefor vun den negative Konsequenze vun engem weideren Eropsetze vun de Leetzënsen ausgesat. Déi jäerlech Belaaschtung am Budget fir d’Annuitéite vun eisen Emprunten, dat heescht d’Zënse mam Remboursement vum Kapital, ass am Budget 2008 mat 3,4 Milliounen Euro ëm 7,1% méi héich wéi nach am Budget 2007. Dëst eenzeg an eleng op Grond vun der steigender Zënsentwécklung. Louch näämlech an de Joeren 2002, 2003 de Scholdzënssaz fir d’Gemengen nach bei interessanten 2,7%, esou si mer haut bei 4,6%-4,85% ukomm. Deemno maachen dës Ausgaben am Budget 2008 9,3% vun allen ordinären Ausgaben aus. Am Joer 2007 waren et 9%.

4. *D’Ënnerhaltskäschte vun de Gebaier:* 8,2% vun den ordinären Ausgaben, dat heescht ronn dräi Milliounen Euro, gesäit de Budget 2008 vir fir den Ënnerhalt, d’Botzen, d’Assurancen, d’Energiekäschten, a.s.w. vun eise Gebaier. Hei ass ze ënnersträichen, datt d’Gehaltskäschte vun eisen Aarbechter net doranner enthale sinn.

5. *D’„Prévisions sociales“:* Op 1,56 Milliounen Euro oder 4,3% belafe sech am Budget 2008 déi ordinär Ausgabe fir d’„Prévisions sociales“, wou de Fonctionnement vum Sozialamt, de „Repas sur roues“, d’„Téléassistance“, d’Beschäftegung vun CATen an Apprentien, esou wéi d’Participatioun un de Fonctionnementskäschte vun dem „CIGL“ an dem „Proactif“ dee gréissten Deel ausmaachen.

6. *De Fuerpark :* D’Käschte vun eisem Fuerpark, dat heescht de Benzin oder Diesel, d’Assurancen esou wéi den Ënnerhalt belafe sech am Budget 2008 op 376.000 Euro, wat 1% vun allen ordinären Ausgaben ausmécht.

7. *Divers :* Bleiwen nach eng helle Wull vun aneren Ausgaben, déi dann nach déi restlech 13% vun den ordinären Ausgaben ausmaachen.

Eng ganz aner Approche kann awer och doranner bestoe fir z’analyséieren, fir wellech Zwecker déi net affektéiert Revenuen, dat heescht d’„Dotation de l’Etat“, d’Gewerbesteier an d’Grondsteier, gebraucht ginn. Dës net affektéiert Revenue vun der Gemeng Péiteng belafe sech am Budget 2008 op 32,4 Milliounen Euro. Am Budget 2007 louchen dës 9,3% méi niddereg, dat heescht bei 29,4 Milliounen Euro.

Dës Revenue sollen am Budget 2008 folgendermoosse gebraucht ginn:

1. Fir d’„Administration générale, ordre public et sécurité“ mat 5,3 Milliounen Euro. Am Budget 2007 louch dës Netto-Ausgab bei ongeféier der selwechter Zomm.

2. Fir d’Annuitéite vun eiser Gemengschold mat 3,4 Milliounen Euro. Am Budget 2007 gouf nëmme mat enger Ausgab an dësem Kontext vun 3,2 Milliounen Euro gerechent.

3. Fir d’„Prévisions sociales“ mat 1,4 Milliounen Euro. Am Budget 2007 louch dës Netto-Ausgab nach bei 1,5 Milliounen Euro.

4. Fir den „Enseignement“ an d’„Maison relais“ mat 7,6 Milliounen Euro. Am Budget 2007 louch dës Netto-Ausgab nach bei 1,9 Milliounen Euro.

5. Fir de Sport, d’Kultur an d’Fräizäit mat 2 Milliounen Euro. Am Budget 2007 louch dës Netto-Ausgab bei ongeféier deem selwechte Betrag.

6. Fir d’„Voirie“, de Park, d’Ëmwelt an d’Kierfechter mat 3,2 Milliounen Euro. Am Budget 2007 louch dës Netto-Ausgab bei ongeféier deem selwechte Betrag.

7. Fir de Kanal, d’Kläranlag, d’Müllentsuergung an d’Waasserversuergung leien déi ordinär Recetten an Ausgaben am Gläichgewiicht, esou datt keng net affektéiert Revenue fir dës Servicer an Usproch geholl ginn. Dat war och schonn am Budget 2007 de Fall.

8. Fir eis Musekschoul mat 500.000 Euro. Am Budget 2007 hate mer nach nëmme mat Netto-Ausgabe vun 360.000 Euro gerechent.

9. Fir eis Schwämme mat 1,5 Milliounen Euro. Am Budget 2007 waren dat nach nëmmen Netto-Ausgabe vun 1,3 Milliounen Euro.

10. Schlussendlech fir den ëffentlechen Transport mat 720.000 Euro. 2007 louchen dës Ausgaben am ordinäre Budget bei 845.000 Euro.

Aus deem ergëtt sech, datt den Deel vun den net affektéierte Revenuen, déi fir aussergewéinlech Projeten zur Verfügung stinn, am Budget 2008 bei 6,77 Milliounen Euro läit. Dëse louch – wéi scho gesot – am Budget 2007 nëmme bei 4,77 Milliounen Euro. Dat heescht, datt vu ronn dräi Milliounen Euro „Mehreinnahmen“, déi 2008 am Verglach zu 2007 iwwer déi net affektéiert Revenuen an d’Gemengekeess fléisse sollen, eng Millioun Euro oder een Drëttel fir den ordinäre Budget gebraucht ginn an zwou Milliounen Euro oder zwee Drëttel fir Investissementer gebraucht ginn. Dës Politik ass déi eenzeg richteg wa mer an den nächste Joeren nach weider interessant Projeten am Intressi vun der Liewensqualitéit an der Attraktivitéit an eiser Gemeng realiséiere wëllen.

Villes hänkt allerdéngs vun der Entwécklung vun zwee vun den net affektéierte Revenuen of, der Gewerbesteier an der „Dotation de l’Etat“. D’Grondsteier spillt zu dem heitegen Zäitpunkt keng Roll. Eng Situatioun, déi a mengen Aen a Fro gestallt muss ginn. Et muss zesumme mat der Steierverwaltung gekuckt ginn, wéi dës Steier an Zukunft nei definéiert kéint gi fir dëser Steier de finanzielle Stellewäert zeréckzeginn, deen se emol eng Kéier hat. Ech wäert op jiddefalls weider am Syvicol intervenéieren, fir datt déi iwwerfälleg Reform vun dëser Steier an Ugréff geholl gëtt.

D’Gewerbesteier läit am Budget 2007 mat 11,6 Milliounen Euro ëm 1 Millioun Euro, dat heescht 9%, méi héich wéi am Budget 2004. An dat nodeems dës Steier an de Budgeten 2005 bis 2007 esou guer deelweis bis ënner déi 10-Milliounen-Euro-Grenz gefall war. Dëst beweist, wéi onzouverlässeg dës Recette fir d’Gemengen ass, a wéi schwéier et ass, op Grond vun dëse Fluktuatioune laangfristeg ze plangen.

Och d’„Dotation de l’Etat“ mécht onkontrolléiert Spréng vu Joer zu Joer. Louch d’Progressioun vum Budget 2004 op de Budget 2005 bei säftegen 21%, esou war d’Progressioun vum Budget 2005 op de Budget 2006 ganz

bescheide mat just 3%. Am Budget 2007 war d'Progressioun vun dëser Recette par rapport zum Budget 2006 erëm ganz uerdentlech mat bal 12%, wougéint dëst Joer d'Evolutioun par rapport zum Budget 2007 bei nëmme plus 6,8% läit. Dësen Abroch vun der Progressioun huet zum Deel seng Ursaach an der deelweiser Upassung vun der Steiertabell, déi op Grond vun der ongläicher Participatioun vun de Gemengen un der direkter an der indirekter Steier net komplett vun der TVA opgefaange konnt ginn. Am Budget 2008 ass dann d'„Dotation de l'Etat" vun der Péitenger Gemeng fir d'alleréischt iwwer 20 Milliounen Euro geklommen.

Déi zwou Recetten zesummen, déi ronn 74% vun alle Recetten ausmaachen, deemno den A an den O vun der Finanzpolitik sinn, entwéckele sech dann awer am Budget 2008 esou, datt, ouni datt een elo an Euphorie fale kann – dat ënner der Bedéngung vun enger virsiichteger Finanzpolitik – ee mat engem gewëssenen Optimismus an d'Zukunft kucke kann. Et ass awer och kloer, datt all eventuell Lackerung vun dëser ageschloener Politik, déi ganz Rekonsolidatioun vun de Gemengefinanzen erëm a Fro gestallt ass.

Tëscht de Budgeten 2006 an 2007 war e Plus vum Total vun dëse Recette vun 6,5% festzestellen. D'Evolutioun vun deene selwechte Recette läit tëscht dem Budget 2007 an 2008 bei 10%.

An de Kapitele vum ordinäre Budget sprengt sécherlech d'Rubrik 04 – „Enseignement" weiderhin an d'A, eng Rubrik, déi mat engem Undeel vun 27% vun de Bruttoausgabe bei wäitem de gréissten Undeel vun den ordinären Ausgaben duerstellt. Och wann d'Recetten am ordinären Deel vun dëser Rubrik parallel an d'Luucht gaange sinn, esou ass et evident - an Dir kënnt dëst op dem Graph gesinn – datt d'Belaaschtung vun dëser Aufgab am Intressi vun eise Schoulkanner op eis Gemengefinanzen ëmmer méi grouss gëtt. An zwar vum Budget 2000 op de Budget 2008 huet déi sech quasi verduebelt vun 4,2 Milliounen Euro op 7,6 Milliounen Euro. Sécherlech huet d'Eréffnung vun der neier „Maison relais" zu Rodange Enn 2007 nieft däer vu Rolleng de Mali an dëser Rubrik weider verschäerft. 300.000 Euro leet d'Gemeng Péiteng laut Budget 2008 am Kader vun dësen Opfankstrukture bäi. No der Schafung vun esou Strukturen zu Péiteng – d'Planungsaarbechte wäerten dat nächste Joer an Ugréff geholl ginn – wäert dëse Mali dann op iwwer 500.000 Euro eropgoen. Wat et fir d'Gemeng um finanzielle Plang bedeite géif wann all eis Schoulkanner op esou Strukturen zeréckgräife géifen, dat hat ech jo scho bei der Aweiung vun der „Maison relais" vu Rodange ugedeit. Déi Gesamtfonctionnementskäschte géifen dann an der Péitenger Gemeng bei dem Zéngfache vun haut leien, wat fir d'Gemengefinanzen eng Belaaschtung vu plus minus dräi Milliounen Euro ausmaache géif. Dobäi miissten am Virfeld nach Investissementer vu ronn 35 Milliounen Euro gemaach ginn, dat fir emol de finanziellen Impakt vun esou enger politescher Visioun, déi sech an esou muench Käpp vu Politiker breet mécht, opzezeechnen.

E weidere Volet, deen am Schouldepartement vun eiser Gemengeverwaltung ugesidelt ass, ass eis Musekschoul. Eng Offer fir d'Jugend aus eiser Gemeng, mee och fir d'Jugend aus den Nopeschgemengen, an aus dem noe Grenzgebitt. Hei konnt een an de leschte Joeren eng regelrecht Käschtenexplosioun feststellen, besonnesch awer am Joer 2000, wou d'Bestëmmunge vum Reglement grand-ducal vum 25. September 1998 fir d'alleréischt voll ze droe komm sinn. Och wann duerch d'Aféiere vun enger supplementarer Participatioun vun den auswäertege Schüler am leschte Joer, an och duerch déi nei Konventioun, déi mat de Gemengen Déifferdang, Käerjeng, Kënzeg an Dippech dëst Joer ënnerschriwwe gouf, déi Nettobelaaschtung duerch eis Musekschoul positiv beaflosst ginn ass, esou muss een trotzdem feststellen, datt no enger Ënnerbriechung vun der negativer Entwécklung vum Mali an dëser Rubrik vum Budget 2007 de Budget 2008 erneit eng Verschlechterung vun der Situatioun virgesäit. Villes hänkt elo vun der effektiver Participatioun vum Stat un de Käschte vun der Musekschoul fir d'Joer 2007 of. Dann eréischt kënne mer aschätzen, ob weider Schrëtt ënnerholl musse gi fir dës Belaaschtung a Grenzen ze halen.

Den extraordinäre Budget 2008 gesäit Ausgabe vun 16,75 Milliounen Euro vir. Mer wäerten deemno am nächste Joer um Investitiounsprogramm, dee mer eis fir dës Mandatsperiod virgeholl hunn, resolut weiderschaffen. Och wann et legitim an Usus ass, datt d'Majoritéit an d'Oppositioun sech net ëmmer eens sinn iwwer déi gesate Prioritéiten, esou kann dëser Majoritéit alles, mä net Immobilismus, virgehäit ginn. Wat elo déi Haaptakzenter vun dësem extraordinäre Budget ubelaangt, esou kann een dës a siwe grouss Kapitelen andeelen, näämlech:

1. d'Kapitel Sport, Kultur, Jugend a Fräizäit mat 3,6 Milliounen Euro, wat 21,8% vun allen extraordinären Ausgaben ausmécht – wou allerdéngs ze präziséieren ass, datt ënner anerem d'Renovatioun vun der Péitenger Schwämm, déi am Budget 2008 mat 1,5 Milliounen Euro zu Buch schléit, och an haaptsächlech dem Schoulsport zegutt kënnt,
2. d'Kapitel Infrastrukturaarbechten an de Stroossen, op de Plazen a Parkplazen an un de Réseauen, mat 6,5 Milliounen Euro oder 39% vun den extraordinären Ausgaben. Dëst Kapitel mécht, wéi schonn d'lescht Joer, de gréissten Deel vun den ausseruerdentlechen Aarbechten aus, wat also kloer ënner Beweis stellt, datt esou wéi am pluriannuellen Investissementsprogramm virgesinn ass, dës Aarbechten eng Prioritéit hunn,
3. d'Kapitel Schoulinfrastrukture mat 2,7 Milliounen Euro oder 16,1% vun den extraordinären Investissementer,
4. d'Kapitel „Maison relais" a Crèche mat 1,2 Milliounen Euro oder 6,9% vun den extraordinären Ausgaben,
5. d'Kapitel Verbesserungsaarbechten un de Verwaltungsgebaier an de Regiebetriber mat 760.000 Euro oder 4,5% vun den ausseruerdentlechen Ausgaben,
6. d'Kapitel Participatioun un den Investissementer vu Gemengesyndikater mat 582.000 Euro oder 3,5% vun den extraordinären Ausgaben. Bei dësen Ausgabe weisen d'Erfahrungen aus de leschte Joeren, datt dës am Duerchschnëtt 3 bis 5% ausmaachen. Dëst Joer geet d'Participatioun un den Investissementer vum TICE ëm 40% erof, an do ass och an den nächste Joere mat kenger weiderer Hausse méi ze rechne well d'Konstruktiounsaarbechten um Site vum TICE no aacht Joer an engem Totalkäschtepunkt vu ronn 15,5 Milliounen Euro elo ofgeschloss sinn. Anerersäits si gréisser Investissementer vun de Syndikater SIACH a Minettkompost virgesinn, déi dann och schonn am Budget 2008 hiren Nidderschlag fannen,
7. Schlussendlech nach verschidden aner extraordinär Ausgaben, déi 8,2% ausmaachen. Heirënner fält virun allem d'Uschafe vun Terrainen a Gefierer esou wéi verschidde Subsiden, déi d'Gemeng un hir Bierger ausgëtt.

Dëst ergëtt an der Halschent vun dëser Mandatsperiod, well déi wäerte mer Enn 2008 erreecht hunn, datt mer ganz

kloer déi dach ambitiéis Zieler, déi mer eis am pluriannuellen Investitiounsprogramm gesat hunn, erreeche kënnen. Ech erënneren drun, datt mer ausseruerdentlech Ausgabe vu ronn 70 Milliounen Euro fir déi ganz Mandatsperiod an d'A gefaasst haten. Um Enn vum Joer 2008, an der Halschent vun der Mandatsperiod – wa mer de Kont 2006, de rektifizéierte Budget 2007 an de Budget 2008 kucken – wäerte mer bei extraordinären Ausgabe vun 39,6 Milliounen Euro leien, wat 56% vun dem Programm ausmécht. Dëst wäert sech folgendermoossen zesummesetzen:

1. d'Kapitel Sport, Kultur, Jugend a Fräizäit mat 11,6 Milliounen Euro, wat 29,3% vun allen extraordinären Ausgabe gläichkënnt,
2. d'Kapitel Infrastrukturaarbechten an de Stroossen, op Plazen a Parkplazen an un de Réseaue mat 12,9 Milliounen Euro oder 32,6% vun den extraordinären Ausgaben,
3. d'Kapitel Schoulinfrastrukture mat 5,3 Milliounen Euro oder 13,4% vun den extraordinären Investissementer,
4. d'Kapitel „Maison relais" a Crèche mat 3,4 Milliounen Euro oder 8,6% vun den extraordinären Aarbechten,
5. d'Kapitel Verbesserungsaarbechten un de Verwaltungsgebaier an de Regiebetriber mat 1,8 Milliounen Euro oder 4,6% vun den ausseruerdentlechen Ausgaben,
6. d'Kapitel Participatioun un den Investissementer vu Gemengesyndikater mat 1,4 Milliounen Euro oder 3,5% vun den extraordinären Ausgaben,
7. schlussendlech nach verschidden aner extraordinär Ausgaben, déi 8% ausmaachen.

Dës extraordinär Ausgaben an deenen dräi éischte Joeren, déi sech deemno op 39,6 Milliounen Euro belafen, gi laut der Budgetsvirlag vun 2008 zu 51% iwwer den ordinären Iwwerschoss aus de Joeren 2006 bis 2008, zu 37% iwwer Statssubsidien, an zu 12% iwwer den iwwerdroene Boni vum Enn vun der leschter Mandatsperiod finanzéiert.

Ervirzesträichen ass, datt mer, wéi scho virdru gesot, op ee weideren Emprunt verzichte kënnen, esou datt mam Remboursement vu knapp zwou Milliounen Euro, deen och 2008 am ordinäre Budget virgesinn ass, d'Gemengeschold Enn 2008 op 28,85 Milliounen Euro zeréckgoe wäert. Wann ech op d'Budgeten 2000 an 2003 zeréckkucken, wou d'Gemengeschold mat 37,6 an 38,1 Milliounen Euro hiren Héchststand erreecht hat, da läit d'Gemengeschold Enn 2008 bal 10 Milliounen Euro méi déif wéi an deene Joren, an och fir d'alleréischt zënter dem Enn vun den 90er Joren erëm ënner der 30-Millioune-Grenz.

De Ratio „Gemengeschold iwwer den Total vun den ordinäre Recetten" weist dann nach op eng méi kloer Aart a Weis déi positiv Entwécklung vun der Gemengeschold hin. 2000 war de Faktor Gemengeschold iwwer ordinär Recetten 1,44, dat heescht, d'Gemengeschold louch laut Budgetsvirlag 44% iwwer de Gesamtrecetten am ordinäre Budget. Haut ass dee Faktor op 0,67 zeréckgaangen, dat heescht, datt déi am Budget 2008 ausgewise Gemengeschold nach 67% vun de Gesamtrecetten am ordinäre Budget ausmaachen.

Als Konklusioun muss ee festhalen, datt de Schäfferot mat enger gewësser Satisfaktioun dem Gemengerot e Budget 2008 virleet, deen:

1. extraordinär Ausgabe vun iwwer 16 Milliounen Euro virgesäit,
2. fir d'fënneft Joer noenee keen neien Emprunt an d'A faasst an esou d'Gemengeschold weider reduzéiert gëtt,
3. en ordinären Iwwerschoss vun 6,77 Milliounen Euro an Aussiicht stellt.

Ech wollt op dëser Plaz all deene Merci soen, déi aktiv un dësem wichtegen Dossier matgeschafft hunn. Engersäits menge Kollegen aus dem Schäfferot, deene responsabele Fonctionnairen aus dem Finanzdepartement – Gitta Schlesser a Sacha Schmit -, awer och deenen anere Fonctionnairen, besonnesch déi aus dem techneschen Service, déi, och wann et net ëmmer mat der Präzisioun an dem Rhythmus war, deen ech mer gewënscht hunn, hiert dozou bäigedroen hunn, datt dëst Dokument pünktlech fir Enn November fäerdeggestallt war. An zu gudder Lescht och nach e Merci un d'Finanzkommissioun, déi sech jo schonn um Ufank vun dëser Woch mat dësem Budget auserneegesat huet. Ech soen iech Merci fir är Opmierksamkeet.

Roland Breyer, Schäffen:

Nodeems de Buergermeeschter iech eng finanzpolitesch Analys vum rektifizéierte Budget 2007 a vum Budget prévisionnel 2008 virgeluegt huet an och iwwer déi nächst véier Joer en Ausbléck gemaach huet, wier et u mir fir iech, am selwechte Geescht an am selwechten Ausbléck d'Realitéiten an d'Visioune fir dat nächst Joer speziell, an déi aner Joere generell virzeleeën. An dat an deene Beräicher, fir déi ech zoustänneg sinn, dat heescht:

- Stroossennetz, Infrastrukturen a Kollektivantenn;
- Verkéier;
- Informatioun an Ëffentlechkeetsaarbecht;
- Gemengepersonal;
- Kultur an Tourismus;
- ëffentlech Zeremonien a Fester.

Mee och an e puer méi pragmateschen Detailer iwwer d'Aarbechten an d'Perspektive vum SIACH a vum SIKOR, 2 interkommunal Syndikater, déi ech d'Éier hunn ze presidéieren.

Et ass déi 33. Kéier, datt ech mech hei an engem Gemengerot mat der Budgetsdiskussioun befaassen. 18 Mol als Member vun engem Schäfferot a 15 Mol als Conseiller vun der Majoritéit oder der Oppositioun. 33 Mol, wou ech ëmmer versicht hunn, dat wat ze realiséieren an dat wat ze erreeche war, opzezeechnen, mat der Erkenntnis, datt et leider net ëmmer esou séier an esou reibungslos klappt ewéi ee sech dat wënscht. Mee mat de Joeren, a mat der Erfahrung léiert ee bäi. An ech ka behaapten, datt dëse Budget 2008 ee vun deene realisteschsten an am noosten un der Wouerecht wäert sinn. Firwat? Virop esou eng Ausso:

1. ganz einfach aus der Erkenntnis, datt 2007 vill a Bewegung gesat gouf, wat 2008 an duerno, Realitéit gëtt,
2. an dësem Joer 2008 Projeten ugefaange ginn, déi enger längerer Viraarbecht ënnerleeë waren a kloer an deenen nächste véier Joer verwierklecht kënne ginn; schliisslech wëlle mer eise Wieler mat vollen Hänn an engem erfëllte Verspriechen entgéinttrieden.

Loosse mer eis dofir an e puer konkret Erklärungen a Visiounen eragoen.

Stroossennetz:

Mir hunn e Stroossennetz vu ronn 40 km Längt an eiser Gemeng ze ënnerhalen. Mat insgesamt 70 km Kanalnetz. Zu dësem Ënnerhalt gehéiere weider d'Waassernetz mat ronn 67 km, d'Kollektivantenn, den Zoustand vun de Stroossen an Trëttoiren an ëffentlech Plazen, d'Flicken, d'Botzen, esou wéi d'Bereetstelle vu Konzessioune fir aner Déngschtleeschtungsdréier ewéi

d'Post, Sudgaz, d'Cegedel, asw. D'Liewensdauer vun deene virgenannten Infrastrukturen ass verschidden a variéiert tëscht 30 a 60 Joer, ass awer och vun der Demande vun eisen Awunner an der moderner Evolutioun vun der Technik ofhängeg. Et kënnt alo ëmmer méi dacks vir, datt extern Déngschtleeschtungsbetriber hir Infrastrukture wëllen erneieren, mir awer nach mat eisen eegenen Infrastrukturen nach e puer Joer kéinten hikommen, oder, bedéngt duerch Pannen, déi eng direkt Interventioun vun eise Partner noutwenneg maachen, mir net an der Lag si fir finanziell um neie Gruef oder un den Aarbechten deelzehuelen. Sou sinn de Moment Aarbechte vu Sudgaz an der Charlottestrooss zu Rodange amgaangen, déi mer 2008 zeréck bezuelen. Dat selwecht ass och an der rue de l'Indépendance zu Péiteng an an der Gendarmeriestrooss zu Rodange, wou mer eis un de Schantje vu Sudgaz ugeschloss hunn an 2007, respektiv 2008 dekontéieren. Mer hunn en Inventar vun eise Stroosse mat eisen Infrastrukturen opgestallt, dee mat eisen anere Partner duerchgeschwat a koordinéiert gëtt fir dann an deenen nächste Joere geziilt Stroossen oder Abschnëtter ze erneieren. Dësen Inventar mat enger 'Ist'-Opnam vun de Stroossen op den heitegen Dag läit an eisem Service technique vir. Et wäert awer och virkommen, datt de Partner alleng an enger Strooss erneiert, ouni datt mer do matmaache kënnen. Et ass grad esou sécher, datt mer net all schlecht Strooss an eiser Gemeng kënnen erneieren, an dat duerch de finanziellen Opwand fir d'éischt (ee lafende Meter Strooss ze erneiere kascht eis tëscht 2.000 an 2.500 Euro, 40 km kaschten also ongeféier 80 bis 100 Milliounen Euro), an dann och nach duerch déi laang Delaisen an der Ausschaffung an der Exekutioun. (Mer brauchen iwwer zwee Joer fir d'Formalitéiten ze regléieren: Emprisen, Virprojet an autoriséierte Projet).

Am Beräich vun den „Infrastructures routières" fanne mer am extraordinäre Budget :

Initiale Budget 2007 : 2.265.019,71 €

Rektifizéierte Budget 2007 : 1.405.398,16 €

Initiale Budget 2008 : 2.844.830,07 €

Heizou e puer Gedanken : Jo, et sinn am Joer 2007 „nëmmen" 62,8% verschafft gi vun deem, wat virgesi war. Explikatioun: de Report vun den Aarbechten an der avenue de la Gare zu Péiteng op dat nächst Joer an den Ukaf vun engem neie Camion/Benne och op d'Joer 2008. Eleng dës zwee Artikele maachen e Report vun iwwer 450.000 Euro aus. Verschafft goufen awer nach iwwer 5.000 Euro pro Schaffdag.

D'Gespréicher iwwer d'Emprise mat de Proprietairen aus der rue de la Gare sinn zu 90% ofgeschloss an den Ufank vun den Aarbechten ass spéitstens fir dat 3. Trimester 2008 virgesinn. Mir rechnen, datt mer an der avenue de la Gare an an der rue du Chemin de Fer bis 2010 engagéiert bleiwen.

Déi selwecht Gespréicher vun Emprise sollen och 2008 ulafe mat de Proprietaire vun der Philippartstrooss zu Rodange. Och hei musse mer eis dem Terminkalenner vun der Stroosseverwaltung upassen, wou dann Ufank 2009 d'Aarbechten a Betrib geholl an dat éischt Lous kann ugefaange ginn. Mat de Proprietairen aus der rue de l'Hôtel de ville zu Péiteng, e Pendant zu der avenue de la Gare, ginn déi Rescht Emprisen am Joer 2008 ausgeschwat, an da kann dës Strooss, ewéi nach e puer aner, privater Natur, definitiv an de Patrimoine vun eiser Gemeng erageholl ginn.

Mer setzen des Weideren d'Erofsetze vun de Borduressteng an den Zentre vun eiser Gemeng fort fir dem Handikapéierten an och de Leit mat Kannerkutschen eng méi sécher a liicht Mobilitéit ze erméiglechen. Dat am Kader vum neie Sécherheetsplang vun der Gemeng Péiteng.

Den definitive Projet fir d'Erneierung vun der place de la Libération zu Péiteng wäert op 2009/2010 zeréckgesat ginn, aus dem Timing eraus vum Privatpromoteur, dee fir d'éischt säi Gebai opriicht an dann zum Schluss un de Parking geet. Mer hu just Etude-Käschten an eisem Budget stoen.

An der Strooss à la Siole, zu Rodange, bedeelege mer eis un den Aarbechte vu Sudgaz am Joer 2008, d'rue Terre Noire an d'rue de la Fontaine zu Rodange kréien nei Infrastrukturen an en neien Teppech, idem fir d'rue de l'Indépendance zu Péiteng. Am Ganze si fir dës Aarbechten 1.075.000 € am Budget 2008 virgesinn.

Well mer net all Strooss vu Grond aus op kënnen erneieren, suerge mer mat dem Kredit vum Reprofilage (200.000 €) duerfir, datt déi ganz schlecht Stroossendeeler systematesch erneiert ginn. Am Joer 2008 gëtt e Reprofilage a folgende Stroosse gemaach: rue Prënzebierg an de 'Schwaarze Wee' zu Péiteng, d'Impasse an der avenue Dr. Gaasch zu Rodange an eng Partie vun der Kierchestrooss zu Rolleng.

Verschidden anonym Stroossendeeler oder Parkplaze kréien en Numm oder ginn identifizéiert. Duerno soll dann zu Péiteng an zu Rodange e Balisagesystem installéiert gi fir se ze lokaliséieren oder déi Gebaier mat engem Haaptinteressen ze fannen.

Waasser a Kanal

Wat eis Waasserversuergung ugeet, esou wësse mer, datt de Péitenger Waasserbasseng muss duerch en neien ersat ginn. Hei ware mer a Verhandlunge mat dem Propriétaire vun engem Terrain um Hierschbierg, déi elo just virgëschter mat Erfolleg ofgeschloss goufen. Dann entsteet den definitive Projet, deen 2009 am Budget säi Nidderschlag fënnt. De Basseng gëtt da gebaut, d'Belairstrooss duerno opgerappt fir d'Zougangsleitung an da komplett erneiert. Eise Basseng zu Rodange gëtt grad ewéi deen zu Rolleng, deen awer scho fäerdeg ass, 2007 fäerdeg gestallt an allen dräi ginn da mat enger Télésurveillance équipéiert, dat an der Perspektiv vun dem neie Wasserrahmengesetz.

Wat d'Ofwaasser ubelaangt, esou wësse mer och, datt mer bis d'Joer 2010 gewalteg Efforte musse maachen, hätte mer jo gär bis dohinner nach gréisser Subventioune vum Ministère. Ab 2010 ass et domat eriwwer. Wat bleift nach an eiser Gemeng ze maachen, a wat ass fir 2008 virgesinn? Am Budget 2008 fanne mer Kreditter fir 4.311.381,62 €, déi an den Assainissement an d'Kanalwiesen investéiert ginn. Et sinn dat:

- Den Iwwerlafbecken um Rond-point Porte de Lamadelaine, deen 2007 ugefaange an 2008 fäerdeg gestallt gëtt (ronn 2,5 Milliounen Euro stinn am Budget 2008).
- E Schmotzwaasserkanal gëtt nieft d'Eechelsbaach geluecht, d'Baach gëtt propper gemaach. Hei lafen de Moment nach ëmmer schwéier Verhandlunge mat deene Leit, déi dorunner ustoussen, mä de Projet muss 2008/2009 realiséiert gi well dovunner e ganze Koup Subventiounen ofhänken. Och hei hate mer gemengt, schonn 2008 méi wäit ze sinn, mussen awer dofir den Accord vun de Leit, déi do wunnen, anhuelen. Wat net ëmmer einfach ass, wann een engem muss duerch de Gaart oder d'Garagenafaart fueren. Et stinn awer elo 300.000 € am Budget 2008.
- Op der Fonderie zu Rodange mussen e Reeniwwerlafbecken esou wéi eng Pompelstatioun gebaut gi fir d'Ofwaasser vun

dësem Deel vu Rodange un d'Kläranlag unzeschléissen. Dofir stinn 200.000 Euro am Budget. A mer waarden op Opklärunge vun der Agora, wéi et do mat hirem Projet op der Fonderie weidergeet. Hei ass eng Sëtzung Mëtt Dezember geplangt. Parallel Iwwerleeungen ziele fir de „Bassin inférieur de la Chiers", deen am Zesummenhang mat dem Projet „Grand-Bis" steet. Dësen Deel vun der Gemeng muss och nach un d'Kläranlag ugeschloss ginn, an dat muss virun 2010 amgaange si well mer gären d'Subventioune kréien. Mer stinn an de Startbléck a waarden op déi gréng Luucht vun de Ministèren.

- De Fonçage vun der rue de la Liberté an d'Nidderkuererstrooss zu Péiteng gëtt och 2008/2009 ofgeschloss, an dat an der Harmonie mat der Erneierung vun der avenue de la Gare an der rue du Chemin de Fer.

Ofschléissend zum Ofwaasser muss een och ënnersträichen, datt de SIACH a säi spezialiséiert Personal all déi grouss Projete wäerte begleeden an iwwerwaachen an och spéider de Fonctionnement an den Ënnerhalt iwwerhuelen. De Moment iwwerwaacht an ënnerhält de SIACH schonn 18,4 km Kollekteren an deene véier Gemengen. 2015 sollen et 30 km sinn. Donieft och nach de Moment 45 Deversoiren an 8 Reeniwwerlafbecken (spéider sollen et der 30 ginn).

Beim Budget vum SIACH, an den Deel, dee mir als Gemeng ze droen hunn, gesäit een, datt am rektifizéierte Budget 2007 déi extraordinär Ausgaben erofgaange sinn, mä 2008 praktesch op den initiale Stand zeréckkommen (346.381 €). An dat, well den Extensiounsprojet vu Garagen a Raimlechkeete fir de Stockage Enn 2007 ugoungen a fir Enn 2008 fäerdeggestallt solle ginn. Dat selwecht Bild spillt sech an den ordinären Ausgaben erëm. Duerno soll d'Kläranlag selwer ausgebaut ginn an an den nächste Joeren och d'Kapazitéit vun aktuellen 50.000 Eenheetsgläichwäerter op ronn 100.000 erhéicht ginn. D'Budgete vun deenen nächste Joere wäerten also konstant an d'Luucht goen, an den Ofwaasserpräis wäert dëser Evolutioun mussen nokommen. Esou wäerte mer am Laf vum 2. Semester 2008 och hei an der Gemeng eis Ofwaassertax mat deenen anere Kordallgemenge synchroniséieren a grad ewéi déi, no Berechnungen a Virschléi vum SIACH, op 1,22 Euro hiewen. Dat wäert awer nach net d'Enn sinn, well no Simulatiouns- an Héichrechnunge vum SIACH miisst dës Tax am Joer 2010 wäit iwwer dat Duebelt kommen. Den Total vun den Investissementer, déi dann, op der Echéance 2010, fir den Ofwaassserberäich an dem Kordall vun deene véier Membergemengen aus dem SIACH geleescht sinn, wäert op iwwer 102 Milliounen Euro klammen. Eng houfreg Zomm, déi meeschtendeels onsiichtbar am Buedem läit. Grad esou wéi de Reeniwwerlafbecken.

Beliichtung a Stroossesécherheet

Verschidde Luuchten aus eiser Verkéiersbeliichtung gi mat LED-Luuchten équipéiert, déi méi eng laang Liewensdauer hunn an och manner Stroum verbrauchen.

Am Kader vun eisem Sécherheetsplang, dee mer mat der Police opgebaut hunn, ginn 10 verschidden a sensibel Foussgängeriwwerweeër, haaptsächlech op der Haaptstrooss, systematesch mat speziellen, méi liichtstaarke Masten a Beliichtung ofgeséchert. En éischte Kredit vun 7.000 Euro steet heifir am Budget 2008 a wäert och am Budget 2009 stoen.

Am selwechte Gedanke kritt de „Schwaarze Wee" zu Péiteng, dee schonn en neie Belag kritt, eng adäquat Beliichtung. Amplaz vun aktuelle sechs wäerte mer do circa 25 Luuchten opriichten. 85.000 Euro sinn dofir virgesinn, a mer kéinten eis scho Gedanke maachen, op dann den Numm „Schwaarze Wee" nach ubruecht wier.

D'Kierchestrooss zu Péiteng kritt och eng nei dekorativ Beliichtung. Mer bedeelegen eis do bei den Aarbechte vum Stat mat ronn 40.000 Euro.

Mer sinn de Moment am Besëtz vun der staatlecher Autorisatioun a kënnen op der Kräizung Lonkecherstrooss, Lëtzebuergerstrooss an avenue Dr. Gaasch (Blobierg) an Industriestrooss elo 2008 nei Verkéiersluuchten installéieren an och de Verkéier anescht regléieren. Da wäert d'Barrière och nees wéinstens an enger Richtung opgoen.

D'Ausfaart vun den Jenken zu Péiteng hätt och schonn dëst Joer eng nei Ampelinstallatioun solle kréien. Wéinst technesche Problemer vun eisem Lieferant ginn dës Aarbechten op 2008 reportéiert.

Eis Chrëschtbeliichtung muss permanent erneiert an ausgebaut ginn, an och un déi nei Virschréften ugepasst ginn. Beim leschte Stuerm iwwer den 1. Advent huet se op ville Plaze Mängel opgewisen, an do musse mer reagéieren.

Verschiddenes

Duerch d'Konventioun mat aner Südgemengen aus dem Prosud wäerte mer eis um Projet vum „Nightrider"-Bus fir déi Jugendlech an aner Awunner aus eiser Gemeng bedeelegen. Méi genee Informatioune sollen Ufank Januar an enger Opklärungsversammlung virgestallt ginn.

Mer hunn, iwwer een neutralen Expertebureau eng Analys vun eise sämtleche Versécherunge maache gelooss an nei kloer an erweidert Garantien duerch en „appel d'offre restreint" ugefrot. Duerch dës Initiativ wäerte mer vill besser finanziell an och méi grouss a besser Deckungskonditioune kréien.

All nei realiséiert Infrastrukture ginn duerch en Ingenieursbureau an engem Inventar „as built" festgehalen. Dat selwecht geschitt wat d'Kanalaarbechten ugeet, duerch eng Zentralisatioun an eng Gestioun op der Kläranlag duerch de SIACH.

Souwäit zum Kapitel 'Stroossen-infrastrukturen'

De Verkéier

Mer schléissen am Joer 2008 d'Etude of iwwer eng méiglech „Zone 30" an hunn eis bewosst Zäit gelooss fir emol ofzewaarden, ob eng „Zone 30" aus der Erkenntnis vun aneren Nopeschgemengen an aus der spezieller Konfiguratioun vun eiser Gemeng eraus iwwerhaapt Resultater oder Verbesserunge ka bréngen. Mer sinn de Moment der Meenung, datt eng „Zone 30" flächendeckend, esou wéi et an der Verkéiersbibel gepriedegt gëtt, hei an eiser Gemeng net méiglech an och net wënschenswäert ass. Mer wäerten, zesumme mat eisem Expertsbureau am Laf vum nächste Joer Virschléi maachen, wou mer verschidde Quartiere kënne méi sécher gestalten, an dat och am Aklang mat eisem Sécherheetsplang.

Wéi scho virdrun ugedeit, benenne mer elo definitiv all Stroossenofschnëtter a Plaze fir méi eng Kloerheet an eist Verkéiersreglement ze kréien.

D'Verkéiersreglement soll, an enger aktualiséierter Form, dem Gemengerot Ufank 2008 virgestallt ginn nodeems mer den „avis préalable" vun der „autorité supérieure" eran hunn – dat ass dës Woch geschitt. Spéider soll dat Reglement dann duerch eng spezialiséiert Firma digitaliséiert ginn, mat dem Inventar vun alle Schëlder a Markéierungen, déi bestinn. Mir hunn iwwregens iwwer 4.000 verschidde Verkéiersschëlder an eiser Gemeng.

Och maache mer eis de Moment Gedanken, wéi mer de Parking nach besser géréiere kënnen. Och muss een iwwer d'Philosophie nodenken, wéivill de Parking oder den ëffentleche Raum ka kaschten oder ob e muss gratis sinn, a wéi een eng gerecht mä logesch finanziell Participatioun vun den Awunner an Net-Awunner kann erreechen.

Zesumme mat der CFL an dem Ministère des Travaux Publics gëtt iwwer e gréisseren Opfangparking zu Rodange nogeduecht, deen haaptsächlech fir d'Frontaliere wier. Éischt Etude schwätze vun engem Parking op zwee Niveauen an der Ëmgéigend vun der Rodanger Gare a mat enger Kapazitéit vu ronn 600 Plazen.

Am Schouss vum SIKOR ass eng Etude ofgeschloss ginn iwwer d'Problemer, déi mer dagdeeglech op eisem Contournement a weider op der nei benannter avenue de l'Europe virfannen. D'Resultat ass kloer a war och deels esou viraus ze gesinn. De Contournement eegent sech net als Verbindung tëscht Autobunnen a kann och net esou ausgebaut ginn. Fazit : et bleift e „boulevard urbain", deen nach méi soll dem lokalen an interkommunale Verkéier zougeschnidde ginn. Dat heescht „mobilité douce" ewéi Vëloen, Foussgänger mee och „mobilité collective" mat Busse sollen do favoriséiert ginn an de Contournement sollt esou aus- an ëmgebaut ginn. Käschtepunkt fir esou eng Adaptatioun op der ganzer Längt vun der avenue de l'Europe : 6,4 Milliounen Euro. Léisunge fir de problematesche Gesamtverkéier an eng Entlaaschtung vun eiser Gemeng an nach aner Grenzgemenge leien am Beräich vun der Verbindung vun der A28 (aus der Belsch) an der A30 mat enger direkter Verbindung op Belval. Hei läit den geschatenen Devis bei 178 Milliounen Euro. A wie soll dat alles bezuelen? Mir sinn emol fir eisen Deel bei eise Minister gepilgert. De Ball läit zwar am Ministère, mee mer däerfen d'Aen net zou maachen a mengen, datt et an deenen nächste Joere vum selwe besser geet. Éischter ëmgedréint. Mat der Ouverture vum neie Lycée am September 2008 an dem Ëmzuch vun de Käerjenger an Déifferdenger Strukturen an déi al Gebaier vum Lycée hei zu Péiteng. Fir déi nei Autobusgare nieft dem neie Lycée op der Porte Lamadelaine ass eng Verkéiersluucht virgesinn. An dat op der Kräizung rue Pierre Gregoire an RN5 E, déi awer vum Ministère finanzéiert gëtt.

Informatioun a Relations publiques

De Wee, deen hei ageschloe gouf, ass sécherlech dee richtegen. Mer spieren um Kontakt mat dem Bierger, datt hie gären informéiert gëtt an och bei verschidden Thematike gäre seng Meenung seet. Mer sinn also permanent am Kontakt mat dem Bierger a wëllen dat och nach ausbauen oder nach méi stabiliséieren.

1. Den neie Biergerzenter huet sech bewährt an deenen 2 Joer, déi en elo do ass. En huet e ganz gudden Uklang a bitt fir de Bierger an och fir d'Personal, wat do schafft, eng qualitativ Verbesserung. Nach weider Verbesserunge ginn nach an der Receptioun gesicht, wou d'Waardezäiten nach ëmmer ze laang sinn.
2. Den alen Deel vum Stadhaus gëtt de Moment ausgebaut a renovéiert an déi Servicer, déi no mat dem Bierger a Verbindung stinn, ginn dann Enn 2008 do installéiert.
3. Am Etat civil sinn 2007 e groussen Deel vun de Regëster gescannt ginn an 2008 ginn dës Aarbechten ofgeschloss. Dat erméiglecht da méi zügeg a méi propper d'Kopien un de Bierger weider ze leeden.
4. Eis Gemengepublikatiounen ewéi den 'Péiteng Aktuell', den 'Meng Gemeng', de Kalenner vun de Gemengenservicer, den neie Kalenner vun den Haaptevenementer an der Gemeng wéi de Karneval, oder d'Summeraktivitéite, komme weider an dem gewinnte Rhythmus eraus. D'Editiounsdate ginn de Veräiner an der Populatioun am Viraus matgedeelt.
5. Mer hunn eise Bierger Suggestiouns- a Reklamatiounskaarten zoukomme gelooss a wäerten déi Aktioun och weiderféieren an och esou Kaarten op verschidde Plazen ausleeën. Den Intressi an den Dialog mat dem Bierger ass grouss a permanent.
6. Eisen 'Guide du citoyen' gëtt periodesch aktualiséiert. Eng Versioun an däitscher Sprooch ass Ufank 2008 disponibel.
7. All zwee Joer, dat heescht Ufank 2008, wäerte mer de Bierger an engem Tëschebilan dat presentéieren, wat an hirer Gemeng geschafft ginn ass, wat nach ze maache bleift a wéi et mat de Finanze steet.
8. Eisen Info-Canal gëtt lues a lues méi lieweg an aktuell duerch Reportage vu Gemengenevenementer. Am Kader vum SIKOR gëtt iwwer en nach méi groussen an intensiven Dialog mat dem Bierger nogeduecht. Mer hunn déi technesch an organisatoresch Méiglechkeete fir eng Kordall-TV an enger éischter Phas, an enger TV, déi iwwer d'Grenzen eraus geet, an enger zweeter Phas studéiert an och scho Partner fonnt. De SIKOR schléisst 2008 eng Mataarbecht vun dem Léierpersonal an de Studenten aus dem LTMA an dësem Sënn of. Déi éischt Produktioune wäerten 2008 ufänken.
9. Den Internet-Site ass ganz performant a gëtt ëmmer méi e virtuellen „Guichet unique", wou een e ganze Koup Informatiounen, Formulairen an aner Hëllefe kritt ouni sech mussen an d'Gemeng ze deplacéieren. Hei muss och de Bierger permanent um Lafende gehalen an och ausgebild ginn. Dofir kënnt déi nei geschafen Internetstuff vum CIGL hei zu Péiteng geleeën.
10. A schlussendlech bleift de liewege Kontakt mat dem Bierger duerch d'Bereetschaft an d'Spriechstonne vun de Membere vum Schäfferot, mä och duerch gréisser Informatiounsversammlungen, déi weiderhi bei gréissere Projeten oder Changementer oder Problemer mat de betraffene Bierger organiséiert ginn. Hei bleiwe mer dësen Treffen trei, ëmsou méi dës Versammlungen ëmmer gutt besicht sinn an och e liewegen Dialog do stattfënnt.

Personal

Mer hunn Ufank 2007 en neien Organigramm hei virgestallt an hunn duerno praktesch dat ganzt Joer gebraucht fir – an Diskussiounen, Erklärungen a Complémenten – dësen Organigramm ëmzesetzen. Et sinn donieft awer nach e Katalog mat enger präziser „description des tâches" fir all Posten esou wéi eng Zesummefaassung mat allen Instruktiounen oder „notes de service" an engem eenzege „Code de bonne conduite et de bonnes relations" oder Charta geschaf ginn. Deeler vun eisen Servicer hu scho mat der neier Philosophie ugeknäppt, déi aner kommen Ufank 2008 no. De Moment scho leie kloer Aarbechtspläng fir ee Mount am Viraus fir all eis Departementer vir. An déi nei geschafe Strukture vun Kontermeeschter an Equipechefe sinn zu eiser vollster Zefriddenheet ausgefall. Wa mer bedenken, datt mer all Joer iwwer 17 Milliounen Euro Ausgaben u Gehälter, Peien an aner Indemnitéiten un eis administrativt an technescht Personal esou wéi un eis Aarbechter ausbezuelen, da muss och op däer anerer Säit e kloeren Echo bei der Populatioun ze verzeechne sinn an och kapabel Resultater an ugemiesse

Fristen ze notéiere sinn. Dat soll den neie Geescht sinn an eis Aarbechtsmethode mussen deem ugepasst ginn.

Informatiounshalber hei d'Leit, déi de Moment an eiser Gemeng beschäftegt sinn:

- 57 an der Verwaltung,
- 141 an deene verschiddenen Equipen,
- 21 an de Schwämmen,
- 3 'Pecherten' (agents municipaux),
- 32 an der Musekschoul,
- 151 an eise Schoulen,
- 11 an den Opfankstrukturen,
- 19 an den „Maisons relais",
- 3 fir den „Repas sur roues",
- 2 um Sozialamt.

Zesummen also 440 Persounen, dorënner :

- 117 Léierpersounen,
- 62 Beamten,
- 14 „Employés communaux"
- 86 Privatbeamten,
- 1 Privatbeamten iwwer d'Rout Kräiz,
- 140 Aarbechter,
- 6 CATen,
- 14 Léierbouwen.

1. D'Weiderbildung gëtt weiderhin ënnerstëtzt a muss och sinn. Spezifesch Fore mat alle Bedeelegten, Schäfferot, Kaderen a Mataarbechter wäerten och déi nei ugestriefte Motivatioun ënnerstëtzen. Den Dialog mat dem Aarbechterausschuss an der Delegatioun vun de Fonctionnairen ass permanent a gutt.
2. De Schäfferot ass och gewëllt, am Laf vum Joer 2008 e puer nei Perspektive beim Astelle vun Aarbechter anzegoen, dat am Aklang an dem Respekt mat dem virgenannten Organigramm.
3. Schlussendlech sollen och nei Aarbechtsperspektiven, ewéi de Bau vun engem zentrale Fuhrparkënnerdaach a Magazine op der Léngerstrooss, dës Motivatioun beliewen. Dës nei Konstruktioun wier scho méi wäit fortgeschratt, awer hei hu mer nees eng Kéier nei administrativ Hürde gesat krut. Es ass gewosst, datt dee genannte Site op enger fréierer Mülldeponie entstoe soll, esou wéi zu Rodange de Stand vun eiser aktueller Sportshal. A wa mer keng extra Contrainten zu Rodange ze spieren haten, esou ass dat hei zu Péiteng net de Fall. Do existéiert am Environnement e Kadaster vu fréieren Altlasten, an do ass just de fréieren Tipp hei zu Péiteng – dee Rodanger net - mat drop. Dat bedéngt, datt mer speziell Buerungen an Analyse maache mussen éier mer do gréng Luucht kréien. Mer bleiwen awer op dësem Projet a leeë Pläng vir, esou bal mer déi gréng Luucht vum Ministère hunn.

Kulturaffären an „promotion touristique"

Déi meescht Organisatiounen op dësem Gebitt si bis elo vun den Uertsveräiner gedroe ginn, an dat soll och esou bleiwen. Mer hunn de Veräiner eng nei Richtlinn matgedeelt, ënner wat fir Konditiounen d'Gemeng nach gratis ka liwweren oder matschaffen, a wéini de Veräi muss Taxe bezuelen.

Mer hunn och ugedeit, esou wéi dat hei am Gemengerot eestëmmeg gestëmmt ginn ass, datt bei gréissere Plattformen an Eventer d'Gemeng och als Partner kéint begleeden. Dat alles aus der Iwwerleeung eraus, datt mer eis Servicer net zevill an net kuerzfristeg wëlle belaaschten, mä an Aklang mat dem Planning esou wéi dem Briefing vum jeeweilege Mount wëlle bréngen. Mer hunn eis dofir och deementspriechend Mëttele gi fir gréisser Projeten – sief et kultureller oder touristescher Aart – nach méi staark ze begleeden.

De „Fonds de support d'organisation d'intérêt communal" ass deementspriechend op 30.000 Euro gesat ginn, zousätzlech nach 10.000 Euro fir aner kulturell Manifestatiounen. D'Käschte vu Freedefeieren, déi vun eisen zwee Syndicats d'initiative bei verschidde groussen Organisatioune gemaach ginn, gi mat jee 2.000 Euro ënnerstëtzt. Mer hunn eng Initiativ geholl, an dat zesumme mat den anere Kordallgemengen, fir en Inventar vun eisen touristeschen a kulturelle Gebaier an Attraktiounen opzestellen. Eisen „animateur culturel", den Tom Gantenbein, huet do gutt Viraarbecht geleescht.

En touristeschen Dépliant, eventuell an Zesummenaarbecht mat anere Gemengen, esou wéi d'Editioun vun engem Billerband iwwer de Kordall sinn aner Zieler, déi ugepeilt ginn. Och ass e gemeinsamen touristeschen Internetlink fir d'Kordallgemengen am SIKOR an der Diskussioun grad ewéi aner logistesch Ënnerstëtzungen. Mir sinn net méi de Moment Member vun der Entente du Sud a vun de Sentiers Rouges, well mer der Meenung sinn, datt d'Haut méi no um Kierper ass ewéi d'Hiem. Mer kënne besser a méi séier de Moment eppes am Tourismus bewierke wa mer als kleng Kordallzell zesumme schaffen a dat spéider esou kënnen an d'Efforte vun engem Prosud afléisse loossen.

D'Organisatioun „Minettsdapp" huet ausgedéngt, hir Aspiratioune ginn deelweis vun deenen neie SIKOR-Statuten opgefaangen. Grad ewéi den Tourismusministère bedeelege mer eis mat 30.000 Euro un der Konstruktioun vum Mirador, deen zu Rolleng opgeriicht gëtt an a 14 Deeg soll ageweit ginn.

Mer kafen och nei Riednerpulter a Projektere fir eis Kulturzentren, déi och systematesch an deene kommende Joere mat engem neien elektronesche Späersystem ausgestatt ginn.

Déi zwee Projete vun der Mille vu Rolleng an däer vu Péiteng sinn och nach ëmmer aktuell. D'Zukunft vun der Rollenger Mille läit an den Hänn vun hirem Propriétaire, dem Stat. Mer hunn, an Zesummenhang mat Proactif, do konkret Projeten ofginn a sinn och gewëllt eng Hand mat an dëser Perspektiv unzepaken.

De Projet vun der Péitenger Mille läit schonn zënter Méint fäerdeg um Dësch, mee de Kulturministère wollt nach keng definitiv Stellung huelen zu senger finanzieller Participatioun, an dat net virum Vote vum Statsbudget 2008. Dat ass jo elo nobäi, a mer musse ganz séier eppes un der Millen ënnerhuelen. De Südgiewel vun der Millen ass an engem ganz kriteschen Zoustand a leeft Gefor, fréier oder spéider an e Koup ze falen. De Ministère weess och Bescheed. Am Joer 2008 musse wéinstens déi néideg Stabilisatiounsaarbechte gemaach ginn. Mer erwaarden all Moment de Besuch vun der Statssekretärin fir Neel mat Käpp ze maachen.

Zeremonien a Fester

Déi Haaptzeremonie vun der Gemeng bleiwen, wat de Fong ugeet, bestoen a wäerten sech awer liicht an der Form änneren. Dee positiven Echo, dee mer op eise gemeinsamen Nationalfeierdag an och op de Commemoratiounsdag kruten – esou gutt bei der Entente des sociétés, de Veräiner an der Populatioun – encouragéiert eis, op deem Wee weiderzefueren a mat liichte Verbesserungen eng nach méi solidaresch Demonstratioun a Stäerkt vun eiser Gemeng ze vermëttelen.

D'Feiere fir déi pensionéiert Leit, d'Journée du grand âge, d'Journée des méritants an d'Journée des élèves méritants esou wéi eis Neijooschfeier bleiwe fest Bestanddeeler, mä ginn an

hirem Oflaf enger kritescher Analys ënnerzunn an, wann dat noutwenneg ass, ëmgeännert.

Aner Organisatiounen ewéi de Führerschäintest oder déi Jonk an d'Handwierk mussen enger kompletter Revisioun ënnerzu ginn.

Alles an allem, an dat ass och mäi Schlusswuert, presentéiert de Budget 2008 sech an enger konsequenter an dynamescher Kontinuitéit, a wéi schonn ufanks gesot, an enger seltener Harmonie.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Madame, dir Hären,

D'Awunnerzuel vun eiser Gemeng vergréissert sech andauernd. Mir als Responsabel vun dëser Gemeng si gefuerdert, mir hu gewësse Flichten ze erfëlle fir eise Matbierger hei an eiser Gemeng eng sozial, sportlech, kulturell a familljefrëndlech Liewensqualitéit ze erméiglechen.

Ech denken z.B. un déi Kanner, deenen hir Elteren zu zwee schaffen. Do brauche mer nach Opfankstrukture fir ons zukënfteg Generatiounen. De Package vun den Aktivitéiten an dësen Haiser – ech verweisen nëmme just op de Sport an d'Kultur – wäert an den nächste Joeren nach zouhuelen, esou datt mer als Gemeng eis den Ufroe wäerten upasse mussen.

Fir de Sport an d'Fräizäit sollen an eiser Gemeng Méiglechkeete fir d'Matbierger aus allen Alterskategorien ugebuede ginn. Ons eeler Leit solle kënne vun de psychogeriatreschen Servicer profitéiere wann dat néideg ass, an och op eng betreiten, sougenannte Seniorewunneng zeréckgräife kënne wann dat erwënscht ass. Esou Seniore-wunnénge sinn op privater Initiativ am Plangen, an dat mat dem Accord vun de Gemengeresponsabelen.

Dës Erausfuerderungen un eis Gemeng am Sënn an a fir eis Matbierger hunn natierlech hire Präis, dee sech am Budget erëmspigelt, dee mer awer konnten am Gläichgewiicht halen. Ech soen dofir e grousse Merci un eis Servicer, déi un dësem Budget vill matgeschafft hu fir engem grousse Prozentsaz vu Wënsch kënne Rechnung ze droen.

Mer hunn ambitiéis Projete virleien, déi e Méiwäert fir eis Gemeng solle ginn. Ech gräifen nëmmen e puer Beispiller eraus, haaptsächlech d'Bauten, déi ënner anerem mäi gréisste Ressort duerstellen an e puer Allgemengheeten, dat sougenannten 'Normalt', fanne mer jo am Budget vun den ordinären Ausgaben erëm.

Ech nennen den nationale Keelen-zenter, eng nei Sportaart fir eis Gemeng, wou bei eis nach keng Infrastrukture bestinn. E Sport, deen op nationalem Niveau 4.000 Spiller an der Federatioun ugemellt huet an dofir si mer der Meenung, hei zu Péiteng sollen och d'Keele rullen, an zwar op 12 Pisten, wouvunner aacht fir international a véier fir national Meeschterschafte sollen déngen. Integréiert gëtt an dëse Komplex och eng iwwerdaachten Tennishal.

Den Tennisclub Péiteng huet zënter dëser Wantersaison keng Hal méi zur Verfügung. Dofir de kombinéierte Bau mat dräi Tennisterrainen, wou den Tennisclub mat der Tennisschoul ënner optimale Konditioune ka fir d'Fräizäit-sportler Terrainen ubidden a wou de Club och Trainingsméiglechkeete kritt. E Café, vu wou een alles gesäit ass mat ageplangt.

Dat Ganzt huet natierlech säi Präis : 7,3 Milliounen Euro sinn do ugeschriwwen. Mer hu vum Ministère 50% Subsiden zougesprach kritt. Am Budget 2008 hu mer 300.000 Euro stoe fir Preliminairen an d'Ausschaffe vum definitive Projet. E Projet, dee bis Enn 2010 realiséiert soll sinn. An der Hoffnung, datt mer gutt duerch den Instanzewee kommen. Et wier fir eis Gemeng a fir d'Keele-federatioun jo schéin, zu Lëtzebuerg an hei bei eis zu Péiteng 2012 d'Keele-Weltmeeschterschaft ze organiséieren.

D'Renovatioun vun der Péitenger Schwämm

De Sportszentrum ass schonn zënter méi laanger Zäit am Gespréich fir renovéiert ze ginn. Mer kënnen no längeren Etuden an Accorden d'Renovéierungsaarbechten an der Schwämm 2008 ugoen. Mer hunn an dësem Budget 1,4 Milliounen Euro virgesin fir 2008 ze verschaffen. D'Schüler vum LTMA kënnen nach bis zum Enn vun dësem Schouljoer do schwamme goen, an da gi se fir ee gutt Joer op Rodange an de PiKo, well de Schantjen zu Péiteng iwwer eng länger Period wäert daueren. D'Schwämm muss während den Aarbechten zougemaach ginn, et geet nun emol net aneschters. Den Daach gëtt erneiert, d'Elektresch, d'Fassaden, d'Ventilatioun, d'Sanitäranlagen, asw., ginn deenen neie Critèren ugepasst. E grousse Schantje steet domat an d'Haus, deen awer onbedéngt muss an Ugréff geholl ginn.

Wat d'Sportshal zu Péiteng ugeet, do gëtt de Commodo fir eng „mise en conformité" 2008 ugefrot. 75.000 Euro stinn dofir prett. An da kënne mer déi verschidde Phase vun der „mise en conformité" festleeën an och déi virgeschriwwen Upassunge maachen.

Ons eeler Bevëlkerung stellt ëmmer méi e grousse Prozentsaz duer. Dofir ons Suerg, dëse Matbierger am héijen Alter déi néideg Infrastrukturen ze garantéiere wou se Hëllef a Fleeg kënne kréien. Dofir och de Plang vun engem „Centre psychogériatrique". Mir kafen déi néideg Raimlechkeeten am Senior-Hotel, deen op der Place de la Libération entsteet. Bedeelegt sinn un dësem Projet och 'Hëllef Doheem'. Dës Organisatioun wäert och dës Institutioun leeden. De Familljeministère huet ons e Subsid zougesot. Dee ganzen Center kritt eng Fläch vu ronn 400 qm an d'Gemeng gëtt Propriétaire vun 125,8 qm mat dräi duebel Garageplaze fir eng Zomm vun 491.301 Euro TTC. Mer hu fir d'Joer 2008 200.000 Euro am Budget stoen. Dëse Kaf gëtt an Tranche finanzéiert.

De Réaménagement vum Rez-de-chaussée vun eisem Stadhaus kann 2008 ausgefouert ginn. Mer hunn iwwer aacht Méint op de Commodo-Incommodo gewaart. D'Autorisatioun vum Environnement koum den 13. September an déi vun der ITM den 7. Oktober 2007. Mer mussen dat aalt Gebai „en conformité" bréngen a Compartimentage virhuelen. Wann dës Fuerderungen technesch net méiglech si wéi dëst am ale Stadhaus de Fall ass, da mussen all Bureaue feierfest Dire kréien. Eng Klimatisatioun hu mer an enger zweeter Phas fir dat ganzt Gebai direkt mat ageplangt. Dofir och de Commodo an dat laangt Waarde fir den Accord vun de Ministèren ze kréien. Mer wäerten am Fréijoer 2008 ukomme mat den Aarbechten um Rez-de-chaussée.

Enn 2008 soll tëscht dem Rez-de-chaussée an dem Populatiounsbureau eng Unitéit bestoen, wou ons Matbierger dann a moderne Bureauen zerwéiert kënne ginn. Déi Zomme vun 530.000 Euro vun 2008 plus de rektifizéierte Budget 2007 mat 145.000 Euro, wou mer jo nach net verschaffe konnten, begräifen zousätzlech d'Käschte vum Commodo-Dossier, d'Ausschreiwunge vun der Klimati-satioun an d'Iwwerwaachen duerch de Bureau Clemes.

Mer wollte schonn 2007 d'Annex vun dem Heintzen-Haus ofrappen, mä dat huet awer net geklappt. Ufank 2008 soll dëst elo iwwer d'Bühn goen. Mer hunn 65.000 Euro dofir virgesinn, well mer e puer „Inconnues" bei dëser Annex hunn. Mer hunn eng Betongsdall wou net gewosst ass, wéi déck se genee ass. Mer mussen och Précautionen huelen zum Noper hin. Et ass jo bekannt, datt

en Ënnerscheed am Niveau vun deenen zwou Propriétéite besteet, awer net wéi standfest dem Noper seng Gaardemauer ass. A mer wëssen och net, ob mer eng „reprise sous terre“ musse maachen. Déi hënnescht Fassad muss onbedéngt duerch e Filter géint d'Fiichtegkeet geschützt ginn. Mat dem Ofrappe vun der Annex profitéiere mer awer fir de Parking duerch e puer Plazen ze vergréisseren. An dat an der Hoffnung, datt mer an nächster Zukunft, wann eis Garagen op engem anere Standuert ënnerbruecht sinn, de ganzen Areal hanner 'A Rousen' kënnen nei gestalten.

Mer hunn an de leschte Joere vill Efforte gemaach fir eise Familljen d'Méiglechkeet unzebidden, hir Kanner an eng optimal edukativ Betreiung ze ginn. Eng nei „Maison relais“ ass zënter der Schoulrentrée a Betrib. Iwwer 100 Kanner ginn de Moment do betreit. Mir hunn nach de Solde vu 700.000 Euro ze begläichen. Eis zwou „Maison relaisen“ zu Rodange a Rolleng kréien zwee kleng Minibussen. Esou si se méi flexibel fir hir Aktivitéiten, déi se ausserhalb vun den Haiser an och zesummen op deem engen oder anere Site organiséieren. Ech denken do un d'Vakanzenzäiten, wann d'Zuel vun de Kanner, déi d'„Maison relais“ besichen, net esou grouss ass, an d'Fräizäit-aktivitéiten zesumme kënnen ënnerholl ginn. Déi zwee Minibusse kaschten eis 80.000 Euro.

Péiteng huet nach keng „Maison relais“. Mer hu fir 2008 10.000 Euro fir Etudekäschten am Budget stoen. D'Demande fir esou eng „Maison relais“ an däer gréissten Uertschaft vun eiser Gemeng gëtt ëmmer méi grouss, a mer mussen dëser Demande onbedéngt nokommen. Mer mussen 2008 Etuden ënnerhuele fir 2009 e Virprojet presentéieren ze kënnen.

Déi Péitenger Crèche „Kordall-quakerten“ huet scho virun engem gudde Joer hir Diren zougemaach. Mer hunn d'Crèche hanner dem Home St. Hubert kaft, de Kontrakt ass ënnerschriwwe ginn an zeréck un d'Instanze gaangen, déi elo hiren Accord musse ginn. Dëse Bau, deen iwwer 25 Joer steet, ass net méi conforme. D'Renovatiounen, déi miisste virgeholl gi rechne sech bal bis an d'Héicht vun engem Neibau. Mer hunn dofir entscheet, eise klenge Matbierger en neit Gebai, wat den heitege Critèren entsprécht, dohinner ze bauen. Déi nei Crèche soll fir 54 Kanner Plaze kënnen ubidden. Mer kréien um Rez-de-chaussée zwou Gruppe fir d'Babyen an um éischte Stack zwou Gruppe Kanner bis zum Spillschoulsalter, dat heescht bis véier Joer. Et gëtt ëmmer e Prozentsaz vu Kanner, déi vum Précoce duerch iergend eng Ursaach, z.B. d'Aarbechtszäite vun den Elteren, net kënne profitéieren. Esou fannen dës Kanner awer eng Betreiung an der Crèche.

Well mer och eng „commune transfrontalière“ si wou d'Nofro fir Kanner - deenen hir Eltere bei eis schaffen - hei an d'Opfankstrukturen opzehuelen zouhëlt, hu mer eng Ufro iwwer Interreg gemaach fir e Subsid ze kréien. D'Äntwert kréie mer eréischt ufanks 2008. Der spéiderer Integratioun vun dëse Kanner wier domat gehollef, well se jo ganz bestëmmt och duerno bei eis an d'Schoul wäerte goen.

Mat an d'Crèche integréiert, awer duerch en zousätzleche separaten Agang ze benotzen, kënnt eng „salle polyvalente“ oder „salle de défoulement“, wéi een se och wëll nennen. Wa schlecht Wieder ass sollen d'Kanner do kënne spillen, sech austoben. Dee Sall kann och fir d'Eltereversammlunge gebraucht ginn. Zousätzlech kann de Péitenger Senioreclub, deen am Gillardin-Haus net méi gutt ënnerbruecht ass, dëse Sall, wou och eng kleng Kitchenette fir Kaffi ze maache virgesinn ass, fir hir Aktivitéite benotzen.

Dëse Projet soll eis fir d'Crèche 1.596.484,59 Euro kaschten. Fir d'Alentoursen, den Zougangswee, de Parking, d'Spillplaz kommen nach 306.155,76 Euro mat den Honorairen an d'TVA derbäi. Et gëtt dann en Total vum 1,95 Milliounen Euro. Fir 2008 hu mer 450.000 Euro am Budget fir ze verschaffen.

Eist Jugendhaus subventionéiere mer mat 123.000 Euro, a vum Ministère kënnt déi selwecht Zomm fir d'Haus zu Péiteng mat der Antenn zu Rodange ze finanzéieren. De Gebrauch vun dëse Strukture mat spezialiséiertem Personal gëtt ëmmer méi grouss. D'Zuel vun eise Jugendlechen aus eiser Gemeng, déi Hëllef brauchen, klemmt dauernd. Der „Main Tendue“ hire Rapport, déi Associatioun, déi an eiser Gemeng nei Weeër geet an op fräiwëlleger Basis als Complément zum Jugendhaus schafft, bidd och fir déi erwuesse Leit Hëllef un. Déi vill an dacks schro Problemer vu Matbierger aus eiser Gemeng, déi bei dëser Associatioun ugesprach ginn, stëmmen nodenklech. En Ëmdenken, wat dës Problematik am Jugendberäich an och bei Familljе mat Problemer ubelaangt, steet eis an d'Haus a mer mussen an den nächste Joeren do no Léisunge kucken.

Rodange ass déi Uertschaft aus eiser Gemeng, déi sech an deene leschte Joeren am meeschte vergréissert huet an och nach weider wuesse wäert. Mer mussen neie Schoulraum schafen, mer musse vergréisseren a moderniséieren an „en conformité“ setzen. Eis Kanner sollen an engem agreabele Kader an eiser Gemeng hir Schouljoere verbréngen. Ech ernimmen d'Neiwiss-Schoul. Mer bauen déi Schoul aus. Sechs nei Klassesäll kommen derbäi. D'Sanitärariichtunge ginn erneiert. De Keller gëtt ëmgebaut an Aktivitéitssäll, wou d'Kanner kënne bastelen oder Theater spillen, Säll, déi fir déi Aktivitéite geduecht sinn, déi net kënnen an deenen normale Klassesäll stattfannen. Mer kréien och e Subsid vun 660.000 Euro fir zwee Spillschoulsäll an zwee Klassesäll. Mer hu fir d'Klassesäll, déi ënner dem Daach opgebaut ginn, an am Subsid net konsideréiert sinn, eng nei Demande eragereecht. Den 18. September hu mer d'Approbatioun fir den definitive Projet kritt. Zwou Milliounen Euro hu mer fir 2008 ze verschaffen an och an de Budget gestallt. Eng Rei vun den Aarbechte kënnen awer nëmmen an de Vakanze gemaach gi well mer net de ganze Schoulbetrib kënne stéieren. Also muss an Tranche geschafft ginn.

An enger éischter Phas gëtt an der grousser Vakanz 2008 den Daach ofgedroen, d'Comble ginn ausgebaut an den Daach nei gemaach. Um Rez-de-chaussée gëtt d'Dall an den Turnsall gezu fir d'Klassesäll, déi dohinner solle kommen. Klenger Aarbechte kënne während dem Schouljoer nach eventuell gemaach ginn. An enger zweeter Phas an de Vakanzen 2009 soll dann de Keller ëmgebaut gi wou d'Aktivitéitessäll geplangt sinn.

An der Päsch-Schoul musse mer no dem Neibau d'„mise en conformité“ vum ale Bau an Ugrëff huelen. Jo, dat kascht och eppes, an zwar 29.000 Euro, déi dofir notéiert sinn. D'Trapenhaus muss kompartimentéiert, d'Elektresch erneiert an thermesch Verbesserunge gemaach ginn. Wann dëse gréissere Schantjen ofgeschloss ass, hu mer zu Rodange eng Päsch-Schoul, déi de ministerielle Critèren entsprécht. Do hu mer dee selwechte Problem fir de Schoulbetrib net zevill ze stéieren an d'Sécherheet vun de Kanner während der Zäit vum Schantjen ze garantéieren. Do mussen déi gréisser Aarbechte während de Schoulvakanze programméiert ginn.

Wat d'Alentourse vun der Päsch-Schoul ugeet, wou mer leider schonn iwwer ee Joer blockéiert sinn, musse mer op d'Äntwert vun den Assurance waarden.

Rodange ass de Moment a Bewegung. Mer hunn eng nei Sportshal, eng nei

„Maison relais“, Wunnenge vum „Fonds de Logement“, wou d'Leit am Fréijoer eraplënnere kënnen, eis Schoule gi moderniséiert a vergréissert. Mer mussen och un d'Fräizäit vun eise ganz klengen a manner klenge Kanner denken. De Verkéiersgaart mat der Spillplaz am Areal vun der neier Sportshal, wou och den neie synthetesche Fussballsterrain kënnt, gëtt nei iwwerduecht. De Verkéiersgaart gëtt an déi nei aménagéiert Spillplaz integréiert. D'Spillplaz gëtt agedeelt fir verschidden Altersgruppen: fir déi méi Grouss mat Fussball a Baskettskuerf, fir déi méi Kleng solle kandgerecht Spiller installéiert ginn, déi och d'Beweegung sollen ukuerbelen. Eng „zone récréative“, wou eis eeler Matbierger op Bänke kënnen zeréckgräife gëtt mat ugeschloss. 500.000 Euro wäert dës nei Anlag eis kaschten.

Am Lotissement „Ronnwiss“ soll d'Spillplaz fir 17.680 Euro, déi nach dofir am Budget stinn, fäerdeg aménagéiert ginn. D'Aarbechte fir d'Spillplaz mat engem Boule-Spill an der rue Fontaine d'Olière waren duerch d'Aarbechten, déi de CIGL an der Internetstuff gemaach huet, an d'Hannertreffe geroden. Ewell gëtt gutt do geschafft a mer hu fir 2008 nach 15.000 Euro zur Verfügung.

Eise Kulturzenter zu Rodange kritt nach dëst Joer e Feieralarm, an de Centre de loisirs zu Rolleng gëtt dann 2008 mat dëser wichteger Installatioun equipéiert. Fir 2008 stinn 30.000 Euro bereet.

Well an eise Kulturzentren agebrach oder duerch Gewalt och vill beschiedegt gëtt, vill Schlësselen, déi mer de Veräiner zur Verfügung stellen, verluer ginn, installéiere mer a verschidden Zentren 2008 elektronesch Schlësselen. Déi Elektronik léisst sech ganz genee programméieren, esou datt mer kënne gesi wéini wat fir e Veräin eran an erausgaangen ass. Mer verspriechen eis domat eng besser Kontroll ze hunn, a mer erhoffen eis manner Problemer an eise Gebaier. 36.000 Euro goufen dofir agesat.

Zu Péiteng an der Eigent-Schoul musse mar nach Fënsteren ersetzen. 140.000 Euro sinn néideg fir 18 grouss Klassefënstere mat Sonneschutz, 11 Fënsteren um Gank, zwou an de Sanitärariichtungen an eng Fënster mat zwee Fligele fir d'Aganksdier. Dee ganze Package huet Duebelverglasung, Sekuritglas an eng thermesch Isolatioun.

De Précoce zu Péiteng, wou mer un d'Grenze vun der erlaabter Zuel vu Kanner stoussen, déi mer kënnen ophuelen, platzt aus allen Néit. De Péitenger Précoce war deen éischten, deen an eiser Gemeng fonctionnéiert huet an entsprécht de Moment net méi deenen heitege Standarden. Déi Kleng schlofen nach dacks a mer hu kee separate Raum. Eng „salle de défoulement“ kënne mer och de Moment net ubidden, esou datt déi Kleng ganz dacks op de Préau mussen zeréckgräifen. Mer hunn 10.000 Euro fir Etude-Käschte virgesi well mer onbedéngt mussen de Précoce erneieren. Gewësse Refektiounsaarbechten a Verbesserungen, déi mussen ënnerholl ginn, awer iwwer den ordinäre Budget ofgerechent ginn, si während de Vakanzen 2008 um Programm.

D'Péitenger Millen, zënter Joeren am Gespréich an ëmmer méi verfall, waart drop, datt de Concours realiséiert gëtt. Entrevuen am Kulturministère si bis haut nach net beäntwert. Mer hunn iwwer 150.000 Euro agedroe fir de Virprojet. D'Zäit drängt, wa mer wëllen d'Millen erhalen, a mer hoffen op eng positiv Äntwert well d'Mille jo vun „Sites et monuments“ klasséiert ass.

Zu Rolleng kritt de Schoulhaff eng nei Nues. E gëtt vergréissert a méi pädagogesch gestalt an Zesummenaarbecht mat dem Léierpersonal. De Schoulhaff zur Stroossesäit (zum Kierfecht hin), deen net vill oder besser gesot guer net gebraucht gëtt, gëtt als Parkplaz ausgezeechent. De Kiosk, deen eng grouss Gefor duerstellt, a scho laang wierklech keng gutt Visitekaart méi fir Rolleng ass, verschwënnt. En Amphitheater, dee vill Méiglechkeete fir Aktivitéiten zouléisst, soll däer ganzer Plaz en neien Aspekt ginn. D'Bushaltestell fir d'Schoulkanner gëtt verluecht, d'Parkplaze ginn esou aménagéiert, datt eng Berouegung soll entstoen a méi Sécherheet fir eis Kanner bréngen. An dat op enger Plaz, déi am Moment net ongeféierlech ass. 420.000 Euro sollen dës Emännerungen eis kaschten.

Nach e puer Zuele vun Akeef an Uluechten. E Lot vun de Seniorewunnengen zu Rolleng kritt eng nei Fassad. 2009 dann deen 2. Lot. 35.000 Euro soll dat eis 2008 kaschten. Dëst Joer hunn eis Usträicher un deene sämtlechen Haiser awer schonn d'Fënsteren nei ugestrach.

Eise Park-Service vergréissert sech dauernd duerch nei Plantatiounen an de Citéen. Nei Equipementer fir 15.000 Euro stinn dofir dëst Joer am Budget.

De Service RMG kritt de KAWA Tracteur duerch en neien 4X4 ersat. Mer brauchen dofir 30.000 Euro.

Eis Kierfechter zu Rodange a Rolleng brauchen zousätzlech Kolumbarien, an dofir sinn 21.000 Euro néideg.

Déi allgemeng Refektiounen an Ëmbaute vun eise Gebaier, esou gutt baussen ewéi och bannen, ginn all Joer vun eisem Service Bâtiments erleedegt. An dëst sinn der vill méi wéi mer denken, och wann déi Aarbechten net esou an d'A falen. Ech ernimmen nëmmen zwee Beispiller: am „Service de guidance“ d'Ëmännerung vun enger Garage als Bureau fir behënnert Kanner; an de Schoule gouf e Schoulsall vergréissert; an der Musekschoul goufe Schoulsäll nei ënnerdeelt, wat eis zousätzleche Schoulraum schaaft, deen dréngend gebraucht gëtt.

Madame, Dir Hären, eng Rei vu Projeten a Schantercher hunn ech hei opgelëscht. Ech hunn nëmmen déi, déi mer wichteg geschéngt hunn, erausgegraff. Iwwer Vereenzelter, déi iwwer e puer Phase lafen, wäerte mer an deenen nächste Joeren nach Zuelen an de Budget schreiwen.

Madame, Dir Hären, déi Dynamik, déi mer de Moment hei an eiser Gemeng entwéckelen, déi zum Wuel vun eise Bierger an och vun de Generatiounen duerno bestëmmt ass, déi Dynamik soll eis weiderhi motivéiere fir de Budget 2008 ëmzesetzen. Ech soen iech Merci.

Gilbert Welter, Schäffen:

Hei ass meng Presentatioun zu de Budgetsartikelen iwwer déi wichtegst Punkte vu menge Ressorten.

Ech wëll mat der Ëmwelt ufänken, well ech mer bewosst sinn, datt den Environnement an der Péitenger Gemeng seng Prioritéit huet. Et ass net vun ongeféier, datt d'Thema Ëmwelt an der Press als éischt kommentéiert gëtt, datt eis Gesondheet an eis Zukunft vun eisem deegleche Behuele mat der Natur ofhänkt. Et kann ee prinzipiell fir d'Joer 2008 vu 4 Neierunge schwätzen :

Déi éischt ass sécherlech d'Conventioun, déi mat der Valorlux ënnerschriwwe gouf, fir ab 2008 am Takt vu 14 Deeg d'Collecte vu PMC-Material an der ganzer Gemeng duerchzezéien, an dat mat eisen eegenen Servicer. Dëst ouni weidert Personal anzestellen, respektiv neit Material anzekafen. Ech maachen eng Klamer op : D'Acquisitioun vum neien Dreckswon, deen 2008 virgesinn ass, ersetzt deen ale Camion vun 1994, deen ausgedéngt huet. Dee kann also net an Zesummenhang mat der PMC-Collecte bruecht ginn.

Well mer d'Asammele remunéréiert kréien, hu mer an den uerdentleche Recetten den Artikel 2.0734.7012.007 'reprise de matériaux recyclables' op

70.000 € fir 2008 eropgesat. Dëst sinn 24.000 € méi wéi am Rectifié 2007. Doduerch datt mer de Sperrmüll net grad esou oft ewechhuelen, allerdéngs op Umeldung am Ëmweltbüro, brauch eis Equipe net méi duerch all d'Stroossen ze fueren, an erméiglecht duerch dës Zäitaspuerung dësen neien Service. No engem Joer praktescher Erfahrung hu mer awer och d'Méiglechkeet fir ze décidéieren, datt dës Sammelaktioun iwwer d'Servicer vun der Valorlux duerchgezu gëtt.

Mat der Recette vun der Tax 'Enlèvement des ordures' leie mer am Trend mat enger liichter Méirecette vu bal 2%, bedéngt duerch d'Wuesse vun der Stéckzuel vun eise Matbierger. Am Gesamtartikel 2.0734.7012 stinn an de Recette am Rectifié 2007 1.548.378 € an am Budget 2008 1.605.355 €. Wa mer d'Gesamtdépense fir 2008 um Artikel 3.073 huelen, déi bei 1.595.047 € läit, da kann ee vun engem Equiliber bei den 'Enlèvement des ordures' fir 2008 ausgoen.

Eng zweet wichteg Décisioun fir d'Ëmwelt ass d'Aféiere vum Nova Naturstroum. Och hei gi mer als Gemeng Péiteng mam gudde Beispill vir, doduerch datt de Schäferot an der Sëtzung vum 27.09.2007 décidéiert hat Oekostroum échelonéiert iwwer 4 Joer ze kafen. Am Kontrakt mat der Cegedel, deen de Schäfferot den 12. Oktober 2007 ënnerschriwwen huet, profitéieren eis sämtlech Gebaier an Anlagen vun der Fourniture vum Oekostroum. Mir hunn eis verschidde Stroumartikelen ugepasst, well de Präis duerch dës Aktioun am Prinzip ëm 6.500 € am Joer 2008 zu Buch schléit. Wa mer a 4 Joer bei 100% Naturstroum ukomm sinn, leie mer, laut Rechnunge vun haut, bei engem Supplément vu ronn 25.000 €.

Déi drëtt Neierung ass de Péitenger Ëmweltdiplom fir Kanner, 2007 war eng Testversioun. Well d'Ëmweltwoch mat der Ausstellung an de leschte Joeren ouni Succès war, gouf dëst Joer fir d'éischt de Péitenger Ëmweltdiplom fir d'Schoulkanner organiséiert. D'Participatioun war esou grouss, datt net jiddereen all Manifestatioun matmaache konnt. Et läit op der Hand, datt mer 2008 d'Manifestatiounen, fir den Ëmweltdiplom ze kréien, nees stattfanne loossen. Themen, eréi Bëschdetektiven, eist Waasser, Biomüll, d'Villercher, d'Fossilien a Giele Botter, wäerten net feelen. Ënnert dem Stréch gëtt dës Aktioun manner déier wéi d'Ëmweltwoch. Am Artikel 3.0730.6170 vun eisem Service écologique sinn d'Frais de fonctionnement am Budget rectifié 2007 ëm 10.000 € op 15.000 € erofgesat ginn, net nëmme well den Ëmweltdiplom méi bëlleg gëtt ewéi d'Ëmweltwoch, mä och well manner Frais d'études fir d'Dossieren 'Commodo-incommodo' gebraucht ginn. Fir 2008 hu mer fir dësen Artikel awer nees 25.000 € virgesinn. Et gesäit esou aus, datt mer 2008 d'Journée sans voiture ze organiséiere kréien. Dës gemeinsam Manifestatioun mat den Nopeschgemengen Käerjeng, Suessem an Déifferdang, déi 2008 an eiser Gemeng stattfanne wäert, soll dann och iwwer dëse Budgetsartikel finanzéiert gin. Et ass e Flyer virgesi fir déi 4 Gemengen, deen all Joer 'à tour de rôle' vum Organisateur, also 2008 vun der Gemeng Péiteng' bezuelt gëtt.

An dee véierte Changement ass fir déi Leit, déi sech fir 30 € e Schlass op hir Poubelle installéiere wëlle loossen. Ech wëll nach emol ernimmen, datt dës Installatioun fräiwëlleg ass, also och keng Taxenerhéijung ka sinn, esou wéi dat fälschlecherweis an enger Dageszeitung publizéiert gouf. Mir hunn den Artikel 'acquisition de poubelles, de sacs et de conteneurs' vu 25.000 € op 55.000 € eropgesat. Een Deel gëtt geholl fir d'Acquisitioun vun dëse Schlässer. Dës Gelder komme jo duerch d'Vente nees an eis Gemengekees eran.

Als extra Dépense hu mer fir 2008 en eemolege Beitrag ze leeschten un de Minett-Kompost. De Bau vun enger neier Gärungsanlag, déi de Comité vum Syndic den 21. November 2007 décidéiert huet, kascht d'Péitenger Gemeng 123.741 €. Dëse Betrag entsprécht 9 € pro Awunner, an dir fannt dës Ausgab ënnert dem Artikel 4.0734.2470.002. Als ordinaire Dépensen hu mer d'Frais d'exploitation, d'Décheten déi vum Centre de recyclage, déi gréng Dreckskëscht, an d'Déchete vun eise Gemengenservicer, déi sech op 198.000 € fir 2008 wäerte belafen, an am Artikel 3.0734.6391 stinn.

Eis Participatioun un de Fraise vum Sidor bleift onverännert, obschonns déi nei Anlag 2008 gebaut gëtt. Si kascht 100 Milliounen Euro. Duerch d'Amortissementer déi all Joer stattfonnt hunn, kann dës nei Anlag aus eegene Mëttele mat Hëllef vum Stat finanzéiert ginn, esou datt mer als Gemeng am Budget eise quasi onverännerte Betrag fir d'Frais de destruction des ordures stoen hunn, an zwar 410.000 €.

Eng weider Dépense vun 27.000 € steet am extraordinäire Budget fir den Diagnostic vun der Loftqualitéit. Eis Moossunge gi weidergefouert, fir d'Resultater kënnen iwwer eng Rei Joere statistesch festzehalen, an esou eng Base ze hunn, falls nei Firmae sech implantéieren, z.B. wann d'SLR mat Schaffen ufänkt. Mir haten elo kuerzfristeg eng Entrevue mat der Ëmweltverwaltung aus der Stad, déi sech bereet erkläert huet fir 2008 um Site vun enger bestëmmter Firma, der Catalyst Recovery, zu Rodange nei Recherche virzehuelen. Am Ministère de la Santé gëtt och 2008 recherchéiert fir erauszefannen, op d'Krankheetsstatistik zu Rodange méi héich ass wéi op anere Plazen, esou wéi dat vun enger Rei vu Matbierger vu Rodange behaapt gëtt. Mir hunn eis d'Brécken net verbaut, well den Ëmweltresponsabelen Mike Braun an ech, mir treffen eis a regelméissegen Ofstänn mat de Firmae fir iwwer d'Ëmwelt an aner Problemer ze diskutéieren.

Esou och mat der SLR, der Société Lorraine de Revalorisation, déi de Crassier zu Rodange wëll exploitéieren. Mir hunn dem Direkter säin Accord fir uganks 2008 de Site hannert der Grenz zu Rodange op franséischer Säit ze besichen. Zesumme mat dem Schäfferot, der Delegatioun vun der Ëmweltkommissioun an der Exécutive vun der Biergerinitiativ solle mer eis e Bild maache kënnen, esou d'Wierder vum neien Direkter Michel Gitzhofer, iwwer seng villfälteg Ëmweltinvestissementer fir de Kaméidi an de Stëbs ze reduzéieren. Well mer mat dëser Firma nach ëmmer um Geriicht sinn, hu mer fir 2008 eng Zomm vun 15.000 € fir eventuell Affekotekäschten um Artikel 4.0730.2001.001 agedroen.

Den neien Energiespuerprogramm hu mer 2006 ulafe gelooss. Et dréit sech hei ëm d'Reduktioun vum Energieverbrauch an eise Gebaier. D'Preparatiounsphase kënnt 2008 zum Ofschloss. D'Tëschecompteure goufen installéiert, de Verbrauch gouf 2007 an eise Gebaier all Mount notéiert an enregistréiert. Mëtt 2008 maache mer de Point fir erauszefannen, watfir Gebaier am meeschten Energie verbraucht hunn, an da kënne mer am Budget 2009 e Chiffer asetze fir ze reagéieren.

Eis nei Sportshal zu Rodange, déi mat Nidderegenergie fonctionnéiert, gëtt eis d'Méiglechkeet e Verglach vum Energieverbrauch mat der Péitenger Sportshal ze zéien, a gegebenefalls déi Péitenger Hal mat engem ähnleche System z'adaptéieren.

Wéi all Joer erfëlle mer och 2008 eise Bäitrag fir d'Drëttwelthëllef, esou wéi dat och vun der Regierung promovéiert gëtt. 30.000 € sinn am Artikel 3.0650.6345 virgesinn. Fir Hëllef bei Naturkatastrofen hu mer 7.500 € am Artikel 3.0650.6336.

Dësweideren hu mer an den Dépenses extraordinaires nees 12.500 € virgesi fir Primen un eis Matbierger auszebezuelen am Fall vun neien Uschafunge mat rationellem Verbrauch vun Energie, respektiv fir d'Schafe vun erneierbarer Energie, an dëst am Sënn fir d'Ëmwelt ze protégéieren.

Vun 2008 bis 2017 leeft dann och eise 'Plan simple de gestion' iwwer eis 115 Hektar Gemengebëscher un, mam Objektiv Holzqualitéit ze kréien, verschidden Holzaarten ze protégéieren, respektiv flott Spazéierweeër duerch de Bësch ze schafen. Domatter hu mer dann och elo den FSC-Label fir eist Holz zegutt, deen 2008 all deene Gemengen zougestane gëtt déi de Plan de gestion ënnerschriwwen hunn. Eis Dépensen a Recette fir 2008 si wéi all Joer, quasi am Gläichgewiicht. Ze bemierke bleift, datt mer fir 2007 am Rectifié 49.000 € méi Recetten hunn, dëst well op Plazen de Bësch net méi sécher war an doduerch méi Beem ëmgeluegt gi sinn, an och well den Holzpräis kräfteg zougeluegt huet.

Aktiounen, déi am Joer 2008 sécherlech nees organiséiert ginn, sinn :

- d'Fréijoersbotz ;
- d'Fräschen a Moukenaktioun ;
- d'Korksammelung ;
- den Dag vum Bam ;
- d'Beem planze mat de Schoulklassen ;
- d'Journée de mobilité
- an de Prix de l'Environnement.

Fir eiser Verpflichtung zum Klimabündnis deelweis Rechnung ze droen, bezuele mer eng Cotisatioun vun 8.100 Euro, fir d'Subventiounen un Associatioune mat ekologeschem Zweck 1.800 €.

Ech wëll vun dëser Plaz dem Ëmweltbureau Merci soe fir seng Mataarbecht.

Da kéim ech zum Sport. D'Schwammsaison war dëst Joer miserabel, well et jo e kalen a vereente Summer war. Wann op anere Plazen am Land déi oppe Schwämme praktesch keng Recetten haten, esou hu mer duerch de mobilen Daach besser ofgeschnidden an awer am Budget rectifié 2007 d'Recetten op 367.000 € reduzéiert. Am 'autorisé' hate mer 480.000 € agesat. Fir 2008 hu mer e virsiichtege Chiffer vun 400.000 € an de Budget gesat. Et läit op der Hand, datt mer och d'Recette vun der Buvette am Rectifié 2007 vun 120.000 € op 81.000 € erofgesat hunn.

Fir 2008 stinn heifir Recetten an der Héicht un 88.500 € am Budget. D'Recette vun den Automate stinn am Rectifié 2007 op 19.500 € an am Budget 2008 mat 25.000 €. Par contre hu mer d'Recette vun der Sauna fir 2007 ëm ronn 10.000 € gehéicht.

Eis Manifestatiounen am PiKo si bei de Bierger gutt ukomm, wéi zum Beispill den Aquagym, d'Summerparty, d'Kannergebuertsdagsfeieren, de Kleeschen, an déi Manifestatioune sollen dann och am Joer 2008 weider stattfannen.

Déi éischt Etapp vum Centre sportif zu Rodange gouf mat der Ouverture vun der neier Sportshal ofgeschloss, esou datt eis Schoulklassen an eis Sportsveräiner elo vun dëser flotter funktioneller Hal profitéiere kënnen. Fir déi zweet Etapp ze realiséieren, hu mer fir 2008 870.000 € an den Dépenses extraordinaires stoen. Et dréit sech hei ëm d'Uleeë vun engem syntheteschen Terrain mat den Alentoure nieft eiser Sportshal zu Rodange. Well d'FLF d'Uschafe vu syntheteschen Fussballsterrainen autoriséiert huet, kann eis Gemeng de Gros vun den Entretienskäschten aspueren.

Well déi Verantwortlech vun der FLF eis matgedeelt hunn, datt d'Beliichtung um Philippart-Terrain net méi den Normen entsprécht, an net méi hell genuch liicht, gouf décidéiert fir d'Beliichtung ze erneieren. Mir hunn an den aussergewéinlechen Ausgaben e Betrag vun 105.000 € agedroen. 25% Hëllefe vum Stat si fir dëse Projet virgesinn.

Wann ech d'lescht Joer nach vun engem gréissere Problem vun eisem Tennisveräi geschwat hunn, dee jo vun dësem Wanter un zu Péiteng keng Hal méi huet fir ze trainéieren, esou steet däer neier Constructioun vum nationale Keelenzenter mat dräi Tennisfelder näischt méi am Wee, well den Avant-projet jo den 20. November 2007 vum Gemengerot iwwer e Betrag vun 7.300.000 € gestëmmt gouf. Mir hunn 300.000 € fir 2008 am Budget extraordinaire agedroe fir déi néideg 'Frais de départ'. 2009 geet et mat der Constructioun un, an 2010 soll de nationale Keelenzenter mat der Tennishal fäerdeg ginn. De Stat leet bei deem ganze Projet 50% bäi.

D'Conditiounen fir d'Subsiden änneren och 2008 net, esou datt mer nees e Betrag vun 45.000 € am Budget virgesinn hunn.

Sport mat Handikapéierte steet och 2008 um Programm, an zwar wëllen 'Lux Rollers' Merci soe fir dee Rollstull, deen se elo kierzlech vun eiser Gemeng offréiert kruten. E Baskettballmatch an der neier Rodanger Sportshal soll 2008 programméiert ginn.

Da kéim ech zum 'Drëtten Alter'. Och wann eis Gemeng sech net finanziell um Ausbau vun der Maison de Soins St Joseph ze bedeelege brauch, esou ass dësen Ausbau fir eis Gemeng dach ganz besonnech wichteg fir d'Zukunft vun eisen eelere Matbierger. Méi Raimlechkeeten am Fleegeheem heescht manner Leit op der Waardelëscht. Den éischte Steen ass geluegt, an der neier Annex steet näischt méi am Wee.

Och Wunnenge vum Fonds de Logement zu Rodange sinn esougutt wéi fäerdeg, esou datt dëst Haus 2008 ganz bewunnt dierft sinn.

Da soll de Bau vum Home Senior op der Place de la Libération zu Péiteng gebaut ginn, wou mer eis als Gemeng beim Bau vum Centre Psychogériatrique akafe wëllen.

'Help' an 'Hëllef Doheem' sinn zwou weider Associatiounen, déi hire Sëtz an eise Gemengebebaier hunn.

D'Geschierkëscht vum CIGL hëlleft och 2008 eisen eelere Matbierger kleng Aarbechten ze realiséieren. Zwee weider Servicer déi mer ubidde sinn

- Sécher Doheem, mat der Téléassistance. Hei hu mer 50.000 € um Budget 2008 fir d'Installatioun vum Téléalarm ;
- an de 'Repas sur roues', deen sech bei den Dépensen op 266.000 € beleeft.

Och de Loisirs soll net ze kuerz kommen. Mir ënnerstëtzen, ewéi an der Vergaangenheet, eis lokal Veräiner déi fir den 3. Alter zoustänneg sinn. Mat den Nopeschgemengen Déifferdang, Käerjeng, Suessem a Kënzeg hu mer eis beim Club Senior Prënzebierg engagéiert an offréieren deenen eelere Matbierger eng ganz Rei vun Aktivitéite mat engem Summer- an engem Wanterprogramm. Och de villfältege Programm 2008 vun 'Aktiv Senioren' organiséiert vun de Gemengen aus dem Kordall ass un all Haushalt verschéckt ginn. Eis Participatioun fir dës Aktivitéite läit bei 10.000 €.

Fir d'Journée du Grand Âge 2008 ze organiséieren, hu mer nees 3.750 € virgesinn, a fir d'Chrëschtmatinée mat de Pensionnéierten eng Zomm vun 40.000 €.

Zum Schluss géif ech dann nach op 'Affaires économiques et Classes moyennes' agoen.

Et ass sécherlech net einfach fir eis Geschäftsleit duerch d'Super- an

d'Hypermarchéen d'Bengele bei d'Tromm ze bréngen. Schéi wier et wann all eis Matbierger an eiser Gemeng akafe géifen.

Mat enger enker Zesummenaarbecht a Koordinatioun tëscht deenen eenzelne Gemengen aus dem Kordall soll un der Entwécklung vun eiser Industrie- an Handelszone geduecht ginn. 2008 versiche mer iwwer de Wee vum Syndikat Kodall 'Sikor' déi Verantwortlech vun eise gréisseren Entreprisen zesummen un een Dësch ze kréie fir e 'Comité d'entreprises' ze schafen. Dëse Comité kéint da mat de belschen a franséische Confrèrë Meetingen ofhalen a sech concertéieren. Nei Iddien, a d'Léisung vu Problemer, kéinten esou eiser Gemeng zegutt kommen.

Ech denken och drun, un d'Ausaarbechte vun engem Aktiounsplang mat der Hëllef vun eisen zwee Geschäftsverbänn, fir d'Geschäftswelt an eiser Gemeng méi attraktiv ze gestallten.

E Wuert nach iwwert de Grand Bis. Mir kréien eng Entrevue mam zoustännege Wiertschaftsminister fir d'Virundreiwe vum Projet 'Aktivitéitszone Grand Bis'. Fir 2008 hu mer 100.000 € an den ausseruerdentlechen Ausgabe stoen, dëst fir d'Resultater vun de Sondagen a fir d'Remise vum Dossier Commodo. Et wier flott, wa mer endlech an dësem Projet vun den Instanze gréng Luucht kréichen an endlech ukéimen.

Dir Dammen, Dir Hären, ech soen Iech Merci fir d'Opmierksamkeet.

Séance publique du 10 décembre 2007

Durée de la séance: *14.30 à 18.30 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	/

ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale: décompte de travaux extraordinaires - agrandissement du cimetière à Pétange - approbation.
3. Vie associative
   - 3.1. « Vitinho F.C. » - statuts.
   - 3.2. « Club de Majorettes et de Danse Moderne « Bom Chika Wah Wah » - statuts.
   - 3.3. « Association du Personnel du Centre d'Observation de Pétange » asbl - statuts.
   - 3.4. « KC Copains 90 » Rodange - dissolution.
4. Budget rectifié de 2007 et projet de budget pour 2008 de l'administration communale: discussions et appréciations des conseillers communaux - réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins.
5. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

1.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech begréissen iech zu der zweeter Gemengerotssëtzung, déi mer elo innerhalb vun enger Woch hunn. Déi nächst kënnt dann eréischt deen anere Freideg. Fir den éischte Punkt ginn ech d'Wuert un den Här Gilbert Welter.

Gilbert Welter, Schäffen:

Dir Damen an dir Hären. Der wësst, datt mer méindes moies, den 26. November 2007, en Incident haten. Hei nach eng Kéier den Detail mat e puer zousätzlechen Informatiounen. Ee vun eise Schwammmeeschtere sollt Saier an de Reservoir vum Waasser-traitement vum non nageur-Basseng nofëllen. Duerch Onvirsiichtegkeet, an an engem Moment, wou en net

opgepasst huet, sinn aus engem Bidong vun 30 Liter ronn 5 Liter Saier an de Reservoir vum Chlor agefëllt ginn. Den Numm vum Produkt, dat anzefëllen ass, steet um Stopp vum Afëllrouer. Des Weideren besteet och eng Differenz vum Diameter vun de Réier fir de Chlor a fir d'Saier. Duerch déi chemesch Reaktioun goufe Chlorgase fräigesat. De Schwammmeeschter huet direkt Alarm ausgeléist an d'Personal vum PiKo huet d'Schwämm verlooss. Et war méindes moies an d'Schwämm war fir de Public zou. An däer Zäit sinn och keng Schoulklassen an der Schwämm, esou datt ausser deenen zwee Schwammmeeschteren nach just d'Botzpersonal do war. Aus Sécherheetsgrënn goufen déi zwee Schwammmeeschteren, déi d'Gasen ageotemt haten, am Spidol ënnersicht, wou awer keng Schied festgestallt goufen. Well de Basseng fir d'Net-Schwëmmer an de Kannerbasseng eng vill méi héich Quantitéit u chemesch Produkter brauchen ewéi de Basseng fir Schwëmmer, mussen an dëse Reservoiren och méi dacks eng kleng Quantitéit nogefëllt ginn. Eise Fournisseur – Hanff Frères – liwwert e Reservoir vun 1.000 Liter. Méi eng kleng Liwwerung wéi déi vun 1.000 Liter ass net méiglech, och net bei anere Fournisseuren. Dowéinst hunn d'Schwammmeeschteren den Iwwerschoss a Bidonge vun 30 Liter agefëllt, déi dann am Keller vum PiKo versuergt goufe fir se bei Gebrauch ze huelen an nozefëllen. Fir datt dësen Tëschefall net nach eng Kéier virkënnt, hu mer gekuckt, wéi een dat mat de Bidongen ewechkréie kéint. D'Léisung ass elo déi hei : déi zwee Reservoire vun 300 Liter-Reservoire mat der Saier hu mer duerch zwee Reservoire mat 500 Liter ersat. Esou könne mer déi 1.000 Liter Saier, déi de Fournisseur eis liwwert, direkt op zwee Reservoire vu 500 Liter opdeelen, ouni an Zukunft musse mat den 30-Liter-Bidongen ze piddelen. Mer hunn dës Entscheedung mat eise Schwammmeeschteren, dem Responsabele vun der Schwämm an de responsabelen Aarbechter duerchdiskutéiert. D'Demande fir déi nei Reservoire z'installéieren ass schonn un déi spezialiséiert Firma weidergeleet gi fir datt dësen Tëschefall net méi wäert virkommen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat waren d'Informatiounen, déi mer iech zu deem Tëschefall, deen sech am PiKo produzéiert huet, wollte ginn. Dat waren d'Informatiounen zum Punkt 1. De Rescht sinn Dokumentatiounen zum Siach, Sigi, Sidor, Tice, Syvicol a Sicona, déi der konnt an ärem Dossier fannen.

2.

Administration générale.

Décompte de travaux extraordinaires: agrandissement du cimetière à Pétange – approbation du décompte.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst jo, datt mer de Kierfecht vu Péiteng vergréissert hunn andeems mer en Deel vum Gaart vun deem Haus, dat donieft steet, integréiert hunn. Dat ass vun eisen eegene Leit gemaach ginn. Den Devis huet sech jo op 38.000 Euro belaf an den Total vun den Ausgabe läit bei 37.166,98 Euro. Dat heescht, mer sinn am Devis bliwwen.

Albert Muller (LSAP):

Mir ass opgefall, datt keen „agent chargé de service" dee Schantjen iwwerwaacht huet. Oder wann et ee ginn ass, wollt ech just froen, firwat en net um Dekont ënnerschriwwen huet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech kann iech soen, datt déi Persoun, déi de ganze Service iwwerwaacht huet, den Här Beil war. Firwat en net ënnerschriwwen huet weess ech net. De Chef de service huet ënnerschriwwen. Ech kann en awer froe fir seng Ënnerschréft dorënner ze setzen. Ech mengen net, datt dat allzevill um Dekont ännere wäert.

Albert Muller (LSAP):

Dat ännert och net allzevill um Dekont, et war just en Detail, dee mer opgefall ass well mer och soss ëmmer zwou Ënnerschréften drënner hunn. Wat mech awer méi stéiert, dat ass deen „tableau comparatif" selwer. Do geet Rieds iwwer de „montant de l'adjudication" an der sechster Kolonn. An dann den Dekont vun den Ausgaben. A mir fält op, datt bei all Positioun, déi an deem Dekont hei dran ass, den „montant de l'adjudication" hoorgenee bis op de leschten Cent d'selwecht ass wéi d'Ausgab op de Rechnungen. Dat ass eppes, wat mech immens stéiert. Ech stelle mer och Froen, zum Beispill wann ech d'Schlaken huelen. Déi sinn offréiert gi fir 830,58 Euro an se sinn ofgerechent gi fir 830,58 Euro. Et ass jo awer bal net méiglech, datt, wann een eng Offer ofgëtt, en hoergenee bis op dee leschte Gramm, bis op de leschte Millikubikmeter déi Quantitéit vu Schlaken, déi en zum Beispill a senger Offer stoen huet, liwwert an op déi selwecht Zomm erauskënnt wéi an der Offer. Do stellen ech mer am Prinzip, an dat gëllt fir all Positioune wéi se hei sinn, d'Fro, wat geschitt wier, wa méi Schlake geliwwert gi wiere wéi op der Offer stoungen. Ech ka mer net virstellen, datt de Fournisseur se der Gemeng gratis geschenkt hätt. Also wäerten se jo iergendwéi verrechent ginn. Wann se elo net am Dekont hei sinn an huele mer un, et wiere méi Schlake verbucht gi wéi virgesinn, da mussen déi jo aneschtwou gebucht gi sinn. Well d'Positioun vun de Schlaken hu mer zweemol hei um Dekont. Mee wat mech nach méi beschäftegt ass, wat geschitt wier, wa mer manner Schlake gebraucht hätten oder manner Quantitéiten. Ech gesinn net, datt dat soll manner bezuelt gi sinn. Do kéint een sech ënner Ëmstänn déi theoretesch Fro stellen, ob do Material bezuelt ginn ass wat guer net geliwwert gouf. Ech setzen deem wuel gemierkt ëmmer 'wann' viraus. Esou datt ech dat net richteg fannen, datt den „montant de l'adjudication" genee d'Zomm vun der Ausgab duerstellt. Menger Meenung no ass do eppes net normal an dat gëtt et net. Dat wier onheemlechen Zoufall wann ee kéint op esou vill Positiounen, wéi hei stinn, esou genee eng Rechnung ausstellen.

Wat mer nach opfält, dat ass den Devis „par corps de métier". Ech hu mer den Devis erëmgesicht, deen deemols vum Gemengerot gestëmmt gouf. Effektiv war do en Devis opgestallt ginn. An do ware véier oder fënnef Positiounen dran. Ech kann dat och kucken, ech hunn et hei. Et ware fënnef Positiounen dran. Dofir wonnert et mech, firwat déi Rubrik Nummer néng „Devis par corps de métier" net ausgefëllt gëtt. Et hätt een dat mat dem Devis, dee jo deemools hei gestëmmt gouf, ganz einfach könne maachen. An dofir froen ech mech, ob do de Gemengerot net heiansdo op d'A gedréckt gëtt an datt de Schäfferot seet, mer stëmmen en Devis an innerhalb vun deem finanzielle Kader kafe mer dann a kucken duerno, datt mer beim Dekont dann op dee Chiffer kommen. Den Här Buergermeeschter seet jo ëmmer – a mat Recht – fir deen net ze depasséieren. Da könne mer ëmmer soen, mer wieren am Kader vum Devis bliwwen.

Wann awer elo den Devis „par corps de métier" opgefouert gi wier an dësem Dekont, dann hätt ech op d'mannst kéinte gesinn, ob déi Aarbechten, déi hei um Devis opgefouert sinn, och um Schantjen ausgefouert goufen an och wou se am Dekont zeréckzefanne sinn. Wann ech näämlech kucken ënner „réfection du chemin avec tarmac et du terrain avec pelouse", da fannen ech am Devis nëmmen „pelouse" erëm. „Tarmac" fannen ech net erëm. Ass e

gemaach ginn oder net ? Esou ginn et och nach aner Saachen ewéi zum Beispill „déplacement mur latéral“. Am Dekont kann ech net kucken, ob déi Mauer tatsächlech verréckelt ginn ass oder net.

An da fannen ech et einfach wann ee bei „justification pour les dépenses“ „néant“ dohinner schreift, well dann huet ee jo effektiv néierens eppes iwwerschratt. Sief et den Devis oder och d'Adjudikatiounen. Well nach eng Kéier, wa bei den Adjudikatiounen déi selwecht Zomm steet wéi op de Rechnungen, da brauch ee keng Justifikatiounen ze liwweren. A wann ee souwisou keen Devis par rapport zu den „corps de métier“ drastoen huet, da brauch een och do keng Rechtfertegungen ze schreiwen. Fir mech ass dat relativ simpel an ech géif mer wënschen, datt do alles esou ausgefouert ginn ass wéi et urspréinglech virgesi war. Oder awer et ass net esou, an de Gemengerot gëtt op d'A gedréckt wann en einfach e finanzielle Kader stëmmt an dann duerno e schéinen Dekont presentéiert. Dofir géif ech gäre vum Schäfferot wëssen ob et an Zukunft net méiglech wier datt, wann esou Devisen ewéi deen do opgestallt ginn an een am Laf vun den Aarbechte feststellt, datt d'Aarbechten net esou ausgefouert goufe wéi et am Devis festgehale gouf, een dann an de Gemengerot kënnt an zum Beispill seet, datt de Wee net mat Tarmac mee mat iergend engem Sand oder Steen gemaach gëtt. Dann huet de Conseiller awer d'Méiglechkeet, dat do nozevollzéien an net d'Gefill huet, op d'A gedréckt ze ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Här Muller, ech wollt iech soen, datt dat hei en neie Wee ass, dee mer hei an der Gemeng Péiteng ginn. Dat heescht, virdru goufen déi Saachen am ordinäre Budget verschummelt, wéi een dat op gutt Lëtzebuergesch seet. An ech mengen, dir wësst, vu wat ech schwätzen. Haut leeë mer d'Kaarten op den Dësch. Mär soen, mer hu fir 38.000 Euro - an ech kann och garantéieren, datt et net méi ass – Aarbechte mat eise Leit ausféiere gelooss. Soss wier et natierlech vill méi en héije Chiffer, an dofir muss ech och deene Leit, déi do geschafft hunn, Merci soen. Et ass jo keng esou eng einfach Aarbecht. An dat wat hei steet ass och dat, wat et eis kascht huet.

Sécherlech kann ee soen, datt et vläicht keng dräi Quadratmeter Tarmac op däer enger oder aner Plaz waren, mee de Fakt ass, datt déi Aarbechten esou ausgefouert goufen ewéi mer eis dat virgestallt haten. An dat ass dat Wichtegst fir mech. D'Mauer ass verréckelt ginn, et si Plaze geschaf gi wou mer nei Grief kënne maache wëll mer dat gebraucht hunn. Et ass alles propper gemaach ginn an eis Leit hunn eng exzellent Aarbecht geleescht. Dat kascht eis 37.166,98 Euro.

An et ass och näischt, wat mer zevill bezuelt hunn. Well dat hate mer schonn. Ech ka mech erënneren, datt mer am Joer 2000 ronn 1,2 Millioune Lëtzebuerger Frang erëmkrute well mer bei der Annex vun der Péitenger Sportshal zevill bezuelt hunn. Dat kann een nach haut am Budget 2001 erëmgesinn. Dat ass hei net de Fall. Hei ass et propper an anstänneg verrechent. Ech géif et net esou am Raum stoe loossen, datt hei iergendeppes verschummelt gi wier. Hei sinn d'Chifferen op den Cent genee uginn. An et ass jo kloer, datt, wann ech e Camion Schlake kafen an déi kaschten dann 285,75 Euro – ech hu jo dee Präis ausgehandelt -, da kaschten déi och 285,75 Euro. An et ass net wéi fréier, datt se dann op eemol 320 oder 330 Euro kaschten. Ech kann nëmmen deene Leit félicitéieren, déi dat esou exekutéiert hunn. Där kënnt vläicht anerer Meenung sinn, dat ass och äer fräi Wiel. Mee fir mech ass dat hei eng ganz propper Aarbecht, déi gemaach gouf, an dat an allen Hisiichten. Esou guer vun der Gestioun vun dem Dekont ewéi vun der Aarbecht op der Plaz. An et ass esou, wéi ech mer dat op jidde Fall virstellen, ewéi déi Aarbechte solle gemaach ginn.

Albert Muller (LSAP):

Ech fannen et trotzdem erstaunlech, datt all déi Quantitéiten, déi bei der Offer gebraucht gi sinn, och duerno genee op de Milligramm oder de Millikubikmeter verschafft gi sinn. Ech mengen, et muss een e Supermann oder e Superschäfferot sinn, wann ee ka bei engem Devis virausschätzen, datt ee genee esou vill Quantitéite brauch. Ech akzeptéieren dat a stellen och net an de Raum, datt iergendeppes geschitt ass. Mee ech hu mer d'Fro gestallt, wat geschitt wier, wa mer manner Schlake gebraucht hätten an awer d'Rechnung bezuelt hätten esou wéi se op der Offer stoung. Do kann ee sech emol dat Eent oder dat Anert virstellen. Mee trotzdem halen ech op déi Formulairen, déi mer hu fir Dekonten ze maachen a fir dem Gemengerot esou vill wéi méiglech Transparenz oder Méiglechkeeten ze ginn, ze kontrolléieren, wat un Hand vum Devis geschafft ginn ass a wat hanneno an der Realitéit geschafft ginn ass. Esou, datt een op d'mannst d'Kolonn Devis „par corps de métier“ ausgefëllt gëtt. An dann huet ee jo d'Méiglechkeet fir iwwer d'Justifikatiounen ze soen, esou an esou ass et gemaach ginn. Mee fir ganz einfach déi Kolonn net auszefëllen a bei „Justifications pour les dépassements“ – ech ënnersträichen hei „dépassements“ – dat Wuert „néant“ ze schreiwen, dat ass fir mech onkloer an net transparent, an et ass dat, wat ech kritiséieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat akzeptéieren ech.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wollt elo net esou wäit aushuele wéi den Här Muller. Hei gesäit een, datt d'Gemeng Péiteng sech déi Leit, déi net méi ënner eis sinn, eppes kaschte léisst. Meng Fro ass déi: wa mer nach eng Kéier mussen de Kierfecht vergréisseren, wéi kann dat ausgesinn ? Well ech hu mer soe gelooss, datt dat no uewen net méi méiglech ass well no uewe Leembuedem wier an dat net gutt wier fir de Kierfecht zum Bësch zou ze vergréisseren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech mengen, d'Méiglechkeet ass no riets eraus. D'Terrainen hu mer schonn a mer sinn och amgaang der nach ze kafen. Ech weess elo net, ob déi Akte schonn all gemaach sinn. Dat heescht, et bleift no riets Plaz fir ze vergréisseren. Mee ech mengen, datt mer mat deene Plazen, déi mer elo hunn, a mat deene Berechnungen zu deem, wat mer all Joer brauchen, déi nächst sechs Joer wäerten auskommen. An och mat deene Griewer, déi mer zeréckhuelen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wann der de Budget kuckt, da gesidd der, datt mer déi Griewer, déi mer zeréckhuelen, duerch eng extra Firma fräi maache loossen. All Joer wäerte mer am Budget e gewëssene Poste erëmfanne mat de Griewer, déi mer zeréckkréien an déi mer och fräi maache loossen an déi mer dann zur Verfügung hunn. Dat ass e ganz schéine Package. Wann der eng Kéier iwwer de Kierfecht gitt an emol op all déi Griewer oppasst, op deenen esou Splitter läit fir datt se eenegermoosse propper sinn, da sinn dat déi, déi och an nächster Zäit nach musse fräi gemaach ginn.

Approbation par 14 voix et une abstention (M. Muller Albert).

3.1.

Vie associative.

« Vitinho F.C. » - statuts

Il en est pris acte.

3.2.

Vie associative.

« Club de majorettes et de danse moderne « Bom Chika Wah Wah » - statuts.

Il en est pris acte.

3.3.

Vie associative.

« Association du Personnel du Centre d'Observation de Pétange a.s.b.l. » - statuts.

Il en est pris acte.

3.4.

Vie associative.

« KC Copains 90 » - dissolution.

Il en est pris acte.

4.

Administration générale.

Budget rectifié de 2007 et projet de budget de l'administration communale pour l'exercice 2008 : discussions et appréciations des conseillers – réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif dat hei proposéieren, fir datt de Schäfferot kann äntwerten. Déi generell Approche, de Kommentar, déi ee wëll zum Budget maachen, soll an d'Introduktioun kommen. Da soll de Schäfferot eng Geleeënheet kréien, fir kuerz drop ze reagéieren oder eng Diskussioun ze féieren. Wat déi konkret Froen ugeet, déi kann een duerno stellen. Awer eng no däer anerer, net datt mer net méi bei der zéngter Fro wëssen, wat bei der éischter gefrot gouf. Där frot a mär probéieren, direkt drop ze äntwerten. Wéi gesot, wann eng Fro esou detailléiert ass, datt net ka geäntwert ginn, da géife mer dat deen nächste Freideg mat der Hëllef vun eisen Servicer noreechen. Sidd der domat averstanen? Wa jo, da géif ech mat deem éischten ufänken, an zwar mam Här Polfer, deen och President vun der Finanzkommissioun ass. Hie wäert eis och e puer Wuert dozou soen, wéi d'Finanzkommissioun zu de Projete steet.

John Polfer (CSV):

Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Dir Damen an dir Häre. E Freideg krute mer hei e rektifizéierte Budget 2007 an e Budget 2008 an däer gewinnter ausféierlecher Form vum Buergermeeschter virgestallt. Och d'Schäffen hunn hir Ressorte grëndlech kommentéiert an analiséiert. Ech géif kuerz op déi Punkten agoen, déi an der Finanzkommissioun diskutéiert a kommentéiert goufen.

Wann ech d'lescht Joer gesot hunn, mir hätten e virsiichtege Budget, d'Situatioun wier net dramatesch, mä mer miissten oppassen, esou géif ech zum Budget 2008 soen, datt hei opgepasst ginn ass.

Mir kréien hei en Dokument presentéiert fir 2008, wat sech weise léisst. Aner Gemenge wäerten eis beneiden.

Et muss een awer soen, och wa virsiichteg geplangt an geschafft ginn ass, datt d'Dotation de l'Etat am Budget rectifié 2007 ëm 5,70% eropgaangen ass am Verglach zu 2006, an datt am Budget 2008 12,65% méi virgesi si wéi 2007.

Beim Impôt commercial am Budget rectifié 2007 ass et e Minus vun 3,62% am Verglach zu 2006, a fir 2008 ass et e Plus vun 7,7% am Verglach zu 2007.

Bei deenen Augmentatiounen dierfe mer awer d'Inflatioun net vergiessen.

Fir 2008 ass keen Emprunt virgesinn. Och wann d'Bankzënsen eropgaange sinn, esou ass eis Schold awer manner ginn, vun 30,8 Milliounen Euro am Joer 2007 op 28,8 Milliounen Euro fir 2008.

Vill Projeten an Aarbechte sinn nach geplangt. Mir wëssen, datt mer se net an engem Joer realiséieren. Dat war vläicht méiglech zum Abbé Glodt senger Zäit, wou d'Rodanger Kierch an engem Joer gebaut gouf. Awer net an eiser informatiséierter, technescher an administrativer Welt.

Vill Geld gëtt an eis Schoulen investéiert, fir datt mer eiser Jugend dee bescht méiglechen Unterrecht a konfortabelen a séchere Schoulgebaier kënnen unbidden.

Stroosse mussen a ginn nei gemaach, an dat ass mat ville Problemer verbonnen an déi d'Leit net esou matkréien. D'Wieder, d'Disponibilitéit vun de Firmaen déi d'Aarbecht maachen, d'Emprise wou vill Leit ganz verstänneg sinn, an awer deen een oder aneren de Kapp weist an dofir d'Aarbechten an de Verzuch kommen.

Et sti vill Projeten am Budget déi gemaach ginn oder an Ugréff geholl ginn. D'Eechelsbaach, wou d'Of-waasser getrennt muss ginn, ass net nëmmen een deiere Projet, mä och e komplizéierten a gëtt nëmme vum Stat matgedroe wann e realiséiert ass.

E puer Dauerbrenner am Budget 2008 sinn :

- SLR zu Rodange, wou mer net fäerdeg ginn Expertisen an Affekotskäschten ze bezuelen ;
- de Grand Bis
- d'Atelieren, déi elo Garagen heeschen ;
- de Chronométrage électronique an der PiKo, wou awer elo viru kuerzem d'Ausschreiwung endlech an der Zeitung war ;
- d'Waxweiler Millen, wou, wann nach ee bis zwee Joer eriwwer sinn, sech de Problem vu selwe léist, well da fält se an de Koup.

Wat d'Energiekäschten ugeet, esou soll de Verbrauch vu Gas, Elektresch a Mazout am A behale ginn. Deen ass op e puer Poste fir d'Joer 2008 zimlech eropgesat ginn. Dobäi ass jo awer déi nei Sportshal zu Rodange als en Nidderegenergiegebai gebaut ginn. Mir si jo eng Klimabündnisgemeng. Mir kéinte jo emol ufänke fir Solarzellen op eis Gebaier ze setzen, a wann et nëmme wier fir waarmt Waasser ze hunn. Och beim Uschafe vun neien Autoe fir eise Fuerpark, déi hei an der Gemeng ronderëmfueren, kéint een emol un Hybrid-Autoen denken, wou mer jo elo och grénge Stroum kréien.

Alles an allem war d'Kommissioun der Meenung, et wier e gudde Budget, wou 16,50 Milliounen Euro investéiert gi fir 2008. Esouguer d'Oppositioun géif e stëmmen, wann se net an der Oppositioun wier.

Merci dem Buergermeeschter, dem Schäfferot an de Mataabechter fir dat Dokument an déi vill gutt Aarbecht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Merci Här President vun der Finanz-kommissioun. Wat är Analys ugeet, esou kann ech se gréisstendeels deelen. Ech si mat iech averstanen, datt dat Eent oder Anert schonn éischter hätt kënne gemaach ginn a schonn éischter kéint gemaach ginn. Mee mer wëssen alleguer, datt, wann een eppes an enger Gemeng realiséiere wëll, een och Partner brauch. Dat ass ganz dacks de Stat well dee jo och dacks en Deel mat bäigëtt. An dat leeft och iwwer Verhandlungen, déi net ëmmer esou séier ginn. Besonnesch wat d'Waxweiler Millen ubelaangt, do ginn ech iech Recht. Mee och do si mer an de Verhandlungen a mer rechne mat ongefeier siwe Milliounen Euro. Ech mengen net, datt mer dat als Gemeng

Péiteng alleng kënne maachen. Dat heescht, mer mussen do schonn en zolitte Partner un eiser Säit hu wat dee finanziellen Deel ugeet. De Projet ass do a mer wëllen dee Projet och realiséieren. Mee mer brauchen elo nach déi definitiv Zouso vum MInistère, datt e mat op dee Wee geet an de Projet och co-finanzéiert. An da kënnt der sécher sinn, datt déi Aarbechte séier wäerten ugoen. D'Madame Modert hat eis versprach, si géif op Péiteng komme fir sech déi Millen unzekucken an ze kucken, wéi et virugeet. Et ass drop an drun, datt se kënnt. Mer hoffen, nach dëst Joer. A wann net, dann awer ufanks 2008. Mer bleiwen do um Ball, well mer eis och bewosst sinn, datt de Besoin relativ grouss ass fir do ze agéieren. Domat géif ech dem Här Polfer Merci soe fir seng Interventioun a bei deen zweeten iwwergoen, dat ass den Här Pierre.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech hunn net ganz vill Froen, an der kënnt vläicht soen, ech hätt mer et einfach gemaach. Mee et ass awer och net esou, wéi dat ugeklongen ass virdrun, datt d'Oppositioun de Budget kéint stëmmen. Dat wëll ech och net an de Raum stellen. Mer hunn eis Bedenken. Mee et huet och kee Wäert fir all Kéier dat selwecht ze widderhuelen. Ech hu mech op verschidde kleng Froe beschränkt an e puer Ureegungen. Et si konkret Froen, an och keng komplizéiert.

Ech hätt folgend Froen an Iwwerleeungen zum Budget 2008 :

Artikel 6270/001 (Salaire divers en nature). Wat soll dat bedeiten ? Esou eppes steet bei verschidden Artikelen. Ech weess, wat „en nature" heescht, mee do si Saachen, déi kéins de guer net an Natur bezuelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass d'Kleedermass. Soss war dat ëmmer am Artikel 6230 dran.

Norbert Pierre (LSAP):

Dat heescht, déi ass an all Artikel separat. Dann ass et an der Rei.

Da fuere mer weider mat dem Verkéiersgaart zu Rodange. Gëtt deen nees ganz an d'Rei gesat ? Ech hu gesinn, et si jo och Sue virgesi fir d'Vëloen ze flécken, an da miisste mer jo och bal e Verkéiersgaart hu wa mer se flécken. Mee déi kënne jo och anerwäerts gebraucht gi wéi am Verkéiersgaart.

Hei meng Fro zum Artikel 6170/003 (Jardin de circulation Rodange) : Gëtt de Verkéiersgaart fir d'Schoulkanner erëm an d'Rei gesat oder gëtt en op enger aner Plaz nees hirgestallt?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Här Pierre, ech hunn déi lescht Woch gesot, datt mer eng sougenannte Spillplaz op däer Plaz maachen, wou elo de Verkéiersgaart steet. An de Verkéiersgaart gëtt mat an déi Weeër ageflecht, esou datt dat als Verkéiersgaart genotzt ka ginn. Da wat elo als Verkéiersgaart do steet, dat kënnt ewech. Et ass och net méi zäitgerecht. Et gëtt esou geplangt, datt deen een Deel kann „zone récréative" ginn, also eng Spillplaz, an datt d'Weeër kënnen als Verkéiersgaart genotzt ginn. Verschidde Weeër endegen esou, datt et heescht, et kënnt een op eng Kräizung, wou ee muss stoe bleiwen. D'Schëlder mussen natierlech gesat gi well déi jo net ëmmer do stinn. Well et ass eis och wichteg, datt dee Verkéiersgaart net verschwënnt.

Norbert Pierre (LSAP):

Dat heescht, d'Schëlder an d'Luuchten kommen nees an deem Sënn dohinner.

Artikel 6072 an 6073 (Avance frais électricité et gaz) : D'Elektresch gëtt jo direkt vun der Cegedel duerch Avancen un de Locataire verrechent. Firwat stinn do 3.700 € op ? Beim Gaz ass et jo hoergenee d'selwecht. Da si jo Leit, déi mer a Locatioun hunn. Do stinn 14.000 € op, déi och net bezuelt ginn. Do huet jo d'Gemeng am Fong geholl näischt dermat ze doen. Wann dat elo vu Locatairen ass, da fannen ech et e bësse gelungen, well déi miisste jo dofir riicht stoen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat do gëtt jo awer zeréckverrechent un de Locataire. Dat ass an deenen Haiser, wou mer net eenzel Compteuren hunn. Dat steet awer schonn éiweg do dran. Dat misst ee klären. Mee dat misst do sinn, wou mer nëmmen ee Compteur hu fir e ganze Koup Leit an dat no engem gewësse Schlëssel fir déi eenzel Leit verrechent gëtt. Mer kënnen dat nach eng Kéier confirméiere loossen, mee ech mengen, dat wier dat do.

Norbert Pierre (LSAP):

Do sinn also keng separat Comptagen. Do wier et awer zweckméisseg fir d'Avancë bei de Leit méi fréi ze froen. Dat sinn ëmmerhin 17.700 € déi anzedreiwe sinn an déi net do sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei steet jo och „avances des frais d'électricité et de chauffage dues par certains locataires", dat heescht, mär kréien d'Rechnung vum Gaswierk oder vun der Cegedel a mer verrechne virun un d'Locataire well ebe kee Compteur pro Wunneng do ass. Do kënnt een natierlech eng Kéier drun denke fir dat ze änneren. Beim Elektresch kanns de eng „partie commune" hunn, mee net beim Gas.

Norbert Pierre (LSAP):

Artikel 3/0731 (Hygiène publique) : D'ëffentlech Toiletten zu Rodange a Lamadelaine sinn an engem desolaten Zoustand. D'Toilett zu Rodange bei der Kierch ass gréisstendeels oder ewell ëmmer zougespaart. Et ass och eng Zoumuddung fir op esou eng Toilett ze goe well een och nach de Bierg of muss goen. Et ass eng gefëierlech Toilett. Wéi sinn eis Erfahrunge mat der Toilett, déi mer hei zu Péiteng opgestallt hunn? Wier et net vläicht ubruecht fir zu Rodange am Duerf eng identesch Toilett dohinner ze setzen. Mat dem Nettoyage a mat alles, fir datt eis Leit och net domat belaascht ginn. Kéint een dat net an d'A faassen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

A sech wier et fir an d'An ze faassen. Déi Toilett war eréischt nei gemaach ginn. Mee mer hunn därmoosse vill Vandalismus zu Rodange, datt mer se hu missen zouspären. Se hunn eis dermoossen Dreck hannerlooss, datt ee kengem dat konnt zoumudden.

Natierlech ass dat keng bëlleg Geschicht. Mee wann een d'Hygiène kuckt, da kéint een natierlech an d'A faassen, esou eng Toilett zu Rodange an den Zentrum ze setzen.

Norbert Pierre (LSAP):

Artikel 6323/001 (Fabrique d'Eglise) : Wéi kënnt et, datt d'Péitenger Kierchefabrik all Joer mat engem Defizit ofschléisst ? Gëtt déi Rodanger an déi Rollenger Kierchefabrik besser gefouert wéi déi vu Péiteng, esou datt déi keen Defizit opzeweisen hunn ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Fir datt ee keen Defizit schreift muss ee Propriétéiten hunn. Dobäi ass déi Rollenger zum Beispill besser gestiwwelt. Se huet zwee Appartementer, déi se verlount an déi d'Onkäschte vun der Kierch ofdecken. Hei muss ech och soen, datt mer 2007 keng Ausgabe virgesinn hunn. Provisoresch hu mer fir 2008 emol 10.000 Euro ageschriwwe well mer einfach wëllen e Sputt hu fir wann en Defizit do wier. Mee mer hu bis ewell nach net den Defizit matgedeelt krut.

Mee et ass kloer, et hänkt vill dovunner of, ob ee Propriétaire ass vun Immeubelen. Déi Péitenger hunn näischt, ofgesi vun engem Terrain, deen se engem Bauer verpachten. Wat awer sécher net dat erabréngt, wéi wann een en Appartement verlount.

Dat ass sécherlech en Ënnerscheed, mee se maachen och vill Efforte fir deen Defizit ze reduzéieren.

Norbert Pierre (LSAP):

Antenne collective : Laut Conventioun vum 5. Juni 2003 bedreift d'Firma Siemens eis Gemeinschaftsantenn. Den 18. Abrëll 2007, duerch intern Ännerunge vun der Siemens, heescht elo de Bedreiwer Nokia-Siemens Networks. Dës Firma huet sech mat Eltrona Interdiffusion zesummegeschloss a bedreiwe gemeinsam eng Kappstell, wou een eng ganz Rei Programmen a Bouquete kann empfänken. Fir déi kënnen ze kucke muss een en Decoder hunn. Dee kascht bei Nokia Siemens 85 bis 89 €.

Et gëtt verschidde Gemengen, wéi z.B. Stengefort, Schwiebseng an nach anerer, déi den Abonnenten deen éischten Decoder fir 50 € ubidden. Kéint de Schäfferot net mat eisem Bedreiwer Récksprooch huele fir den éischten Decoder gratis oder zu engem spezielle Präis unzebidden ? De Bedreiwer huet schliisslech eist Kabelnetz fir Null Frang duerch d'Konventioun vum 5. Juni 2003 fir 20 Joer zur Verfügung gestallt kritt.

Roland Breyer, Schäffen:

D'Ureegung ass gutt. De Bedreiwer huet d'Netz gratis kritt, mee mär hunn awer och zënterhier keen Defizit méi. Et huet eis och e ganze Koup kascht a mer hätte misse vill investéieren. Der wësst, datt, fir dee Breetband ze kréien, dee mer elo hunn, 70 Milliounen al Frangen hätte miissten investéiert ginn. Dat wollte mer och net méi maachen. Fir d'Gemeng war et eng gutt Léisung, déi mer do ëmgesat hunn.

Wat dat hei ugeet, do hu mer schonn driwwer diskutéiert. De Bedreiwer kann d'Präisser erofsetze wa mär géifen „en bloc" 5.000 Decodere kafen. Et muss een awer och kucken, wat dat eis Gemeng géif kaschten. Eng kleng Gemeng ka sech dat leeschten, mee bei enger grousser Gemeng sinn dat horrent Zuelen, déi do a Fro kommen. Mer hunn den Owend och d'Geleeënheet fir mat hinnen doriwwer ze schwätzen. Et ass näämlech eng Informatiounsversammlung hei, wou se hir Konditioune virstellen. Vläicht bitt sech do d'Geleeënheet fir ëffentlech Drock auszeüben.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech soe Merci. Där sot, mer hätte keng Käschte méi op der Antenn, dat ass an der Rei. Mee deen eenzegen, deen dobäi gewënnt, dat ass de Bedreiwer, also fir eis d'Siemens. Wat si méi Bouquete verkafen un d'Leit, wat si méi Sue maachen. Et ass jo hire Virdeel fir dee Receiver esou bëlleg wéi méiglech un d'Leit ze bréngen, esou datt am Fong geholl jiddereen een huet. Souwisou, wann der dräi oder véier Fernseher hutt, da musst der der och grad esou vill hunn. Do wier eng Ureegung ze maachen.

Da kéim ech zu den ausseruerdentlechen Ausgaben.

Artikel 2121/001 (Centre psychogériatrique). Op deem Artikel stinn 200.000 € fir sech am Home Senior anzekafen. Wéini sollen déi Aarbechten ugoen a bis wéini sollen déi daueren? Dat heescht, wéini kënnen d'Leit eraplënneren?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif soen, datt d'Aarbechten am Fréijoer 2008 uginn. Et muss een awer op d'mannst mat 18 Méint Bauzäit rechnen. Wann alles optimal leeft, da kéint ee soen, datt et Enn 2009 fäerdeg wier.

Norbert Pierre (LSAP):

Service écologique : Wat ass bis haut am Dossier SLR geschitt ? Leeft do nach eppes aneschters ausser den Affekotskäschten, déi mer nach hunn?

Gilbert Welter, Schäffen:

Mer sinn effektiv nach ëmmer um Geriicht mat der Firma. Net méi spéit wéi virun zwee Deeg hu mer e Bréif vum Affekot kritt. Do ass en Uerteel gesprach ginn an et deet mer Leed, datt ech iech haut nach keng Detailer ka ginn. Mee et ass zimlech komplex an et ass en décken Dossier, deen ech de Moment amgaange sinn ze studéieren. Ech wëll an der nächster oder iwwernächster Gemengerotssëtzung e Communiqué maachen. Mee ech wëll awer mat op de Wee goen, datt et sech esou ugesäit, wéi wa mer Satisfactioun kritt hu bei praktesch alle Punkte wou mer eng Ufro gemaach haten iwwer d'Geriicht. Haaptsächlech wat d'Analysen ugeet, do sinn d'Wënsch, déi mer haten, an Erfëllung gaangen no deem leschten Uerteel. Mee wéi gesot, d'Uerteel ass eréischt virun zwee Deeg komm an et ass e komplexen Dossier. D'Detailer hunn ech elo nach net, mee ech kommen awer kuerzfristeg nach eng Kéier drop zeréck.

Norbert Pierre (LSAP):

Domat wier ech och schonn um Enn vu menge Froen ukomm. Ech wëll nach eng oder zwou Appréciatioune ginn zum Budget an da sinn ech fäerdeg.

Am soziale Wunnengsbau geschitt näischt. De Schäfferot gesäit kee Lotissement vir, wou eis Kanner kéinte bëllegt Bauland kafen a präiswäert bauen. Dës Majoritéit iwwerléisst de Privatpromoteuren de soziale Wunnengsbau ganz.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also dat do kënne mer jo awer net esou am Raum stoe loossen. Mer wäerten net méi spéit wéi elo Uganks 2008 e soziale Wunnengsbau - dat sinn 26 Wunnengen - zesumme mat dem Fonds de Logement aweien. Mer maachen dat natierlech net alleng, mee mat engem Partner. An dat ass de Fonds de Logement. Mer hunn net méi spéit wéi virun zwee Joer Wunnéngen an der aler Gendarmerie hei zu Péiteng zesumme mat dem Fonds de Logement ageweit. A mer wäerten och an deem Dossier virufueren. Mer sinn och am Gespréich mat „Habitations à bon marché" fir do eppes ze maachen. Mer hunn awer och scho munches opzeweisen. A wann een esou zeréckkuckt, wat an deene Joere virdrun alles gelaf ass, da kéinte mer elo schonn ophalen, well dann hätte mer dat scho getoppt.

Norbert Pierre (LSAP):

Also wann der virdru kuckt, da mengen ech net mat soziale Wunnengsbau, datt mer Leit vu baussen erakréien, déi dann hei Wunnenge besetzen oder déi mer dohinner gesat kréien. Dat ass wuel och fir mech soziale Wunnengsbau, mee dat si Leit, déi lounen. Ech schwätze vun engem Wunnengsbau, wou mär e Lotissement maachen, wou d'Leit, déi hei aus der Gemeng sinn oder och Leit vun auswäerts, sech kënnen en Terrain kafen a wou d'Gemeng eventuell d'Pläng mat opstellt wat ka gebaut ginn a wou ee wierklech esou e Mix kritt. Ech mengen, et si jo och Leit heibannen, déi an esou Citée wunnen, déi vun der Gemeng konzipéiert gi sinn. Wat och ganz gutt war. Ech schwätzen net vum locative soziale Wunnengsbau. D'Tendenz bei deene Jonken ass nach ëmmer esou, datt ee gäre säin Eegenheem huet a bei sech wunnt an net an enger Kolonie, wou een egal wat fir en Noper nieft sech gesat kritt ouni datt een doriwwer ka verfügen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also och do, och wann der an enger Cité baut, kann een net driwwer entscheeden, ween nieft iech baut a wunnt. Mee och do si mer amgaang mat „habitations à bon marché" ze kucke fir Projeten op d'Been ze kréien. Mer hate scho méi laang gesot, datt mer géife plangen, op dem Site vu Commercial Intertech esou e Plang ze realiséieren. An dee gëtt och realiséiert. Mer sinn och op enger anerer Plaz amgaang ze verhandele fir

do och esou e Projet ze realiséieren. Mee ech mengen, de soziale Wunnengsbau besteet aus enger Rei vu Saachen. Aus eegener Erfahrung kann ech iech awer soen, datt ëmmer méi Leit bei mech kommen, déi wëllen eppes lounen an net kafen. An esouguer wann een am soziale Wunnengsbau wëll bauen, da komme mer awer séier a Präislage vun 250.000 bis 300.000 Euro, wou ganz vill Leit net méi derbäi sinn. Dat muss een och ganz kloer esou soen. Mee déi Volete sinn amgaang. Deen ee Volet geet elo op d'Enn zou, a mer sinn och amgaang nach weider Projete mat deene Leit ze kucken. A wat deen anere Projet ugeet, do wäert der och geschwënn eng Propositioun hei um Dësch hunn.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech wëll net all Positioun vun den aussergewéinlechen Ausgabe separat auserneen huelen. Ech stelle just fest, datt di meescht Artikelen eréischt am leschte Véierel vum Joer 2008 ufänke sollen. Domatter hunn ech och meng Bedenken, datt déi Aarbechten am Budgetsjoer 2008 ofgeschloss kënne ginn. Dat heescht, datt mer en Deel, wann net e groussen Deel vun deene Projeten 2009 am Budget wäerten erëmfannen. Dat ass, wat ech zum Budget ze soen hat.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do ginn ech eech Recht. D'Prozedure vun enger Gemeng erlaben et net, haut ze entscheeden a muer unzefänken mat bauen. Alleng déi Devisen, déi mer elo stëmmen, mussen an d'Stad goen an do och approuvéiert ginn. Deemno wat mer maache sinn och nach aner Partner derbäi, an et muss jo och mat deenen ofgestëmmt sinn. Wa mer zum Beispill e Stroosseschantje kucken, da muss dee mat Sudgaz ofgestëmmt ginn. Mer mussen zesummeschaffen. An et geet einfach net duer mat dem Wëlle vun der Gemeng, well jo och nach Emprisen ze huele si mat den Noperen. An dofir ass et ganz kloer, datt, wann een haut e Projet an de Budget setzt, et net garantéiert ass, datt deen direkt kann ulafen. Do komme Problemer an déi Problemer muss ee léisen. Mer sinn awer um Ball a mer hoffen, datt mer déi Aarbechten, déi mer am Budget stoen hunn, och am Délai ufänke kënnen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Fir d'alleréischt wéilt ech deenen zoustännege Beamten hei aus dem Haus e ganz grousse Merci soen, déi dofir gesuergt hunn, datt mer dëse Schmöker nees pënktlech virun eis leien hunn. Ech weess, datt dat hei am Haus keng vun deenen einfachsten Aufgaben ass.

Wann ech d'lescht Joer hei op der Plaz gesot hunn, datt se hu miissten op engem ganz dënne Seel danzen, esou bleift dat och nach dëst Joer wouer. Et huet ee plazeweis esouguer d'Gefill, wéi wann d'Seel nach méi dënn gi wier, wat natierlech mat sech bréngt, datt vill Projeten alt nees mussen zeréckgestallt ginn. Dat heescht natierlech och fir d'Beamten, datt vill vun deene Saachen, déi se sech virgestallt haten, net kënnen exekutéiert ginn.

Den nächste Merci geet un de Schäfferot a virun allem un den Här Buergermeeschter, deen nees eng Kéier bewisen huet, wat säin Job ass, an deen de leschte Freideg hei perfekt mat Zuelen, Zommen a Prozenter jongléiert huet. Hien huet dat an esouengem groussen Tempo gemaach, datt et de Conseilleren hei ronderëm den Dësch bal dronke gouf. Natierlech stinn och hei zum Deel Beamten aus dem Haus am Hannergrond vun deem Powerpoints-Gezaubers.

An ech sinn nach ëmmer der Meenung, datt ee ka stonnelaang déi eenzel Punkten, Rubriken, Libelléën aus deem ganzen Dokument ausernee piddelen, oder awer an 10 Minutten dat Wesentlechst dozou soen.

Et ass nach ëmmer esou, datt de Gros vun de Gemengen hei am Land iergendwéi am selwechte Boot sëtzen, a finanziell net immens gutt dru sinn, an do ginn et däer mat engem grousse Minus a rouden Zuelen ënnert dem Strëch, an et ginn däer mat engem klenge Plus, mä mat schwaarzen Zuelen ënnert dem Strëch.

Et ass och esou, datt de Bierger sech keng allzegrouss Spréng vu senger Gemeng erwaart, well esou wéi hien a sengem Stot ëmmer méi muss spueren, esou muss d'Gemeng an hirem Stot och ëmmer méi spueren.

Wat besonnesch opfält an dësem Budget, sinn déi gigantesch Zommen u Combustibelen, dat heescht virun allem Elektresch, Gaz a Mazout vun eise Gemengegebaier. Ech hu mech ameséiert fir déi emol alleguerten zesummen ze zielen an sinn, wann ech näischt vergiess hunn, op folgend Zomme komm :

- Elektresch : 613.590 €
- Gaz : 506.020 €
- Mazout : 89.900 €

Dat gëtt e Total vun 1.209.510 €.

Dat ass eng beträchtlech Zomm, wann ee bedenkt, datt eis Gemeng sech am Klimabündnis verflicht huet fir manner Energie ze verbrauchen.

Menger Meenung no gëtt hei immens vill Hëtzes a Stroum verbëtzt, Luuchten déi brenne wa keen se brauch (z.B. op de Fussballsterrainen, wou heiansdo alles beliicht ass a kee Mënsch dorëmmer ass) ; Heizungen déi op Héichtoure lafen a keen se brauch, an dann awer an engems d'Fënsteren opstinn. Ausserdeem sinn eis Gebailechkeeten absolut net oder ganz wéineg isoléiert, wouduerch natierlech vill Hëtzt duerch d'Päif geet.

An hei wëll ech nees eng Kéier drun erënneren – ech hat dat schonn eng Kéier hei gesot -, datt et wënschenswäert wier, fir nieft dem Ëmweltberoder och en Energieberoder anzestellen. An der Gemeng Biekerech, wou se dat gemaach hunn, klappt dat ganz gutt. Et ass mer bewosst, datt deen d'Gemeng och eng beträchtlech Zomm Sue kascht, mä iwwer laang Zäit mécht sech dat awer méi wéi bezuelt, wéi d'Beispill vun der Gemeng Biekerech beweist. Déi Persoun soll och d'Awunner a Froen Energieverbrauch beroden, an an deem Sënn Campagnen, Informatiounsversammlungen, asw. organiséieren.

D'Gemeng ass och gefuerdert dofir ze suergen, fir alleguer d'Isolatioune vun de Gebaier nozekucken, respektiv bei neie Gebaier dofir ze suergen, datt alles op neitstem Stand gebaut gëtt, respektiv Nidderegenergiegebaier gebaut ginn. Och wier et sënnvoll, vu datt mer vill Gemengebëscher hunn, op Holzschnëtzelanlagen, fir eis Gebaier ze hëtzen, zeréckzegräifen, wou eis gemengeneegent Holz kéint verschafft ginn, dat heescht geschnëtzelt ginn an d'Heizungen domatter bedriwwe kéinte ginn.

An da wéilt ech awer nach op d'Circulaire vum Inneministère vum 22. Oktober 2007 iwwert d'Opstelle vum Budget 2008, an déi un all Gemeng verschéckt ginn ass, ze schwätze kommen. Do steet ënner anerem beim Punkt 4D 'Présentation : Afin de faciliter l'archivage des documents budgétaires devenus volumineux, il est recommandé de les présenter en version « recto-verso »'. Och wann dat nëmmen eng Recommandatioun ass, esou hätte mer domatter Pabeier gespuert an et géif net esou vill Plaz anhuelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll elo just op zwou oder dräi Saachen agoen a ginn iech just e Beispill fir Pabeier ze spueren. Huelt de Pabeier an dréint en ëm fir Notizen drop ze maachen. Da kënnt der op zwou Säite profitéieren. Esou fueren

ech. Mee mer kënnen dat awer och nokucken an déi nächste Joer recto-verso maachen. D'Sekretariat soll dat nokucken. Dat Budgetsdokument, dat fortgeschéckt gëtt, gëtt och recto-verso gedréckt.

Der hutt och Recht, mer danzen op engem dënne Seel well déi finanziell Mëttele vun de Gemenge sinn net méi déi, wéi se virun e puer Joer waren. Mee mer hunn et trotzdem fäerdegbruecht. An ech hunn nach an der Mëttesstonn mat enger Rei Buergermeeschtere geschwat am Prosud, déi mech gefrot hunn, wéi et méiglech ass, datt mer hei zu Péiteng esou e groussen Iwwerschoss vu 6,77 Milliounen hätten. Et ass och e Member vun der Press heibannen, deen dat ka bezeien. Sécherlech hu mer gekuckt, wou gespuert ka ginn. Mer hu Piste fonnt a mer hunn och déi Piste ganz kloer duerchgezunn. Et ass grad esou richteg, datt net all Beamten heibanne sech ka selwer realiséieren. Mee an der Gemeng Péiteng sinn et awer nach ëmmer de Schäffen- a Gemengerot, déi entscheeden, an net de Beamten. Och wann dat schonn eng Kéier de Fall soll gewiescht sinn.

Mer maache keng ganz grouss Spréng, mee trotzdem, mat 16,75 Milliounen Euro mengen ech, datt mer ganz valabel Investissementer maachen. Et brauch een och just an den anere Südgemengen ze kucken, wat do un Investissementer gemaach gëtt. An och do froen se wéi mer et fäerdegbrénge fir 16,75 Milliounen Euro ze investéieren ouni en Emprunt ze maachen. Dat hu mer fäerdegbruecht. Mee mer hunn awer och Efforte gemaach. An déi Efforte gi wuel och vun de Beamte gemaach, mee net exklusiv vun de Beamten. Ech kann iech soen, datt, wa mer ëmmer hinne géifen nolauschteren, da wiere mer net bei deene Resultater bei deene mer haut sinn. An déi Powerpoint Presentatioun hei, dat garantéieren ech iech, hunn ech och selwer gemaach. Do huet keen aneren dru geschafft.

Wat elo d'Elektresch, de Gas an de Mazout ugeet, do ginn ech iech Recht, datt dat méi deier gëtt. Mee der braucht nëmmen doheem ze kucken, do ginn d'Präisser och an d'Luucht. Mer hunn hei jo och ee sëtzen, deen eis ka bestätegen, datt de Gas och méi deier gëtt. Dat huet och säi Réckschlag op de Budget. Mer sinn awer amgaang grouss Efforten ze maachen. Ech erënneren drun, datt déi Rodanger Sportshal en Niddregenergiegebai ass. D'Päsch-Schoul gëtt als Passivhaus bedriwwen. An och déi Péitenger Sportshal gëtt no de Critère vun der Niddregenergie geholl. A bei de Fassade si mer och amgaang d'Isolatiounen nei ze maachen. Ech weess och, datt viru Jorzéngten, wéi déi Gebaier entstane sinn, dat net déi éischt Prioritéit war. Mee mer sinn awer amgaang dat lues a lues ze änneren. Mee et kann een net alles vun haut op muer maachen. Ech wëll och kengem e Reproche maachen, well dat jo och virun 30 Joer nach keen Thema war. A mer hunn der vill wéi ee ka gesinn, wann een emol duerch d'Stroosse fiert a kuckt . A wann een da kuckt, wat mer u Verbrauch hunn, da kann ee soen, et misst nach gespuert ginn. Mee ech mengen, datt an der heiteger Situatioun net vill méi dran ass. A moins datt mer higinn a mer soen, mer géifen de System, wéi mer an deenen eenzelne Gebaier hëtzen, änneren. An zwar no de Critèren, déi sécherlech haut vill méi aktuell sinn. An dat wëlle mer sécherlech maachen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wollt och ganz kloer nach eng Kéier drop opmierksam maachen, datt mer – wéi ech dat och schonn a menger Presentatioun gesot hunn – zënter annerhallef Joer e Programm lafen hunn. Dat huet awer enger gewësser Viraarbecht beduerft a mer hunn emol iwwerall do Compteuren higehaange wou nach keng waren. Esou gëtt alles gemooss. An et ass och esou, datt mer festgehalen hunn, datt do, wou am meeschten Energie verschwéngst gëtt, ugesat gëtt. Do wëlle mer och kucke fir d'Gebai méi sécher ze maachen andeems mer d'Fënsteren an d'Glas mee och d'Heizung kucken. Also datt mer kënnen op alles, wat ufält, spueren. D'Sportshal zu Rodange ass effektiv och e gutt Beispill a mer wëlle vergläichen an och mat der Péitenger Hal nozéien, esou datt an deem Sënn och eppes gemaach gëtt.

Ech wollt awer nach dem Här Becker Merci soe fir de Virschlag vum Energieberoder, deen ech och ënnerstëtze wann dat sollt méiglech sinn. Ech sinn och der Meenung, datt ee soll e Fachmann am Haus hunn, deen effektiv kënn do versichen, Suen anzespueren. An ech si sécher, datt een duerno méi Rescht huet wéi déi Pei, déi dat ausmécht fir dee Mann anzestellen.

Deen eenzege Punkt, wou ech nach virun engem oder zwee Joer nach begeeschtert war, mee wou ech haut net méi esou begeeschtert sinn, dat ass mat der Holzschnitzelanlag, well mer hei reduzéiert sinn an der Gemeng mat den Hektaren u Bëscher. Mer hunn nëmmen 125 Hektar Bëscher an et ass esou, datt, esou wäit wéi ech weess, mer op d'Holz vun den Nopeschgemengen respektiv op d'Staatsbëscher ugewise wiere wa mer eng gréisser Anlag géifen opriichten. Dat wier vun Nodeel well mer déi Leit, déi mer hei an der Gemeng hunn an déi och eventuell en Holzkamäin hunn, net méi kënnte bedéngen. An do sinn ech amgaang ze iwwerleeën, ob dat sech laangfristeg géif an deem Sënn rentéieren. Zëmools wann nach e puer Gemenge ronderëm dat och géife maachen. Dat geet d'Holz eis aus an da gëtt dat awer eng deier Geschicht. Mer géifen de Moment emol nach ofwaarden a mer lauschtere lénks a riets, esou datt mer déi Anlag nach net direkt programméiert hunn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech wéilt nach eppes zur Isolatioun soen. Wann der eis Schoulgebaier kuckt, déi och net alleguer nei a modern sinn, do stinn och dëst Joer 140.000 Euro am Budget. Mer sinn och do amgaang, nei Fënsteren anzesetzen, déi gutt isoléiert sinn a wou och Isolit-Glas dran ass. Da kënne mer och an deene Gebaier nach Energie spueren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dépenses ordinaires – Säit 35 : Classes de neige (70.000 €). Hei sinn ech der Meenung, an dat wësst dir alleguerten, datt dat net am Sënn vun enger riguréiser Ëmweltpolitik ass. De Wantersport soll een de Privatleit op fräiwëlleger Basis iwwerloossen, an net mam schlechte Beispill virgoen an dat mat der Schoul maachen. Wéi fuerchtbar ass dat an de betraffene Géigenden, wann do de Bulli de Bierg erofleeft, ganz Dierfer am Dreck verschwannen, well déi Beem, déi do stungen an déi dat hätte kéinte verhënneren, hu miisste verschwanne fir Schipisten unzeleeën. Desweideren ass kënschtleche Schnéi, wéi elo kierzlech bei Etüden erauskoum, absolut ëmweltschiedegend.

Dépenses ordinaires – Säit 93 : Subsides extraordinaires aux fabriques d'églises (10.000 €). Dëst ass natierlech nees e stramme Batz Sue fir eppes, wat eng Minoritéit vu Leit ugeet, an ausserdeem sollt vun de Leit selwer gedroe ginn déi dat concernéiert, also vun deenen déi gleeweg sinn an an d'Kierch ginn. Et ka bal net sinn, datt d'Allgemengheet muss dofir opkomme wann d'Kierchefabrik Defizit mécht. Et muss deene Leit onbedéngt un d'Häerz geluegt ginn dofir ze suergen, datt hire Budget am Gläichgewiicht ass. De Glawen an d'Relioun sollt eppes reng Privates sinn, et sollt jidder eenzelnem iwwerlooss sinn, ob hie Chrëscht, Judd, Moslem, Protestant, Hindu, Buddhist oder Atheist ass. An do sollt d'Gemeng keng Relioun bevirdeelegen a keng Partie-prise huelen.

Dépenses extraordinaires – Säit 21 : Acquisition de matériel pour le Fitness-Parcours à Lamadelaine (40.000 €). Dat ass natierlech eng héich Zomm fir eppes, wat een och kéint fir wéineg Geld vun eise Betriber mat natierleche Produkter, wéi Holz, asw, realiséieren. Ausserdeem ass dee Parcours gutt am Bësch verstoppt, an natierlech léisst de Vandalismus do net laang op sech waarden. Ech sinn iwwerzeegt, datt dat Material net laang wäert a sengem neien Zoustand bleiwen, an dofir sinn 40.000 € vill zevill Suen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech wëll heizou soen, datt mer dat net duerch eis eege Leit maachen, mee duerch de CIGL, wou jo Leit beschäftegt sinn, déi am Chômage sinn. Et ass och net esou, datt nëmme Geräter opgestallt ginn. D'Weeër ginn och frësch gemaach, an dat ass e Méiwäert fir d'Liewensqualitéit hei an eisen Uertschaften. Doriwwer eraus gi mer och Leit, déi am Chômage an um Wee zeréck si fir op den éischten Aarbechtsmaart, eng Chance eng gewëssen Ausbildung matzekréien. Doduerch kéinten se awer Virdeeler hu wann se sech duerno bei e Patron virstelle ginn. Also et sinn déi zwee Voleten, déi mer do matenee wëlle maachen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dépenses extraordinaires – Säit 32 : Remise en valeur du Moulin Waxweiler et de la maison rouge (150.000 €). Heizou wollt ech froen, ob déi initial Pläng nach ëmmer kënne bäibehale ginn, oder ob dat alles elo iwwert de Koup gehäit gëtt ? An dëst, well den Zoustand vun der Millen anscheinend desolat ass, an dat ganzt Gebai, esou gëtt gefaart, bei deenen éischten Aarbechte wahrscheinlech géif zesummefalen. Bei 150.000 € komme ganz bestëmmt nach ganz vill Suen dobäi. Kënnt dir eis soe mat wéivill dir am Endeffekt rechent ? Well d'Geschicht vun der Péitenger Millen ass symptomatesch, d'Gemeng an de Stat si sech net eens, de Stat iwwerhëlt a waart bis d'Grondmauere vun de Gebaier esou faul sinn, datt alles an de Koup fält an d'Gemeng muss d'Käschten aus dem Feier huelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der hutt natierlech Recht. Dat Ganzt kascht 7 Milliounen Euro an d'Situatioun ass de Moment net super. D'Käschte sinn esou héich well et ebe grad esou schwéier ass fir déi Maueren ze stabiliséieren an dee ganze Bau esou ze gestalten, datt en hält. Mee et ass awer fir de Schäfferot grad esou kloer, datt d'Gemeng déi Käschten net alleng kann droe well déi Sue soss op enger aner Plaz feelen. Mee et war eis vum Stat versprach ginn, datt mer 50% bäigeluegt kréichen. A mer wëlle gären déi 50% kréien. Dat sinn eben déi Verhandlungen, déi de Moment nach lafen. Mer hoffen awer, an engem Mount méi wäit ze gesi well mer och mat engem gewëssene Nodrock un deen Dossier erugaange sinn. D'Madame Modert huet eis och versprach, datt se heihinner kéim fir op d'Plaz kucken ze goen. Mer hoffen awer, déi Prozedur dëst Joer richteg ofzeschléisse fir datt mer och dëst Joer oder spéitstens dat anert Joer mat de Stabilisatiounsaarbechte kënnen ufänken. An dofir stinn och 150.000 Euro am Budget. Mer sinn als Gemeng bereet, eisen Deel dozou bäizedroen, a mer waarden eigentlech nach just drop, datt de Stat seng Responsabilitéit hëlt.

Carlo Gira (CSV) :

Alles kann een anescht a besser maachen. Prioritéite kann een anescht setzen, dat ass bei dëser Budgetspropositioun awer schwéier. Wéi et den Här Buergermeeschter a senger expliziter Presentatioun scho gesot huet, sinn d'Dépensen am ordinäre Budget esou realistesch wéi méiglech chiffréiert ginn, wat eis natierlech méi Spillraum fir ausseruerdentlech Projete léisst, déi jo ganz ambitiös sinn. Den Här Breyer huet deem jo bäigefügt, dat et dee wier, deen an deenen 33 Joer, an deenen hie Gemengepolitik mécht, am nootste bei der Realitéit géing leien.

Fir Spillraum am Ordinären ze behalen ass eng virsiichteg Personalpolitik wichteg. Och hei huet den Här Buergermeeschter eis virgerechent, wat ob eis duer kéim, wann all Kand eng Betreierplaz an de Schoulstrukture miisst kréien. An dësem Punkt bleiwen ech bei menger Positioun, datt ech mech froen, ob et hei d'Politik ass, déi ob eng gesellschaftlech Fro äntwert oder den Exigenze vun der Wirtschaft wëll gerecht ginn. Et kann ee sécher net d'Rad vun der Zäit zeréck dréinen, dach froen ech mech, ob et net och d'Aufgab vun der Politik ass verschidde Wäerter gerecht ze ginn, wou an mengen Aen der Famill nach ëmmer eng wichteg Roll zoukéim. Ech warnen dofir, fir e falscht Bild ze vermëttelen: D'Erzéiung vun de Kanner ass nach ëmmer Aufgab vun den Elteren. Datt Péiteng och eng Maison Relais brauch, gesinn ech an, an datt e Foyer gebraucht gëtt, streiden ech net of. Awer eng Horrorvirstellung wier et fir mech, wann all Kand nach just an esou Strukture betreit géif ginn.

Vill Verpackungsmaterial ass och duerch de Konsum bedéngt. Datt et net méiglech ass all dëst Material ze verbannen ass mer bewosst. Dach bleiwen ech bei menger Positioun bei der Aféierung vun de bloe Säck fir PMC-Material mat der Valorlux. Hei vermëttele mer e falscht Bild an ënnerstëtzen eng Lobby. Et miissten nach vill méi Ustrengunge fir d'Vermeidung vun den Emballage gemaach ginn. Ze begréissen ass, datt d'Gemeng ob grénge Stroum ëmstellt, wou et wirtschaftlech sécher och méiglech gewiescht wier, dëse gläich zu 100 Prozent anzeféieren, an et net an Etappen ze maachen. Mä, dat ass wéi agangs gesot, eng Saach vu Prioritéiten déi ze setze sinn. An der Relatioun gesinn, sinn déi 6.500 Euro Méiausgabe fir den ëmweltfrëndliche Stroum wéineg zu deenen 4.000 Euro, déi virgesi si fir zweemol an enger kuerzer Zäit e Freedefeier ofzeschéissen. Stroum a Geld wier och ze spueren, wann ee géing ob eng Festbeliichtung um Enn vum Joer verzichten. Datt dat an eiser Konsumgesellschaft awer gäre gesinn ass, beweisen déi ëmmer méi Liichtercher bei de Privathaiser.

Nieft dem Ernimmte fir ausserschoulesch Betreiung sinn d'Investissementer an d'Schoulinfrastrukturen net onwesentlech. Wéi wichteg eng gutt Educatioun ass, weisen déi nei Pisa-Etuden, wou mer nach Nohuelbedarf hunn. Op mannst de Kader gëtt hei an der Gemeng richteg gesat wat d'Aufgab vun deene Gemengeverantwortlechen ass. Fir d'Inhalter ass de Ministère zoustänneg. Nodeems datt dee wichtege Projet vun der neier Sportshal, déi virun allem dem Schoulsport déngt, fäerdeg ass, an an engem sobere Kader sengen Aufgabe gerecht gëtt, kann elo d'Neiwissschoul ëmgebaut ginn an neie Schoulraum geschafe ginn, nodeems dëst schonn an der Päeschschoul zu Rodange geschitt ass. Dat mer als Gemeng net alleng ze bestëmmen hunn, weisen elo déi Zousazkäschte fir d'Mise en conformité fir dës Schoul. Gläiches blitt eis zu Péiteng, wa mer d'Schwämm an d'Sportshal an d'Rei setzen. Da kommen do och Zousazkäschten duerch d'Mise en conformité. Wann dës Schwämm Enn 2008 fir de Public gespaart gëtt, kënne mer frou sinn zu Rodange eng gedeckte Schwämm ze hunn, déi eis och de Summer grouss Déngschter geleescht huet, well eng weider Kéier d'Wieder net matgespillt huet. D'Schwämme vu Rodange a Péiteng weisen e jäerlechen Defizit vun 1,5 Milliounen Euro op, e Chiffer deen, wa meng Informatioune richteg sinn, alleng fir déi nei Beetebuerger Schwämm annoncéiert gouf.

Mat der Sportshal zu Rodange konnten zwou Mécke mat engem Schlag

geschloe ginn, well hei zousätzlech de Fussball nei Sanitärinstallatioune krut. Esou geet et och mam neie Keelenzentrum, deen eng weider Attraktivitéit fir d'Gemeng duerstellt - dat brauch ech net nach eemol ervir ze sträichen, dat ass bei der Presentatioun vum Projet zur Genüge gemaach ginn -, wou den Tennis dräi iwwerdeckten Terraine kritt. Käschte spuert eis Gemeng och beim Ausbau vun der Péitenger Maison de soins. Eng Bréck tëscht de Generatioune kann hei geschloe ginn, well hei a gläich niewendrun zwee Foyers de jour entstinn. Engersäits fir den drëtten Alter an anerersäits fir déi Jéngst, dat heescht Kanner vun Null Joer bis d'Spillschoul. An och dëst Gebai soll vun de Senioren aus der Gemeng Péiteng genotzt kënne ginn. E weidere Projet, dee gutt duerchduecht ass. Gutt datt och eng Zone 30 an der Gemeng wuel iwwerluecht gëtt an dës net flächendeckend agefouert soll ginn.

Am gaangen iwwerschafft ze ginn ass den allgemenge Bebauungsplang. An dësem Punkt leeën ech dem Schäfferot un d'Häerz fir e Konzept fir Vëlosweeër virzegesinn, och wann dat nëmmen iwwer Joeren, a vläicht esouguer Jorzéngten ze realiséieren ass. Wat den Tourismus ugeet, dee mer den Ament – laut der Ausféierung vum Här Breyer - als Gemeng selwer virubrénge sollen, mengen ech, datt besonnesch am sanften Tourismus nach Potential drann ass, an dat ebe mat Wander- a Vëlosweeër. Zur Attraktivitéit vun der Gemeng kéint eng Fräizäitanlag, wéi déi, déi um Bieleser Gaalgebierg gutt fonctionnéiert, bäidroen. Doduerch géingen d'Spillplazen an de Wunnquartieren net iwwerflësseg ginn.

Fir d'Kultur weider ze beliewen, a fir e klasséiert Bauwierk ze erhalen, wier et onbedéngt wichteg, datt mat der Renovatioun vun der Péitenger Millen géing ugefaange ginn. Et gëtt hei am Land eng Hällewull vu Bibliothéiken, mäi Wonsch bleift et weider, datt esou eng kéint hei ënnerbruecht ginn oder op mannst eng kéint realiséiert ginn, wann d'Amis de l'histoire definitiv an hir Raimlechkeeten anzéien.

E Budget, dee mer als Majoritéit ausgeschafft hunn, dee sech weise léisst an deen zukunftsweisend ass. Positiv stellt sech d'Gemeng duerch seng Publikatiounen a säin Internetsite duer. Déi geplangten Tëleeschaîne soll am Kader vum Sikor regionale Charakter kréien, wat natierlech fir d'Attraktivitéit vun esou engem Projet géing schwätzen. Ass et an deem Kontext net méiglech, de Verbatum vun de Gemengerotssëtzungen op den Internet ze setzen, wéi dat schonn an der Gemeng Déifferdang fonctionnéiert, déi jo och Member am Sikor ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll just op ee Punkt agoen, deen der ernimmt hutt, an zwar de PAG, wou der gesot hutt, datt et och wichteg wier fir Vëlosweeër virzegesinn. Do hutt der Recht. Dat ass sécherlech eng Saach, déi ee soll maachen an déi ee soll ënnerstëtzen. Mer wäerten och – dat ass och virgesinn – Moossnamen huele fir esou Vëlosweeër an eisen Uertschaften unzeleeën. Dat ass net ëmmer einfach, well vill verbaut ass. An e Vëloswee, dee vill benotzt gëtt, däerf eigentlech och net vill biergop a biergof goen, well soss sinn d'Leit awer net méi esou begeeschtert fir drop ze fueren. Deen een oder anere Vëloswee ass virgesinn a mer hoffen, datt mer iech déi kënnen am Kader vum PAG zu ärer Satisfaktioun virstellen.

Roland Breyer, Schäffen:

Iwwer de Verbatum vun de Gemengerotssëtzungen ass schonn an der Verwaltung geschwat ginn. Mer hunn eis schonn e puer Mol de Kapp doriwwer zerbrach. Wat ass dat eigentlech? Mee da kéint een iwwer Internet matlauschteren, wat heibanne geschwat ginn ass. Dat muss een sech iwwerleeën a richteg doséiert ginn. Et ass jo och net interessant, wann e Bierger sech aklickt an en dann dräi Stonne laang muss nolauschteren. Mee wa mer et fäerdegbréngen, dat pro Rubrik anzedeelen an esou e System ze hunn, datt ee sech ka pro Punkt orientéieren a gewuer ginn, wat dozou gesot gouf – dat ass technesch méiglech an et muss een elo kucken, ob et kompatibel ass mat deem wat mer schonn an der Gemeng hunn – da musse mer als Gemengerot kucken, ob mer dat och wëllen. Deen een huet et vläicht méi liicht fir ze schwätzen, deen aneren net. Et sinn och negativ Saachen derbäi, an doriwwer musse mer dann zesummen diskutéieren. Esou séier wéi et technesch méiglech ass komme mer dorop zeréck.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wëll nach just op d'Valorlux agoen, well dat jo ugesprach gouf. Heizou wëll ech awer präziséieren, datt mer awer déi fënneftgréisst Gemeng sinn an eng vun de leschte Gemenge sinn, déi iwwerhaapt mat der Valorlux zesummeschafft. A mengen Aen hu mer e gudde Kontrakt mat der Valorlux. An ech sinn dovunner iwwerzeegt, datt, wa mer d'Versammlung elo eriwwer hunn a wann et dat nächst Joer uleeft, dat och positiv ass fir eis Gemeng. A well et jo recycléiert gëtt, ass do och keen Offall. Mer sollen awer versichen, d'Valorlux als eng seriös Firma duerzestellen. Mer sinn op alle Fall frou, dee Kontrakt mat hinne gemaach ze hunn.

Carlo Gira (CSV):

Ech stellen déi Saach mat der Valorlux net a Fro, mee ech sinn nach ëmmer der Meenung, datt do de Leit nach ëmmer ze vill virgesot gëtt, dat wier eng gutt Saach. Déi beschte Saach wier awer, esou vill wéi méiglech Verpakungen ze vermeiden. Dat ass mäi Message, an et soll ee kucken, de Leit dat virunzeginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Also fir op d'Maison relais zeréckzekommen. Dir sot, déi bescht Erzéiung kéim vun den Elteren. Do sinn ech och ärer Meenung, datt d'Erzéiung nach ëmmer soll bei den Eltere leien. Natierlech, wann dat net méi méiglech ass wéi haut, an ee muss zu zwee schaffe goen – mer hu jo virdru gesinn ewéi deier et gëtt wann een sech wëll en Haus kafen -, da muss een natierlech seng Kanner an Opfankstrukturen ënnerkréien. Mer hale jo och hei an der Gemeng drop fir esou vill wéi méiglech diploméiert Personal ze hunn. Mer hunn Maisons relais, mer hu Crèchen, wou mer kucken, datt d'Kanner gutt betreit ginn an deene Stonnen, an deenen d'Eltere schaffen. An ech mengen, wann een dat Ganzt kuckt, dann ass et och fir muench Kanner guer net schlecht, wann se esou betreit ginn. Et wëll een net an d'Erzéiungsaufgab vun den Elteren eragoen, mee ech mengen, datt se och an enger Maison relais ganz vill Saache bäibruecht kréien. Wat emol heiansdo an der Famill net esou de Fall ass. Dat si Saachen, déi een och kann hei soen.

Carlo Gira (CSV):

Och dat do streiden ech net ganz of. Mee et muss een sech jo awer froen ob wierklech jiddereen zwee Autoe muss hunn. Meng Fro ass, ob et da wierklech d'Aufgab vun der Gemeng ass fir fir jiddereen eppes dohinner ze stellen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Vum finanzielle Standpunkt hir ginn ech iech Recht. Ech hunn dat emol eng Kéier ausgerechent. Dat géif net einfach gi fir d'Gemengekeess.

Carlo Gira (CSV):

Ech verroden Iech sécher kee Geheimnis, dat ech dësen zukunftsorientéierte Budget mat guddem Gewësse stëmme wäert. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren

Jeannot Linden (LSAP):

D'Analysen an d'Kommentare bei der Virstellung vun de Budgeten 2007/2008

huet den Här Buergermeeschter, ewéi déi Joere virdrun, ganz professionel gemaach. Et ass jo och déi Branche, näämlech d'Finanzen, an däer hie jorzéngte laang geschafft huet, a sécher och nach dra schafft. An och d'Schäffen hunn zu de jeeweilege Ressorten hir Aufgab tip top gemaach, an zwar esou, datt ech mech, wéi bis jidderee fäerdeg war, gefrot hunn, watfir Froen ech nach sollt stellen. Bei der Presentatioun sinn d'Äntwerte scho quasi geliwwert ginn. Nun, d'CSV an d'DP hunn hir Prioritéite gesat, esou wéi dat vum Här Mellina bemierkt gi war, an d'Oppositioun huet sécher aner Prioritéiten. An e Budget kann ee jo och beaarbechten, datt e méi schéin ausgesäit, oder et kritt ee gutt Iwwerraschungen déi hëllefen, datt ee besser doduerch kënnt. Et ka sinn, datt beim definitiven Ofschloss méi Recetten erakomm sinn an d'Ausgaben net esou héich sinn. Ech huelen einfach d'Einnahme vun der Dotatioun an dem Impôt commercial vun 2006. Fir d'Dotatioun am Budget autorisé stoungen 17.017.717,44 €, am Budget rectifié 17.311.935 € an am Kont 2006 sinn 18.066.865,99 € festgehalen. Dat ass awer eng Mehreinnahm vun 754.930,99 € oder 4,36%. Beim Impôt commercial stinn am Budget rectifié 9.815.651 € an am Kont 2006 10.782.782,50 €, wat e Plus vun 967.131,25 € oder 9,85% ausmécht. Déi zwee Posten hunn an den uerdentlechen Einnahmen eng Plus-value vun 1.722.062 € erginn, wat jo eng anschaulech Zomm duerstellt, an e positiven Impakt op de Budget vun deem Joer huet. Sécher, als Schäfferot hält ee sech un déi Virgabe vum Minister, fir seng Chifferen an deenen zwee Posten anzeschreiwen. D'Differenz zur Realitéit kann awer e ganz erfreeleche Charakter hunn. An eisem Stat geet et jo momentan gutt, an esou dierften d'Zouwennungen an der Dotatioun an am Impôt commercial och 2007 an 2008 méi héich wéi virgesinn ausfalen.

Déi aussergewéinlech Ausgabe si mat 16.748.349,95 € och héich ageschat. Ech froe mech, wéi Dir déi Zomme wëllt verschaffen, bei de Stroosseninfrastrukturen, oder en anert Beispill, d'Renovatioun vun der Péitenger Schwämm, déi mat 1,4 Milliounen Euro am Budget 2008 zu Buch schléit. Am Libellé vun deem Artikel steet, ech zitéieren : « 2008 : début prévisible des travaux en septembre 2008 ». Wann dann 2008 allefalls een Drëttel vun deene Sue verschafft ginn, esou fënnt déi Zomm sech am Budget rectifié 2008 erëm. Doduerch ginn déi aussergewéinlech Ausgaben erof an de Boni présumé gesäit méi positiv aus.

Wat ech am aussergewéinleche Budget scho Joere vermëssen ass d'Schafe vun engem Gemengelotissement, an deem mer eisen Awunner Bauplazen zu soziale Praisser ubidde kënnen. Dat lescht vun der Gemeng erstallte Lotissement ass d'Neiwiss zu Rodange. Mir hunn Terrainen, déi der Gemeng gehéieren, an déi mer zu engem derisoire Präis par rapport zur aktueller Situatioun um Maart kaf hunn. Ech nennen d'Terrainen Haler zu Rolleng mat iwwer 3 Hektar, Terrainen Intertech zu Rolleng, wat och e groussen Areal ass.

Ech mengen, och de Budget 2008 ass, wéi déi Joere virdrun, mat aller Virsiicht opgestallt ginn, mam Hannergedanken 'Spueren, Spueren'. Wann een d'Geld och net mat béiden Hänn ausgi soll, esou sinn d'Gemengen, no Ausso vu muenche Buergermeeschteren, keng Spuerveräiner.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif op e puer Saachen agoen, déi der gesot hutt. Der hutt e gutt Beispill uginn aus dem Joer 2006, wou d'„Dotation de l'Etat" an d'Gewerbe-steier ronn zwou Milliounen Euro – 1,7 Millioune fir ganz genee ze sinn - iwwer deem louch, wat am rektifizéierte Budget stoung. Am Joer 2005 war et just ëmgedréint. Do hu mer 1,5 Millioune manner krut a mer ware frou, datt mer do ganz virsiichteg gehandelt hunn. Well soss hätte mer déi Problemer gehat, déi aner Gemengen am Süden hate fir hiren extraordinäre Budget ze realiséieren. Si hu musse Projete strecken, well se net virufuere konnten aus deem Grond, datt se net esou vill Sue kruten ewéi se virgesinn haten. Mer hunn 2006 déi Chifferen an de rektifizéierte Budget gesat, déi de Ministère eis virgeschloen huet. A mer waren och frou, wéi mer Enn Mäerz, ufanks Abrëll gesot kruten, datt mer keng Hiobsbotschaft matgedeelt kruten ewéi dat am Joer 2005 de Fall war. Mer hunn déi Suen och net direkt verschleidert fir aner Zwecker, mee mer hunn eis eng Reserve gemaach. An déi Reserve huet eis erlaabt, elo e Budget vu 16,75 Milliounen Euro ouni Emprunt anzesetzen. Wa mer se aneschters gebraucht hätten, dann hätte mer eventuell en Emprunt vun 2 Millioune musse maachen.

Ech héieren och hei ëmmer spueren, spueren a spueren. 16,75 Milliounen Euro hu mer jo awer am extraordinäre Budget stoen. Mee kuckt emol Schëffleng, Beetebuerg, Esch, Déifferdang. Kuckt emol an de Südgemengen, wien da proportional zur Bevëlkerung esou en extraordinäre Budget huet. Also kann een net vun engem Spuerbudget schwätzen. Ech mengen, 16,75 Euro am Budget elo, 36,9 Milliounen Euro, déi mer déi éischt dräi Joer als extraordinär Projete realiséieren, dat ass en exzellent Resultat. An ech ka mer net virstellen – schonn alleng technesch net – nach méi ze maachen ouni eisen techneschen Service opzebauen an nach méi grouss ze maachen ewéi en am Moment schonn ass. Ech mengen, déi 16,75 Milliounen Euro loossen sech weisen an ech loosse mer hei net soen, datt mer hei e Spuerprogramm duerchzéien. Dat gëtt mer ëmmer esou ëm den Hals gedréint, datt ech soss näischt amgaang wier ze maachen ewéi e Spuerprogramm ze maachen. Dat loossen ech net duerchgoen. A wann ech no 6 Joer e Bilan maachen, da sti mer ganz anstänneg do an dann hu mer iwwer 70 Milliounen Euro investéiert ouni eis weider ze verschëlden. Ech mengen, dat ass och e wesentleche Punkt an däer ganzer Geschicht, e ganz wichtege Punkt mat deenen héijen Zënsen, déi mer haut hunn. Also kann een hei net vun engem Spuerbudget schwätzen.

An dann zu der Commercial Intertech. Déi Iddi, vun däer der geschwat hutt, ass och eis Iddi. Allerdéngs hu mer deen Terrain kaf a mer si relativ geplot mat deem Acte, deen där jo och ënnerschriwwen hutt. Mer mussen elo emol kucken, deen Terrain ze sanéiere well en, wéi et schéngt, net genuch sanéiert ass. Do musse mer nees Buerunge maachen, an dat geheit eis natierlech hannendran. Mer hunn also en Terrain kaf a mer hu gesot, mer géifen de Rescht selwer sanéieren an net de Propriétaire. An dat huet eis elo Problemer gemaach a musse versichen, déi Situatioun ze berengegen ier mer do mat engem Projet kënnen ufänken. Dee Projet wëlle mer dat nächst Joer maachen a mer musse kucken, de Problem esou séier wéi méiglech geléist ze kréie fir mat deem anere Projet unzefänken. Mär si komplett mat iech averstane fir dee Projet ze realiséieren, mee mer musse fir d'éischt de Problem léisen.

Roland Breyer, Schäffen:

Et muss een net ëmmer deen traditionelle Wee wéi fréier goen, datt d'Gemeng alles mécht fir dee soziale Wunnengsbau ze realiséieren. Mer hunn och mam Distriktskommissariat gekuckt, ob et méiglech ass mat deenen ominéisen PPPen (private and public partnership) en anere Wee ze goen, an déi si méiglech. Zum Beispill mat „Habitations à bon marché" oder mat dem Fonds de Logement, mee och mat private Promoteure wann d'Konditioune ganz kloer ugi sinn. Et kéint een sech also virstellen, datt ee

seet, mer hätte gären e bestëmmte Projet gemaach a mer hätte gären déi Critère vu soziale Wunnengen, an datt dann en aneren no de Virlage vun der Gemeng dat realiséiert. All déi Saache si méiglech haut. An dofir solle mer iwwerleeën, wie méi séier vun der Plaz kënnt. Déi traditionell Saach ass jo déi, datt d'Gemeng en Emprunt mécht, dat Ganzt virstreckt, an zwee oder dräi Joer duerno dat realiséiert a verkeeft. Mee et muss een sech d'Fro stellen ob dat dee séierste Wee, dee bëllegste Wee ass oder ob et aner Weeër ginn. Dofir muss dat sech net hei an deem Budget erëmspigelen, mee et sinn e ganz Koup Gedanken a Virgespréicher gefouert gi fir aner Weeër ze analyséieren.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech kucken dee Lénger Terrain, do ass ufanks gesot ginn, datt e gutt ass an ee kéint drop bauen. Dunn op eemol gëtt gesot, mer maache Buerungen a wa mer nach fënnef Joer waarden, da baue mer guer net méi drop well d'Oplagen ëmmer méi grouss ginn. A wéi mer dat deemols vun der Intertech iwwerholl hunn, do war eng Sanéierung vun der Firma gemaach gi bis an d'Gäert vun de Leit. An do housch et, et wier gutt. Mee elo ass awer eppes net an der Rei a mär mussen nees Buerunge maachen. A wa mer nach fënnef Joer waarden, da sëtzen nees aner Leit do. Geschwë musse mer kucken, wou d'Loft hierkënnt fir de Leit ze soen, wéi se d'Haiser sollen dréinen.

Ech bieden Iech, fir mer nach op Froen zu punktuelle Budgetsartikelen eng Äntwert ze ginn.

Recettes ordinaires :

Enseignement, Artikel 2.0420.7020.005 (Taxes téléphoniques à la cabine automatique se trouvant dans l'école Eigent à Pétange). Ech huelen un, datt aus Sécherheetsgrënn an all Schoul e funktiounsfäegen Telefon installéiert muss sinn. Wa mer awer déi Recette vun 2,90 € fir 2007 gesinn, da wëll ech froen, wéi héich eis Abonnements-käschte fir déi Telefonsleitung pro Joer sinn. Ka keng aner Léisung do gesicht ginn ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Effektiv soll een sech déi Fro iwwerall stellen. A besonnesch an der Eigent-Schoul hunn ech mer déi Fro scho méi laang gestallt firwat mer do nach esou en Telefon hu wa mer jo eng Zentral hunn. Mee mer kucken dat no an et kéint een sech dat wierklech iwwerleeën, ob een deen Telefon net kéint ewechhuelen. An engem ëffentleche Gebai ass dat eng aner Saach, do muss ee sinn. Mee hei ass dat net noutwenneg.

Jeannot Linden (LSAP):

Famille et population, Artikel 2.0613.7020.001 (Vente d'abonnement pour le service Nightcard), 24.000 €. Wéi ass d'Entscheedung geholl gi fir esou eng héich Einnam virzegesinn ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dee Punkt steet och op der Dages-uerdnung vum nächste Gemengerot fir d'Detailer an och fir de „feu vert" vum Gemengerot ze froen. All Gemengen aus dem Süde si sech eens gi fir e Kontrakt mat enger Busfirma ze maachen. Déi 12 Gemenge vu Prosud ware sech eens, an de Kontrakt ass och de Moien ënnerschriwwe ginn. Mer huelen den Déngscht vum „Nightrider" freides a samschdes an Usproch. All eis Bierger, wann se eng Kaart kafen no engem Tarif, dee mer am Gemengerot wäerte festleeën an deen uniform an deene meeschte Südgemenge wäert sinn. D'Kaart kascht 40 Euro fir Jugendlecher ënner 26 Joer an 80 Euro fir dei Leit iwwer 26 Joer. Domatter kënnen d'Leit all freides a samschdes dee Service benotzen. Et ass en Abonnement fir dat ganzt Joer. Mer hunn awer hei zu Péiteng gesot, datt mer, wann een no dem 1. Juli eng Kaart keeft, nëmmen den halwen Tarif froen. Dat heescht 20 Euro fir Jugendlecher a 40 Euro fir déi aner. Dee System wëlle mer elo e Joer laang probéieren. Dat ass déi éischt gréisser Aktioun, bei däer all Gemengen aus dem Süden averstane ware fir matzemaachen. Wat och schonn en Zeechen no baussen ass, datt mer esou Projete wëllen zesummen ugoen. Mer hoffen, datt dee System vum „Nightrider", dee jo schonn zënter enger gewësser Zäit gutt fonctionnéiert, nach weider kann ausgebaut ginn. Ëmsou méi wéi mer haut schonn erëm eng aner Bestëmmung hu wat de Verkéier ugeet. Mer leien elo bei 0,5 wat den Alkohol-konsum ubelaangt. A mer wëllen eise Bierger op deem Wee en Déngscht leeschten, deen net schlecht ass. Mer wëllen dat elo e Joer testen an duerno eng Bilanz zéien ob dat hei am Süde ka weidergefouert ginn oder net.

Jeannot Linden (LSAP):

Enlèvement des ordures, Artikel 2.0734.7012.006 (Taxe pour la délivrance d'une nouvelle carte d'accès au centre de recyclage en cas de perte ou de détorioration), 1.400 €. Ech fannen, datt vill däer Badgen abhande kommen, wann ee fir en neie Badge 10 € bezillt an déi Badgen ausschliisslech erwuesse Persounen ee kréien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat sinn der vill. Et muss ee wëssen, datt der 5.000 bis 6.000 am Ëmlaf sinn. A wann een der dann 140 huet, dann ass dat prozentual vläicht net esou héich, mee et sinn der awer vill.

Jeannot Linden (LSAP):

Artikel 2.0734.7022.001 (Vente de poubelles et de conteneurs – vente de serrures automatiques pour les poubelles), 34.000 €. Ech schloe vir, fir eng Ënnerrubrik fir de Verkaf vun de Schlässer virzegesinn. Et wier méi transparent fir jiddereen. Mer hu jo méi Artikelen, wou nach aner Saachen drënnerstinn. Et wier méi transparent fir eis all, fir de Gemengerot. Dat ass eng Propositioun.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

De Sekretär huet sech dat opge-schriwwen a mer wäerten dat am nächste Budget opdeelen. Dat ass kee Problem.

Jeannot Linden (LSAP):

Conduites d'eau, Artikel 2.0740.7013.002 (Taxes d'eau – consommation interne pour les services communaux, y compris perte d'eau). Ech wollt froen, wéi héich déi Perte sinn, ob gréisser Verloschter lokaliséiert ginn an dann och behuewe ginn. Dat technescht Material kann ee jo ufroen, a kritt een och zur Verfügung gestallt.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer hu ganz kloer Zuelen. Mer hunn 1.127.698 Kubikmeter Waasser, déi mer akafen. Mee mer facturéieren der awer nëmmen 921.562. Dat heescht, datt mer e Verloscht vun 206.136 Kubikmeter hunn. Dat ass awer kee Verloscht, mee déi ginn net facturéiert. Do muss een awer emol ausschléissen, datt alles verluer geet. Well do gëtt et dee sou genannte „Schleichverlust", wat lues duerch d'Auer geet an deen net vun dem Compteur erfaasst gëtt. Mer hunn an eiser Gemeng 5.823 Compteuren, déi och regelméisseg ersat ginn. Déi nei Generatioun ass do scho méi empfindlech drop. Mee wann een e Krunn ganz lues drëpse léisst, da kann een en Trach voll kréien, deen net um Compteur ugewise gëtt. Et si jo vläicht Leit, déi dorop spezialiséiert sinn.

Zweetens sinn eng ganz Rei Saachen, déi net erfaasst ginn an der Facturatioun. Wann e Bau entsteet, wéi do iwwer, da kënnt den Enterpreneur bei eis. E kritt dann och e Stutze mat engem Compteur an e kann da Waasser zéien. Mee dee Stutze kritt een am Handel fräi ze kafen an et kann een sech e selwer dropsetzen. Mer kontrolléieren zwar, mee mer gesinn och net alles. Et gi Plazen, kleng Schantjeeën, wou sech zerwéiert gëtt. Eis Pompjeeën, wa se opfëllen an Übunge maachen, hunn och esou e

Stutzen. Dat gëtt och net facturéiert. Mer kéinten also déi intern Facturatioun méi ausbreede fir festzestellen, wéi grouss de Verloscht ass. Mer hunn e reelle Verloscht, dat ass sécher, mee e läit net an däer doter Héicht. Et muss een och nach déi aner Rechnunge mat akalkuléieren. Mee d'Efforte ginn awer dohinner, datt mer ëmmer méi zousätzlech Installatioune maachen a mer hunn och elo nach Apparater kritt, mat deene mer och vu bausse kënne Fuite lokaliséieren. Wéi gesot, et ginn Efforte gemaach fir ze kontrolléieren.

Jeannot Linden (LSAP):

Och déi Kontrolle vun den Entrepreneure miissten dann och verschäerft ginn. De Waasserpräis gëtt jo, dat ass bekannt, ëmmer méi héich. An et ass jo net nëmmen de Waasserpräis mee och de „prix d'assainissement", deen do matspillt. Dat si jo awer gewalteg Zommen, déi do genannt ginn an déi der Gemeng verluer ginn. Och mat dem Sprëtze misst een dann e bësse méi virsiichteg ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Et soll een emol kucken, esou vill wéi méiglech den eegene Verbrauch ze erfaassen. D'Pompjeeë mat abegraff. An da gesäit ee jo, wat feelt. Mer rechne mat engem reelle Verloscht vun ongeféier 8 bis 11%, deen effektiv duerch d'Leitunge verluer geet, well do nach al gosse Leitunge leien an déi och eventuell poréis gi sinn. Et kann een no an no kucken, Kloerheet dran ze kréien. Kontrolle jo, mee da muss een sech och déi néideg Mëttelen dofir ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Artikel 2.0740.7013.001 (Taxes d'eau – location de compteurs et primes fixes – facturation externe aux abonnés). Mech wonnert, datt d'Chiffere vum Budget rectifié 2007 an dem Budget prévisionnel 2008 identesch sinn, nääml ech 1.050.000 €, obschonn eis Gemeng vu Joer zu Joer méi Bierger zielt. Kann ech dofir eng Erklärung kréien, well laut de Chifferen, déi mer virleien, ginn eis Einnahmen esouguer zeréck.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do ass de Verbrauch erofgaangen. Der gesidd op däer aner Säit, wou mer d'Waasser kafen, déi sinn och méi niddereg wéi dat am initiale Budget virgesi war. Dat heescht, de Verbrauch ass méi virsiichteg ginn. Dat kann och als Ursaach déi méi héich Präisser hunn, esou datt d'Leit awer spueren an oppassen.

Et ass awer och esou, datt mer systematesch, wa mer mierken datt de Verbrauch immens héich ass, e Bréif erausschécken un d'Leit. An ech kann iech soen, datt der genuch erausgi wou mer de Leit soen, datt mer festgestallt hunn, datt hire Verbrauch u Waasser aussergewéinlech héich ass a si sollten nokucken, wat do lass ass. An ech mengen, dat dréit och seng Friichten.

Jeannot Linden (LSAP):

Dépenses ordinaires :

Ordre public et sécurité, Artikel 3.0340.6052.001 (Renouvellement du matériel ; diminution du crédit du fait que ... ; achat de matériel divers). Kann ech eng Erklärung kréie firwat eis Krediter vun 20.000 € op 25.000 € am neie Budget eropginn, an net erof ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Am leschte Budget stoung dat schonn dran. Dat ass wahrscheinlech vun deene Joere virdrun, wou mer gesot hunn, datt mer e Kredit gespléckt hunn. D'Kleedermass hu mer elo an der Rubrik 6270 stoen iwwerdeems mer se virdrun am 6052 stoen haten. An dofir ass déi Rubrik méi niddereg ginn. Mee et gehéiert eigentlech net do dran. Mer soen och, datt dat erausgeholl soll ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Service de sauvetage, Artikel 3.0350.6322 (Part du centre de la protection civile dans les taxes d'amulances). Zu dësem Artikel hat ech bei deene leschte Budgetsdebatten eng Fro gestallt an de Buergermeeschter huet mer matgedeelt „ Mir hunn e Bréif un den Inneminister geschriwwen ". Ech wollt froen, wat fir eng Äntwert den Inneminister geschriwwen huet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer waarden nach op eng Äntwert.

Jeannot Linden (LSAP):

Enseignement, Artikel 3.0413.6121 (Entretien, réparation et autres frais des véhicules automoteurs 2008. Acquisition de deux véhicules pour les maisons relais), 10.000 €. Wat fir Autoe sollen dat gi fir dee Präis ? Dach keng wou d'Personal pedaléiere muss.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

80.000 Euro stinn am extraordinäre Budget. Déi 10.000 Euro sinn d'Assurancen, d'Pneuen, an alles wat esou ufält. De Benzin steet an der Rubrik 6055.

Jeannot Linden (LSAP):

Famille et population, Artikel 3.0613.6393.001 (Contribution au Syndicat Prosud pour le service Nightcard), 34.372 €. Kënnt dir mer soen, wat de Service Nightcard ass ?

Do hunn ech jo elo eng Äntwert kritt an dofir stellen ech menge Fro hei net.

Infrastructures, Artikel 3.0734.6052.001 (2008 : Acquisition de récipients, de chips lectriques et de serrures de récipients). Am Budget prévisionnel 2008 ginn d'Ausgaben, par rapport zum Rectifié 2007, ëm méi wéi 100% an d'Luucht, an zwar vun 25.000 € op 55.000 €. Musse mer nei Dreckskëschte kafen, an nei Chipsen, asw. .Hei géif ech, fir méi Kloerheet ze schafen, eng Ënnerandeelung fir Chipsen a Schlässer virschloen.

Affaires économiques, Artikel 3.1160.6324 (Subventions aux associations ; Parc ferroviaire et industriel du Fond-de-Gras asbl). Eis finanziell Bedeelegung beleeft sech op 19.382,10 €. Bréngt déi Organisatioun bei Geleeënheet vun hire Fester vill Leit op Péiteng? Ech géif soen, Neen. Ech sinn domatter averstanen, datt eis Gemeng do mat mécht. Mir hunn awer aner Veräiner, wéi zum Beispill de Péitenger Wand, dee mat der Kavalkad vill méi Leit an d'Uertschaft zitt. Si ginn och mat engem 'subside spécial' vun 1.000 € ënnerstëtzt. Mir kënnten hinnen awer och finanziell méi ënner d'Äerm gräifen. Oder si vläicht aner Iddien ënnerwee fir déi kommend Joeren ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat déi Associatioun do ugeet, do hu mer eng Konventioun gemaach. Do sinn déi Déifferdenger Gemeng, déi Péitenger Gemeng an och de Stat mat dran. De Stat bezilt vill do dran. Déi Déifferdenger an déi Péitenger Gemeng deelen d'Käschten, déi nach bleiwe proportional zu hirer Awunnerzuel. An déi Käschte sinn elo iwwer Joeren duerch d'selwecht bliwwen. Dat ass net fir Organisatiounen op d'Been ze stellen, mee et geet haaptsächlech dorëms fir d'Gestioun vum Site Fond-de-Gras ze maachen. Do hu mer och eng Persoun agestallt, an zwar d'Madame Martina Kneip. Si gëtt och vun deene Sue bezuelt. Ech wollt iech awer nach matdeelen, datt si elo demissionéiert huet an ersat gëtt . Si krut elo op der Musel eng aner Plaz an ass elo méi no vun doheem op der Musel. Si gëtt och ersat. Mee déi Sue ginn haaptsächlech fir d'Salairen an d'Propaganda, d'Reklammen hei am Land an am Ausland fir de Site Fond-de-Gras gebraucht.

Mer hunn och déi lescht Zuele vun de Visiteure kritt. Déi Zuele ginn tëscht 15 an 20% an d'Luucht géintiwwer dem Joer virdrun. Dat heescht, d'Attraktivitéit hëlt zou. An ech mengen, dee ganzen Apport, dee mär als Gemeng maachen – 19.000 oder 20.000 Euro - ass net esou immens grouss par rapport zum Image, dat mär dobausse kréien opgrond vun däer Aarbecht, déi do gemaach gëtt. Mee

de Gros vun de Suen ass fir Reklamm ze maachen an d'Leit ze bezuelen.

Roland Breyer, Schäffen:

Et sinn aner Iddien ënnerwee, selbstverständlech. Mer hate jo scho bei der Budgetspresentatioun ugedeit, datt mer net méi an der „Entente du Sud" sinn an och net an esou parallel Organisatiounen, déi mam Tourismus ze doen hunn. An zwar well mer gesinn hunn, datt Prosud dat och a sengem Kalenner stoen huet. Et dauert awer nach e Strapp bis eppes sech an eisem Eck bewegt.

Dofir hu mer am Sikor Initiative geholl fir do méi eng Koordinatioun ze maachen an eis touristesch Propaganda openeen ofzestëmmen. Do lafen och elo de Moment interessant Saachen. Et gouf en touristeschen Inventar gemaach an et soll eng touristesch Kaart mat de Sehenswierdegkeeten an de Kordall-gemengen entstoen. Doriwwer eraus soll och nach e Buch erauskommen, am Fong geholl e Billerband, fir eisen Eck virzestellen. Bis dohinner wäert de Prosud sech nach weider entwéckelt hunn, esou datt hie kann déi Gestiounen iwwerhuelen.

Et soll een ëmmer kucken, esou wéi de Buergermeeschter sot, wat een als Gemeng wëll. Wann een als Gemeng gären touristesch Propaganda an Animatioun mécht, da kascht dat och eppes. Ech wëll nëmmen drop opmierksam maachen, datt eis Nopeschgemeng Déifferdang en „Service d'animation culturelle" mat sechs Leit huet, déi nëmmen dofir schaffen. Mär hunn den Ableck keen. Mär hunn eis heiansdo a Saachen erakaf an dofir muss ee kucken, wat ee wëll. De Moment si mer nach net esou wäit wéi Déifferdang a mer mussen och net esou wäit kommen. Mer kënnen dat och iwwer Synthese maachen, iwwer Strukturen, déi mer mat aner Gemengen deelen.

Jeannot Linden (LSAP):

Erlaabt mer och nach e puer Froen zu den Dépenses extraordinaires ze stellen.

Artikel 4.0112.2251.001 (Scanning des registres de l'Etat civil). Si manner Aarbechten ugefall, a sinn déi Aarbechten elo ganz ofgeschloss ? D'Zommen am Budget si vun 33.000 € op 12.000 € erofgesat ginn, a fir 2008 stinn Null Euro am Budget.

Déi Äntwert hunn ech awer scho kritt.

Artikel 4.0125.2121.002 (Centre psycho-gériatrique : acquisition d'un immeuble en état d'achévement). Déi Uschafung kascht ronn 200.000 €. Kritt d'Gemeng kee Subsid vun engem vun eise Ministèren an Aussiicht gestallt ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt déi Uschafung nach méi héich wäert leien. Mer wäerten duerno bei ronn 500.000 Euro leien a mer wäerten als Konterpartie Propriétaire gi vun enger gewësser Surface an deem Gebai. Dat Ganzt wäert 1,5 Milliounen Euro kaschten, woubäi e grousse Subsid vum Stat kënnt – dee kéint bei 500.000 Euro leien, mee genee kann ech iech dat nach net soen. De Rescht wäert awer d'Stëftung „Hëllef doheem" selwer droen, esou datt jiddereen am Fong en Drëttel wäert finanzéieren. Dee ganze Projet kascht ronn 1,5 Milliounen Euro a mär kréien en Drëttel vun der Surface. Mer wollten hei och net – well de Wonsch vun der Oppositioun och ëmmer esou war a mer dee Wénk och verstanen hunn – net einfach e Subsid gi fir dee Projet ze realiséieren esou wéi de Stat dat elo mécht. Mee mer wollten als Konterpartie Propriétaire vun enger Surface ginn, déi ongeféier bei 120 Quadratmeter an och nach Garage läit. Mär maachen dat och net selwer als Gemeng, mee dat mécht d'Stëftung „Hëllef doheem" an dat wäert eise Partner an dësem Beräich sinn.

Jeannot Linden (LSAP):

Artikel 4.0125.2123.012 (Travaux de démolition de l'annexe de la maison Heintz et extension de la cour arrière de la maison Rousen). Zum Budget 2007 hat d'Madame Conter matgedeelt, datt de Bau soll aus Sécherheetsgrënn, an och fir net onerwënschte Locatairen drasëtzen ze hunn, ewechgerappt ginn. Nun, de Bau steet nach ëmmer. Mat den 65.000 € fir 2008 wäert dat jo da klappen.

Artikel 4.1212.2001.004 (Frais d'études pour l'introduction de zônes 30). Ginn déi 40.000 € nach gebraucht, wann de Schäfferot weess, datt d'„Autorité supérieure" net begeeschtert ass fir d'Zone 30 anzeféieren ? D'Gemenge miissten dann och nach en Effort maache fir d'Stroossen deene Virschréften unzepassen, wou eventuell 30 km/h zougelooss sinn. Well mer wëssen, datt jo dann nach aner Uweisungen op eis duerkommen.

Roland Breyer, Schäffen:

Jo sécher, mer wëssen, datt do nach Käschten op eis duerkommen. D'Etude si praktesch ofgeschloss a mer hätten net méi vill Kreditter gebraucht. Mer hunn och speziell Wënsch an déi Etude afléisse gelooss a gesot, mer wéilte keng flächendeckend Zone 30 a mer halen eis och dorunner. Aus deem ganze Konzept wëlle mer och net nees an Einbahnstroossen den duebele Verkéier aféiere well mer der Meenung sinn, datt dat absolut näischt bréngt. Dat wëlle mer net.

D'„autorité supérieure" wëll zwar déi Zone 30, a se hätt se och am léifste flächendeckend, mee se fänken awer och un, Argumenter ze verstoe well dat net an all Gemeng méiglech ass. Zëmol an enger Gemeng, déi sech esou als Träip derduerchzitt. Do ass et schwéier fir eng Zone 30 flächendeckend ze maachen. Et muss een e bësse méi flexibel sinn. An esou séier wéi mer de Projet ofgeschloss hu wäerte mer kucken, wat mer wëllen. Dat ka schonn an dat neit Verkéiersreglement afléissen, wat mer och ufanks 2008 virleeën. An da kommen nach Käschte fir dee ganze Marquage derbäi. Mee op däer aner Säit brauche mer awer och manner Schëlter. Dat gëtt eng ganz aner Approche.

Jeannot Linden (LSAP):

Artikel 4.1212.2123.002 (Construction de garages communaux). Budgetaire sinn 70.000 € am Rectifié virgesinn, a 50.000 € am Prévisionnel 2008. Do ass an der Opdeelung fir 2007-2008 ageschriwwen « exécution d'une étude relative au degré de pollution du sol », asw. . Ech liesen den Text elo net ganz duerch. Meng Fro ass : Wou sti mer als Gemeng momentan mat de Studien ?

Roland Breyer, Schäffen:

D'Studien sinn deelweis schonn duerchgefouert ginn. Et stinn der nach e puer aus an da si mer fixéiert, wat muss geschéien. Am schlechte Fall kann et esou kommen, datt mer nach mussen e Buedemaustausch maachen, datt also de Buedem bannen esou verschmotzt ass, datt e muss ofgedroe ginn a mat neiem opgefëllt ginn. Da muss en och nach recycléiert ginn, wat meeschten-deels am Ausland geschitt. Dofir wësse mer nach net, wat an der Virwëtztut dran ass. Wéi gesot, et ass en extrae Kadaster do vun deenen „Altlasten"-Siten an do fale mer och zoufälleg drënner. Dofir muss een elo kucken, wéi d'Resultat ass. Wann et esou sollt sinn ewéi mer eis dat virstellen – et ware jo och scho Buerunge gemaach gi fir d'Stabilitéit vum Buedem ze kucken. Et ass och ouni Weideres drop ze bauen. Just d'Pollutioun war deemools net gekuckt gi well dat net gefrot war. Mär rechnen awer domat, datt de Buedem muss changéiert ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Wat d'Stroossennetz an eiser Gemeng ugeet, an ech mengen elo d'Gemenge-stroossen, ass jo fir 2008 vill virgesinn, an als Mandataire vun enger Oppositiounspartei kéint ech lues a lues

zefridde ginn. Ech hunn allerdéngs aner Prioritéite festgehalen. Mä 200.000 € fir de Reprofilage an d'Erneiere vum Stroossentäppech an der rue Prinzenberg an der Impasse avenue Dr Gaasch, en Deel vun der Kierchstrooss zu Rolleng, an de Schwaarzewee zu Péiteng, dat ass scho respektabel.

Da sollen och nach eng ettlech Stroossen an hirer ganzer Substanz erneiert ginn. 80.000 € fir d'rue de la Siole ; 300.000 € fir d'rue de la Terre Noire zu Rodange ; 360.000 € fir d'rue de la Fontaine zu Rodange an 335.000 € fir d'rue de l'Indépendance zu Péiteng.

Ech si gespaant a wéi fern déi do Aarbechte realiséiert ginn. Ech hunn erwaart, datt rue de la Fontaine an en Deel vun der rue de la Montagne zu Rolleng, déi wierklech ganz schlecht sinn, mat an d'Erneiere vun de Stroosse géingen opgeholl ginn. Deem ass jo awer net esou, an d'Awunner musse sech e bësse gedëllegen.

Wat d'Statsstroossen ubelaangt wollt ech froen, wéi wäit d'Situatioun vun den Emprisë regléiert ass an der rue de la Gare an an der rue de l'Hôtel de ville zu Péiteng, esou wéi an der rue Jos. Philippart zu Rodange.

De Fonçage ënner dem CFL an der rue de Niederkorn an der rue de la Liberté gëtt jo ofhängeg gemaach vun den Aarbechten zur Erneierung vun der rue de la Gare an der rue du Chemin de Fer zu Péiteng. Esou datt mam Fonçage sécher nach 2 bis 3 Joer gewaart muss ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

D'Prioritéite vun der Erneierung vun de Stroosse gëtt net ëmmer vum Kalenner, dee mär eis opgestallt hunn, bestëmmt. Do sinn effektiv aner Prioritéiten dra wat d'Stroossen ubelaangt. Se ginn heiansdo duerch aner Déngschtleeschter wéi Sudgaz oder d'Cegedel opgestallt, déi eis da matdeelen, a wat fir eng Strooss se ginn. An da kucke mer, ob mer Ursaach hu fir do matzemaachen oder net.

Hei ass et ganz kloer. An der rue de la Fontaine ass d'Post Demandeur, an der rue Terre Noire sinn d'Cegedel a d'Post Demandeur, an der Strooss A la Siole ass Sudgaz Demandeur, d'Indépendance-Strooss och nees Sudgaz. An do schléisse mer eis dann u well d'Leitunge schlecht sinn. An déi stinn och op eisem Prioritéitskalenner. An et kann een och eng Kéier kucken, ob een net eisem Gemengerot ee gëtt. Dat ass keng grouss wëssenschaftlech Etude, dat ass just eng Lëscht, wou mär d'Stroosse klasséiert hu mat deem wat dra läit, zënter wéini dat dra läit – wann den Datum bekannt ass -, wéi sinn eis Moossunge vun den Kanalinspektiounen. Da kréie mer um Enn e Punktewäert eraus, wou mer kënne soen, déi eng Strooss ass besser an eng aner vläicht méi schlecht. Dee Kalenner gëtt et, mee mer kënnen deen net ëmmer huele well mer soss vill Schantercher mateneen hunn a kee kënne komplett ofschléissen. D'Emprisen an der avenue de la Gare sinn all bis op fënnef ofgeschloss, a mer hu gutt Hoffnungen, datt mer der nach zwou oder dräi kënne kréien. Mee mer behalen der wahrscheinlech och zwee bis dräi, déi net ënnerschreiwen. Do musse mer kucken, wat fir Argumenter mer kënnen uféiere fir datt déi och ënnerschreiwen. Ëmsou méi mer de Profil jo net changéieren. Et changéiert praktesch näischt, et gëtt just nei gemaach. A wann déi Argumenter bei deene Leit net aliichten, da musse mer kucken, wéi mer se duerno kënnen e bësse strofen.

D'rue de l'Hôtel de ville ass e Pendant vun der avenue de la Gare, well wa mer do d'Ënnerschréften hunn, da geet dat an engems. Da musse mer kucken, wat mer schonn hunn a wat mer nach bäikréien. Och an der rue de l'Hôtel de ville hu mer schonn 90% vun den Emprisen. An der rue Philippart ass den Empriseplang nach net fäerdeg, do fänke mer eréischt un. Januar oder Februar wëlle mer eng gréisser Versammlung organiséieren an d'Leit an de Kulturzenter ruffen. Kommt w.e.g. an ënnerstëtzt eis do och well et gëtt jo just alles nei gemaach. D'Strooss gëtt nei gemaach, d'Trëttoiren och, esou datt alles méi sécher gëtt. A soss geschitt näischt, et muss ee just säi Kreepchen drënner setzen, datt dat och geschitt. Hoffentlech kréie mer vill Leit dohinner fir datt do och eppes geschitt. Méi kënne mer do net soen.

Jeannot Linden (LSAP):

Wéi ech gelies hunn, datt d'rue de la Fontaine gemaach géif ginn hunn ech geduecht, datt, wann déi fäerdeg wier, d'rue Jos. Philippart direkt duerno géif drukommen. Well da bräichte mer jo net nach eng Kéier do unzefänken. An däer Vue ass dat awer an der Rei.

Lily Gansen (LSAP):

Ech hunn de Budget duerchgekuckt a ka mech engem ganzen Deel uschléissen, woubäi ech awer betoune muss, datt e mer a verschiddene Beräicher net wäit genuch geet. Dofir hunn ech folgend fundamental Ureegungen ze maachen :

Kanner an eiser Gemeng a Spillplazen:

Wéi ech zu de Spillplaze stinn, mengen ech, wier jidderengem bekannt. Wou ech awer drop hiweise wëll ass, datt mer dach net alles reglementéiere sollen: an dësem Eck mussen déi Kleng dëst spillen, an deem aaneren déi méi Grouss dat, asw. Loosse mer dach eise Kanner hir eegen Initiativ a gi mer hinnen emol eng Kéier ganz einfach eng grouss Wiss oder Plaz, loosse mer se rennen, mam Ball spillen oder egal wat maachen.

Eppes awer kënnte mer fir si maachen, andeem mer se, am fréien Alter, versiche mat deene verschiddene Sportaarte bekannt ze maachen. Mir wëssen alleguerten haut, wéi wichteg et ass, an dat net nëmme fir de Kierper, datt d'Kanner e Sport bedreiwe sollen.

Loosse mer eis dach emol duerch de Kapp goen ob et, am Kader vun neien Opfankstrukturen, net wichteg wier, fir eise Kanner eng funktiounsfäeg, mä dach onkomplizéiert an einfach Hal zur Verfügung ze stellen, wou all Dag oder verschidden Deeg an der Woch ëmmer eng aner Sportaart praktizéiert gëtt.

Dëst natierlech ënnert der Leedung vu kompetente Leit. Domatter fënnt all Kand eraus, wat et gären huet a fänkt net an deene verschiddenste Veräiner déi verschiddenst Sportaarten un, déi et dann awer net bréngen a wou et schlussendlech d'Flemm mam Sport kritt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif emol dovunner ausgoen - well an de Primärschoulen zwou respektiv dräi Stonne Sport an ech kennen déi Leit och, déi déi Stonnen halen -, datt déi de Schüler eng gewësse Panoplie vu Sportaarte weisen an och professionell genuch si fir hinne Basketball, Handball, Volleyball an all déi Sportaarten, déi an eisen Hale méiglech sinn, bäizebréngen. Ech géif dovunner ausgoen, datt dat geschitt. Mer hu jo zu Rodange déi nei Sportshal opgemaach, wou mer en anere Kader geschaf hunn a wou mer déi Informatiounen un eis Schüler viruginn, déi et hinnen erlaben ob se an e Sportveräi ginn oder net. Et kann een dat natierlech nach ausbauen, mee do muss ee kucken ënner wat fir enger Form. An da brauch een natierlech och déi professionell Leit, déi de Kanner dat och kënne bäibréngen. Ech géif awer mengen, datt en Deel iwwer d'Primärschoul misst geschéien.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech wollt just nëmme kuerz Äntwerten ginn. Op är Fro wat d'Spillplazen ugeet, do wollt ech iech just soen, datt mer op däer neier Spillplaz, déi mer elo déi aner Säit vun der neier Sportshal maachen, eng „zone récréative" – wéi dat vun der Landschaftsarchitektin

genannt gëtt – fräi. Dat bleift einfach eng fräi Wiss. Eng Partie gëtt agedeelt, op engem Deel kënnt e klenge Fussballsterrain hin an eng Partie bleift fräi.

Op d'Bewegung vun de Kanner ausserhalb vun de Schoulstonnen, déi der jo och ugeschwat hutt, do kann ech iech awer soen, datt eis Erzéier aus der „Maison relais" mat de Kanner an de PiKo schwamme ginn. Se hunn d'Plagen an der neier Sportshal reservéiert fir och dohinner turnen ze goen. D'Villa Bambi, wat jo eng Crèche ass, huet och Plage reservéiert an der neier Sportshal fir mat deene ganz Klengen dohinner turnen ze goen oder sech auszetoben. Wat jo awer och schonn doranner erageet. Dir gesitt, si gi ganz spezifesch op bestëmmte Sportaarten higefouert. Mer hu jo awer och schonn e gewëssene Prozentsaz, dee mer musse beschäftegen. Dofir fannen ech et awer ganz gutt, wa se dat do kënne maachen.

Lily Gansen (LSAP):

Crèche a Maison relais.

Datt eng Crèche an eng Maison relais zu Péiteng gebaut solle ginn, kann ech nëmme begréissen. Allerdéngs wëll ech hei eng Fro, an dëst ass net déi éischte Kéier, stellen. Wësse mer iwwerhaapt, wouhi mer mat eiser Gemeng goe wëllen ? Op wéivill Awunner ? Fir wéivill Leit sinn nach Wunnengen a Baugrond zur Verfügung ? Well dovunner hängt et of, wéi grouss eis Crèchen, eis Maisons relais, eis Schoulen, eis Sportszentren, asw. gi mussen. Ginn déi 70 Kilometer Kanal, eis Waasserzoufuer, asw., iwwerhaapt duer fir nei Famillen a Gemeinschaften eranzehuelen an uerdentlech ze versuergen ? Mussen nach nei Stroossen erschloss ginn ?

Ech fuerderen de Schäfferot dofir op, doriwwer mam Gemengerot eng aktuell a fundamental Diskussioun ze féieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll op d'Wuessen agoen. Engersäits hutt der gesot, mer sollen nach méi soziale Wunnengsbau maachen an och selwer schafen, mee op däer aner Säit hutt der och är Ängscht ausgedréckt, datt mer zevill géife wuessen. Mer hunn e PAG, deen 1992 hei am Gemengerot gestëmmt gouf. Do war ech nach net derbäi, wéi deen hei gestëmmt gouf. Deen huet schonn eng Richtung uginn, a déi Richtung weist éischter op 20.000 wéi op 17.000 Awunner hin. Wa mer esou virubauen ewéi dat am PAG vun deemools festgeluegt ginn ass, da wäert d'Zuel vun den Awunner nach zolitt klammen ouni datt d'Gemeng nach e puer Schëppe bäileet an ouni datt mer de Perimeter nach méi wäit opmaachen. Mer sinn awer amgaang ze iwwerleeën, ob mer net vläicht déi eng oder aner Saach am Kader vun der Reform vum PAG proposéieren. An dat grad fir déi Aarbechten ze maachen an interessante Wunnraum ze schafen - esou wéi där sot - fir deene Leit, déi méi Schwieregkeeten hunn, eng Chance ze ginn en Heem hei ze kafen.

Et huet ee sécherlech déi eng, déi wëlle kafen, mee et ginn der ëmmer méi, déi dat net méi kënne maachen. Bei deenen et ausgeschloss ass, datt se sech en Haus oder en eegent Appartement kënne leeschten. An der wäert gesinn, datt et an noer Zukunft ëmmer méi Leit ginn, déi loune ginn. Mär sti jo zu Lëtzebuerg an enger aussergewéinlecher Positioun do wat d'Leit ugeet, déi en Eegenheem hunn an déi, déi loune ginn. Mee ech fäerten, d'Tendenz wäert an den nächste Joeren net déi selwecht bleiwen. Dofir muss een och an den Uertschafte fir déi Leit eppes virgesinn. An dofir soll een dat Eent oder Anert schafen, och wann een dat vläicht net guttheescht, datt mer mat dem Fonds de logement Saache maachen. Et solle keng Ghettoe ginn, mee et soll een awer och am Zentrum esou Plaze schafen. An ech mengen, mat der aler Gendarmerie zu Péiteng an am Zentrum zu Rodange hu mer eng gewëssen Zuel vun esou Appartementer geschaf. Ech sinn iwwerzeegt – an do hu mer och mat dem Fonds de logement en Accord, datt d'Leit aus eiser Gemeng prioritär behandelt ginn - datt mer do eise Leit d'Méiglechkeet gi fir an eiser Gemeng wunnen ze bleiwen an net gezwonge sinn, auswäerts wunnen ze goen.

Lily Gansen (LSAP):

Déi eeler Matbierger an eiser Gemeng :

Centre Psycho-Gériatrique à aménager dans un home seniors à ériger à la Place de la Libération.

Dës Initiativ ass e richtegen a wichtege Schrëtt, déi ech absolut ënnerstëtze kann. Mä se geet mer net wäit genuch, well et nëmmen e Mini-Step an dësem wichtege Sektor ass. Dofir maachen ech folgend Propositioun :

Loosse mer dach eng couragéiert Politik fir eis eeler Matbierger maachen, a riichte mer dach selwer eent, op déi reell Bedierfnisser vun dëse Leit zougeschniddent Seniore-Wunnheem op. Doranner gehéieren, ausser hirem Appartement dat si lounen oder kafe kënnen, mat hirem eegene Miwwel an enger klenger Kichen, e Restaurant, eng gemeinsam Salle de séjour wou een all Aktivitéite maache kann, ugefaange beim einfache matenee Schwätzen, Kaart oder Bingo spillen, Filmer weisen, kleng Fester feieren, asw. . Dohinner gehéiert och e klenge Park, wou d'Leit, déi net méi esou gutt zu Fouss sinn, sech zesummen treffe kënnen, an net alleng op hirem Balkon sëtzen.

Wa mer weider ginn, an a Betruecht zéien, datt d'Leit haut am Allgemenge ganz laang fit bleiwen, mä sech bei Zäiten no enger Léisung fir den Alter ëmgesinn, kann een sech an deem Kontext och nach weider iwwerleeën ob een, am Intresse vun dëse Leit, net och eng Gemeinschaftskichen ariichte kann, wou déi eng an déi aner eppes zesumme kache kënne fir dann och zesummen ze iessen.

Wann een dann awer nach méi wäit geet, soll ee vläicht och sougenannte Wunngemeinschaften, déi am Ausland, virun allem an Däitschland, e grousse Succès kennen, net vu vireran ausschléissen.

All dat muss natierlech vun enger kompetenter Persoun mat Verstand an Häerz geleet ginn.

Et ass näämlech dee richtege Wee fir eis eeler Matbierger net an eng total Isolatioun ofrëtschen ze loossen, oder fir se do eraus ze huelen.

An als Péitenger Gemeng géife mer dann, an Eegeninitiativ, e ganz neie Wee goen, deen, ech sinn iwwerzeegt, d'Liewensqualitéit vun eise Bierger enorm erhéije géif.

Hei allerdéngs kann ech nëmme begréissen, datt Fleegeheem hei zu Péiteng ausgebaut gëtt. Mä et sinn net mir, mä et ass de Stat deen dat mécht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat är Iddi ugeet fir déi eeler Leit, esou wëll ech awer soen datt, och wa mär et vläicht net selwer maachen, dach vill fir eis eeler Leit an der Gemeng geschitt. Bon, et kann een natierlech gedeelter Meenung sinn ob mer dat als Gemeng selwer solle maachen oder net. Ech sinn der Meenung, datt, wann een d'Méiglechkeet huet fir e Maximum gemaach ze kréien, dann ass dat och gutt. An dat ass sécherlech grad esou gutt. Wann déi Saache vu Leit, déi vun auswäerts kommen, gutt gemaach gëtt, dann ass dat awer och sécherlech positiv. An da muss een net alles als Gemeng selwer maachen. Den Ausbau vun dem Fleegeheem an d'Méiglechkeet vun engem „Centre intégré pour personnes âgées" uewenop opzemaachen grad esou wéi e Seniorenheem zu Péiteng sinn och gutt. Mär mussen den Encadrement schafen. De Park ass net wäit ewech, well der hutt jo och dovunner geschwat, datt d'Leit

gären emol an de Park géife goen. Dofir hu mer déi Saachen och an den Zentrum gesat. An nieft der Chiers kann ee jo och spadséiere goen. Wann d'Seniorenheem jo bis do steet, da sinn et just e puer Meter bis d'Senioren op engem schéine Spadséierwee sinn. Ech mengen, datt mer awer do eng Rei Saachen ofdecken, och wa mer dat net selwer maachen. Mee wéi gesot, all déi Saachen, déi vu bausse gemaach kënne ginn, begréissen ech wann se esou si wéi mer eis dat virstellen. Ech mengen, datt dat, wat hei entsteet, sécherlech e grousse Méiwäert fir eis eeler Leit hei an der Gemeng Péiteng ass.

Lily Gansen (LSAP):

Extension et modernisation de l'Hôtel de ville :

Wéi mer dës Aarbechten ugefaangen hunn, war ech guer net waarm iwwert d'Form déi dëst Gemengenhaus sollt kréien, an hunn dat och gesot. Haut awer, wann ech et gesinn, muss ech agestoen, datt et wäit besser ginn ass wéi ech geduecht hat, an datt eis Populatioun an och eis Beamten zefridde sinn. Och dat muss een agestoe kënnen.

Wann awer elo deen alen Deel soll moderniséiert ginn, well ech nach eng Kéier drun erënneren, datt zu esou engem Gebai awer och konform a getrennten Toilette fir Dammen an Häre gehéieren.

Wat verlaangt de Bierger vu senger Gemeng ?

Et ass zwar flott, wann een eng Super-Schwämm an eng modern Sportshal zu Rodange huet. Et kann een et och nëmmen ënnerstëtze wann d'Schwämm mat der Sportshal zu Péiteng erëm an deen Zoustand gesat gëtt, datt d'Leit se och gäre benotzen. Mä dat alles betrëfft leider nëmmen een Deel vun eiser Populatioun.

De Gros vun de Leit wëllen awer an hirer Gemeng uerdentlech an a Sécherheet liewen.

Dozou gehéiere Wunnengen, déi se bezuele kënnen, an do ass et un enger Gemeng mat ze hëllefen. Esougutt de Locatairen, wéi och deenen zukënftege Propriétairen. Hei geet et net duer fir sech vum Fonds de Logement Wunnengen opriichten ze loossen, wou dann eng Formel gesicht gëtt, déi net ëmmer glécklech ass a wou mer dann awer näischt ze bestëmmen hunn.

Do gehéiert dozou, datt d'Leit déi Geschäfter, wou se fir hiert alldeeglecht Liewen akafe mussen, bei Hand hunn. Hei erënneren ech u Lamadelaine, wou et näischt, awer och guer näischt méi gëtt. Hei fuerderen ech eise Schäfferot op all Schrëtter ze ënnerhuelen, datt d'Rollenger Leit aus dësem Dilemma erauskommen. Net jiddereen huet en Auto zu Verfügung fir sech ze déplacéieren, an och net jidderee kann oder kann net méi selwer Auto fueren.

Dofir erneieren ech meng Fuerderung fir dach e sougenannte Flexi-Bus, oder egal wat fir een Numm e kritt, hei an der Gemeng anzesetzen, deen d'Leit, fir hir Kommissiounen ze maachen oder dréngend aner Saachen ze erleedegen, doheem ofhëlt an och erëm dohinner zeréckbréngt. Dëst natierlech géint eng moderat Bezuelung. Datt fir déi sozial Fäll eng Regelung muss getraff ginn, dat ass selbstverständlech.

Wat elo eis Geschäfter ugeet, esou gëtt engem bal Angscht wann ee gesäit wéi der ëmmer méi zoumaachen.

Fir deem entgéint ze wierken, miisste mer virun allem deene Geschäftsleit (z.B. Coiffeuren a Salons de beauté) an deene Leit (Dokteren, Kinéen, asw.), déi Déngschtleeschtungen ubidden, mat eisem Parking-System entgéintkommen andeem mer hinnen eng Erlaabnis ginn, datt hir Cliente méi laang kënne parken.

Fir all déi aner Geschäfter musse mer nei Leit an d'Gemeng zéien. Hei heescht et eisen eegenen Tourismus mat Leit aus eisem Land an aus dem Ausland opbauen.

D'Viraussetzunge fir dëst ze maachen hu mer. Gutt Lag am Dräilännereck, eng schéin a gutt erhalen Natur ëm eis Gemeng, d'Schwämm zu Rodange, déi verschidde Sportszentren, déi verschidde Weieren, geschwënn e Keelenzentrum an Tennishalen, asw. Et gehéiert also nëmmen de politesche Courage dozou fir dëst unzepaken. Ech fannen dëst een enorm wichtege Punkt wou mer net méi dierfe waarden. Vill vun eise Südgemengen hunn dëst erkannt an handelen duerno.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat är Demande ugeet, datt zu Rolleng d'Geschäfter zou maachen a keng méi do sinn, do muss ee soen, datt déi Geschäfter net vum selwe gaange sinn. D'Leit sinn einfach net méi dohinner akafe gaangen. Dat ass awer och duerch d'Struktur bedéngt vun de Leit, déi do wunnen. Ganz dacks ginn se an d'Stad schaffen an da ginn se och auswäerts akafen. Dat kann ee bedaueren, mee et hëlt awer ëmmer méi zou. Et gëtt den Trend. Mär kënnen deem natierlech entgéintsteieren a mer sinn och frou fir all neit Geschäft, dat hei an der Gemeng Péiteng bleift. Mee e Geschäft kann haut net méi alleng vun der Clientèle aus dem Duerf liewen. Déi musse schonn aner Attraktivitéite bidden. Ech gesinn awer hei nach Geschäftsleit, déi hei bleiwen an hir Geschäfter och hei maachen. An dat well se den Trend erkannt hunn. Déi, déi sech nëmmen op d'Leit vu Rolleng baséiert hunn, déi sinn och séier verschwonnen.

Der hutt och déi Saach vum Bus ugeschwat. Ech soen iech datt d'Linn 14 e City-Bus ass. Fir de Moment op alle Fall, well deen all Zentrum vun eisen Uertschaften ufiert. Dee kënnt vun der Fonderie a fiert an den Zentrum vu Rodange, da fiert e weider op d'Rodanger Gare, op Rolleng an den Zentrum an dann iwwer d'Longkecher Strooss bis an den Zentrum vu Péiteng. An ech muss soen, et sinn eng ganz Rei eeler Leit vu Rolleng, déi dee Bus do huelen. An si soen och, datt se domat all Véierelstonn eng Méiglechkeet hunn, sief et an déi eng oder an déi aner Richtung ze fueren, dat heescht op Péiteng oder op Rodange op d'Gare, wou se kënne bei den Dokter, an d'Apdikt oder an d'Bank goen. Se géife sécherlech grad esou gär hir Geschäfter zu Rolleng maachen, mee duerch déi Linn 14 e ganz groussen Deel vun hire Bedierfnesser ofgedeckt kréien. Datt een net grad alles domat ka maachen, dat wësse mer. Mee soss gëtt deen Trajet esou laang, datt en net méi interessant ass.

Lily Gansen (LSAP):

Mee et sinn awer ganz vill Leit, déi dee Bus net huelen, vun deem där schwätzt. Déi hu vill ze wäit ze goe mat hire Kommissioune wann se heem ginn. Gleeft mer dat. Et ass bestëmmt en Deel, deen en hëlt. Mee et ass net dat, wat ech wollt. Et ass fir Leit, déi effektiv schlecht dru sinn an hir Kommissioune musse maachen, datt se doheem virun der Dir ofgeholl ginn an och zeréckgefiert ginn. An dat géint Bezuelen.

Zweetens, wann der sot, datt ee kann dem Privatsektor eppes iwwerloossen, do sinn ech prinzipiell guer net dergéint. Mee wat mech stéiert bei deene Saachen, dat ass, datt mär et do stoen hunn, datt mär d'Reklamatioune kréie vun de Leit a mer hunn emol guer näischt ze soen. Dofir hunn ech ëmmer gären, datt d'Gemeng op mannst mat dran ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat wëll ech awer net esou do stoe loossen, datt mär näischt do ze soen hunn. Bei alleguer den Institutiounen, mat deene mer amgaang sinn ze diskutéieren, hu mer eis e Recht virbehalen, datt eis Bierger do eng Prioritéit behalen. An och elo am neie

Fleegeheem – well mer jo deen Tosch mat hinne gemaach hunn – hu mer ausgehandelt, datt eis Leit eng Prioritéit hunn. Och mat dem Fonds de logement. An zwar doduerch datt mer och Ko-Initiator vun deene Projete waren, doduerch datt mer Terrainen a Gebaier opkaf hunn. Andeems mer deene Privatinitiatoren dës Terrainen zur Verfügung gestallt hu konnte mer soen, datt mer gären hätten, datt eis Leit sollten dovunner profitéieren. Dat heescht awer net, datt, wann si keng Leit aus der Gemeng hunn, net och Leit vun auswäerts dohinner huele fir datt et fonctionnéiert. Mee eis Bierger behalen do e gewëssent Virrecht an deenen Institutiounen. An domat ass a mengen Aen dat Wesentlecht ofgedeckt, an zwar, datt mer eise Bierger eng Méiglechkeet ginn, hei an eiser Gemeng wunnen ze bleiwen.

Lily Gansen (LSAP):

Et ass en Deel fir mech, dat ass wouer. Mee et ass nach net alles. Ech hat dat do scho gefrot, an der hutt mer nach net drop geäntwert. Da sidd elo frou, datt ech iech haut d'Geleeënheet ginn hu fir dat ze soen.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech hat nach eng oder déi aner Saach ze soen, an zwar zu deem wat d'Madame Gansen gesot huet iwwer de Coiffeur an datt d'Parken ze kuerz ass. Et muss ee kucken, datt, wann een de Parking opmécht vun zwou op véier Stonnen, dann hu mer nees de Problem vun den Dauerparker. Da leie mer nees an däer Philosophie. Fir mech ass et ganz kloer, och wann dat net populär ass oder politesch adäquat fir et ze machen, mee de Parking kann net gratis sinn. A wa mer de System vum generelle Bezuele vum Parking aféieren, da keeft een sech déi Parkzäit, déi ee brauch. Dat muss jo net allze deier sinn. Dat ass déi eenzeg Gerechtegkeet. All déi aner Saachen hunn e Pendant. Méchs de op, dann hues de déi do stoen, déi net dohinner solle kommen an da mussen d'Leit awer nees wäit goe wann se bei de Coiffeur ginn. Dofir muss een sech Techniken ukucken an iwwerleeën – et ass net esou einfach – ob een dat soll aféieren oder net.

Lily Gansen (LSAP):

Zu enger gudder Sécherheet zielen awer och hell beliichte Stroossen. Ech hoffen, datt virun allem fir déi vill befuere Strooss tëscht dem Agank vu Péiteng bis op d'Porte de Lamadelaine endlech eng Léisung fonnt ka ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

D'Haaptstrooss ass eréischt virun 10 Joer nei gemaach ginn. Mer kréie keng nei Beliichtung dohinner well et eng Statsstrooss ass. Et ass de Service d'énergie de l'Etat, deen sech dorëm këmmert. Mer kënnen nach kucke fir méi staark Biren dran ze kréien, a mer sinn och doranner limitéiert. Wat mer versichen, dat ass déi däischter Lächer, déi dertëscht sinn, ofzesécheren. Haaptsächlech d'Foussgängeriwwerweeër. Dat ass jo och am „Plan local de la sécurité" virgesinn.

Am Package Tourismus si mer amgaang mat de Südgemengen am Kader vum Kordall – d'Gemengen am Sikor -, nodeems mer den Inventaire gemaach hunn, nach méi an d'Propaganda an an d'Koordinatioun vun deenen eenzelne Saachen eranzegoen. Eist Zil ass et, Packager unzebidde mat deenen Infrastrukturen, déi mer hunn. Esou gutt wat d'Hotelle wéi och d'Restauranten ugeet, an datt ee ka soen „En halwen Dag an der Gemeng Péiteng" oder „E ganzen Dag an der Gemeng Péiteng" oder och „E Weekend an der Gemeng Péiteng". Et geet drëm, datt mer esou Formule kréien. Ech sinn och iwwerzeegt, datt mer dat an zwee oder dräi Joer do stoen hunn.

Lily Gansen (LSAP):

Dann nach séier e puer kuerz Froen :

Wéi ass et mam Monte-charge zu Rolleng am Centre de loisirs ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech war de Moien nach do fir mer et unzekucken. An ech stoung do mer déi Trap unzekucken, déi eigentlech och deen eenzege Wee fir erop wier. De Portier huet mer och nach gesot, datt et enk wier. Do kéint een nëmmen e Monte-charge himaachen, dee ganz lues géif erofgoen. Mer mussen dat emol mat eisen Techniker kucken, wat een alles dorop kritt. Ech mengen, d'Musek huet jo och e Bréif geschriwwen. Net datt ee just eng Tromm erop kritt an dann ass ee fäerdeg. Dann dauert dat 20 Minutte bis dat do uewen ass. De Portier huet mer och ugebueden, datt en iech géif hëllefen, de Parzeläin erofzedroe wann der eng Veranstaltung hätt. Ganz eescht elo. Mer sinn amgaang ze kucken, wat mer do kënne maachen.

Lily Gansen (LSAP):

Wéi huet den Ausbau vun de Comblen an de Schoulen sech ausgewierkt ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat är Fro zu de Comblen ugeet, do wëll ech soen, datt dat sech positiv ausgewierkt huet. Bei eis streit d'Léierpersonal aus der Park-Schoul sech drëm fir ënner den Daach ze goen, well déi nei Säll hinne gutt gefalen. Et ass absolut net esou, datt si forcéiert gi fir dohinner ze goen. Mer wäerten och an der Neiwiss-Schoul zu Rodange op en ähnleche Wee goen an do esou muench fräien, eidele Raum notzen. Well de Raum ass deier a wann een dee kann optimal notzen, da soll een dat maachen. Haut ass et jo och mat der Technik esou, datt een dat ka ganz flott an interessant ënner dem Daach maachen.

Lily Gansen (LSAP):

Op ongeféier wat fir eng Zomm kann d'Péitenger Gemeng als Remboursement vum HPMA zielen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do goufe jo schonn Zuele genannt. Ech sinn awer do nach e bësse méi zeréckhalend dran. Ech sinn der Meenung, datt mer sécherlech um Enn eng Zomm wäerten zeréckkréie well mer einfach ausgehandelt hunn – an dat steet an der Konventioun mat dem CHEM, déi mer deen nächste Freideg dem Gemengerot hei wäerte virleeën an déi schonn ënnerschriwwen an approuvéiert gouf vum Komitee vum HPMA -, datt engersäits den Terrain als Donation an de CHEM fléisst. Well bei all Stëftung muss een en Don ginn a mär wäerten als HPMA, genee wéi déi Escher an déi Diddelenger, Terrainen zur Verfügung stellen. Allerdéngs, de ganze Bau – esou wäit en net ofgeschriwwen ass, wat awer de Gros ass -, genee ewéi d'Apparaturen – esou wäit déi net ofgeschriwwen oder subsidiéiert gi sinn – wäerten un de CHEM verkaf ginn. Grad ewéi de Stock, deen och un de CHEM geet. Anersäits wäerten awer och nach an den nächste Méint Käschten op eis duerkommen. Op den 31. Dezember wäert bestëmmt nach net alles ofgerechent si wat den HPMA ugeet. Da wäerten nach e ganze Koup Käschten op eis duerkomme wat den HPMA ugeet, d.h. Käschte fir alles ze dekontéiere wat virdru war. Mer hunn nach eng Rei vu Prozesser lafe wou mer Onkäschte hu well mer ugesicht oder mat ugesicht goufe vu Patiente well dat Eent oder Anert net esou gelaf ass wéi et sollt. Wou ech emol net dervun ausginn, datt mär als Syndikat respektiv als Spidol eng Schold wäerte kréien. Mee trotzdeem wäerte mer eis awer och do verteidegen an en Affekot domat chargéieren. Et wäert nach e puer Joer dauere bis all déi Voleten ofgedeckt sinn, grad wéi och eng Rei Personalfroen, déi nach musse geléist ginn am Kader vun den „employés communaux", déi do beschäftegt sinn a wou mer amgaang sinn ze verhandele wéi mer déi Dossieren – et sinn der nëmmen ning - regelen.

Well mer net wëssen, wat op eis zoukënnt, wëll ech mech do och net festleeën. Mee mer kënnen dovunner ausgoen, datt de Stock an d'Apparaturen, déi net amortiséiert sinn, bei 7 oder 7,5 Milliounen Euro wäerte leien. Mer verhandelen och nach mat der Krankekeess am Zesummenhang mat den Dekonte vun 2005, 2006 an 2007. Mer wäerten dann nach Käschte kréien, esou datt een eventuell dovunner kéint ausgoen, datt nach fënnef oder sechs Milliounen Euro iwweregbleiwen, déi dann un déi eenzel Gemengen zeréckfléissen. Mee dat sinn awer Zuelen, op déi ech mech net wëll festleeë well mer do d'Bilanzen an d'Dekonte mussen ofwaarde fir eis do zu 100% festzeleeën.

Lily Gansen (LSAP):

Gëtt u keng Reglementatioun fir d'Parabolantennen an eiser Gemeng geduecht ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Fir d'Parabolspigele gëtt et sécherlech e Reglement, datt esou Parabolspigelen hei an der Gemeng op der viischter Fassad verbuede sinn. Op däer aner Säit huet een awer och d'Recht op Informatioun, deen all Bierger laut Gesetz huet. Wann een awer an engem Haus oder an engem Appartement wunnt, wou een am Fong nëmmen de Fernseh per Parabolspigel kann empfänke wann een esou e Spigel op déi viischt Fassad hänkt, dann huet een eigentlech eist Reglement, wat géint d'Gesetz steet. A menger Ansiicht no ass nach ëmmer d'Gesetz, dat priméiert. An da stinn d'Kaarten net ganz gutt fir déi Leit ze forcéieren dat ewech ze huelen. Datt et net schéin ass, dat kann ech nëmmen ënnersträichen. Mee ech weess net, wéi mer dësem Fléau kënnen entgéinttrieden.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass ze kucken, wéi interessant eng Parabolantenn géintiwwer enger Kollektivantenn ass. Bis elo war et déi bëlleg Alternativ dozou an d'Leit hu méi Programmer kritt a se hu manner bezuelt. Dat wäert awer net méi esou bleiwe mat dem digitale Fernseh. Déi analog Programmer – dozou wäerte mer den Owend méi Informatioune kréien - gi jo komplett verluer. Et ass ganz kloer, mee et wäert nach e puer Joer daueren, datt mer op de Pay-TV zouginn. Nieft deem wat een als Service bezuelt fir en iwwerhaapt eranzekréien, also déi technesch Installatioun, wäert ee musse bezuelen. An do kommen déi heiten och dran. Et ass net esou, datt déi Parabolantennen sech alles däerfen aus dem All huelen, mee do geet geschwënn alles nëmmen nach iwwer Decoderen, an dat muss bezuelt ginn. An da gëtt d'Parabolantenn net méi esou interessant oder et ass keng Alternativ méi zu der Antenn selwer. Et hänkt also dovunner of, wéi interessant de Provider seng Offer mécht. Wa mer et fäerdeg bréngen, datt mer d'Decodere méi bëlleg kréie fir eis Leit, dann ass dat sécherlech eng bëlleg Alternativ. Besonnesch awer méi eng propper a méi eng intelligent, well d'Antenn wäert awer mat deem wat se elo hei am Buedem leien huet, gutt équipéiert sinn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech muss der Madame Gansen soen, datt ech averstane si mat enger ganzer Rei Ureegungen, déi si gemaach huet. Besonnesch dat, wat de Sport ubelaangt. Zu Rolleng am Keller hu mer beispillsweis en Dëschtennisveräin, wou d'Schoulkanner ganz séier kéinten higoe fir emol eemol do ze spillen. Dat ass eng gutt Iddi an dat soll een och novollzéien.

Dat anert mat dem Minibus gesinn ech och esou. Haaptsächlech do, wou kee Bus hikënnt. Mer hunn zu Rolleng an zu Rodange e ganze Koup esou kleng Niewestroossen. Et soll een sech dat nach eng Kéier iwwerleeën. Ech wollt awer prinzipiell dem Här Breyer Recht ginn, datt de Parking bezuelt soll ginn. Am Kader vun deene klengen a mëttlere Firmen, déi a mäi Ressort falen, sinn ech awer och der Meenung, datt mer sollte kucke fir d'Haaptstrooss zu Péiteng an zu Rodange de Parking mam Disque virubestoe loossen. Grad esou gutt wéi de Parking bei engem Supermarché gratis ass, esou muss en och kënne gratis sinn an engem Zentrum. Well wann een e Brout kafe geet oder bei de Metzler fir zwou Minutten, da verdreift een och nach déi Clientèle, wa se muss an eng Auer ageheien. Dofir sinn ech der Meenung, datt mer dem Wonsch vun eise Geschäftsleit nokomme sollen an dee Service gratis géife loossen. An ech gesinn och de Moment an deem Sënn keng besser Léisung.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech hätt nach eng besser: mer géifen eng hallef Stonn loossen an duerno fakturéieren.

Camille Bosseler (CSV):

Bei der Presentatioun vun dem Budget de leschte Freideg ass kloer ervirgaangen, datt déi konsequent Finanzpolitik zënter dem 1. Januar 2000 seng Friichten dréit. An de leschte Joeren huet sech déi finanziell Situatioun an eiser Gemeng wesentlech verbessert. Am extraordinäre Budget 2008 stinn Ausgabe vun iwwer 16 Milliounen Euro, ouni datt op e weideren Emprunt zeréckgegraff muss ginn. Dëst ass sécherlech drop zeréckzeféieren, datt mer bei enger Rei Projeten och Staatssubsiden erwaarde kënnen. Op der anerer Säit ass et awer och dem aussergewéinlech héijen Iwwerschoss am ordinäre Budget mat 6,7 Milliounen Euro ze verdanken. Dëst kënnt sécherlech net vun näischt, mee ass op eng geziilten a strikt Finanzpolitik zeréckzeféieren. D'Gemeng Péiteng ass elo um richtege Wee an däerf sech net vun deem ofbrénge loossen, esou wéi de Buergermeeschter dat jo och virun dräi Deeg gesot huet.

Nëmmen esou ass et méiglech, eng ganz Rei vu gréisseren Aarbechten an eiser Gemeng ze maachen, wouvunner meng Virriedner der schonn eng Rei beliicht hunn. Ech fir mäin Deel wëll op e puer Domainer agoen, déi mer besonnesch um Häerz leien.

De Schäffe Roland Breyer huet eis an Aussiicht gestallt, datt déi néideg Immobilientransaktioun kuerz virum Ofschloss ass fir datt mer endlech iwwer den néidegen Terrain verfügen, fir den neie Waasserbasseng um Hierschbierg opzeriichten. D'Gemengen hunn d'Verpflichtung, hir Bierger mat propperem Waasser ze versuergen an dofir sinn ech frou, datt elo, nodeem d'Sanéierungsaarbechten un de Waasserbassenge vu Rodange a Rolleng dat nächst Joer ofgeschloss wäerte sinn, och mat der Planung an duerno der Konstruktioun vum neie Waasserbasseng zu Péiteng ugefaange ka ginn.

De Käschtepunkt fir d'Kläre vun eisem Ofwaasser no den europäeschen Normen ze garantéiere stellt eng grouss finanziell Belaaschtung duer, och wann a ville Fäll mat Subside gerechent ka ginn. D'Konstruktioun vun engem „bassin d'orage" op der Porte Lamadelaine, dee 4,3 Milliounen Euro kascht, gëtt zum ganz groussen Deel iwwer déi zwee Exercicer 2007 an 2008 verbucht. Och d'Aarbechten un der Eechelsbaach, déi scho jorelaang am Budget virgesi sinn, sollen dat nächst Joer ugefaange gi well jo, wéi et schéingt, d'Ausbezuele vu Staatssubsiden a Milliounenhéicht fir den „bassin d'orage" onverständlecherweis vun dësem Projet ofhängeg gemaach ginn.

Et gëtt och an enger Rei vu Stroosse geschafft. Nodeem datt zu Rodange d'Gendarmeriestrooss an d'Charlottestrooss dëst Joer an d'Rei gesat goufen, wäerte mer d'nächst Joer zu Péiteng an der rue de la Gare, der rue Prinzenberg, der rue de l'Eglise, der rue de l'Indépendance an zu Rodange à la Siole, der rue Terre Noire an an der rue

de la Fontaine schaffen. Datt de Schwaarze Wee d'nächst Joer och an d'Rei gesat gëtt, ass ganz bestëmmt och eng gutt Saach. Leider sinn dat anert Joer awer keng Aarbechten zu Rolleng virgesinn. Ech hoffen deemno, datt am Joer 2009 dëst nogeholl gëtt. Hei ass besonnesch am ale Kär vu Rolleng nach dat eent oder anert ze maachen.

De Kär vu Rodange kritt lues mee sécher eng aner Nues. Ronderëm de Jos. Philippart-Stadion an och nieft der Villa Bambi sinn elo an de leschte Joeren déi nei Sportshal, Sozialwunnengen an eng „Maison relais" entstanen. Elo soll an den nächsten zwee Joer nach e synthetesche Fussballsterrain, eng nei Spillplaz, genuch Parkraum an eng nei Tribün fir de Fussballveräin entstoen. Och ass et wichteg fir d'Aarbechte komplett ofzeschléissen an d'Plaz virum Rodanger Kiosk ze erneieren. Doriwwer eraus gëtt dann och nach d'Neiwiss-Schoul renovéiert a vergréissert. All dat wäert dozou bäidroen, datt am Zentrum vu Rodange all déi Infrastrukturen entstinn, déi fir eng Uertschaft an der Gréissenuerdnung vu Rodange noutwenneg sinn.

Wat elo eist Stadhaus ubelaangt, esou stoung, no der Aweiung vun der Annex an der Refektioun vun der Fassad vum alen Deel dëst Joer den Ufank vun de Renovatiounsaarbechte bannen am Stadhaus um Programm. Leider hunn déi extrem laang Genehmegungsprozeduren dozou gefouert, datt mer eréischt dat nächst Joer mat dësen Aarbechten um Rez-de-chaussée ufänke kënnen. Och wann dës Aarbechte sécherlech de Service un eise Bierger während enger längerer Zäit beaflosse wäerten, esou wäerten, wann dës Aarbechte fäerdeg sinn, déi selwecht gutt Aarbechtsbedingungen am ale Gebai wéi an der Annex sinn.

Frou sinn ech, datt endlech d'Aarbechten am Verwaltungsgebai op der Maartplaz fäerdeg sinn. Zënter dem éischte Vote am Gemengerot den 20. Januar 1997 sinn elo bal 11 Joer vergaange bis de Projet ofgeschloss konnt ginn. Eng Situatioun, déi mer Gott sei Dank net méi bei den neie Projeten, déi mer a leschter Zäit uginn, kennen. Wichteg ass, datt vun deem Moment un, wou de Gemengerot e Projet an en Devis guttgeheescht huet, och d'Realisatioun vun dësem Projet esou séier wéi méiglech gemaach gëtt.

Als Schlussfolgerung géif ech festhalen, datt eis Gemeng haut eng gesond Finanzsituatioun kennt. Dëst ass sécherlech net vum selwe gaangen, mee op déi grouss Efforten, déi an deem Beräich an de leschte Joere gemaach goufen, zeréckzeféieren. Dofir sinn ech der Meenung, datt mer dee richtege Wee ageschloen hunn an ech ënnerstëtzen dëse rektifizéierte Budget 2007 an de Budget 2008 voll a ganz.

Ech hätt nach folgend Froen un de Schäfferot :

Hu mer nach vill Waasserfuiten op eisem Reseau ? Gëtt et eng Analyse vun eisem Drénkwaasser ? Déi Fro ass jo scho gestallt an och beäntwert ginn.

Ass och an eiser Gemeng deemnächst mat enger Erhéijung vun der Waasseran der Kanaltax ze rechnen ?

Roland Breyer, Schäffen:

Wat d'Waasserfuiten ugeet, do hunn ech jo schonn drop geäntwert. Mer hunn nei Installatiounen, wou mer dat besser kënne kontrolléieren an och besser situéieren, wat fir en Deel Fuiten ass a wat fir en Deel ugezaapt gëtt.

D'Analys vun eisem Drénkwaasser gëtt gemaach. Dat ass och gesetzlech esou virgeschriwwen. Mer maachen am ganze véier Mol am Joer eng Analys an all Basseng. An dat an eisen dräi Uertschaften. Dat ass virgesinn. Eis Bassénge sinn elo quasi all sanéiert. Se waren an engem net esou gudden Zoustand. Wann een do Fotoe gesouch, wéi se virdrun a wéi se elo ausgesinn, da miisst d'Waasser elo besser schmaachen. Déi Waasserbassenge ginn och elo esou ofgeséchert, datt een net méi vun de Lëftungslächer ka profitéiere fir Dreck eranzegeheien. Et gëtt esou gemaach, datt d'Waasser och déi Qualitéit behält, déi mer kréien.

Et ass eng Erhéijung vun der Kanaltax an Aussiicht. D'Waasser wëlle mer net ausschléissen. Mer wëssen, datt eis Projektiounen iwwer de Personal vun der ALUS gemaach goufen – dat si spezialiséiert Leit, déi mat Waasser ze doen hunn. Eng vun de Pilotgemengen ass Péiteng, an do ass ausgerechent ginn, wat den interne Käschtepunkt vun eiser Waasser- an Ofwaasserversuergung de Moment wier. Et sinn Amortissementer iwwer bestehend Leitungen dobäigerechent gi fir datt ee Fonge kréich. An deemno wéi een déi Rechnunge wéilt maachen, gesäit ee ganz kloer, datt déi Taxen am Moment déck ënnerdriwwe sinn. Se miissten an d'Luucht goen. Op enger Reunioun, déi mer am Kader vun dem Buergermeeschterdag zu Mondorf mam Inneminister haten, iwwer d'Gemengen, do ass ugeschwat ginn, datt de Waasserpräis viraussiichtlech – wann d'Réier reell berechent ginn – tëscht 4,5 a 5 Euro kënnt. Mer si wäit dovun ewech. Mer kommen awer eng Kéier an d'Luucht. Wat elo kloer ass, an dat hunn ech och schonn an der Presentatioun gesot, eis Ofwaassertax wäerte mer deenen anere Kordallgemengen upassen. De Moment si mer bei 0,85 Euro mee am Laf vum Joer wäerte mer op 1,25 Euro goen. Dat ass déi Tax, déi an deenen anere Gemenge gefrot gëtt. Déifferdeng mécht et, Suessem a Käerjeng och. Dat sinn och Berechnungen, déi mer vum SIACH kruten, an déi och begrënnt sinn. Mer wäerten also viraussiichtlech am zweete Semester mat der Ofwaassertax an d'Luucht goen. Wat d'Waassertax ugeet, do waarde mer of wat d'SEBES entscheet. D'SEBES huet och an Aussiicht gestallt, datt alles an d'Luucht geet. Ob mer dat weider dem Bierger verrechnen, dat musse mer nach opstoe loossen.

Camille Bosseler (CSV):

Nach eppes wat d'Waasser ugeet. Wier et do net méiglech an Zukunft och ze kucke fir d'Waasser opzefänken. Mer hunn esou vill Blummen am Summer ze netzen, mer hu Gefierer, mer hunn och Zetäre mat deenen se kéinte fueren. Dat Waasser, wat opgefaange gëtt kéinten se benotzen. Well ech gesinn am Summer ëmmer Schläich dorëmmer leien. Sinn do Compteuren drop oder net? Beim Kierfecht ass et d'selwecht. D'Kanner ginn ëmmer do drun drécken. Do wier et och méiglech, eppes anescht ze maache well do gëtt och vill Verschwendung gedriwwen.

Roland Breyer, Schäffen:

Sécher, dee meeschten Eegeverbrauch gëtt mat Compteure gelies. Mer hu jo d'Experiment mat den Opfangstrukturen an der Maison relais zu Rodange gemaach. Et muss ee kucken, fir wou dat sech eegent, well wann een et nobaut, da gëtt et heiansdo deier. Da muss ee kucken, wann een an engem Gebai schafft, ob een déi Iwwerleeung ka mat eranhuelen.

Camille Bosseler (CSV):

Jo, wann et direkt gebraucht gëtt, dann ass et jo awer eng gutt Saach wat een do kéint maachen. Beim TICE hunn ech dat och duerchbruecht. Haut hu mer awer eng Anlag do, wou d'Bussen derduerch ginn, wougéint se fréier op enger Leeder do stounge fir d'Fënsteren ze wäschen. Haut kënnen se esou vill opfänken, datt d'Schrebergäert dernieft nach kënne genat ginn dermat.

An dann nach eng Fro: Gëtt et eng Analys iwwert den Zoustand vun eise Bëscher ?

Gilbert Welter, Schäffen:

Et ass ganz kloer, datt mer en Zéngjoeresplang opgestallt hu fir eis Bëscher. Et ass och kloer, datt do eng

gewësse Viraarbecht geleescht gouf mat der „Administration des eaux et forêts“, awer och an Zesummenaarbecht mat dem Fierschter. Déi Bëscher sinn iwwer eng Rei vu Méint observéiert ginn, respektiv déi laangjäreg Erfahrung vun eisem Fierschter huet do eng gewësse Roll matgespillt wéi mer dee Plang opgestallt an och effektiv gestëmmt hunn. Mer kréien och elo den FSC Label fir eis Bëscher. Wann ech elo allgemeng en Uerteel kéint soen, da sinn eis Bëscher statistesch vläicht net definéiert wéi gutt oder schlecht se sinn. Mee eis Bëscher sinn awer net méi schlecht wéi déi ronderëm. Et ass och esou, datt iwwer déi lescht Joeren eng ganz gutt Aarbecht vum Fierschter mat senger Equipe geleescht ginn. Op deene Plazen, wou effektiv eng Gefor bestanen huet, do ass och Remedur geschaf ginn. Dofir hate mer och 2007 e bësse méi an de Recette wat d'Holzhaen ugeet. Wat mer awer net onbedéngt wëllen hunn, well mer wëlle jo net, datt eis Bëscher ofgehae ginn. Mee mer sollen awer Vertrauen an eise Fierschter hunn. Hien huet dat gutt am Grëff. A wa mer den FSC Label hunn, da si mer och fir déi nächst 10 Joer ënner Garantie. An eis Bëscher stinn ënner stänneger Kontroll. An der nächster Gemengerotssëtzung hu mer och nach eng Kéier de Plang fir eis Bëscher fir 2008, dat heescht, wat fir eng Aarbecht do geleescht gëtt.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass dat, wat ech och wollt héieren iwwer dee gesonden Zoustand vun eise Bëscher. Et ass jo scho vill dra gehae ginn. Ech huele jo un, datt och déi krank a méi al Beem e bëssen erausgebotzt goufen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et geet och dorëm, datt laanscht d'Spazéierweeër keng Gefore sinn. Wann elo eemol e Stuerm kënnt, datt kee Bam op e Wee fält.

Camille Bosseler (CSV):

Genee. Si hunn dat jo och als Direktiv op de Wee matkritt fir no deene Beem ze kucken. Dat hat hie mer selwer gesot, datt dat eng Gefor duerstellt an déi ewechgeholl miisste ginn. Dat konnt een och iwwerall duerch d'Bëscher kucken. Iwwerall wou et no um Wee a geféierlech war, do sinn se méi oder wéineger ewechgemaach ginn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Wéi de Fierschter mär bestätegt huet, huet hien dat och zimlech gutt am Grëff.

Camille Bosseler (CSV):

Wier et méiglech, esou wéi an de vergaangene Joeren, d'Analys vum Absentéisme aus eise Betriber ze kréien ?

Roland Breyer, Schäffen:

Den Absenteismus ass nach net eriwwer. D'Joer ass nach net eriwwer. Mer hunn eng Opstellung vum Joer 2006 gemaach, déi der och ufanks 2007 krut. Sou gëtt dat och 2007 gemaach wann eis Servicer fäerdeg sinn. An da kritt der dat alleguer presentéiert, wou der kënnt gesinn – ventiléiert op déi eenzel Betriber – wéi et mam Absenteismus steet a wéi et do ausgesäit.

Camille Bosseler (CSV):

Hu mer den Taux vu 5% behënnerten Ugestallten erfëllt ?

Roland Breyer, Schäffen:

Wat déi Handikapéiert ugeet, esou ass 5% d'Norm. Mär hunn de Moment 6,22%, dat heescht, mer hunn elo sechs Aarbechter, déi de Statut vun engem handikapéierten Aarbechter hunn, a mer hunn och nach siwe Leit, déi reklasséiert goufen duerch en interne Reklassement. Am ganze sinn et also 13 Leit, déi an eiser Administratioun oder an eise Betriber schaffen.

Roger Klein (LSAP):

Vir unzefänken en dräifache Merci :

E Merci un de Schäfferot, datt en dëst Joer bereet war, de Budget an 3 Séancen ze traitéieren, esou wéi d'Oppositioun et scho méi laang gefrot hat. Ech sinn iwwerzeegt, um Enn vun eisen Diskussioune stelle mer fest, datt dëst déi richteg Formule ass.

Ee weidere Merci dem Buergermeeschter an den 3 Schäffen, fir hir jeeweileg Presentatiounen. Alle véier hu se a sachlechen, kloeren an expliziten Exposéen Deelberäicher an Aspekter vum Budget virgestallt an domatter och schonns vill Froe beäntwert.

Mäin drëtten a leschte Merci geet un all d'Membere vun der Gemengeverwaltung, déi dozou bäigedroen hunn, datt mer esou een detailléiert an iwwersiichtlecht Budgetsdokument zéng Deeg virun dëser Diskussioun virleien haten.

Aus all deene Grënn hunn ech dann och weider keng Froen zu dem Budget rectifié 2007 an dem Budget 2008, mee ech wëll mech op e puer allgemeng Reflektioune beschränken.

De Buergermeeschter huet gemengt, et wier legitim an usus, datt Majoritéit an Oppositioun, wat d'Interpretatioun vu Budgetsdokumenter ugeet, net ëmmer enger Meenung sinn. Do huet hie Recht.

Anerersäit kann ech awer gläich virausschécken, datt meng perséinlech Evaluatioun dëst Joer manner wäit vu senger ewech läit wéi muench Joere virdrun. Ass dat vläicht, well dëst den 20. Gemengebudget ass, mat deem ech mech befaassen, an datt ee mat der Zäit manner kritesch a virun allem manner ongedëlleg gëtt, wat eng prompt Realisatioun vun deem Versprachenem ugeet, oder läit et vläicht tatsächlech dorunner, datt de Budget 2008 manner direkt Ugrëffsflächen enthält ? Versiche mer eng Äntwert op dës Froen ze fannen.

Wat eisen ordinäre Budget fir 2008 ugeet, esou muss ee feststellen, datt mer vun enger Aubaine profitéieren, dem glécklechen Zoufall, datt esouwuel d'Dotation de l'Etat wéi och den Impôt commercial fir 2008 extrem héich ausfalen, fir d'éischt an der Geschicht vun der Gemeng Péiteng d'20 Milliounen Euo-Grenz iwwerschreiden a global ëm 10% méi héich leie wéi d'Joer virdrun. Och wa mer op dës Recette wéineg oder guer keen direkten Afloss hunn, an eis domatter och wéineg oder guer kee Mérite zouschreiwe kënnen, esou muss se eis dach Grond sinn zu Satisfactioun, well si erméiglechen eis, duerch e Rekordiwwerschoss am ordinäre Budget eisen extraordinäre Budget, trotz héijen Investitiounen iwwert een Transfert an der Héicht vun 6,8 Milliounen Euro, ze équilibréieren, an dat trotz héijen Investissementer.

Dës Progressioun vun der Dotation de l'Etat an der Gewerbesteier erméiglecht der Gemeng also, hir Einnamen an engem Joer ëm 10 % ze steigeren, an och wa Virsiicht gebuede muss si fir d'Zukunft, dann ass dat dach eng Progressioun, déi een als extrem komfortabel muss bezeechnen. Well et gëtt wuel net vill privat Haushalter an der Gemeng, déi fir 2008 mat enger 10-prozenteger Steigerung vun hire Revenue rechne kënnen.

Relativéiere muss een dës Chifferen awer an zweefacher Hisiicht : engersäits hëlt eis Populatioun rapid zou an et miisst een d'Evolutioun vun dësen Allocatiounen „par tête d'habitant“ rechnen, an anerersäits wuessen d'Aufgaben, déi de Stat de Gemengen operleet, permanent, a wa mer als Gemeng emol all deenen Erwaardunge gerecht ginn, déi säitens vum Stat an och vun eisen Awunner un d'Gemeng geriicht ginn – Stéchwierder Crèche, „Maison relais“ an esou weider -, da musse mer kucken, wat ënner dem Strëch nach bleift. An ech sinn och mam Buergermeeschter eens, datt mer eis dëst Joer freeë kënnen, mee fir d'Zukunft bleift awer Virsiicht gebueden.

E klenge Wermutstropfen ass fir mech just deen hei: vun de Recetten, déi mer vum Stat kréien, ginn, laut Aussoe vum Buergermeeschter ronn 1,5 Milliounen an eis Schwämmen affektéiert, also haaptsächlech an déi Rodanger Schwämm. Dat entsprécht ongeféier dem Defizit, dee mer um Budgetsposten „Piscines" ze verzeechnen hunn. Dann ass et fir mech e schwaachen Trouscht, datt aner Gemengen, déi keen Dach hunn, deen op- an zougemaach ka ginn, nach manner Recetten hate wéinst dem schlechte Wieder. Ech wéisst séier gär wéi héich den Defizit vu vergläichbare Gemenge fir hir Schwämme war. An iwwerhaapt a wat fir eng Lächer deenen hir Sue versickere ka mär als Bierger vun der Gemeng Péiteng egal sinn. Mee et léisst mech net indifferent, datt eis Schwämmen, an haaptsächlech eis Rodanger Schwämm, Joer fir Joer eng Belaaschtung duerstellen, déi zum Beispill dëst Joer 10% méi am extraordinäre Budget ze investéieren an domat, laut dem Här Breyer senge Berechnungen, erméiglecht hätt, 500 bis 600 Meter Stroosse mat sämtlechen Infrastrukturen nei ze maachen.

Et bleift just eng Fro zum ordinäre Budget, déi der mer awer net direkt beäntwere musst, an déi och déi eenzeg ass a mengem Text. De Buergermeeschter huet et scho gesot, datt de Mali vun der Musekschoul 2007 eng konträr Entwécklung par rapport zu de Joere virdru geholl huet an drastesch eropgaangen ass. Eng richteg Erklärung mengen ech awer net gehéiert ze hunn. Vläicht kréien ech déi awer nach nogeliwwert. Grad esou d'Iwwerleeunge vum Schäfferot, wéi dësen Entwécklungen an Zukunft kann entgéint geschafft ginn.

Zum extraordinäre Budget, wat de rektifizéierte Budget 2007 ugeet, esou ass et och hei – ech zitéieren de Buergermeeschter – „legitim an Usus", datt de Schäfferot déi autoriséiert Montanten esou wéineg wéi méiglech no ënne revidéiert. An dat fir den Uschäin ze ginn, esou vill vun deem Versprachene realiséiert ze hunn an d'Oppositioun sech drop stäipt, déi Chiffere wiere vill ze héich an euphoresch a géifen d'Realitéit net erëmginn.

Ech wëll mech dëst Joer net an dës Diskussioune verdéiwen, et géif souwisou eng akademesch Diskussioun ginn, an däer duerno béid Säite géinge mengen, se hätte Recht, an iwweregens kënnt d'Wouerecht eens wéi eens de Mee 2008 un d'Liicht, wann d'Konte fir 2008 etabléiert sinn. Dofir mengen ech, zum ubruechten Zäitpunkt eng detailléiert Analys vun de Konte géing méi brénge wéi Gestreits a Gepiddels zu dësem Moment, wat op dësem oder deem Budgetsartikel realiséiert oder och net realiséiert ginn ass.

Eng Behaaptung vum Buergermeeschter wéilt ech just relativéieren : hien huet ausgerechent, Enn 2008, also an der Mëtt vun hirer Mandatsperiod, hätt dës Majoritéit 55% vun deene versprachenen Investitiounen an Héicht vu 70 Millioune realiséiert. Fir op säi Chiffer vun 39,618 Milliounen ze kommen, huet hien dobäi awer Äpel (déi real 8,4 Milliounen aus dem Kont vun 2006) mat Biren (déi fiktiv 14,4 Milliounen aus dem Budget rectifié 2007) vermëscht, an och nach Quetschen (déi virgesinnen 16,7 Milliounen aus dem Projet de budget 2008) dobäigemëscht.

Dat mécht zwar en attraktive Mélange, mee d'Mouss geet beim Kachen ëmmer nach an, a wat duerno an der Schossel ass, doriwwer sollte mer elo net streiden, mä dat sollte mer am Mee 2009 évaluéieren, wa mer déi 3 Konte kennen. A wa et mer dann och dee Moment net erreecht hunn, mä manner wéi 20% géingen drënner leien, da géing ech mech elo schonn engagéieren, ni méi dat geréngste Wuert géint seng finanztechnesch Analys vum Budget ze soen.

Mä komme mer virdrun zum extraordinäre Budget 2008.

Wann ee 16,7 Millioune kann investéieren, ouni op een Emprunt zeréckzegräifen, dann ass dat positiv. Et sinn eng ganz Rei vu Projeten dran, déi een och als Member vun der Oppositioun onageschränkt begréissen a matdroe kann, anerer, wou ee vläicht méi reservéiert ass, ouni datt se direkt ee vehemente Widdersproch géingen ervirruffen, mä trotz allem, egal wéi dacks ech dat Dokument liesen, vu vir no hannen, a vun hannen no vir, dëse Budget mécht keng Emotioune wakereg, weder positiver nach negativer.

Deen eenzege wierklechen Highlight ass de Plang fir den nationale Keelesportzenter mat Tennishal – eng architektonesch Réussite. A wann och nëmmen een Deel vun deem kombinéierte Gebai de lokale Veräiner zegutt kënnt, da kann een – wéinst dem interessante Finanzéierungsmodus, virausgesat, dee bleift esou – dësem Projet duerchaus zoustëmmen.

Et ass bezeechnent fir dëse Budget, datt déi wäitaus gréissten Dépense virgesinn ass fir ee Réckhaltebecken. Dat ass nu wierklech kee spektakuläre Projet, mä en néidegen an e nëtzlechen. Grad wéi d'Infrastrukturaarbechten allgemeng, déi jo 40% vun den Ausgaben ausmaachen, net spektakulär sinn, mat deene setzt ee sech keng Denkmäler, mä se musse gemaach ginn.

E bësse méi skeptesch gesinn ech d'Transformatioun vum Turnsall an der Neiwissschoul a véier Klassesäll. Ech sinn net iwwerzeegt, datt dat eng ideal Léisung ass. Engersäits hunn ech Bedenke wat d'Anhale vum Timing ugeet, deen de Schäfferot sech gesat huet, fir de Schoulservice esou wéineg wéi méiglech ze stéieren, anerersäits – opgrond vun deene Pläng, déi ech emol gesinn hunn - wat d'Dimensiounen an d'geographesch Ausriichtung vun de Klassesäll ugeet.

Datt et 2008, wann och eréischt am September, dann elo mat der Renovéierung vun der Péitenger Schwämm soll lassgoen, ass eigentlech eng gutt Nouvelle, wann se och op mannst zwee Joer ze spéit kënnt. Et hat näämlech ëmmer geheescht, d'Péitenger Schwämm géif direkt nodeem déi Rodanger op wier a Stand gesat ginn. A wann et viru September net mat den Aarbechte lass geet, - wann iwwerhaapt - , da froen ech mech, op 1,4 Milliounen Euro, déi fir 2008 virgesi sinn, net dach e bëssen ze héich gegraff sinn.

Dee Retard vun der Péitenger Schwämm féiert mech zu e puer anere Beräicher, déi elo esou lues zur 'endlosen Geschichte' ginn, déi ëmmer nach an der Planungsphas sinn, obwuel een hätt kënnen dovunner ausgoen, se wiere längst realiséiert. Ech weess, datt do Faktore matspillen, déi ausserhalb vum Wëlle vum Schäfferot leien, mä d'Zesummespill vu kommunalen a staatlechen Instanze ka schonn emol méi komplizéiert si wéi een sech dat virstellt.

De Projet vun de Gemengenatelieren, aus deem elo e Projet fir eng zentral Gemengegarage ginn ass, ass esou ee Projet. Wann e jeemools sollt realiséiert ginn, hu mer iwwert 10 Joer dru gedoktert. Gutt, deen neie Retard kënnt, well eng staatlech Instanz Buedemprouwe verlaangt, well mer op engem fréieren Tipp bauen. Dat war vläicht awer virauszegesinn, och de Centre de recyclage huet sech verzögert gehat, well en op engem fréiere Crassier gebaut gouf an et do mat de Buedemprouwe ganz genee goung.

Eng wieder 'endless story' ass d'Valoriséierung vum 'Grand Bis', ee Projet, deen och elo a säin zéngte Joer geet. Och wann de Ball do net méi beim Schäfferot läit, musse mer bedaueren, wéi schwéier mer eis hei zu Lëtzebuerg

heiansdo dinn, wann et heescht, Terraine fir Industrien a Commercen ze erschléissen, an dat zëmools, wa mer bedenken, wat an deene leschte puer Joer an omëttelbarer Proximitéit zu deem Terrain – op franséischem a belschem Territoire – alles entstanen ass, an dat sécherlech mat wesentlech geréngeren administrativem Opwand. Déi selwecht Iwwerleeung gëlt och fir den Terrain op der Fonderie, wou mer eis jo och ganz schwéier dinn 'Neel mat Käpp ze maachen', wéi fréier emol een hei gesot huet.

Ech fannen am Budget och ee Poste fir d'Viabiliséierung vu Bauterrainen ze studéieren. Och dat schéngt mer wichteg ze sinn, mä domatter stelle mer och 2008 nach net een eenzegen Terrain fir soziale Wunnengsbau zur Verfügung. A grad dat schéngt mer ganz dréngend néideg ze sinn. Hei an der Gemeng ginn näämlech de Moment virun allem Residenze gebaut, eeler a manner aal Haiser ginn ofgerappt, fir duerch Appartementshaiser ersat ze ginn. A jonk Familljen, déi en Terrain fir en Eefamilljenhaus sichen, dee se bezuele kënnen, di sech schwéier. Doduerch, datt een zimlecht eesäitegt Ugebuet vun Appartementswunnengen herrscht, kënnt et och liicht zu enger Disharmonie an der Bevölkerungs-struktur, well bestëmmte Gruppe vun Awunner dee Wunnraum, deen se sichen, an eiser Gemeng net méi fannen. Et wier dofir a mengen Aen wichteg, der Erschléissung vu bezuelbarem Bauterrain an engem Gemengelotissement absolut Prioritéit ze ginn – an an dësem Fall schéngt de Schäfferot jo schonn de Site fonnt ze hunn : den Terrain wou fréier emol d'Gemengenateliere geplangt waren. Hoffentlech gi mer do net duerch Buedemprouwen opgehalen !

An deem Zesummenhang wëll ech och drun erënneren, datt an absehbarer Zäit den Terrain vum aktuelle Lycée Technique Mathias Adam zur Dispositioun steet. Hei miisst de Schäfferot déi néideg Kontakter mam Stat ophuelen, fir ze garantéieren, datt déi ronn 160 Ar, déi matten a Péiteng leien, entweder Gemengeprioritéit ginn, oder datt op mannst bei der spéiderer Affektatioun d'Gemeng bestëmmend ass. Et schéngt mer deemno och wichteg, datt d'Gemengeresponsabel elo schonns kloer Virstellungen entwéckelen, watfir eng ëffentlech (oder och privat) Infrastrukturen op deen Terrain entstoë sollen.

Ech wëll mech op déi puer Haaptpunkte beschränken. Si weisen, datt eigentlech näischt, wat dëst Joer soll realiséiert ginn, mech elo schrecklech stéiert. Wat mech stéiert ass dat, wat elo net realiséiert gëtt, dat, wat nach ëmmer an der Planungsphas ass a wat eigentlech längst an der Executioun miisst sinn.

Dofir wier mäi Wonsch un de Schäfferot, datt een déi 'Satisfaction', mat däer hien de Budget 2008 presentéiert huet, a positiv Energie ëmsetzt an deen néidegen Damp an Drock mécht, fir däer 'lenteur administrative', déi sech a verschidde Projeten ageschlach huet, entgéintze-wierken.

Wéi der gesitt, verlaangen ech näischt Onméigleches vum Schäfferot. Ech verlaangen net, datt Dir, wéi d'Madame Conter an Aussiicht gestallt huet, hei zu Péiteng d'Keelen un d'Rulle bréngt. Et geet mer schonn duer, wann Dir d'Klatzen un d'Rulle bréngt, mat der néideger Energie, Efficacitéit a Präzisioun, well et stinn um Enn vun der Bunn genuch Keelen, déi ëmgehäit ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt just op e puer Saachen agoen. Ech sinn net der Meenung, datt et e glécklechen Zoufall ass, datt mer méi Recetten hu bei der Gewerbesteier a bei der „Dotation de l'Etat". Déi belafen sech op 6,8% par rapport zu deem, wat mer am Budget 2007 virgesinn hunn. Dat ass awer net alleng d'Ursaach firwat mer elo deen Iwwerschoss vun 6,77 Milliounen Euro hunn. Et ass vill méi op der Säit vun den Ausgaben ze siche wou mer nëmmen e Plus vun 3,45% hunn. Dat kascht enorm Efforten, well mer hätte ganz séier kéinten 6 oder 7% maachen. A wann een an deenen anere Gemenge kuckt, da léisch een éischter do wéi op enger aner Plaz. Mer hunn d'Prioritéit ebe bei deene ville Projeten, déi an der Realisatioun sinn, déi geplangt si fir realiséiert ze ginn, awer och bei deene Projeten, déi nach musse gemaach ginn. A wann ech mat eppes averstane si mat iech, dann datt nach eng Rei Saachen ze maache sinn. A mer wäerten och déi néideg Energie brauche fir datt dat wäert geschéien.

Wat är konkret Fro vun der Musekschoul zur Tendenz ugeet, esou hat ech do och d'Äntwert ginn, datt mer wëllen ofwaarden, wat den Apport vum Stat ass um Defizit oder un de Charge vun der Musekschoul fir 2007. Do wësse mer beim Defizit nach net dee genaue Chiffer. Mer hunn e ganz bescheide mat 660.000 Euro agesat, a mer hunn en och fir 2008 niddereg gehale mat 680.000 Euro. Wa mer elo feststellen, datt de Stat méi gëtt, dat wäert déi Evolution sech och am Budget 2008 positiv entwéckelen. Dat hei ass „the worst case", deen doduerch bedéngt ass, datt d'Peien an d'Luucht ginn. Mer hunn, an dat kënnt der och gesi bei de Chargé-de-Coursen, 649.000 Euro am rektifizéierte Budget 2007 agedroen. Am Budget 2008 stinn 1,038 Milliounen Euro. Dat ass d'Ursaach vun den Ausgaben.

Roger Klein (LSAP):

Eng Tëschefro: huet dat näischt mat de Konventiounen ze doen, déi mer mat deenen anere Gemenge gemaach hunn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi Konventiounen huet sech esou guer positiv ausgewierkt. Do kréie mer 20.000 Euro méi eran.

Mer kënne fir de Moment soen, datt mer d'Ausgabe richteg geschat hunn. Et wäert méi oder wéineger déi Zomm sinn, déi mer als Ausgaben hunn. D'Héicht vun de Recetten ass nach net sécher well mer do einfach virsiichteg geschat hunn, an zwar well mer wossten, wat mer 2006 kruten. Wa mer elo d'Zuele vun 2007 kennen, da kënne mer scho kucken, ob mer d'Recette fir 2008 net ënnerschat hunn. Mee mer mussen emol ofwaarden, wat 2007 geschitt, an dann huele mer déi néideg Entscheedungen opgronn vun deenen Zuelen. Ech géif mengen, datt sech d'Situatioun an dem definitive Chiffer vun 2008 deelweis verbessert wa mer emol deelweis wëssen, wat mer vum Stat kréien. An déi kënne mer de Moment net aschätzen.

Der hutt gesot, 2006, 2007 an 2008 hätt ech gesot, mer géifen 39,6 Milliounen Euro, dat heescht 56% dovunner realiséieren. Ech si mer bewosst, datt do vun engem Joer op dat anert Verschibunge sinn. Wichteg ass awer, wat um Enn vun deene sechs Joer realiséiert ass. A wann een duerno op déi 70 Millioune kënnt, dann ass dat an der Rei. Ech si mer och bewosst, datt duerch Ëmstänn, déi bestinn, eppes vun engem Joer op dat anert zeréckgesat gëtt. Ech huelen do als Beispill d'„Maison relais" vu Rodange, déi mat 2,2 Milliounen Euro am Budget 2007 stoung. Elo sinn awer nëmmen 1,6 Milliounen Euro am rektifizéierte Budget agedroen. Dës Struktur fonctionnéiert awer schonn. Et ass wéinst dem Modus vum Bezuele vun 2007 op 2008 geréckelt. Dat hënnert d'„Maison relais" awer net drun, fir zur vollster Zefriddenheet vun eise Bierger ze fonctionnéieren. Esou kann et zu Verschibunge kommen an et kann een sech net op ee Joer baséieren. Ech sinn awer der Meenung, datt mer 2006, 2007 an 2008 schonn 39,6 Milliounen

Euro un extraordinären Ausgaben ageschriwwen hunn an och scho finanzéiert hunn. Och wa se eréischt 2009 realiséiert ginn. Mer brauchen eis also iwwer de Finanzement vun deene Projete keng Gedanke méi ze maachen. An dat ass och e wesentleche Punkt an deem Ganzen. An dofir sinn ech der Meenung, datt mer elo kënne soen, datt 39,6 Milliounen Euro ofgeséchert sinn. Och wa vläicht de Schluss eréischt ufanks 2009 sollt gemaach ginn.

Wat d'Héichpunkten uginn, déi der vermësst, do huet eng Gemeng sécherlech esou vill Aufgaben, déi där an och aner Kollegen aus dem Gemengerot opgezielt hutt – zum Beispill wat d'Waasser, de Kanal, d'Crèchen, d'„Maison relais" ubelaangt – datt fir déi extravagant Saachen net méi vill bleift. Ech mengen, déi éischt Aufgab, déi eng Gemeng muss iwwerhuele sinn déi, déi hir nun emol sinn. An déi musse prioritär gemaach ginn. An déi Héichpunkten, déi ee kann an d'Fënster stellen a mat deenen ee kann als Politiker ervirtrieden, dat sinn am Fong geholl nach ëmmer zweetrangeg Saachen. Prunkbaute soll een op e Minimum reduzéieren. Et soll een sech de Grondaufgabe bewosst sinn an déi fir d'éischt realiséieren. A wa mer et dann nach fäerdegbréngen, esou e flotte Projet wéi de Keelenzenter – ech mengen, där hutt et och ënnerstrach - ze maachen, natierlech mat der néideger Subventioun vum Stat, dann ass dat sécher flott. Mee dat kann déi éischt Suerg sinn – esou wéi ech dat gesinn – vun enger Gemeng. An do zielen ech eng Schwämm aus zwou Iwwerleeungen eraus eigentlech net derzou. Engersäits hu mer e „plan scolaire" ze respektéieren. An do gehéiert de Schwammcours nun emol derzou. An ech weess och genee, datt vill Gemengen nieft eis dat net méi kënne garantéieren. An do brauch een net wäit ze goen. Nach haut de Mëtteg huet e Buergermeeschter mer gesot, datt hien am 5. an am 6. Schouljoer keng Schwammcourse méi ka garantéiere well keng Plaz méi do ass fir se ze halen. Wa mer eis dee Rhythmus wëlle ginn an dee Luxus wëlle leeschten, datt mer eise Kanner net méi dee Schoulunterrecht kënne ginn deen am Fong geholl gesetzlech virgeschriwwen ass, da wëll ech mer dee Luxus net leeschten. Dofir sinn ech der Meenung, datt eng Schwämm wichteg ass. Nach derbäi wou mer wëssen, datt eis Kanner ëmmer manner mobil ginn, datt se sech net genuch bewegen. Dofir schéngt et mer och fir d'Zukunft interessant ze sinn, datt ee grad esou e Sport ewéi d'Schwammen, dat jo ganz gesond ass, weider ënnerstëtzt andeems an der Schoul garantéiert gëtt, datt all Kand e Maximum ka schwamme goen, an datt een doriwwer eraus zu senge Bierger ka soen, se solle mat hir Kanner schwamme goen. An ech stelle fest, datt ëmmer vill Kanner, an och vill Kanner aus eiser Gemeng dohinner ginn. Esou datt dat fir d'Zukunft fir eis Kanner ganz sécherlech e positiven Aspekt ass. Och wann dat – an do ginn ech iech Recht – eng ganz Staang Sue kascht. A mer sinn amgaang ze kucken, wéi een dat ka weider reduzéieren. Vun deenen 1,5 Milliounen Euro ass och e ganz groussen Deel vun der Péitenger Schwämm. Dat däerf een net verkennen. Well ech géif soen, et wier net wäit vu 50% ewech, wat déi Péitenger Schwämm kascht. Well déi Rodanger Schwämm ass, wat d'Hëtzen, wat d'Energie ugeet, um leschte Stand wougéint déi Péitenger dat net ass. An ech hoffen, datt, nodeems mer déi Péitenger Schwämm op den neiste Stand bruecht hunn, et och do esou ass, datt mer manner Energie verbrauchen.

Dir hutt och dervunner geschwat, datt vill Residenze gebaut ginn. Do muss ech soen, datt de PAG, deen 1992 oder 1993 gestëmmt gouf, dat hir gëtt. Dat gouf an der Tëschenzäit nach erofgesat fir grad ze vermeiden, datt zevill a Residenzen investéiert gëtt. Do miisst ee schonn de PAG ännere wann een dat wéilt vermeiden. Et ass net de Buergermeeschter oder de Schäfferot vun haut, deen dat kann ënnerbannen. Do miisst ee schonn higoen an et miisst een, mat alle Konsequenze wou dat huet, Terrainen ëmklasséieren an da soen, et dierfte keng Residenze méi gebaut ginn a mer miissten eng vill manner héich Populatiounsdicht an den Dierfer hunn ewéi dat de Fall ass. Mee doduerch, datt mer se als „faible densité" a „moyenne densité" aklasséiert hunn ass et kloer, datt laut eisem PAG do ka Residenze gebaut ginn. An ech géif och soen, datt et fir ëmmer méi Leit deen eenzege Wee ass fir eng Wunneng ze fannen. Net méi vill Leit kënne sech nach Eefamilljenhaiser leeschten – net nëmmen alleng vum Terrain hier, wou d'Gemeng en Haaptbäitrag kéint leeschten doduerch datt se Terrainen zur Verfügung stellt – well eben de Baupräis esou héich ass. Wat vläicht bedauerlech ass a wou ee soll versiche dergéint virzegoen an och verschidden Initiativen ze ënnerhuelen. Esou zum Beispill andeems mer Eefamilljenhaiser op den Terrain vu Commercial Intertech bauen. Mee datt een sech do Wonner erwaart, dat ass net ubruecht.

Der hutt eng ganz Rei Projeten ugeschwat, wou der sot, datt déi net viruginn. Esou d'Atelieren, de Grand Bis an och d'Fonderie. Eng Rei Saache muss ech iech dozou soen. D'Ateliere stoungen net op der absoluter Prioritéitelëscht vun dëser Majoritéit, mee mer hunn awer wëlles se ze realiséieren an engem anere Mooss wéi dat nach Enn der nonzeger Joeren de Fall war.

De Grand Bis bedaueren ech mat iech. Mee ech muss iech soen, datt grad an der Regierung verschidde Leit géigesätzlech Saache soen. Den Här Krecké seet mer ëmmer, et géif virugoen. Op däer aner Säit sëtzt den Här Lux mat sengem Ministère op der Brems. Dat gëtt net evident fir do bei deenen zwee dee richtege Wee ze fannen. Net méi spéit wéi virun zwou Wochen hunn ech dem Här Krecké e Bréif geschriwwen an eng Entrevue gefrot, well ech gäre wéisst, wéi et do virugeet. Well mär sinn do Demandeur, datt eppes do geschitt. Mär sinn och prett, datt eppes do geschitt, a mer hunn als Gemeng scho vill dran investéiert. Mer brauchen just déi noutwenneg Autorisatioun, datt do Saache kënne geschéien. A wann ech da Saache héieren ewéi bei enger Firma op der Fonderie, déi deen een Dag « Seveso 2 haut » a moar « Seveso 2 bas » klasséiert – elo héieren ech, datt se nees op der Lëscht vun « Seveso 2 haut » steet -, da muss ech mer natierlech d'Fro stellen, wéi verschidde Ministère fonctionnéieren a wéi et do tickt. Well mat esou Situatiounen ass et schwéier, do ze bauen. Mer wëllen elo Kloerheet kréien an dofir hu mer eng Entrevue beim Här Krecké gefrot. Ech hoffen an him en Alliéierten ze fannen an esou endlech kënnen Neel mat Käpp an deenen zwee Dossieren ze maachen.

An zu allerlescht wëll ech nach op den Thema LTMA agoen. Do ginn ech iech Recht, do solle mer eis Gedanke maachen. Mer sinn amgaangen, e „plan directeur" opzestellen. Deen ass och bal fäerdeg a mer wëllen deen och eng Kéier hei am Gemengerot virstellen. Do wëlle mer eis schonn e Bild maachen, wéi do op deem Site ka geplangt ginn. Mär sinn och do Demandeur als Schäfferot – an ech huelen un, datt dir als Gemengerot do mat eis sidd - fir vum Stat deen een oder aneren Terrain entgéint ze huelen oder ze kafe fir datt mer dat Néidegt do kënne realiséieren. Och wat mer fir eis eege Bedierfnesser brauchen. Sief dat eng Schoul oder aner ëffentlech Gebaier.

Roger Klein (LSAP):

Ganz kuerz eng Äntwert wat d'Residenzen oder d'Eefamilljenhaiser ugeet. Et ass mer absolut bewosst,

datt – opgronn vum PAG, dee mer 1992 oder 1993 gestëmmt hunn – op ganz ville Plaze Residenze kënne gebaut ginn. Et ass mer och bewosst, datt e Mënsch, deen en Terrain huet oder keeft, dat drop baut, wou en e Recht drop huet. Dat ass ganz evident. An deem kënne mer nëmmen entgéintsteieren andeems mer de „plan de développement urbain" maachen a wa mer deen duerchbréngen an en och méi restriktiv gestalten. Mer kënnen et awer och duerchbréngen andeems mer soen, datt et e Fakt ass, datt do Residenzen entstinn. An et ass e Fakt, datt vill Leit emol eng gewëssen Zäit vun hirem Liewen – um Ufank oder um Enn – vill léiwer an enger Residenz wunnen. Mee et ass och e Fakt, datt jonk Leit versiche sech en Eefamilljenhaus unzeschafen. An da fanne mer wahrscheinlech nëmmen dee Wee, datt mer als Gemeng Terrainen erschléissen an engem Terrain eng nei Affektatioun ze ginn – et kéint jo och eventuell deen Terrain sinn, deen dir genannt hutt -, och wa mer do op Problemer stoussen. Mee mer hu jo och nach en aneren Terrain vun der Gemeng. Wann et elo eng Fro vu Suen ass a wann dat effektiv stëmmt, datt een zu Steesel e Reienhaus fir 250.000 Euro kritt, mee dofir kritt een zu Péiteng nach héchstens en Appartement vu manner wéi 80 Quadratmeter. Dat heescht, et ass elo net eng Fro, ob dat Eent esou vill méi deier wier wéi dat anert, mee et ass einfach eng Fro vun Alternativ, datt ebe gewësse Leit dat sichen a wann se dat net an eiser Gemeng fannen, ofwanderen.

Guy Brecht (LSAP):

Wann een als Schäfferot e Budget ka virleeën, dee mat engem Boni ofschléisst; wann een d'Gemengeschold kann erofsetzen a wann ee keen neien Emprunt brauch opzehuelen, da kéint een hinne jo am Fong geholl eng gutt „bonne note" ginn.

Mä als Oppositiounspartei maache mer eis et selbstverständlech net esou liicht, a mer hunn och mat engem kriteschen Aen iwwer dëst Dokument gekuckt.

Am Joer 2000, wéi d'CSV d'Majoritéit an dësem Schäfferot iwwerholl huet, ass en ambitiéise Programm opgesat ginn, deen sech och nach iwwer d'Joer 2008 wäert hinzéien, näämlech mat der Constructioun vun engem synthetesche Fussballsterrain zu Rodange a mat véier Säll an der Neiwisssschoul.

A fir bei deem Thema ze bleiwen, si mer selbstverständlech frou iwwer d'Erhale vum Racingsterrain, dee sécherlech spéiderhi mat an eng Zone de détente et de loisirs am Doihl kann integréiert ginn. Eng Zone de détente et de loisirs mat Jugendherberg a Parkanlagen, esou wéi den Här Breyer dat jo emol virun net allzelaanger Zäit ugekënnegt hat. Ech fannen awer näischt iwwer esou eng Zone de détente et de loisirs am Budget 2008. Dann ass dat bestëmmt eréischt fir dat nächst Joer.

Rodange gëtt jo während dëser Mandatsperiod esou verwinnt, wéi dat scho laang de Fall net méi war. An der Virstellung vum Budget de leschte Freideg ass gesot ginn, datt am Joer 2008 de Rollenger Kiosk miisst dru gleewen. Et gëtt jo ëmmer behaapt, datt d'Ofrappe vum marode Péitenger Kiosk d'LSAP 1999 d'Wale kascht hätt. Da passt alt op, Madame, Dir Häre, datt iech net dat selwecht blitt, well déi lescht 2 Gemengewale sinn zum Schluss zu Rolleng décidéiert ginn.

Mä fir op dat Thema zeréckzekommen. Wéi muss sech dach dann de Rodanger Kiosk elo virkommen ? Oder kënnt der mer vläicht verroden, fir watfir Zwecker mer en nach an Zukunft kéinte gebrauchen ? Kee Weekend musical, keng Kiermes, keng Autoseenung, keng Mass, keng Concerten, näischt fënnt méi statt. 'A vous de décider'. Mä gitt uecht ! An 3 Joer sinn erëm Walen.

Mä iwwerhaapt kommen d'Sportsveräiner an alle Budgeten, déi der bis elo opgestallt hutt, am beschten ewech. Mä wéi der ëmmer sot, ass de Schoulsport eppes wat iech besonnesch um Häerz läit. Enges daags wäerte mer jo och sécher dat récoltéiere wat mer alles an de Schoulsport, a virun allem an de Schoulsport, investéiert hunn.

A propos Sportshal. Elo huet Péiteng der jo zwou, Rodange eng, mä wéi ass et dann elo mat Rolleng. Vläicht eng Iwwerleeung fir deen zweeten Deel vun ärer Mandatsperiod, well 44% vun ären Investissementsgelder sti jo nach op.

Selbstverständlech vergonne mer dem FC Rodange esou Installatiounen, wéi se de Moment zur Verfügung gestallt ginn. Well de Rodanger Fussball huet jo zanter 2 Joerzéngte sech mussen a mënschenonwierdegen Installatiounen duschen an undinn. Mä ass et net e bëssen ongerecht ? Deen ee Veräi kritt alles ageriicht an dohi gesat wéi en et freet, an déi aner Veräiner, wat jo net alleguer Sportsveräiner sinn, musse fir alles Taxe bezuelen. Wa se zwee Dëscher musse vun enger Plaz op déi aner déplacéieren, a se hunn d'Moyenen net – well et sech ëm eeler Leit handelt, déi am Déngscht vun den eelere Leit stinn -, da kréien se dat verrechent. Ech ginn zou, datt dat vläicht e Beispill ass, dat mat den Hoer erbäigezunn ass, mä trotzdem ass et eng Iwwerleeung wäert. Deemools, wéi déi Taxen hei gestëmmt si ginn, war ech leider krank, well dat do hätt ech bestëmmt net matgedroen. Gutt verstanen, dat neit Taxereglement.

A propos eeler Joergäng. Mir hunn elo erëm esou eng schéi Brochure an d'Haus geschéckt kritt, wou d'Gemeng Péiteng an Zesummenaarbecht mat eisen Nopeschgemengen Coursen, Manifestatiounen a Léiergäng organiséiert. Mä et fält all Joer op, datt fir déi meeschte vun deenen Organisatiounen eis Awunner sech mussen an d'Nopeschgemengen déplacéieren. Ass et do net méiglech, datt vläicht méi an eiser Gemeng kéint organiséiert ginn ? Et kéim eise Bierger vläicht méi zegutt. Wann et natierlech net esou soll sinn, da soll mäi Gedanke just als kleng Ureegung geduecht sinn.

D'Recette vum PiKo si fir meng Begréffer e bëssen héich gegraff. O.K., mir sinn ofhängeg vum Wieder. Mä mir bleiwen dobäi, déi Schwämm kascht eis zevill, besonnesch wann een d'Energiekäschte betruecht, déi och dëst Joer erëm eng anstänneg Zomme ausmaachen. Och do kann ee sech Gedanke maachen, wéi een déi Ausgabe kann an Zukunft verréngeren. Mä do wäert eisen Ëmweltschäffe sech scho seng Gedanke maachen. Den Ëmweltschäffen, deen eis och emol vläicht kéint matdeelen, watfir een Incident viru 14 Deeg am PiKo virkomm ass. Oder hätt de Buergermeeschter dat vläicht miissten a senger Kommunikatioun am Ufank vun der Sëtzung maachen ? Ech war op jiddwer Fall op d'Plaz kucken, an e grousse Merci un d'Membere vum Pompjeescorps, déi mech esougutt informéiert hunn.

Mä wa mer scho beim Ëmweltschäffe sinn, wollt ech hien awer froen, wat en dann an der Halschent vun der Mandatsperiod vu sengem Walprogramm konnt ëmsetzen. Nach ëmmer fiert kee Péitchen duerch d'Gemeng, nach ëmmer ass d'Rout Haus op der Millen am Zerfallszoustand, an nach ëmmer ass um Rondpoint Collectrice d'Sécherheet vun de Foussgänger a virun allem vun de Kanner, déi op den Training ginn, net garantéiert. Mä et leie jo nach 3 Joer virun iech, an ech huelen un, datt de Walprogramm awer och eng Kéier berücksichtegt gëtt, oder ?

Eis Kapitalzënse ginn ëm 40.000 € erof. Wann ee jo awer e Budget mat engem Boni ofschléisst, miissten déi jo awer an d'Luucht goen. Kéint dir mer vläicht soe firwat dat esou ass ?

Erfreelech ass awer selbstverständlech déi Hausse beim Remboursement vun

der TVA, déi bal dat duebelt ausmécht wéi am Budget 2007. Gutt ugeluegt sinn och d'Frais publicitaires. Iwwerhaapt kéint een, am Verglach mat anere Gemengen, vill méi Publicitéit fir de PiKo maachen. Geet et duer mam 'Meng Gemeng' a mam 'Péitenger Wand' ? Et kéint ee fir d'Summerméint, wann d'Wieder natierlech matspillt, beim RTL probéieren. Well de PiKo ka bestëmmt mat der Konkurrenz mathalen.

Frou sinn ech dann och iwwert déi 100% Steigerung am Budget culturel. Eis Ureegung ass d'lescht Joer also net op daf Ouere gestouss. Kultur besteet jo net nëmmen aus Freedefeier. Beim Thema Kultur wiere mer och frou, wa mer endlech emol eng 'manifestation unique' kënnten an eiser Gemeng schafen. Eemol am Joer an der gudder Period e Maximum vu Leit ulackelen. Do sinn eis Nopeschgemengen eis och e klengt Stéck viraus. Ech schwätzen elo net vun enger Kavalkad, déi jo och mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng e bësse Cachet kritt, mä einfach eppes wat et soss néierens gëtt. 'A réfléchir'.

D'Sécherheet an eise Gebaier gëtt opgewäert. Eng gutt Saach, géif den Här Bosseler soen, mä firwat huet dat am Centre culturel zu Rodange esou laang gedauert ?

Selbstverständlech ass och all Material, wat eisem Pompjeescorps zur Verfügung gestallt gëtt, keng Geldverschwendung.

Wat den Ënnerhalt vun de Gemengegebaier ugeet, esou ginn déi Zommen eng Kéier erof, an déi aner Kéier nees erop. Dat wäert awer schonn am gudden Averständnis mat eisen techneschen Servicer gekläert si ginn, an dofir hunn ech bei deene Punkte keen Awand.

Den Artikel 'Devoirs à domicile » ass méi niddereg gesat wéi 2007. Hu mer do manner Kanner, déi vun dësem Service profitéieren, oder wéi ass déi Baisse ze erklären ?

Déi 5.000 €, déi virgesi si fir 'Cours pour adultes' ze finanzéieren, u wie ginn déi Suen, a kommen déi eraus fir hir Chargen ze bezuelen ? Dofir wier et vläicht emol interessant gewuer ze ginn, wat déi Chargéë kréien, well et jo awer och mat engem Deel vun der Gemeng finanzéiert gëtt.

Eis HPMA-Schold ass beglach. Tip Top ! Mä et miisst een sech awer Gedanke maachen, vu datt mer jo awer eise Buergermeeschter am Verwaltungsrot sëtzen hunn, wéi een dat Spidol iergendwéi méi frëndlech an aluedend kéint gestalten. Mä elo, mat der Fusioun, wäerte sech och do Gedanke gemaach ginn.

Iwwer de Service 'Nightrider' mat der Nightcard wëll ech mech nach net äusseren. Dat wäerte mer jo sécher nach hei virgestallt kréien.

D'Rollenger Mille gëtt erëm am Budget erwähnt. Wat geschitt dann elo do schlussendlech ? Gëtt eppes aus dem Musée oder net ?

D'Waxweiler Millen, en Thema ouni Enn. Geschwë fänken d'Gebailechkeeten un an de Koup ze falen. O.K., et ass net alleng deene Gemengeverantwortlechen hir Schold. Et hängt u verschiddenen Instanzen, ënner anerem och um Kulturministère. Mä, entschëllegt, mir hunn awer schliisslech Relatioune mam Stat.

Och sinn d'Käschte fir de Syndikat SICONA enorm an d'Luucht gaangen. Mä do hu mer jo schonn d'Erklärung dozou kritt.

Op d'Heizen an d'Beliichte vun de Gebaier sinn ech schonn agaangen. Mä am Artikel DO 6054 schéinen se mer awer extrem héich ze sinn. Eng Steigerung ëm déi 95%, dat ka jo net nëmmen den Hal polyvalent zu Rodange ausmaachen, deen an deem Artikel erwähnt gëtt.

Fir d'Signalisation routière verduebele sech d'Ausgaben och ëm iwwer 100%. Och dat ass berechtegt, well e ganze Koup nei Verkéiersreglementer nach um Instanzewee sinn, ënner anerem fir déi sëllege Camionnetten iwwert de Weekend aus de Stroossen ze kréien.

Wat d'Athuser-Strooss ubelaangt, géif ech iech bieden déi Ureegungen, déi ech am Laf vun dësem Joer eraginn hat, ze iwwerpréiwen, de Problem Iwwerschwemmung an der Strooss ass bei deene Wiederkonditiounen vun deene leschten Deeg nees opgetaucht. Ech wollt awer och nach froen, firwat am ënneschten Deel de Parkverbuet op der Strooss agezeechent ass ginn, speziell virun deenen 3 Haiser ?

Och setze mer erëm 32.814 € fir de Grand Bis an. Mä, entschëllegt, wéini geschitt do eppes ?

450.000 € fir d'Crèche zu Rodange. Dat ass ze begréissen. Mä suergt awer w.e.g. dës Kéier dofir, datt se am Gemengebesëtz bleift.

Wat d'Gemengegarage betreffen, esou wier et ze hoffen, datt endlech no 1998, also genee 9 Joer, an d'nächst Joer 10, endlech eppes geschitt.

Erlaabt mer awer och nach 2 Wieder zum Plan local de sécurité ze soen. Endlech, an dat ass ze begréissen, gëtt de 'Schwaarze Wee' a Stand gesat a méi hell beliicht. De Plan local de sécurité geet jo bis Dezember 2008, an dofir wollt ech froen, wat virgesinn ass fir déi anerer sougenannte Geforepunkte méi sécher ze gestallten ? Kréie mer dofir nach eng extra Rubrik nogereescht, oder sinn déi Punkte schonn an dësem Budget enthalen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech si frou fir déi vill Mercien zum Schluss. Ech muss virausschécken, datt ech verschidde Leit gesot hunn, datt mer elo dräi Sëtzunge gemaach hunn an déi hu mer all gesot, datt et dat just hei zu Péiteng géif ginn. Mee well d'Oppositioun esou fäi mat eis ass, wäerte mer dat dann och viruféieren.

Ech géif just op e puer Saachen agoen, an da sinn och d'Kollege lénks a riets nieft mer gefuerdert. Wat de Kiosk zu Rolleng ugeet, esou sinn ech gudder Déng, datt d'Majoritéit net driwwer fale wäert. Ech mengen och net, datt een eng Walnéierlag soll op e Kiosk reduzéieren.

Wat de Fussball ugeet, esou hutt der gesot, datt se zënter zwee Jorzéngten an enger schlechter Situatioun gewiescht sinn. Ech ka mech erënneren, datt ech viru 35 Joer do geduscht hunn, an do war et scho grad esou katastrofal. Ech mengen, den Här Brecht an den Här Rosenfeld hunn do och geduscht an do war d'Situatioun schlecht. Gott sei Dank ass et haut besser. An ech mengen, den FC Rodange, deen esou vill Jugendlecher betreit, huet och e Recht fir ënner anstännege Konditiounen ze duschen. Well ech hätt gefaart, datt, wann et nach e bësse virugaange wier, d'Federatioun verbueden hätt do ze spillen.

Wat d'Energiekäschte vum PiKo ugeet, esou wëll ech eppes kloerstellen. Wann den Här Gira vun 1,5 Milliounen Euro geschwat huet, dann huet hie vun all Energiekäschte geschwat. Fir Gas an Elektresch leie mer beim PiKo bei 270.000 Euro. Et ass net esou, datt mer op deem Gebitt 1,5 Milliounen Euro Energiekäschten do hätten.

Wat d'Zënsen op eisem Kapital ugeet, do hu mer déi op 80.000 Euro erofgesat. Mer si virsiichteg. Mer hunn dëst Joer 120.000 Euro krut. Dat ass awer dorop zeréckzefëieren, datt mer eréischt ganz zum Schluss déi éischt Tranche vun 1,5 Milliounen Euro un de Fonds de Logement bezuelt hu fir d'„Maison relais". Déi hu mer während enger laanger Zäit placéiert, wat eng aussergewéinlech Situatioun war. Déi wäerte mer dat nächst Joer sécher net erëmkréien, esou datt mer mat 80.000

Euro virsiichteg geschat hunn. Mer hunn e Caissier, dee ganz gewëssenhaft ass an deen all Euro, deen zevill ass, placéiert. Et géif mech freeën, wann et duerno méi wéi 80.000 Euro wieren, mee et wier ee vläicht zevill optimistesch wann ee mat méi hätt wëlle rechnen.

D'Rollenger Millen, am Géigesaz zu der Waxweiler Millen, gehéiert eis net. Mer sinn eben un d'Madame Modert erugetrueden, a si huet virun dräi Woche versprach op Péiteng ze kommen. Da schwätze mer iwwer déi zwou Millen. Mer wäerten eis do sécherlech mat hir auserneen- an zesummesetzen a kucken, wéi mer déi zwou Millen esou kënne gestalten, datt se éischtens zur Attraktivitéit vun eiser Gemeng bäidroen an zweetens och erhale kënne bleiwen. Well wa mer während Jorzéngten näischt géifen un der Rollenger Millen ënnerhuelen, da géif se och an dee selwechten Zoustand kommen ewéi déi Péitenger.

Déi konkret Fro zu den „Devoirs à domicile", firwat de Betrag do erofgeet. Dat huet ganz kloer domat ze doen, datt mer zu enger gewësser Zäit eng Educatrice, déi elo an der „Maison relais" schafft, haten, déi e Kontrakt hat fir d'Hausaufgabenhëllef. Well d'„Maison relais" net matzäite fäerdeg gi war hate mer hir e Kontrakt ginn. Si mécht elo déi selwecht Aarbecht, esou datt dat nëmmen eng Verschibung ass vun engem Kredit op deen aneren.

Wat den HPMA ubelaangt, do si mer amgaang – an dat konnt och jidderee feststellen - grouss Renovatiounsaarbechten ze maachen. Mer haten dat ee Moment gestoppt en Vue vun der Fusioun well jo kee richteg wousst, wat zu Nidderkuer géif bleiwen a wat géif op Esch goen oder op Diddeleng géif kommen. Fir de Moment steet jo de Spidolsplang fest wéi dat soll ausgesinn a wéi déi eenzel Kompetenzen op deenen eenzelne Site sollen opgedeelt ginn. Opgronn vun deem hu mer elo ugefaangen, reell ze investéieren. Do gëtt an deenen nächste Joeren nach ganz vill investéiert an et gëtt scho vun Zuelen tëscht 20 a 25 Milliounen Euro geschwat. Do musse mer natierlech vun deene verschiddene Ministère gréng Luucht kréien. De Gesondheetsminister ass do am Bild an huet och scho prinzipiell säin Accord fir dee ganze Spidolsplang, dee mer elo am Süde wäerte maachen opgronn vun däer neier Fusioun, ginn. Mer wäerten och am nächste Gemengerot nach Geleeënheet kréien, dorop zeréckzekomme wa mer iwwer d'Fusiounskonventioun tëscht dem HPMA an dem CHEM diskutéieren. Dat ass deen anere Freideg op der Dagesuerdnung.

De Grand Bis, do ginn ech iech Recht an dat stéiert och dee ganze Schäfferot. Mer hunn elo eng Entrevue beim Minister Henri Krecké a mer hoffen elo an him en Alliéierten ze fanne fir datt et an deem Dossier virugeet. Et muss een awer ganz kloer soen, datt zënter 1998 nach ganz vill huet misse gekläert ginn. Do hunn nach missen Terrainen, déi nach zu Frankräich gehéiert hunn, zu Lëtzebuerg falen. Dat war sécherlech keng esou eng einfach Aufgab. Duerno war déi ganz Commodo-Incommodo-Prozedur amgaang wou och déi ganz Problemer opgedaucht sinn a mat deene kee gerechent huet. Déi eng Firma, déi dann elo Seveso klasséiert ass – „haut" oder „bas", dat wäerte mer jo dann an Zukunft gesinn. Mer hunn och elo erëm vum Ëmweltministère nei Oplage krut well an der Géigend jo Tankstelle sinn. Bei den Tankstellen hu se gefaart, datt déi hannen d'Wise géife verschmotzen. Do si mer amgaang Prouwen ze maachen, an déi miissten am Februar oder Mäerz fäerdeg sinn. Dat war eng weider Oplag, déi am Kader vun der Commodo-Incommodo-Prozedur op eis duerkomm ass. Dat heescht, vu Joer zu Joer, wann ee gemengt huet, et wier een um Enn vum Tunnel, da koum nees eng nei Aufgab op eis zou. Mer hoffen awer, an do wëll ech mam Minister Krecké schwätzen, datt mer endlech un d'Enn vun deene Prozedure kommen an datt mer Enn 2008 oder ufanks 2009 kënnen do mat den Aarbechten ufänken. Mär hätten och gären, datt et do virugeet, well der kënnt iech net virstellen, wéivill Firmen sech virstelle kommen an interesséiert si fir op dee Site ze kommen. Mee mer si blockéiert mat all deene Prozeduren. Ech hunn och grouss Hoffnung an den Här Krecké gesat, well hie mer och selwer gesot huet, datt e wéilt, datt do eppes geschitt.

Roland Breyer, Schäffen:

D'Kultur ass ugeschwat ginn. An den Här Brecht ass och e fervente Verdeedeger vun engem groussen Event hei an der Gemeng ass. A mer sollen eis och eng aner Nues ginn nieft der Kavalkad. Mer hunn eis déi finanziell Méiglechkeeten am Budget gi fir als Partner mat dobäi ze sinn. Mee ech wëll awer ënnersträichen, datt mer vill léiwer hätten, wann d'Initiative vun de Veräiner aus der Gemeng kéimen a si un eis eruntriede géifen. D'Gemeng ass ëmmer e schlechten Organisateur u sech. Mee wann d'Veräiner un d'Gemeng erukommen, da wäerte mer sécherlech selektiv ee gréissere Projet begleeden. Do solle mer emol kucken, op eis historesch Virfahren net Argumenter genuch liwwere fir hei am Eck esou eppes ze organiséieren. Do ginn et jo Iddien, déi scho gemautscht sinn, mee et muss emol een se konkret upaken.

Wat d'Course fir déi Erwuessen ugeet, déi gi jo gewéinlech iwwer déi zwee Syndicat d'initiativen organiséiert. Do ass och en Arrangement, dat schonn op 30 Joer zeréckgeet, a wou d'Awunner aus der Gemeng 25 Euro bei der Aschreiwung bezuelen. D'Gemeng bezilt dem Organisateur déi Suen zeréck. De Chargé kritt normalerweis 35 Euro d'Stonn. An déi Coursen lafen ongefëier 30 bis 35 Stonnen. Et gëtt also net den Defizit bezuelt, mee just d'Awunner aus der Gemeng, déi an d'Course ginn, kréie besser Aschreiwungskonditiounen.

Op d'Péitenger Mille wëlle ech just eng Kéier zeréckkommen. Mer hunn e puer Argumenter an der Hand, déi mer och wëllen ausspillen. Dat ass, datt mer ufanks 2003 vun der deemoleger Kulturministesch an a Präsenz vum heitegen Inneminister zougeséchert kruten, datt mer 50% bäigeluecht kréichen an datt mer d'Mille sollte kafen. Mer hunn déi dann och kaf an dem Stat e „monument classé" ewechgeholl. A mer sinn och averstane fir do eppes mat eise Mëttelen dran ze maachen. Mee de Stat muss sech och drun erënneren, datt et seng Propriétéit war, hien se klasséiert huet an en och eppes versprach huet.

Bei der „signalisation routière" ass et esou, datt mer duerch déi nei Reglementatioune Schëlder wäerten derbäikommen. Mer hu 4.000 Stéck an der Gemeng. Der gesidd och, datt gewësse Schëlder net méi gutt sinn. Déi mussen ersat ginn.

Athuser Strooss, do hutt der eng Fro gestallt iwwer d'Signalisatioun, d'Verbuetsschëld. Dat ass e bësse speziell an et ass vum „service d'Etat" gemaach ginn. Do huet eng Persoun reklaméiert well se do Garagen, eng Säitenafahrt huet an dann nees Garagen hannendru kommen. Et huet sech bewisen, datt, wann een do en Emplacement an der Mëtt hätt, d'Iwwersiicht net gutt wier. An de Stat huet do eng ganz speziell, ech géif soen eng artistesch Reglementatioun op de Buedem gemoolt, déi opfält an déi ënner der Responsabilitéit vum Stat läit.

Wat de „Plan local de sécurité" ugeet, do ass et esou, datt dee Programm bis Enn 2009 geet an net bis Enn 2008. Mer sinn do also ganz am Ufank. Mer hunn eng ganz Partie Saachen, déi an den extraordinäre Budget falen, et sinn awer och e ganze Koup Saachen, déi kënnen am ordinäre geschéien. Ech denken do un déi Saachen, déi an der Versammlung gesot goufen, zum Beispill d'Hecke schneiden, de Knascht

ewech huelen, Graffitien ewech maachen, déi kommen alleguer an den ordinäre Budget. An et kënnt nach eng Rallonge hannendru fir 2009, wou spezifesch Sektoren nach ofgeséchert ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Den Här Brecht huet och vun dem Gasverbrauch an deenen eenzelne Gebaier geschwat. Den Här Welter huet dat jo och scho gesot, datt do Compteuren agesat goufe fir ze kucken, ewéi dat ass. Vum techneschen Service hunn ech mer och eng Berechnung opstelle gelooss. Et war en Artikel, deen ass ëmmer ventiléiert ginn. An dann ass ëmmer ongeféier e Betrag agesat ginn. Am techneschen Service sinn se elo amgaang dat ganz genee auszerechnen. An zwar wat all Gebai verbraucht. Do wäerte mer dann elo am Laf vum nächste Joer vill méi genee Chifferen do leien hunn. Wahrscheinlech wäerte sech och nach déi eng oder aner Chifferen änneren. Ech mengen, um Endchiffer ass net vill geschitt, mee bei deenen eenzelne Posten ass et opgefall. Net datt een elo kéint soen, datt e Gebai zwee Drëttel méi verbraucht huet ewéi dat Joer virdrun. Dat ass net de Fall. Et ass just eng Saach vum Ausrechnen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wollt zu alleréischt dem Här Brecht eng Äntwert ginn zum PiKo. Do war effektiv um Enn vum Trimester 2007 déi offiziell Deklaratioun gemaach ginn – dat war déi Zäit, an där dir krank waart – datt de PiKo eis pro Dag 1.650 Euro kascht. An ech wollt dee Chiffer nach eng Kéier hei bestätegen. Dat ass offiziell a bekannt an och ënnerluecht.

Ech wollt awer och kloer an däitlech op déi puer Punkten zeréckkommen, op déi ech perséinlech ugeschwat gouf. Wat de Walprogramm vun der DP ugeet. Déi selwecht Fro hunn ech 2006 gestallt kritt an ech kréien se elo nach eng Kéier 2007 gestallt. Ech mierke just, datt d'CSV déi Fro nach net gestallt krut. Mer si jo awer hei an engem Schäfferot a mer kucken zesummen, e Programm ze realiséieren, déi eng esou gutt wéi déi aner. A mer wäerten dat och esou maachen, datt jiddereen sech ëm seng Ressorte këmmert. Ech muss awer och ganz kloer an däitlech soen, datt dat mech perséinlech betréfft. Dofir analyséieren ech dat an ech kann no dräi Joer houfreg soen, datt de Gros vun eisem Walprogramm effektiv realiséiert ass. Ech wëll net an d'Detailer goen. Mee ee vun deene Punkten ass zum Beispill wann d'Valorlux muer nach eng Informatiounsversammlung huet, wou e grousse Changement kënnt. Mee et sinn och nach eng ganz Rei aner Saachen, déi realiséiert sinn.

Ech wëll awer och nach op d'Millen zeréckkommen. D'Millen ass e Projet, dee virläit an deem de Schäfferot scho viru menger Zäit virlouch. Mer wollten eng Jugendherberg dohinner kréien an eisem Walprogramm. A mer stinn och dozou. An am Moment ass effektiv e Projet aus dem Ausland um Dësch fir hei an eiser Gemeng eppes ze realiséieren. Esou datt dee Punkt och kéint realiséiert ginn. Mer hunn eréischt dräi Joer hannerun eis an net sechs Joer. A wat de Walprogramm vun der DP ugeet, Här Brecht, do kann ech nëmme soen, datt ech ganz zefridde sinn, a meng Equipe och.

Guy Brecht (LSAP):

Ech soe Merci fir déi kloer Äntwerten, déi der mer ginn hutt. Wéi gesot, mer kéinten heimat zefridde si wa verschidde Punkte géifen erausgeholl ginn a wann eenzel ofgestëmmt géif ginn. Mee esou berode mer eis awer nach.

Romain Rosenfeld (CSV):

Dir Damen, dir Häre. Iwwer dëse Budget ass vill oder och net vill ze soen. Ech géif op jiddwer Fall ervirsträichen, datt et e Budget ass, deen a senger Kontinuitéit vu Kenntnis a Virsiicht ëmmer besser Zuele schreift. E grousse Merci un eis Beamten, un de Schäfferot a besonnesch un den Här Buergermeeschter fir dat Dokument, dat mer presentéiert kruten. Och a senger gewinnter professioneller Manéier. Och wann et vläicht verschidde Leit ze séier gaangen ass, mee hien ass eben e séieren.

6,77 Milliounen Euro Iwwerschoss, 42% méi wéi d'lescht Joer. Ech mengen, den Här Breyer huet jo gesot, datt dat zënter méi wéi 30 Joer bal dee beschte Budget wier oder deen, deen am nootsten un der Realitéit ass. Ech war de Mëtteg mat ville Gemengepäpp zesummen an déi beneiden e schonn a wëssen net wéi dat méiglech ass fir esou en Iwwerschoss fäerdeg ze bréngen. Mee et ass ganz einfach. Mer hunn déi lescht Joeren déi richteg Prioritéite gesat an da kommen esou Resultater eraus.

16,75 Milliounen Euro ginn an dësem extraordinäre Budget investéiert. Dat mécht 39,6 Milliounen Euro oder ronn 56% an der éischter Halschent vun dëser Legislaturperiod oder och iwwer d'Halschent vun dem Gesamtprogramm aus. Net nëmmen dat, mer hunn et och fäerdeg bruecht fir 10 Milliounen Euro Schold ofzebezuelen zënter mer de Schäfferot iwwerholl hunn. Wéi déi leschte Kéier jo och schonn ugeklongen ass, läit ass Schold nees ënner der 30-Millioune-Grenz, näämlech bei 28,85 Milliounen Euro.

Et däerf een net vergiessen – haut gëtt net méi driwwer geschwat - mee soss war den HPMA jo e Renner. Ech hu mer do och verschidden Zuelen erausgeschriwwen. Wann ee säi Budget natierlech mat esou Zuele belaascht, da weist dat natierlech Wierkungen. 2001 waren am ordinäre Budget 1,950 Milliounen, 2002 waren et 776.000 Euro, 2003 nach 373.000 Euro. Am extraordinäre Budget waren dat 2001 ronn 814.000 Euro, am Joer 2002 nach 350.000 Euro an am Joer 2003 och nach 223.000 Euro. Wann een natierlech esou Chiffere fir aner Saache ka gebrauchen, da gesäit d'Saach scho vill besser aus. Ech kann nëmmen averstane si mat dem Spuerprogramm, deen hei virgestallt gouf. Ech ginn net an d'Detailer mee ech erënneren awer un e puer Saachen. D'Opfankstrukturen, déi jo bal net bestanen hunn an déi haut do sinn; d'„Maison relais" zu Rodange; d'Crèche nieft dem Home zu Péiteng gouf kaf an an engems ass d'Plange vun enger neier Crèche hei amgaang ; déi nei Sportshal zu Rodange mat deem neie syntheteschen Terrain, den neie Gradinen an der Beliichtung fir de Stade Jos. Philippart; eng nei Spillplaz mat engem integréierte Verkéiersgaart.

Ech mengen de „Bâtiment administratif" ass och ugeschwat ginn. No der Aweiung d'lescht Woch vun de Raimlechkeete vum Syndicat d'initiative ass dat och bal ofgeschloss. Ronderëm si just nach e puer Saachen ze maachen.

D'Renovatioun vum Sportszenter zu Péiteng, wat jo keng einfach Saach gëtt. Et si grouss Aarbechten do virgesinn, mee wou mer awer duerno frou sinn, datt et nees esou ass wéi et soll sinn. Well am Moment gesäit et net gutt do aus.

Wat mär beim Keelenzenter am beschte gefält, dat si sécher d'Tennisterrainen, wou eis Leit hei aus der Gemeng dat kënne benotzen. Grad well mer och vill Jugendlecher am Tennis hunn.

Deen neie Schoulraum an der Neiwiss-Schoul, de Bäibau an der Päsch-Schoul mat enger Neigestaltung vum Schoulhaff. Net ze vergiessen och eise gutt équipéierte Pompjeescorps, deen nach keen Investissement refuséiert krut an deen alles mat enger grousser Kompetenz ka benotzen. Dorëm gi mer och iwwer d'Grenze vun eiser Gemeng eraus beneid.

Nach e puer kleng Ureegungen. Déi Käschtenexplosioun am Enseignement

ass deelweis op eis Opfankstrukturen zeréckzeféieren. Ech sinn och der Meenung, datt mer dës Entwécklung mussen am A behalen a méi streng musse virgoe fir Leit unzehuelen, net datt déi Strukture vun deene falsche Leit benotzt ginn. Et muss een och do u käschtendeckend Präisser kommen ewéi dat hei de Fall ass.

Bon, et gëtt och ëmmer vun deenen héije Käschte vun der Schwämm geschwat. D'Musekschoul ass fir mech och ee Punkt, deen eise Budget schwéier belaascht. Dat ass och e ganz grousse Posten. Et ass och ubruecht, datt een déi aktuell Situatioun iwwerdenkt an objektiv fir d'Zukunft eppes anescht plangt. An dat eventuell regional oder esou guer iwwer eis Grenzen ewech.

Eng Enttäuschung ass fir mech och nach ëmmer de Grand Bis. Et deet engem wéi – an et sinn och ëmmer déi selwecht Leit, déi een dorop uschwätzen – wa gesot gëtt, et géif een an d'Ausland goen. Mee wéi de Buergermeeschter gesot huet, eis sinn do d'Hänn gebonnen a mer sinn deenen ieweschten Autoritéiten ausgeliwwert.

Wat mer nach um Häerz läit, dat ass d'Rodanger Gare, d'Barrière, d'rout Luuchten, den Opfangparking fir datt mer d'Bierger an d'Geschäftsleit zu Rodange zefridde gestallt kréien.

Ech sinn awer frou, datt mer et fäerdeg bréngen, eng ganz Rei vun eise Stroossen nei ze maachen. Net méi spéit wéi de Moie gouf ech gewuer, datt eng gréisser Gemeng hei am Süde keen Euro am Budget huet fir d'Stroossen nei ze maachen. Ech wëll nëmme soen, datt et der awer sinn, déi ganz grouss Anniversaire feieren, ganz grouss op d'Tromm schloen. Dat si Saachen, déi sinn einfach net sérieux géintiwwer der Populatioun.

Et kann een natierlech ëmmer eppes sichen a fannen an engem Budget. Mee ech géif mengen, datt d'CSV-Fraktioun dee Budget – an senger Kontinuitéit esou sérieux an anstänneg – wäert stëmmen an ech och. Mär hu keng Bedenken zu dësem Budget.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt just zwou oder dräi Saachen dozou soen. Ech si frou, datt hien dat ënnerstrach huet, wat d'Pompjeeswiesen ugeet an deene leschte Joeren. An do schléissen ech all Mënsch an zënter deen neien Zenter gebaut gouf. Se hunn ëmmer dat zur Verfügung gestallt kritt wat se gebraucht hu well mer wëssen, datt dat sérieux Leit sinn a well mer och wëssen, datt mer hei am Süden an doriwwer eraus fir eise Corps beneit ginn. En ass gutt strukturéiert a fonctionnéiert och gutt. An da mécht et engem och näischt aus fir hinnen dat Material zur Verfügung ze stelle wa si et froen, well et weess een, datt si et brauchen.

Wat déi Geschicht vun der Musekschoul ugeet, esou wëll ech ënnersträichen, datt et nëmmen an déi Richtung ka goen, datt mer fréier oder spéider eng Musekschoul fir de Kordall bauen. Och wann eis Infrastrukturen hei zu Péiteng zënter dem Enn vun den 90er Joere gutt renovéiert sinn, esou sinn se awer net 100% adäquat fir déi beschte Coursen ze ginn. Och wat d'Personal ugeet, esou ass d'Personal jo ee vun de wesentleche Punkte firwat déi Käschtenexplosioun virläit. D'Personalkäschte ginn an d'Luucht, a se ginn och zu Recht an d'Luucht, dat wëll ech guer net bestreiden. Och déi Leit, déi do Coursen halen, ginn no hirer Qualifikatioun an hire Qualitéite bezuelt, dat sinn alles professionell Leit. Mee déi Personalgestioun kann ee besser maache wann ee méi grouss ass. An dofir mengen ech, miisst een, och wann et eréischt an 10 Joer ass, dohinner komme fir eng grouss Musekschoul am Kordall ze hu fir 1.500 Schüler. Well esou vill wieren et der wann ee schonn alleng nëmmen d'Kanner aus de Gemenge Péiteng, Déifferdeng an Nidderkäerjeng hëlt, well de Gros vun de Suessemer an de Conservatoire geet. Et ass och eppes wat mäin Noper, de Sikor-President, soll zur Diskussioun bréngen obwuel schonn driwwer diskutéiert gouf. Et soll een sech awer am Intressi vun eiser Musekschoul Gedanke maache fir lues awer sécher eng regional Planung ze maachen. Da muss een och kucken, wouhinner déi gebaut gëtt. Ech sinn och iwwerzeegt, datt, wa véier Gemengen dat opriichten, da géif een och déi néideg Subsiden an déi néideg Ënnerstëtzung vun de Ministère kréien.

Wat de Grand Bis ubelaangt, do kann ech nëmmen ënnersträiche wat dir gesot hutt. Ech wëll och soen, datt mer nach eng Schëpp bäileeën a mer sinn ëmmer nees dohannert. Mee mer wäerten ufanks 2008 voll derhannert sëtze well mer hätte gäre fir déi nächste Budgetsdebatt konkret Informatiounen an deem heiten Dossier. Ech wäert mer do déi nächst Wochen a Méint déi néideg Zäit huele grad fir deen dote Projet. A wann ech sollt, wéi dat jo iwwerall steet, méi Zäit kréien, da kann ech iech garantéieren, datt ech mech nach vill méi fir dësen Dossier wäert asetzen.

Roland Breyer, Schäffen:

Zwou kleng Saachen derbäi. Wat de Buergermeeschter vum Sikor ugedeit huet, dat ass richteg. De Sikor ass amgaang seng Statuten ze ännere fir datt och déi Suessemer Gemeng erakënnt, déi bis elo nach net dra war. Ebe just fir emol nei Missiounen ze kréien. Ënner anerem déi wiertschaftlech Missioun fir déi interkommunal Zonen ze maachen, Industriezonen zu deenen och de Grand Bis gehéiert. Grad well mer doranner aner Virdeeler gesinn.

Ënner anerem awer och fir méi kulturell Strukturen ze verwalten oder zesummen ze kréien, déi eventuell am Beräich vun der Musek an op alle Fall am touristesche Beräich sinn. D'Statute si schonn ofgestëmmt, se sinn um Ministère a mer waarden nees fir se an de Gemengerot ze huelen.

Wat d'Stroossen ugeet, do kucke mer fir e Plang opzestellen, dee mer op sechs Joer festgeluegt hunn. Wann ee bedenkt, datt mer ronn 80 km Stroossen hunn an datt d'Infrastrukture vun enger Strooss 50 bis 60 Joer halen, da muss een a sechs Joer 10% vun de Stroossen nei maachen. An dat erfëlle mer largement mat deem Programm, dee mer eis gesat hunn. De Moment leie mer ganz ganz gutt, an dat wäerte mer och bis zum Enn vun der Legislaturperiod hunn.

Wat d'Rodanger Gare ugeet, do dierft et esou ausgesinn, datt mer am éischten Trimester vum nächste Joer déi néideg Autorisatioune wäerten hu fir déi rout Luuchten z'installéieren an et ass ganz kloer, datt mer de Verkéier do ganz anescht maachen. Vum Blobierg erof geet et net méi virun an d'Belsch, mee et geet nëmmen no lénks oder no riets fir méi Loft op der Kräizung selwer ze kréien an och méi Sécherheet. Ëmgedréint geet et awer vun Athus op Rodange erop mat der néideger rouder Luucht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Domat wier d'Diskussioun iwwer de rektifizéierte Budget 2007 an iwwer de Budget 2008 ofgeschloss. Mer géifen eis dann deen nächste Freideg erëmgesi fir nach eenzel Projeten ze stëmmen a fir zum Schluss och nach d'Ofstëmmung vun deenen zwee Budgeten ze maachen.

5.

Questions des conseillers communaux.

Néant.

Séance publique du 14 décembre 2007

Durée de la séance: *14.30 à 18.15 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Albert Muller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance secrète :

1. Personnel
   - 1.1. Engagement d'une infirmière dirigeante à temps partiel pour le service scolaire - décision.
   - 1.2. Engagement d'un employé privé (m/f) à mi-temps pour le terme de 12 mois - décision.
2. Enseignement: démission volontaire d'une institutrice de l'enseignement spécial - décision.

Séance publique :

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale
   - 4.1. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
   - 4.2. Décompte de travaux extraordinaires :
     - 4.2.1. Réaménagement du centre de Lamadelaine - approbation.
     - 4.2.2. Extension et modernisation de l'hôtel de ville: approbation du décompte provisoire.
5. Propriétés
   - 5.1. Avenant, au contrat de bail, conclu avec Mme Marie-Albertine Genevo, pour la location d'un terrain (parking) sis à Pétange, rue de l'Hôtel de ville - approbation.
   - 5.2. Acquisition, de la part de l'Entente des Organisations Catholiques asbl de Pétange, d'un bâtiment-place, d'une place et d'un jardin sis à Pétange, lieux-dits « rue J-B Gillardin », « rue des Ecoles » - approbation de l'acte.
   - 5.3. Contrat d'entretien, pour les détections d'intrusion et d'incendie dans divers bâtiments communaux, avec Electro Security S.à.r.l. de Münsbach – approbation.
6. Personnel
   - 6.1. Octroi d'une indemnité spéciale à un fonctionnaire communal - décision.
   - 6.2. Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux - décision**.**
   - 6.3. Attribution d'une prime unique à des employés privés - décision.
7. Enseignement
   - 7.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
   - 7.2. Organisation d'après-midi de loisirs « Vakanzaktioun » en 2008 - décision de principe.

8. Prévisions sociales
   8.1. Participation au projet 'Nightlife-card' du syndicat intercommunal pour la promotion et le développement de la région Sud (Pro-Sud) – décision de principe.
   8.2. Règlement général des tarifs: introduction de tarifs pour la « Nightlife-card » - décision.
9. Hygiène et Santé : Convention de fusion entre le Centre Hospitalier Emile Mayrisch d'Esch-sur-Alzette (CHEM) et le syndicat de l'Hôpital intercommunal Differdange-Pétange-Bascharage (HPMA) et désignation du délégué de la Ville de Differdange au sein de la Fondation du CHEM - décisions.
10. Sylviculture: plan des forêts communales pour l'exercice 2008 - approbation.
11. Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.
    11.1. Travaux extraordinaires :
        11.1.1. Administration générale: hôtel de ville - réaménagement du rez-de-chaussée et remise en valeur de la façade - approbation du devis actualisé.
        11.1.2. Administration générale: travaux de démolition de l'annexe de la maison « Heintz » et extension de la cour arrière de la maison « A Rousen » à Pétange - approbation du devis.
        11.1.3. Enseignement: école « Am Paesch » - mise en conformité de l'ancien bâtiment - approbation d'un devis actualisé.
        11.1.4 Enseignement: remplacement de la menuiserie extérieure à l'école primaire « An Eigent » à Pétange (bloc 1 – aile sud) – approbation du devis.
        11.1.5 Prévisions sociales: construction d'une nouvelle crèche derrière le Home St. Hubert à Pétange - approbation de l'avant-projet, du devis et des plans.
        11.1.6. Logement: réfection des façades des logements pour personnes âgées sis à Lamadelaine, rue Grousswiss 3 et rue Millebaach 10 - approbation du devis.
        11.1.7. Urbanisme : aménagement d'une zone récréative près du hall polyvalent à Rodange - approbation du devis et des plans.
        11.1.8. Urbanisme : réaménagement de la place à côté de l'école primaire à Lamadelaine - approbation du devis et des plans.
        11.1.9. Urbanisme : réaménagement du parcours de fitness à Lamadelaine - approbation du devis et des plans.
        11.1.10. Environnement: élaboration d'un diagnostic intégré de la qualité de l'air dans la commune de Pétange - approbation du devis.
        11.1.11. Culture et loisirs: remplacement du central de détection d'incendie au centre de loisirs à Lamadelaine - approbation du devis.
        11.1.12 Culture et loisirs: installation d'un système de fermeture électronique pour les centres de la culture et des loisirs de Pétange, Rodange et Lamadelaine - approbation du devis.
        11.1.13. Sports : renouvellement de l'éclairage du terrain de football du stade Jos. Philippart à Rodange - approbation du devis.
        11.1.14. Sports : aménagement d'un terrain synthétique et des alentours immédiats et reconstruction de la tribune près du stade Jos. Philippart à Rodange - approbation du devis actualisé.
        11.1.15. Sports et loisirs: piscine couverte de Pétange - travaux de rénovation - approbation du projet définitif (devis, mémoire technique et plans).
        11.1.16. Syviculture: aménagement d'un chemin forestier - approbation du projet (mémoire explicatif, devis et plan).
        11.1.17. Transports et communications: travaux de reprofilage et de renouvellement de la couche de roulement dans diverses rues - approbation du devis.
        11.1.18. Transports et communications: installation d'un nouvel éclairage public au « Schwaarze Wee » à Pétange - approbation du devis.
        11.1.19. Transports et communications: renouvellement de l'éclairage public dans la rue de l'Eglise à Pétange - approbation du devis.
        11.1.20. Transports et communications: renouvellement des infrastructures dans la rue « A la Siole » à Rodange - approbation du devis.
        11.1.21. Transports et communications: renouvellement des infrastructures dans la rue de la Fontaine à Rodange - approbation du devis.
        11.1.22. Transports et communications: renouvellement des infrastructures dans la rue de l'Indépendance à Pétange - approbation du devis.
        11.1.23. Transports et communications: acquisition de nouveau matériel de signalisation - approbation du devis.
    11.2. Votes du budget rectifié de 2007 et du budget de 2008 – décisions.
12. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Les points 1 à 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé de rendre public les décisions suivantes:

Engagement d'une infirmière dirigeante à temps partiel pour le service scolaire.

Mme Brugnoni, Rita, épouse Wagner, de Lamadelaine, est engagée comme infirmière dirigeante à temps partiel, statut de l'employé privé au service de médecine scolaire.

Engagement d'un employé privé (m/f) à mi-temps pour le terme de 12 mois.

Mme Del Cotto Sandra, épouse Agnes, de Rodange, est engagée comme employée privée à mi-temps pour le terme de douze mois.

Démission volontaire d'une institutrice de l'enseignement spécial.

Mme Nicole Betz, institutrice de l'enseignement spécial, est démissionnée de ses fonctions avec effet au 1er mars 2008.

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Ordre public : autorisation pour une collecte à domicile dans la localité de Rodange.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei de Communicatioune wollt ech drop hiweisen, datt mer eng Demande fir eng 'collecte à domicile' vun der Amicale Nidderréideng kritt hunn. Si hunn eis déi Demande viru kuerzem eréischt eraginn, a wa mer bis den nächste Gemengerot géifen domatter waarden, da géif dat zäitlech net méi erausgoen. Well d'Collecte soll vum 4. Januar bis de 4. Februar stattfannen. Wann der averstane sitt, da géif ech dat einfach ënnert dem Punkt 'Communications du collège des bourgemestre et échevins' zur Ofstëmmung ginn.

Accord à l'unanimité.

4.1.

Administration générale.

Titres de recettes : déclarations diverses au montant total de 87.607,22 €, dont 'transfert excédent financement main-d'oeuvre CIGL-OPE (37.620,04 €), remboursement de l'Etat dans les travaux de jeunes chômeurs (24.933,18 €), vente de bois de chauffage (8.287,60 €) et TVA du mois d'octobre (5.557,15 €) (explications par M. Mellina, bourgmestre).

Approbation à l'unanimité.

4.2.1.

Administration générale.

Réaménagement du centre de Lamadelaine – approbation du décompte.

Total des devis approuvés : 1.331.931,91 € ; total des crédits approuvés : 1.398.071,99 €, total de la dépense effective : 1.346.014,33 €.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm Aarbechten, déi vun 1992 bis 2002 gelaf sinn. Ech muss och soen, datt ee fréiere Mat-aarbechter vun eis gehollef huet, deen Décompte ze maachen, well hien dee Projet zum Deel ënnert sech hat, an am meeschte Kenntnis dovunner hat. Laut dem Décompte hunn déi Aarbechte ronn 14.000 € weider kascht wéi urspréinglech virgesinn. Dat ass e Plus vun engem Prozent, wat jo u sech net all ze vill ass. De Grond fir dëse Surcoût sinn haaptsächlech supplementar Aarbechte vum Sudgaz a vun der Cegedel, déi mer 'en cours de route' als Gemeng gefrot hunn.

Approbation à l'unanimité.

4.2.2.

Administration générale.

Extension et modernisation de l'hôtel de ville de Pétange – approbation du décompte provisoire au montant de 4.293.650,72 €.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass dëst en Décompte provisoire vun der Annex vum Stadhaus. Den 8. Mäerz 2004 hu mer en definitive Projet mat 3.626.295,99 € gestëmmt. De 17. Dezember 2004 hu mer nach eng Kéier e Surplus vun 345.000 € gestëmmt. Dat heescht, mir haten am Total Devise gestëmmt fir 3.971.296 €. Mir hunn elo en Décompte provisoire – deen héchstwahrscheinlech och den définitiven Décompte wäert sinn – virleie vun 4.293.650,72 €. Dat ass e Surcoût vun 322.354 € par rapport zum Devis.

Do muss een awer 2 Saachen dozou soe fir kënnen eng genee Analys ze maachen. Firwat ass et elo méi deier ginn ? Engersäits hu mer virun de Joeren 2000 op deem Artikel nach 70.113 € gehat, wat d'Frais d'architecte waren, déi den Här Clemes gemaach huet fir aner Projeten. Dat heescht, déi muss ee vun dësem Projet ofzéien, well déi Fraisen hate mat dësem Projet näischt ze dinn. Mr mussen dat awer mat an den Décompte mat eranhuele fir deen Artikel propper kënnen ofze-schléissen. Weiderhi huet déi Skulptur vum Här Renard, déi hei virun der Dier steet, mat dem Sockel an der Beliichtung 57.000 € kascht. Dëse Montant war am initialen Devis net virgesinn. Well mer awer der Meenung sinn, an et ass eng Fauschtregel, datt ee bei all gréisserem Gebai och soll e kulturellen Apport maachen, hu mer décidéiert, fir dës Skulptur dobäi-zesetzen. Si stoung och schonn am Budget 2007 dran.

Et kann een also soen, datt 127.112 € mat däer Hausse eigentlech näischt ze dinn hunn. Si sinn op Fraisen zeréckzeféieren, déi eigentlech net am Devis initial dra waren. Wann een also elo nëmmen déi aner Beträg kuckt, dann ass de Projet 195.242 € méi deier ginn, wat 4,9 % ausmaachen, a wat nach ganz anstänneg ass.

Fir mech ass dee ganze Bau gelongen. Et ass e ganz gudde Projet gewiescht, an d'Gemengeverwaltung huet fir déi kommend Joer am Déngscht vu senge Bierger en Util zur Verfügung, deen hir et erlaabt anstänneg ze schaffen.

Accord à l'unanimité.

5.1.

Propriétés.

Avenant, au contrat de bail, conclu avec Mme Marie-Albertine Genevo de Pétange, pour la location d'un terrain (parking) sis à Pétange, rue de l'hôtel de ville – approbation (explications par Mme Conter-Klein, échevin).

La surface du terrain a une surface d'environ 3 ares et est destiné à l'exploitation d'un parking public. Le prix de location annuel passe de 3.000 € à 3.600 €, avec effet au 1er janvier 2008.

Norbert Pierre (LSAP):

600 € schéngen op deen éischte Bléck net vill ze sinn, mä et maachen awer 20% vum Loyer aus. Duerch wat ass déi Hausse vum Loyer berechtegt ? Ech hunn an deene leschten zwee Joer keng 20% weider an d'Täsch kritt. Dofir fannen ech et eng Zoumuddung, fir elo 20 % op de Loyer dropzeschloen. Ech si mam initiale Montant vun 3.000 € averstanen, wat schonn e schéine Rendement ass fir eng Parkplaz, wou 10 Plazen drop sinn an déi mir aménagéiert hunn. Ech gesinn awer net a, fir der Madame 600 € d'Joer weider ze ginn. An Zäite wou mer solle spueren, geheie mir d'Suen zur Fënster eraus. Dëst Joer freet se 600 € weider, an d'nächst Joer wäert se de Loyer nees hiewen. Ech si géint déi Hausse vun 600 €.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir huelen dat zur Kenntniss.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass scho bal alles gesot gi wat ech och ze soen hat. Ech fannen et och e staarkt Stéck, fir direkt 600 € an d'Luucht ze goen. Dësweidere wollt ech de Schäfferot och froen, ob se dann och an nächster Zukunft gesinn, fir eng Conventioun mat der Madame Genevo ze maachen, fir alleguerten hir Antikitéiten ofzekafen, an dann de Geschichtsfrënn zu Verfügung ze stellen ? Well dat gesäit och ganz duerno aus.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir schwätzt elo vu Saachen, wou ech net am Bild sinn. Mä de facto ass, datt dee Parking relativ vill gebraucht gëtt, an datt en am Zentrum vu Péiteng e wichtege Parking ass. Et kann een elo der Meenung sinn, datt déi Progressioun vun 600 € ze vill ass, mä ech gesinn et net als iwwerdriwwen.

Vergläichswäerter hu mer zu Rodange, wou mer och e Parking notzen a wou mer och e Loyer musse bezuelen. De Loyer zu Rodange ass indexéiert, an deen hei zu Péiteng net. A wann een deen hei zu Péiteng och indexéiert gehat hätt, da wiere mer wahrscheinlech och net wäit vun deem Betrag hei ewech. Et muss een natierlech oppassen, datt et net e Renner gëtt, an datt all Joer eng Hausse op eis duerkënnt.

Ech sinn der Meenung, datt mer dee Geste elo hei solle maachen, 'sous condition' datt mer an deem Beräich fir déi nächst 5 Joer roueg sinn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hätt nach eng zousätzlech Fro dozou. Et gesäit duerno aus wéi wann déi Strooss eng Kéier un de Stat géif iwwergoen. Bréngt dat iergendeng Ännerung ? Et gesäit och esou aus, wéi wann déi Strooss eng Kéier géif nei gemaach ginn. Da ka fir eng länger Zäit dee Parking net genotzt ginn. Kënnt dann och do eng Ännerung an däer Conventioun, oder bleift dat einfach esou bestoen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech ginn dovunner aus, datt dat net esou séier wäert geschéien. Et géif mech och wonnere wann de Stat déi Strooss géifen iwwerhuelen, ier déi wesentlech Aarbechte gemaach si ginn. Virdru mussen och emol d'Emprise gemaach ginn. An do si mer och grad mat der Madame Genevo am gaangen ze verhandelen, fir déi Emprisen och vun hir ze kréien. Esouwäit ech am Bild sinn, huet se och dee Volet ënner-schriwwen.

Sécherlech ass et esou, datt fir déi Zäit, wou do geschafft gëtt, dee Parking net accessibel ass. Ech ginn awer dovunner aus, datt mer déi Aarbechten an engem ganz raisonnabelen Délai gemaach kréien, esou datt de Parking net all ze laang net genotzt ka ginn. Well déi Strooss gëtt och vill genotzt, a mer kënnen eis net erlabe fir déi Strooss während Méint zouzemaachen.

Roland Breyer, Schäffen:

Déi Emprisë kommen elo virun, an dir hutt jo eraushéieren, datt dat eent e bësse mat deem aneren zesummenhänkt. Wa mer elo déi eng Saach, de Loyer, blockéiert hätten, dann hätte mer vläicht d'Ënnerschrëft net kritt. Et kann ee soen, datt et eng kleng Erpressung ass. Et kann een dat eng Kéier matmaachen. Ech si komplett mam Här Pierre averstanen, datt mer dat dote sollen eng Kéier matmaachen, well e ganze Koup nach drun hänkt. Awer net méi.

A loosse mer awer och éierlech sinn, mir brauchen de Parking, wa mer d'Avenue de la Gare elo uginn. Well da brauche mer déi Emplacementer fir e bësse Loft ze kréien.

Norbert Pierre (LSAP):

Här Buergermeeschter, Dir hutt elo just gesot, datt dee Parking néideg ass. Ech sinn och dofir, datt kleng lokal Parkinge solle bestoen, awer net zu egal watfir Präisser. 'Raison de plus' hu mer niewendrun den CFL-Parking, dee relativ grouss ass, a mer hunn op der Maartplaz e Parking. Mä ech bleiwen awer bei menger Meenung, datt déi Hausse iwwerdriwwen ass.

Approbation par 8 voix (CSV, DP) contre 6 voix (LSAP, Déi Gréng).

5.2.

Propriétés.

Acquisition, de la part de l'Entente des Organisations Catholiques a.s.b.l. de Pétange, d'un bâtiment-place, d'une place et d'un jardin sis à Pétange, lieux-dits « rue J.B. Gillardin », « rue des Ecoles » - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Den Acte fir d'Crèche ze kafen, läit elo hei vir. Am Juni hu mer jo schonn de Compromis ënnerschriwwen. Am Juli hate mer et vir d'éischt am Gemengerot, an de 14. August ass et och approuvéiert vum Inneministère erëmkomm.

D'Crèche ass e wichtege Punkt bei eis an der Gemeng, well mer fir de Moment keng Crèche hei zu Péiteng hunn déi fonctionnéiert. Dofir ass et ganz wichteg, datt mer dee Kaf do konnten tätegen, an datt mer och esou séier wéi méiglech mat engem neie Projet kënnen ukommen.

Dat Ganzt kënnt ons 375.000 €, an d'Contenance ass 9,35 Ar.

Norbert Pierre (LSAP):

Mam Projet sinn ech averstanen. Ech wollt awer just eppes froen. Am Acte stinn déi 5 Meter Passage dran, an datt dat haaptsächlech ass fir datt d'Pompjeeë kënnen erakommen. Et ass awer och esou, datt, wa Leit hir Kanner bréngen, oder wann eis Servicer mussen dohinner goen, datt déi och vun deem Passage kënne profitéieren ?

Ass déi Servitude vun 2 Meter, déi als Noutausgank bléift, och grouss genuch, wann een do muss erauskommen ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass ausgemooss ginn, an dat entsprécht de Virschrëften. Et ass jo och hannen eng Trap, déi erofgeet, an déi muss jo och fräi bleiwen. An dat ass vum Architekt gekuckt an ausgemooss ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll nach just op Eppes nach agoen, an dat gesi mer och duerno op de Pläng. Ech wëll vermeiden, datt mer eng Duerchgangsstrooss kréie vun der rue de l'Eglise an d'rue Gillardin. Dat soll op kee Fall sinn. Do ass eng Crèche, an do muss d'Sécherheet vun de Kanner garantéiert sinn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass och esou, datt mer den Zougang fir d'Eltere mat Hëllef vun enger Barrière kënne maachen. Mir

sinn am gaange mam Architekt ze kucken op dat méiglech wier. Déi Barrière kéint dann zu bestëmmten Zäiten einfach zou sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir ginn de Moment nach net an de Volet 'Circulatoun' eran. Et sinn nach e puer aner Saachen do ënnerwee. Et muss een sech net elo schonn hei an een Szenario erabeginn, deen nach net kloer ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, mir mussen dat Ganzt nach kucken.

Romain Rosenfeld (CSV):

D'CSV-Fraktioun begréisst dëse Kaf, a mer sinn och frou, datt déi Opfank-strukturen hei zu Péiteng och esou kënne gestallt gi wéi an deenen aneren zwou Uertschaften aus eiser Gemeng.

Guy Brecht (LSAP):

Et ass net richteg mäi Gebitt, mä ass dat heiten net déi selwecht chrëschtlech Organisatioun, déi och den Defizit eraginn huet ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Neen, dat sinn net déi hei.

Approbation à l'unanimité.

5.3.

Propriétés.

Contrat d'entretien, pour les détections d'incendie et d'intrusion dans divers bâtiments communaux avec la société Electro Security s.a.r.l. de Münsbach – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mat dësem Kontrakt soll d'Maintenance assuréiert ginn, an och den Dépannage bei enger Panne. Dat Ganzt beleeft sech op 25 Siten, déi mer hei an der Gemeng hunn. De Forfait beleeft sech op 26.000 € d'Joer, an et ass virgesinn, datt op mannst eemol am Joer dat Ganzt kontrolléiert gëtt, an datt all zwee Joer eng komplett Maintenance vu verschiddene Saache gemaach gëtt. Den Detail fannt der op der Säit 57 vun ären Ënnerlagen. De Service leeft och 24/24 Stonnen. Am Kontrakt ass och festgehalen, datt bei enger Panne banne 4 Stonnen d'Firma muss op der Plaz si fir duerno ze kucken an d'Panne ze behiewen.

Lily Gansen (LSAP):

26.000 € ass jo net näischt. War en 'appel d'offres' gemaach ginn, a war déi heite Firma déi Bescht, oder déi Bëllegst ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir haten e Kontrakt mat däer Firma, a mer hunn nei mat hinne verhandelt. Dee fréiere Kontrakt war wesentlech méi deier. Mir waren awer der Meenung, datt eng Rei Saachen dra waren, déi mer eigentlech net brauchen, an dofir ass elo dësen neie Kontrakt ausgehandelt ginn.

Lily Gansen (LSAP):

Dann hat der jo schonn Erfahrungs-wäerter mat däer Firma ? An dat huet geklappt ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hunn eng Fro, an ech weess héchstwahrscheinlech d'Äntwert och schonn drop. Op der Säit 56 an der Dokumentatioun hunn ech de Centre culturel vu Rodange net dobäi gesinn. Mä ech huelen un, datt dat jo eréischt installéiert gëtt, an datt en dann duerno automatesch op d'Lëscht vun de Site bäigesat gëtt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass richteg esou.

Jeannot Linden (LSAP):

D'Madame Conter seet, datt d'Firma banne 4 Stonne muss op der Plaz sinn. Et wäert jo awer keng 4 Stonnen dauere bis eppes geschitt, well soss ass de Block ofgebrannt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Si loosse sech ëmmer eng gewësse Plage, well se kaum ëmmer direkt an Zäit vu 5 Minutte kënnen op der Plaz sinn. An et ass jo och fir den Entretien geduecht. Et ass wann eng Panne um System ass. Et ass elo net fir de Fall wou et brennt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Och do kann ee verlaangen, datt den Dépannage muss bannen enger Stonn gemaach ginn. Mä dat kascht natierlech erëm esouvill weider. Mir hunn eng Evaluatioun gemaach wat wichteg ass, an d'Relatioun Präis/Leeschtung, esou wéi se elo am Kontrakt festgehalen ass, ass an der Rei.

Approbation à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.1.

Personnel.

Octroi d'une indemnité spéciale à un fonctionnaire communal – décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Eise fréien Ingénieur-technicien, den Här Fonck, ass op eng aner Gemeng gaangen. Dat war relativ séier gaangen, an den Iwwergank war doduerch net esou einfach. Dofir hate mer hie gefrot, ob hien net wëll vu Januar 2007 bis Abrëll 2007 säin Nofolger aweisen, an him haaptsächlech bei den Décompten nach eng Hand mat upaken. An et geet elo drëm fir him déi Stonnen ze bezuelen. Et sinn dat am Ganzen 29 Stonnen, déi hie soll ausbezuelt kréien.

Accord à l'unanimité.

6.2.

Personnel.

Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux – décision (explications par M. Breyer, échevin)

Accord à l'unanimité.

6.3.

Personnel.

Prime unique à accorder à des employés privés – décision.

Roland Breyer, Schäffen:

De 7. November 2007 ass an engem Accord an der Fonction publique festgehale ginn, datt déi staatlech Bedienstet an de Joeren 2007 an 2008 eng Prime unique vun 0,9% géife kréien, an déi musse mer dann och elo ausbezuelen. An enger Circulaire vum Inneminister steet dran, wéi déi Prime gerechent gëtt a wien dës Prime zegutt huet. Et ass eng normal Saach, et ass en Accord geholl ginn, a mir bezuelen dann elo aus.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wéi gesot, et ass eng normal Saach. Well d'Fonctionnairen an d'Employés communaux hunn et zegutt, an da solle mer den Employés privés et och ginn. Well soss kréie mer zum Beispill an der Musekschoul eng Situatioun, wou déi eng dës Prime kréien an déi aner net.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales –

ratification (explications par M. Mellina, bourgmestre).

Guy Brecht (LSAP):

Ech hu gesinn, datt op däer Lëscht e Christophe Raoul drop steet, a wëll drop hiweisen, datt dat e ganz jonken talentéierte Museker ass, e Militärmuseker, an do wier et gutt, wa mer eis dee Jong géife waarm hale fir eis Musekschoul.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir ginn dat un d'Direktioun vun der Musekschoul weider.

Ratification à l'unanimité. M. Gira, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.2.

Enseignement.

Organisation d'après-midi de loisirs 'Vakanzaktioun' en 2008 – décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

D'Vakanzaktioun ass e Bestanddeel an der Gemeng Péiteng, dee mer eis bal net méi kënnen ewechdenken. Mir hu festgehale fir am Joer 2008 nees esou eng Vakanzaktioun ze maachen, an zwar vum 21. Juli bis den 1. August. Dat Ganzt géing eis 71.364 € kaschten.

Romain Becker (Déi Gréng):

Hält de Schäfferot nach ëmmer un deem Modell fest, wéi e bis elo bestanen huet ? Dat heescht, datt Associatiounen aus der Gemeng mathëllefe bei de Vakanzennomëtteger, an sech deene verschiddene Gruppe vu Kanner unhuelen a mat hinnen Aktivitéite maachen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Esouwäit ech weess ass nach net 100%-eg iwwert de Programm geschwat ginn. Ech fannen awer, datt dat bis elo eng Formule war, déi gutt fonctionnéiert huet, well domatter d'Kanner och en Ableck a verschidden Aktivitéite vun de Veräiner kréien. An dat ass net esou schlecht, well eis Veräiner sinn ëmmer frou, wa se Zoulaf vun eise Kanner kréien.

Fir déi méi grouss Kanner besti jo och mat den Nopeschgemengen aner Aktivitéiten, déi dann och zum Deel aus der Gemeng erausginn, Mä fir eis Primärschoulkanner wier et ganz an der Rei wa se mat deene lokale Veräiner hir Aktivitéite maachen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat ass gutt, ech fannen dat näämlech och esou. An dobäi géif ech dann och schonn de Veräiner Merci soen, datt se bei der Vakanzaktioun matmaachen.

Accord à l'unanimité.

8.1.

Prévisions sociales.

Organisation, par le syndicat intercommunal Pro-Sud, du service « Night Rider » dans la région Sud pour l'année 2008 – délibération concordante.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif d'Punkten 8.1. an 8.2 zesummen traitéieren, well se zesummenhänken.

Déi 12 Gemengen, déi am Pro-Sud vertruede sinn, hunn zesumme gekuckt, fir den Service 'Night Rider' um ganzen Territoire vun de Pro-Sud-Gemengen, dat heescht vu Kënzeg bis op Diddeleng, ze assuréieren. De Service 'Night Rider' fonctionnéiert jo all kéiers freides a samschdes vun 18 bis 5 Auer.

Et geet elo drëm, datt mer eis engersäits als Gemeng dotëschent schalten, an datt mer eise Bierger – esouwäit se dat wëllen – eng Kaart verkafen, déi fir Jugendlecher vun 16 bis 26 Joer bei 40 €, a fir Leit vu 27 Joer un 80 € soll kaschten.

Wat kréien se mat däer Kaart ? Mat däer Kaart kënnen se all Weekend mat dem 'Night Rider' fueren a brauchen näischt weider méi ze bezuelen. Et kann een also soen, datt bei engem Erwuessenen, wann e 6 bis 7 Fahrte gemaach huet, sech d'Kaart rentabiliséiert huet.

De Kontrakt, dee Pro-Sud mat der Firma Sales – dat sinn déi eenzeg, déi fir de Moment de 'Night Rider' ubidden - gemaach huet, betrëfft d'Period vum 1. Januar 2008 bis den 31. Dezember 2008. Duerno wäerte mer um Niveau vum Pro-Sud eng Evaluatioun maachen, an ech wäert dem Gemengerot dann och matdeelen, wat bei däer Evaluatioun erauskomm ass.

Well dee Kontrakt sech genee op ee Joer beleeft, hu mer décidéiert, an d'Finanzkommissioun huet datt och approuvéiert, fir eng Kaart, déi nom 1. Juli 2008 kaf gëtt, zum halwen Tarif unzebidden. Doduerch bleift et och attraktiv, fir nach nom 1. Juli 2008 esou eng Kaart ze huelen. Mä sämtlech Kaarte sinn nëmme bis den 31. Dezember 2008 valabel.

Et muss een och soen, datt ee bis mëttwochs seng Kaart muss hei op der Gemeng kaf hu fir dee Weekend drop vum 'Night Rider' kënnen ze profitéieren. Well mir mussen der Transportfirma déi Informatiounen, wien esou eng Kaart kaf huet, och kënne weiderginn. Dat heescht, een deen donneschdes oder freides seng Kaart keeft, kann net schonn dee Samschdeg oder Sonndeg drop mam 'Night Rider' fueren, well de Callzenter vun der Transportfirma nach net prett ass fir déi Demanden entgéint ze huelen.

Dat Ganzt kascht d'Gemeng Péiteng eigentlech 32.811 €. Déi Zomm kënnt aus dem Verdeelungsschlëssel, dee mer och mussen applizéiere fir d'Bedeelegung un de Fraise vum Pro-Sud.

Et muss een och soen, datt et ganz flott ass, datt déi 12 Gemengen aus dem Pros-Sud sech un deem Projet bedeelegen. Wat d'Tarificatioun vun der Kaart ubelaangt, esou hunn d'Gemenge Fräiraum. Dat heescht, all Gemeng ka seng eegen Tariffer festleeën, well dat soll d'Kompetenz vun engem Gemengerot sinn an net iwwert e Pro-Sud definéiert ginn. Déi Propositioun vun 80, respektiv 40 €, déi de Pro-Sud gemaach huet, ass awer vu quasi alle Gemengen ugeholl ginn.

En aneren Diskussiouspunkt, wou d'Gemenge fräie Spillraum hunn, ass deen, vu watfir engem Alter un een déi Kaart ka kafen. Mir proposéieren als Schäfferot, fir déi Kaart nëmmen u Jugendlecher ab 16 Joer ze verkafen, well mer mengen, datt een net soll Jugendlecher ënner 16 Joer dozou incitéiere fir Nuets mam 'Night Rider' ronderëm ze fueren. Ech weess awer, datt verschidde Gemengen et awer scho mat engem méi jonken Alter ufänken, well se soen, datt d'Kanner och emol an de Kino wëlle fueren. Mir hu jo awer als Gemeng nach eng zweet Offer, dat ass de Kinobus, an dofir proposéiere mir dem Gemengerot fir d'Limite d'âge op 16 Joer ze setzen.

Et kann een och nach soen, datt um Enn vum Joer eng Informatioun un d'Bierger geet, an däer se Explikatiounen iwwert deen neie Service kréien. Deemno wéi organiséiere mer och nach eng Informatiounsversammlung am Januar, wou déi interesséiert Bierger och nach Informatioune kënne kréien.

Alles an allem ass et e Projet, deen eis als Gemeng net esouvill kascht, a wou mer en Déngscht um Bierger schafen, deen d'Fraise rechtfäerdegt.

Lily Gansen (LSAP):

Lafen déi Night Rideren ënnert der Responsabilitéit vun deenen 12 Gemengen, oder lafen se an deem ganze Circuit vun deenen ablécklechen

Night Rideren ? Well et ass een Service, deen ech absolut begréissen. An och d'Décisioun, fir d'Kaart eréischt vu 16 Joer un auszestelle begréissen ech.

Mä well et e relativ neien Service ass, deen ugebuede gëtt vun däer Firma, an déi sech och all Méi gëtt fir dat richteg ze suivéieren, esou geet dat net ëmmer. An ech weess, datt et mam Night Rider net ëmmer esou richteg klappt wéi et miisst sinn. Et ass virkomm, datt d'Leit net ofgeholl si ginn, oder datt se sollten um 2 Auer ewechgeholl ginn an nach um 4 Auer do stoungen ze waarden.

Mä wann awer elo nuets Jugendlecher do stinn, déi um 1 Auer sollen, mussen oder wëllen Heem goen, an dann nach um 3 Auer do stinn op den Night Rider ze waarden, dann ass dat eng Situatioun déi mer net gutt schéngt. Ech wëll elo net soen, datt dat muss virkommen, mä mir mussen als Gemeng jo awer och eis Responsabilitéit huelen. Dofir wollt ech wëssen, ob et vun eis an iergendenger Form iwwerwaacht gëtt ? A ginn déi Doléance bei der Firma op den Dësch geluegt ? Well esou Saache si scho virgefall, mä et war dat bei Erwuessenen, déi sech dann am Endeffekt en Taxi geholl hunn a rosen Heem gefuer sinn. Mä esou Situatioune soll bei de Kanner évitéiert ginn. Well wann ee Kand oder Jugendlechen den Night Rider um 2 Auer rifft, an um 4 Auer wier en eréischt do, an an deenen 2 Stonne géif eppes virkommen, da weess ech net op et nëmmen d'Firma wier déi responsabel wier, an net mir als Gemeng och géife mathänken.

Wéi gesot, mam Prinzip sinn ech absolut averstanen. Dat selwecht gëllt och fir d'Modalitéiten, déi dir dragesat hutt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat hei ass keen Service 'Taxi'. Dat kréie mer och ëmmer gesot. Mir engagéieren eis och net als Gemeng, datt mir soen, datt ee bannen engem bestëmmten Délai ofgeholl gëtt. Dat ass net méiglech, a mir kënnen och an däer Hisiicht keng Responsabilitéit iwwer-huelen.

Mir hunn awer ganz kloer gesot, datt mer dat heite ganz genee am A behalen, an datt mer am Pro-Sud doriwwer eng Evaluatioun maachen. A wann esou Informatiounen, wéi Dir se elo hei ugeschwat hutt an déi mir och schonns zu Ouere komm sinn, an déi och schonn um Niveau vum Pro-Sud diskutéiert si ginn, da musse mer bei der Transportfirma intervenéiere fir ze kucken, wéi een dee Problem geléist kritt. Ech sinn awer der Meenung, datt, wa se elo esouvill Cliente bäikréien, a se doduerch garantéiert Recetten hunn – well et sinn ëmmerhin iwwer 300.000 € déi se vun de Pro-Sud-Gemengen kréien – si hiren Déngscht och nach ausbessere wäerten, a sécherlech och nach méi däer Busse wäerten asetzen. Well ech ka mer net virstellen, datt se mat deem Fuerpark, deen se fir de Moment hunn, dat dote komplett kënnen ofdecken.

Mir wäerten awer do um Ball bleiwen, a wa mer feststellen, datt et net esou ass wéi mer eis dat virstellen – an dofir geet de Kontrakt jo nëmme bis den 31. Dezember 2008 – da musse mer esou séier wéi méiglech intervenéieren. Dat hu mer eis fest virgeholl.

John Polfer (CSV):

Déi Crainten, déi d'Madame Gansen elo ervirbruecht huet, sinn och an der Finanzkommissioun opkomm.

Eng aner Fro, déi awer och an der Finanzkommissioun gestallt ginn ass, ass déi, wou den Night Rider mech da kann hiféieren. Ass dat elo nëmmen an deene Gemengen, déi an deem Projet matmaachen, oder kann ech zum Beispill aus der Péitenger Gemeng op de Stauséi op e Festival fueren ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wann ech elo wëll zum Beispill an d'Stad fueren, da sinn ech jo eraus aus de Pro-Sud-Gemengen. An et ass ganz kloer, datt dat mat dësem Projet ofgedeckt ass. Am zweeten Abschnëtt vun der Conventioun steet dat och kloer dran. Do steet 'le lieu de départ ou le lieu de destination doit être situé sur le territoire des communes membres du Pro-Sud.'

Wat awer net geet, dat ass, wann ech aus enger Pro-Sud-Gemeng sinn, a mat däer Kaart wëll vun der Buerschtenter Millen zum Beispill op Esch/Sauer gefouert ginn. Dat geet net. Entweder de 'point de départ' oder d'Destinatioun muss an enger Pro-Sud-Gemeng sinn. Wat awer elo geet, well eben elo déi ganz Pro-Sud-Gemengen zesumme sinn, ass, datt wann ech als Péitenger zu Schëffleng sinn, ech den Night Rider ruffe fir mech vu Schëffleng an d'Stad ze féieren. Well et gëtt als Pro-Sud gekuckt. Laut Kontrakt geet dat. A wa mer de Kontrakt elo als eenzel Gemeng gemaach hätten, dann hätt an der Péitenger Gemeng ëmmer miissten entweder den 'lieu de départ' oder den 'lieu d'arrivée' sinn.

Carlo Gira (CSV):

Et sinn u sech schonn zwou Saache beäntwert ginn, op déi ech och wollt agoen. Ech deelen och e bëssen déi Bedenke vun der Madame Gansen, an ech wollt och dat froe wann een ausserhalb vun de Pro-Sud-Gemenge wëll fueren. Dat ass jo elo schonns beäntwert ginn.

Déi eenzeg Fro, déi ech nach hunn – an ech hunn och näischt dogéint, datt den Alter vun 16 un ass – mä wéi ass et da geregelt, wann elo Kanner mat hiren Eltere fueren?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass deen eenzege Punkt, deen net ofgeséchert ass. Déi kënne jo matfueren, mä si mussen awer dann – well se jo keng Kaart ze kafe kréien, deen normale Präis vum Night Rider bezuelen.

Mir sinn awer der Meenung, datt mer als Gemeng, wat jo eng ëffentlech Ariichtung ass – net sollen incitéieren, datt Jonker ënner 16 Joer nuets nach ënnerwee sinn. An ech sinn der Meenung, datt wann d'Eltere mat hinnen iergendwou hifueren, si éischter den Auto huelen. A wa se den Night Rider huelen, da mussen se fir d'Kanner separat bezuelen.

Carlo Gira (CSV):

Ech fannen dat och gutt. Et soll just nach eng Kéier gesot ginn, fir datt déi Leit, déi et betrëfft, och Bescheed wëssen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass wuel eng gutt Saach, déi Night Rider Geschicht, an et ass och ze begréissen, datt am Kader vu Pro-Sud alleguerten d'Gemenge matmaachen.

D'Madame Gansen huet virdru vu Responsabilitéite geschwat. Ech hunn héieren, datt virun net all ze laanger Zäit Annoncen an den Zeitunge waren, wou d'Entreprise Sales Studente gesicht huet fir op den Night Rider Bussen Chauffer ze spillen. Do hunn ech awer meng Bedenken. Ech hunn och meng Bedenken, datt se Hobby-Chauffere siche fir um Night Rider ze fueren. Well et muss ee jo wëssen, datt dat net déi rouegst Schäfercher sinn, déi deen Owend an deem Minibus ronderëm gefouert ginn. An et wier ze begréisse wa Chaufferen op deene Busse géife fueren, déi Erfahrung hunn.

Dofir géif ech dem Schäfferot mat op de Wee ginn, fir et mat an de Syndikat ze huelen an un d'Entreprise erunzetriede fir datt se sollen – esouwäit ewéi méiglech – Chauffere mat Erfahrung, an ausgebilde Chaufferen op déi Busse setzen, an net – wéi an der Annonce stoung – Studente siche fir deen Transport ze maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat dote huelen ech mat an déi nächst Sëtzung, déi mer am Pro-Sud hunn. Ech wäert déi Fro opwäerfen, a mer wäerten déi Fro och weider un de Sales-Lentz viruginn. Ech sinn och der Meenung, datt et Leit mat Erfahrung solle sinn, déi dobäi miisste sinn.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hu gesinn, datt fir de Verdeelungsschlëssel d'Awunnerzuel vun 2002 geholl gëtt. Ass dat gären esou gemaach ginn, well mer si mëttlerweil jo schonn iwwer 15.000 Awunner.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An de Statute vum Pro-Sud steet, datt fir de Verdeelungsschlëssel d'Zielung geholl gëtt, déi all 10 Joer vum Statec gemaach gëtt. A fir d'Repartitioun vun de Fraise gëtt sech laut Statuten ausschliisslech op déi Zielung beruff. Dat ass a ganz ville Syndikaten esou. A well d'Populatioun an all deene Gemengen zimlech d'selwecht evoluéiert, ass et och an der Rei. Et kéint eppes ausmaachen, wann elo eng Gemeng géif explodéieren. Dat kéint zum Beispill de Fall sinn, wann an der Gemeng Suessem déi ganz Frichë géife bebaut ginn. An da bezilt d'Gemeng Suessem fir 2, 3 Joer e bësse manner. Am Endeffekt ass dat esou minimal, datt een et esou ka stoe loossen.

Guy Brecht (LSAP):

Dat heescht jo dann, datt – wa mer dee Kontrakt géifen erneieren – deen heite Schlëssel géif bis 2012 bestoe bleiwen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass richteg.

Guy Brecht (LSAP):

Wann elo e Jugendleche keng Kaart geholl huet, dann ass et jo esou, datt déi mussen den normalen Tarif, dee vum Night Rider gefrot gëtt, integral bezuelen ? Do gëtt keng Differenz an den Tariffer gemaach, wann een aus enger Pro-Sud-Gemeng ass ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Firma selwer huet déi Tariffer festgesat, an domatter hu mer näischt ze dinn. Wann een awer d'Night Card huet, da bezilt een näischt fir den Transport mam Night Rider.

Accord à l'unanimité.

8.2.

Prévisions sociales.

Administration générale : règlement général des tarifs – disposition complémentaire au chapitre XII. Services spéciaux : introduction d'une « Night Card » - décision.

Accord à l'unanimité.

9.

Hygiène et santé.

Convention de fusion entre le Centre Hospitalier Emile Mayrisch et le Syndicat intercommunal Differdange - Pétange - Bascharage (Hôpital Princesse Marie-Astrid) et désignation du délégué de la Ville de Pétange au sein de la Fondation du CHEM – décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et geet hei ëm d'Fusioun vum CHEM mat dem HPMA, wou mer engersäits eis referéieren op eng Délibération, déi mer schonn den 21. Juli 2006 hei geholl hunn, a wou mer eng Collaboratioun tëscht dem Stat an dem HPMA eestëmmeg guttgeheescht hunn, a wou et drëm gaangen ass fir d'Fusioun tëscht deenen zwee Haiser HPMA an CHEM ze preparéieren. An deene leschte Joeren ass ganz vill do geschafft ginn, an dat an zwee Voleten. Deen ee Volet war, fir dat Ganzt administrativ ofzedecken, an deen anere Volet ass de medezinesche Volet, wou elo e Projet médical virläit, an deene Gemengeréit, déi interesséiert waren, virun enger gudder Woch virgestallt ginn ass. Dee Projet médical ass och vum Gesondheetsminister guttgeheescht ginn.

De Projet médical fir dat ganzt Haus, dat heescht an deem dat Diddelenger Spidol, den HPMA an den CHEM dra vertruede sinn, gesäit vir, datt op deenen 3 Siten, op jiddefall emol mëttelfristeg zu Diddeleng, zu Esch an zu Nidderkuer e Spidol bestoe bleift, op jiddefall esouwäit dee Projet médical geplangt ass. Bis 2017 soll déi Situatioun esou bestoe bleiwen.

Fir Nidderkuer heescht dat konkret, dat weiderhin eng Policlinique géif fonctionnéieren, datt awer op Nidderkuer – an dat ass eng positiv Saach – e Centre de compétences régional, a vläischt esouguer national – d'Verhandlunge sinn am gaangen – an der Orthopédie kënnt, an dat mat deenen 'services annexes', wéi zum Beispill eng Rééducatioun.

Mëttelfristeg wäert awer keng Urgence méi zu Nidderkuer bestoe bleiwen. Et wäert dann nëmme méi zu Esch eng Urgence fonctionnéieren, well et einfach net méi finanziell ze droen ass, datt een op zwee Siten eng Urgence mécht. Well do muss een och déi néideg Dokteren zur Dispositioun hu fir datt déi Urgence valabel ass. A vun der Direktioun gouf gesot, datt eng Urgence op deenen zwee Siten net bäizebehale wier.

Den 1. Januar 2008 wäert awer emol nach näischt änneren. Am Laf vun deenen nächste Méint wäerten déi Ännerungen awer virgeholl ginn. Eis Populatioun wäert och adequat iwwert déi Changementer informéiert ginn, esou datt se och wësse wou se sech musse wenne wann d'Ännerungen a Kraaft trieden.

Wat d'Konditioune vun der Fusioun ubelaangen, esou gëtt et Folgendes ze soen :

Dat heescht, den HPMA wäert, esou wéi Esch an och Diddeleng, eng Donatioun ginn. Et ass eng Fondatioun, a wann ee wëll an enger Fondatioun vertruede sinn, da muss een en Don ginn. An den Don vum HPMA wäert doranner bestoen, datt den Terrain, wou d'Spidol drop steet, als Don an d'Fondatioun erageet.

Als Contre-partie wäerten dann déi Déifferdanger, déi Péitenger an déi Käerjenger Gemeng e Vertrieder am Conseil d'administration hunn. An duerch déi Vertrieder am Verwaltungsrot wäerten déi Gemengen dann och un der Orientéierungsdécisioun vun dem Spidolswiesen am Süde bedeelegt sinn.

Déi technesch Apparaten, de Stock an d'Gebai, gëtt vum CHEM 'sur 'valeur comptable' iwwerholl. Dat heescht, den HPMA gëtt déi net gratis an déi nei Strukturen eran, e gëtt se 'sur valeur comptable' eran.

E bësse gelungen hunn ech fonnt, datt ech am Tageblatt an engem Artikel gelies hunn, datt ech sollt gesot hunn, datt dat zu engem Promotiounspräis sollt iwwergoen. Ech weess net, wou de Berichterstatter vum Tageblatt zu däer Iwwerleeung komm ass, well e schreiwt, an dat geet aus dem Text ganz kloer eraus, datt ech dat sollt gesot hunn. Dat weisen ech ganz kloer zeréck, well esou een Onsënn hunn ech net gesot. Mir ginn et net zu engem Promotiounspräis eran, mä den Transfert vun deenen Aktivaren gëtt zu engem reellen, a vun enger Fiduciaire iwwerpréiftene Präis, valeur comptable, deen am Bilan steet, iwwerdroen. An ech gesinn eigentlech keen anere Wee fir kënnen esou een Transfert ze maachen. Et ass net zu engem Promotiounspräis wéi et am Tageblatt ze liese war, a wou ech net ganz frou war, datt et esou duergestallt gi war wéi wann ech dee Schwachsinn gesot hätt.

Wat d'Conventioun betrëfft, esou muss ech soen, datt de 6. Dezember de Comité vum HPMA déi och guttgeheescht huet, an datt mer elo hei an de Gemeng, grad wéi zu Déifferdang an zu Käerjeng, déi Conventioun solle guttheeschen. Duerno solle mer nach e Member an de Verwaltungsrot vum CHEM bestëmmen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech kann deem, wat Dir elo gesot hutt, nëmmen zoustëmmen. Ech war selwer an däer Versammlung, wou dat presentéiert ginn ass, dobäi. An dat ass genee esou presentéiert gi wéi Dir et elo gesot hutt.

Dann hätt ech awer nach eng Fro zum Personal. Dat ass jo u sech Gemengepersonal. An déi Léisung, déi an deem Kontext envisagéiert gëtt, fir déi Leit fir 2 Joer an den 'sans solde' ze schécke bis e Gesetz geschafen ass, fannen ech och keng Léisung. Et miisst ee kucken, wéi een dat kann dréinen, quid datt ee vum Stat op enger anerer Säit déi Suen erëmkritt. Mä et kann een déi Leit dach net zwee Joer Heem schécke bis een e Gesetz do gemaach huet fir déi Leit kënnen ze iwwerhuelen.

Ech wëll nëmmen op déi Saach opmierksam maachen, och wann ech mat der Conventioun u sech ka liewen. Mä deen Artikel 3 'reprise du personnel du HPMA' aus der Conventioun stéiert mech e bësse wéinst deem, wat do dra steet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Iwwert déi Leit, wou Rieds geet, sinn et der 9 vun deenen 450, déi e Statut vun 'employé communal' hunn. An doduerch, datt se e Statut vun 'employé communal' am Spidol hunn, si se eigentlech net einfach transférabel wéi déi aner an eng Fondatioun. Well déi miissten ënnert dem Statut vum 'employé privé' sinn.

Wat d'Peien ugeet, esou ass dat kee Problem, an dat ass och ausgehandelt ginn. Wa muer déi Leit 'Jo' soen, da kënnen se direkt am CHEM ufänken ënnert deem neie Statut. Si mussen awer hiren Accord ginn. An da musse mer klären, wéi hir supplementar Pensioun kéint ausgesinn. Well si verléiere jo dann un hirem Pensionssystem. An do ass an d'Ae gefaasst ginn, iwwert eng komplementar Pensioun, déi muss abezuelt ginn, dat ze kompenséieren. Mä mir brauchen den Accord vun deene Leit, déi do schaffen. Wann déi 'Neen' soen, dann hu mer e gewëssene Problem, well engersäits eng Infirmière, déi zu 100% an engem Spidol schafft, an déi eventuell Anesthesistin ass, kënne mer u sech net méi huelen, well mer kënnen se net méi brauche well den HPMA kee Spidol méi huet. Si kann och net transferéiert ginn an eng Gemeng, well dat ass eng aner Entitéit. Dat heescht, mir mussen eng Léisung fir déi Leit fannen. An et si Gespréicher gefouert ginn. An et muss een och soen, datt e ganz groussen Deel vun deene Leit an 3, 4 Joer a Pensioun sinn. Dofir ass déi Léisung, fir e Maximum vu Congé sans solde um Niveau vum HPMA ze froen, a während 4 Joer dann am CHEM ze schaffen an do seng Pei ze kréien. D'Situatioun fir dee Betraffene bleift dann identesch, fir dann ze klären wéi dann d'Pensiounsrecht ka geléist ginn. Dat gëtt eis dann eng Méiglechkeet fir de Problem ze léisen, an a 4 Joer miisst dat méiglech sinn. Haut ass et eigentlech net méiglech. Haut sti mer virun enger Situatioun, datt, wann der vun deenen 9 der 3 soen datt se net dohinner ginn, mer dann e Problem hunn. Wouhinner ginn dann déi Leit ? Den 1. Januar 2008 kënnen se net méi an den HPMA goen, well do ass de Patron den CHEM. Wou ginn se dann ? Bleiwen se doheem ? Dat heescht, mir mussen eng Léisung fannen, an d'Diskussioune lafen. Mir kënnen eis och net virstellen, datt mer se kënnen am HPMA halen. A mer kënnen och net soen, datt se kënnen doheem bleiwen, an datt se trotzdem d'Pei weider kréien. Dat ass och keng Léisung. Et ass net esou einfach, dat wësse mer. Mir sinn am gaangen drun ze schaffen, a mer hoffen och eng Léisung ze fannen am Intressi vun de Leit. Mir hu bis elo et fäerdeg bruecht, fir deen Transfert esou ze maachen, datt kee Mënsch eppes verluer huet, a mer wäerten och hei eng Léisung fannen, bei däer keen eppes verléiert. Mä et gëtt keen anere Wee datt se mussen eng Kéier an de CHEM goen, a mer dann déi Méiglechkeeten auslootse fir se an de CHEM eriwwerzeféieren, ouni datt en se 1 Euro, esougutt an der Pei wéi och an der Pensioun, verléieren.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech si mat deene Saachen averstanen. A wa mer hei elo géifen 'Neen' soen, da wier déi ganz Saach och blockéiert. An dat ass jo och net de Sënn an Zweck dovunner. Ech wollt nëmme just op déi Situatioun vun deene Leit hiweisen. Ech hoffen, datt eng gutt Léisung fir déi Leit erauskënnt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Fir eis ass et kloer, an dat wëll ech och ganz kloer hei ënnersträichen, datt mer hinnen eng Méiglechkeet ginn, datt se finanziell näischt verléieren. Mä si mussen e Schratt maachen, a mussen hiren Accord ginn. Si mussen d'accord si fir eng Kéier an de CHEM ze goen.

Jeannot Linden (LSAP):

Dann ass jo awer eng akzeptabel Propositioun do, an dann ass et och an deem Sënn un hinne fir ze reagéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Gespréicher mat der Delegatioun a mat de Leit ass am gaangen. An ech sinn och gudder Déng, datt mer eng Léisung wäerte fanne wa jidderee raisonnabel ass a wa jidderee kuckt fir un engem Strang ze zéien. Well vun eis aus gëtt ganz kloer gesot, datt kee soll een Euro verléieren. Well bei enger Fusioun ass et och net Usus, datt ee Konzessioune muss maachen, well ee muss wiesselen.

Romain Rosenfeld (CSV):

Wann ech richteg informéiert sinn, da solle laut Kollektivvertrag verschidde Leit zu Nidderkuer fir déi selwecht Aarbecht méi verdéngt hu wéi zu Esch. Sinn déi Problemer och geléist ginn ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Effektiv hu mer festgestallt, datt zu Nidderkuer – a mer hate jo eng ganz laang Analys gemaach, an déi huet eis och eng ganz Rei Geld kascht, well mer wollte mat ganz oppene Kaarten a mat ganz propperen Dossieren an de CHEM goen – verschidde Leit iwwert dat, wat se laut Kollektivvertrag zegutt haten, bezuelt goufen. Mir hunn dorop hin all déi Dossiere mat deene Responsabele vum CHEM diskutéiert, mä mir hunn awer festgestallt, datt och am CHEM esou Situatioune waren, an datt och am CHEM Saache bezuelt ginn, déi eigentlech net direkt am Kollektivvertrag virgesi sinn.

Zum gréissten Deel ass schonn do gekuckt gi fir e Nenner ze fannen, mä et kann een elo scho soen, datt kee vun deene Leit esou exceptionell Konditiounen hat, datt dat net am CHEM iergendwéi an an iergendenger Form ka regulariséiert ginn. Déi Gespréicher si quasi ofgeschloss, a mer kruten de leschte Kéier am Verwaltungsrot gesot, datt dat kee weidere Problem méi wäert duerstellen.

Guy Brecht (LSAP):

Här Buergermeeschter, Dir hutt virdrun déi Artikelen ugeschwat, déi an enger Zeitung stoungen, déi eis vläicht méi no steet. Mir mussen eis och dovunner distanzéieren. Well esou Informatioune sinn och net aus eise Reie komm.

Zu deem heite Punkt sief ze soen, datt dat heiten eng gudd Saach ass. Mir sollen ee vir allemol e Schlussstréch ënnert alles zéie wat war. Hei geet et ëm d'Gesondheet vun de Leit aus dem Kordall, an dat ass dat, wat wichteg

ass a wat d'Haaptsaach soll sinn. Et bedauert een natierlech ëmmer wann een e Service verléiert. Ech schwätzen do vun der Urgence. Mä, wie schonn op Nidderkuer an d'Urgence war, dee konnt gesinn, datt dee Service och verbesserungsfäeg war. Ech hoffen, datt mer zu Esch eng Urgence kréien, déi duebel esou performant ass wéi déi zu Nidderkuer. Dat verspriechen ech mer dovunner. Mä, wéi gesot, kommt mer zéien endlech e Schlussstréch ënnert dat Ganzt, well et geet ëm d'Gesondheet vun de Leit aus dem Kordall.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat kann ech nëmmen ënnersträichen, well ech sinn der Meenung, datt mer mat der Décisioun, déi elo geholl gëtt, e Meilesteen um Niveau vum Gesondheetswiesen hei am Süde wäerten huelen. Mir wäerten do en Apport maachen, deen all deenen zegutt kënnt déi am Kordall wunnen. Mir kréien hei am Süden eng Méiglechkeet fir eis besser ze imposéiere vis-à-vis vun der Stad. Well et gëtt ëmmer erëm gesot, an den Doktorat ënnersträicht dat ëmmer, datt de Süden ëmmer d'Stéifkand am Gesondheetswiese war. An ech ka mer virstellen, datt mer mat esou enger Positioun, wéi mer haut do stinn, als Eenheet do sti mat deenen 3 grousse Spideeler. An domatter kréie mer eng aner Positioun vis-à-vis vun deenen anere Regiounen. An dat kann eis nëmmen zegutt kommen an der Evolutioun vun eisem Spidolswiesen hei am Süden.

Accord unanime d'approuver le projet de convention de fusion entre le CHEM et le HPMA et d'autoriser le représentant de la commune de Pétange au bureau du Syndicat à passer signature de ladite convention.

Vote secret : A l'unanimité, M. Pierre Mellina est désigné comme représentant de la commune de Pétange au sein du futur conseil d'administration du CHEM.

10.

Sylviculture.

Plan de gestion des forêts pour l'exercice 2008 – approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

Esou wéi schonns an de Budgets-debatten ernimmt, presentéiere mer iech de Plan de gestion des forêts fir den Exercice 2008, esou wéi e vum Kantonalchef vum Westen vun der Administration des Eaux et Forêts opgestallt gouf.

Wa mer de Bilan kucken, dann hu mer folgend Situatioun :

An de Recette kréie mer duerch de Verkaf vun Holz 73.550 € eran. Et kommen nach 630 € vum Juegdgeld dobäi. D'Frais d'exploitation belafe sech op 26.575 €. D'Personalkäschte chiffréiere sech op 7.400 €. D'Regenerationns- an Dégagements-aarbechten zu Péiteng, Rodange, Rolleng a Lenger, fir eis 14 Hektar Bëscher wou mer dra schaffen, kaschten 14.250 €. En neie Wee kascht eis 101.000 €, wouvu mer 80% vum Stat subventionéiert kréien, esou datt en eis nach 22.600 € kascht. Fir d'Oprechterhale vun der Natur sinn Aarbechten an der Héicht vun 3.500 € virgesinn. Fir den Entretien an Uschafe vu Material sinn 3.000 € virgesinn.

Wann een elo Dépense vun de Recetten ofrechent, da bleift nach en Defizit vun 3.145 €. Wa mer dat heiten elo stëmmen, dann hu mer och automatesch den FSC-Label zegutt, dee mer uganks 2008 solle kréien. Et ass och esou, datt mer en Avis virleien hu vum Département vum Environnement.

Camille Bosseler (CSV):

Et freet mech ëmmer erëm wann ech gesinn, datt et an eise Bëscher virugeet mat den Aarbechten, sief et datt Weeër an d'Rei gesat ginn, oder nei ugeplanzt an opgeforstet gëtt, well op Plazen ass et wierklech noutwenneg.

Wat mech awer och freet, dat ass, datt emol endlech um Hierschtbierg den Entretien vum Biotop gemaach gëtt. Et ass dat wierklech eng herrlech Plaz um Bierg. Et ass awer ze bedaueren, datt dat esou verkomm ass.

Och déi Strooss ënnendrënner, wou d'Waasser erofleeft, do wier et vläicht och méiglech fir d'Waasser mat engem Rouer opzefänken an et ofzeleeden. Da wier et an däer Strooss och net esou naass.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wëll just nach bäifügen, datt de Biotop op Wonsch vun enger ganzer Rei vu Matbierger an d'Rei gesat gëtt. An dofir steet en och mat um Programm.

Approbation à l'unanimité.

11.1.1.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : hôtel de ville – réaménagement du rez-de-chaussée (et remise en valeur de la façade) – approbation du devis actualisé au montant de 675.000 €.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir kéimen dann zu deenen Devisen, déi am Kader vun dem Budget 2008 gestëmmt ginn. Ech bleift nach deen een oder aneren Devis, deen net ka gestëmmt ginn, well ee vun eise Fonctionnaire krank war dee Moment wou déi Devise sollte gemaach ginn. Dat wäerte mer awer am Januar nohuelen.

De 15. Dezember 2006 hate mer bei de Budgetsdebatten en Devis vun 530.000 € gestëmmt fir de Rez-de-Chaussée an d'Rei ze setzen. Leider Gottes waren d'Délaien immens laang, bis mer all d'Avise vun deenen zoustännege staatlechen Instanze kritt hunn. Esou datt mer eréischt de 4. September 2007 déi definitiv Approbatioun vum Intérieur fir dësen Devis konnte kréien.

Mir hunn awer an der Tëschenzäit festgestallt, datt mat all deene Projeten, mat deene mer am gaange sinn, engersäits eisen Service technique iwwerfuerdert ass fir deen dote Projet ze suivéieren, esou datt si eis proposéiert hunn – an de Schäfferot ralliéiert sech dorunner – fir de Suivi och un den Architektebüro Clemes, deen dat heite jo och konzipéiert huet, an un de Bureau d'études Jean Schmit ze ginn, deen den technesche Volet an dësem Haus gemaach huet. Vu datt um Niveau vun deem ale Stadhaus eppes Ähnleches realiséiert gëtt, wollte mer – fir d'Continuitéit – déi zwee Büroen domatter chargéieren.

Dat huet awer bedéngt, datt mer grad op deem Niveau zousätzlech Ausgabe kréien, well den Devis vun 530.000 € eigentlech keng Ingénieurs- an Architektekäschte virgesinn hat. Wéivill déi zousätzlech Ausgaben elo aus-maachen, dat wësse mer alleguerten, do leie mer direkt bei 20% wou mer driwwer leien. Esou datt den Devis actualisé elo bei 675.000 € leie wäert. Direkt am Januar 2008 wäerten och d'Ausschreiwunge gemaach ginn. Déi Büroe wäerten, esoubal mir hei 'Jo' gesot hunn, chargéiert ginn, an da wäerten d'Ausschreiwungen definitiv gemaach ginn, an da kënnen d'Aarbechten ugoen.

Mir hunn och e spezialiséierte Betrib, deen d'Commodo-incommodo-Prozedur enchainéiert huet an dee kuckt fir déi néideg Autorisatiounen ze kréien. Et ass dat de Büro 'Energie et Environnement'. Mir hunn déi néideg Autorisatioune scho kritt, esou datt mer 2008 endlech mat deenen Aarbechte kënnen ufänken.

Carlo Gira (CSV):

Ech hunn net direkt eppes zu dësem Punkt ze soen, mä am allgemengen zu de Punkten an der Rubrik 11.1. vun der Dagesuerdnung.

Dir hutt gesot, datt d'Beamten hei iwwerfuerdert wiere fir déi Saach ze maachen. Ech fannen, datt een als Conseiller och e bëssen iwwerfuerdert ass, wann een esouvill däer Pläng beieneen dohinner geluegt kritt, an sech an all déi Dossieren a Projeten aschaffe muss, a fir iwwerall erauszefannen, ob alles an der Rei ass. Dofir hoffen ech, datt déi Leit, déi déi Projeten ausgeschafft hunn, och mat der néideger Suergfalt un déi Projeten erugaange sinn, an datt mer net duerno nach op Zousazkäschte mussen zeréckgräifen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat den Dépôt vun den Dossieren ugeet, esou hu mer déi 5 Deeg agehalen. Et ass awer esou, datt mer, duerch dee voluminéisen Dossier, den Aide-mémoire eréischt gëschter fäerdeggestallt kritt hunn. Dat ass ëmmer esou bei de Budgetsdebatten, an dofir hu mer jo scho bei deem engen oder anere Projet net gewaard bis d'Budgetsdebatten, fir den Devis ze stëmmen. Ech erënneren un eise Keelenzenter, dee mer jo schonn am November gestëmmt hunn. An awer bleiwen, wann een dat heite kuckt, an déi 20 Devisen ze stëmmen. Ech mengen och net, datt et eng Obligatioun wier, fir dat mussen an dësem Kader ze stëmmen, mä et ass natierlech kloer, datt am Kader vun de Budgetsdebatten alleguerten déi Projeten nach eng Kéier gekuckt ginn. A fir dem Gemengerot ze weisen, wat gemaach gëtt, si mer gäre bereet, fir dat am Kader vun de Budgetsdebatten zur Ofstëmmung ze bréngen. Mä dat ass natierlech voluminéis, an do ginn ech lech Recht. Mä dat heescht jo och, datt mer vill schaffen.

Approbation à l'unanimité.

11.1.2.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : travaux de démolition de l'annexe de l'ancienne maison « Heintz » et de l'extension de la cour arrière de la maison de la culture « A Rousen » à Pétange – approbation du devis au montant de 65.000 €.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wéi ech schonn a menger Budgetspresentatioun gesot hunn, hoffe mer, datt mer d'nächst Joer och endlech un d'Demolitioun vun deem alen Heintzen-Haus kommen. An zwar wëlle mer jo hannen déi Annex ofrappen. Dobäi soll deen hënnegten Haff vergréissert ginn. Déi Aarbechte solle sech op 65.000 € belafen.

Am Devis mat dra sinn d'Demolitioun vun den Elementer am Betong vun der ganzer Annex. Dat heescht, datt och déi ganz Elementer, esougutt den Daach wéi d'Menuiserie, d'Fënsteren, mussen ofgerappt an entsuergt ginn.

Den Devis iwwerhëlt och eng 'position supplémentaire en option', an zwar wësse mer net ob mer eng 'reprise en sous-oeuvre' musse maachen, well mer mat der Statik vun deem ganze Pignon eis nach net eens sinn.

Wat natierlech och muss gemaach ginn, dat ass, datt mer mussen onbedéngt d'Maison Heintz selwer géint d'Fiichtegkeet schützen, an zwar duerch eng Plane, déi mer driwwer hänke mussen.

Wat natierlech eng ganz gutt Saach ass, ass datt mer dovunner profitéieren, wann déi Annex ofgerappt ass, fir de Parking hanner Rousen ze vergréisseren, well dat ass jo och e Parking, deen am Zentrum vu Péiteng läit, a wou d'Parkplaze gefrot sinn. Dat ganz geschitt en attendant – wéi ech dat jo schonn an der Budgetspresentatioun gesot hunn – datt hanner Rousen dat Ganzt eng aner Nues kritt.

Well wa mer emol eng Kéier déi ganz Garagen do eraus hunn, da géing et sech ubidden, fir dee ganzen Deel hanner Rousen nei ze aménagéieren. Well am Zentrum hei vu Péiteng kéinte mer do eng ganz flott Plaz gebrauchen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hat dat jo och scho bei de Budgetsdiskussioune gefrot, an ech hat och schonn do eng Äntwert drop kritt, a mat däer Äntwert sinn ech och zefridden. Et hätt mech awer och gefreet, wa mer e klenge Plan d'aménagement vun der neier Parkplaz ze gesi kritt hätten.

Op der anerer Säit wollt ech drop opmierksam maachen, datt mer deemools Rieds haten, a wou ech gesot hat, datt de Gruef vun der Post sollt uewen erlaanscht lafen. Mä elo miisst en awer schonn erëm erneiert ginn. Well en ass esou agesackt, datt een d'Post erëm miisst froen, datt se déi Steng erëm nei miisste leeën. Dat huet elo net direkt eppes mat dësem Punkt ze dinn, mä et gesäit een de Problem awer, an et ass nach net laang hir datt déi Aarbechte gemaach si ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass fir de Moment nach kee Plang do, wéi de Parking duerno soll ausgesinn. Wann emol déi ganz Annex ewechgerappt ginn ass, da gesäit een am beschte wéi een et kann aménagéieren. Op deen éischte Bléck géifen awer eng 6 bis 8 Parkplaze bäikommen.

Carlo Gira (CSV):

Ech begréissen och, datt déi Plaz soll aménagéiert ginn, an datt Rasengittersteine sollen dohinner kommen an et net ganz zoubetonéiert gëtt. Ech wollt awer nach froen, ob et en ëffentleche Parking gëtt, oder ob déi Plaze bei dat, wat elo scho besteet, bäikommen ? Da wollt ech och nach wëssen, wéi gutt dat bestehend Haus nach ass, a wéi laang mer dat nach kënne stoe loossen ? D'Madame Conter huet jo och schonn ugedeit, datt d'Statik muss gekuckt ginn. Net datt et eis an de Koup fält, wéi et vläicht mat der Mille geet.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech weess net, ob et scho grad esou wäit soll si wéi d'Millen. Mir sinn am gaangen dat Ganzt ze iwwerdenken, well wann der elo kuckt, an der avenue de la Liberté hu mer jo och nach dat Haus eidel stoen. Donieft hu mer nach eng kleng Plaz, an do si mer am gaangen eis Gedanken ze maachen, wéi een dat eventuell verbaut a verbonne kritt.

Wat de Parking ugeet, esou wier deen am Dag zou, esou wéi dat och elo de Fall ass. An no 17 Auer ass de Parking ëffentlech.

Lily Gansen (LSAP):

Meng Froe goufe schonn deelweis vum Här Gira gestallt. Ech ka mech mat deem Projet hei ufrënnen. Ech hätt net kënnen dofir sinn, wann et elo nëmme fir Parkplaze gewiescht wier, mä et ass jo fir duerno den Haff ze vergréisseren.

Norbert Pierre (LSAP):

Wann ech den 'mémoire technique' huelen, da steet ënner dem Punkt b) : extension de la cour intérieur de la maison de la culture « A Rousen ». Ech war ëmmer der Meenung, datt 'cour intérieure' déi ass, wou d'Fester ofgehale ginn. Ech héieren awer elo hei, datt do soll e Parking dobäikommen. Do ginn ech net ganz kloer dorauser. Entweder ass et an den Ënnerlage schlecht libelléiert, oder et schreift een dohinner, datt een e Parking mécht. Esou wéi et hei steet, hat ech geduecht, datt den Haff géif vergréissert ginn. Ech perséinlech hätt och kee Parking hannert dat Haus do gemaach.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir huelen déi Remarken zur Kenntnis. Wichteg ass emol, datt mer dat Gebai do ewechrappen.

Roland Breyer, Schäffen:

Et soll een emol waarde bis de Plang virläit, an da soll ee kucke wat een do mécht.

Approbation à l'unanimité.

11.1.3.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : école « Am Päsch » à Rodange – mise en conformité de l'ancien bâtiment – approbation du devis actualisé au montant de 390.000 €.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

An der Päsch-Schoul zu Rodange ass e Flillek nei gebaut ginn. An dat sougenanntent aalt Gebai musse mer elo a Conformitéit setzen, an den Devis muss aktualiséiert ginn. Wat elo nach zousätzlech gemaach gëtt ass, datt um leschte Stack isoléiert gëtt, esou datt deen Deel vun der Schoul och thermesch besser a Stand ass. Et ginn och baussegt Storen un d'Fassad festgemaach, esou datt verhënnert gëtt, datt et an de Klassesäll zevill waarm gëtt, a sech d'Hëtzt staut. Well et si Klassesäll déi no Süden orientéiert sinn.

Mir versichen och, fir déi ganz Aarbechte bannenan, wéi zum Beispill de Compartimentage vum Trapenhaus, d'themersch Isolatioun an déi nei Dieren, mat engem 'système d'ouverture avec barre anti-panique', während de Schoulvakanzen ze maachen. Esou datt mer an der Summervakanz 2008 mat deenen Aarbechten ukommen.

Dat Ganzt bréngt och e Surcoût mat sech. Mir hate schonn am Budget rectifié 2007 100.000 € drastoen. 200.000 € sollen nach am initiale Budget 2008 dobäikommen, esou datt mer am Ganzen 300.000 € brauchen.

Do dobäi kënnt nach d'TVA, an et weess een och ni watfir kleng Supplémenten nach dobäikommen, esou datt mer en Devis vun 390.000 € an de Budget agesat hunn.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech wollt Informatioune froen zum 'changement du revêtement de l'aire de football'.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Do si mer am gaangen ze kucken, well déi Fussballsplaz, déi nieft der Schoul ass, ass e wéineg onglécklech. Do sinn déi Steng drop, déi ëmmer matfléie wann d'Kanner Fussball spillen. Dësweideren, wann et ganz vill reent, da bleift d'Waasser drop stoen. Esou datt mer am gaange sinn ze kucken, wat mer do kënne maachen. Entweder huele mer dee Belag ganz ewech a mer maachen Tarmac dohinner, oder mer kucken – an dat hänkt vum Präis of – ob mer nët sollen däer Dallen dohinner maachen, wéi se och op de Spillplaze sinn, an datt, wann d'Kanner falen, sech net wéi doen. Pedinotti huet elo eng Offer gemaach. Fir d'éischt war gesot gi fir en Tarmac dohinner ze maachen. Mä ech muss éierlech soen, datt ech net ëmmer e ganz grousse Frënn vum Tarmac sinn. Well wann d'Kanner doropper falen, da kënnen se sech uerg blesséieren. Mir hunn emol eng Zomm miissten asetze fir ze kucken, wou mer wëllen histeieren an a watfir Parrage mer wëlle bleiwen. An an däer dote Präislag wëlle mer kucken, wat mer definitiv wëlle maachen.

Romain Rosenfeld (CSV):

Wann een e Präis asetzt, da muss een och scho wësse wat ee mécht. dat ass emol dat éischt. Zweetens hu mer eng Beamtin hei am Haus schaffen, déi wëll drop ass fir deen dote Belag ëmmer nees dohinner ze maachen. Mir haten och scho Problemer op der Fonderie. Do war net vill am Tirang fir dat doten erëm esou ze installéieren, op enger Plaz wou d'Kanner solle Fussball spillen, mat Mauere ronderëm an esou virun. Dat war wierklech eng Feelplanung, well déi Plaz ass eréischt annerhalleft Joer a Fonctioun. Dat sinn awer Feeler, déi u sech net dierfe gemaach ginn. Dat ass meng Meenung, an ech fannen, datt dat terribel onglécklech ass. An ech hunn deemools scho gesot, fir esou eppes dohinner ze maache wéi bei eiser Schwämm, wou déi puer Spiller sinn, a wou e Belag ass dee fiedert, a wou, wann emol e Kand vun enger Mauer eroffält, sech et wéi deet. Och wann dat e puer Euro méi deier géif ginn, esou ass esou ee System op esou enger Plaz méi ubruecht. Och den Tarmac ass fir mech keng Léisung, well wann et am Summer waarm gëtt, da gëtt dee mëll, an dann hu mer do nees e Problem.

Et ass fir déi Saach déck mam roude Stëft ze ënnersträichen, an datt mer keen esou ee Belag méi maachen, an deen no kuerzer Zäit nees ewech muss geholl ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wann ech d'Informatioune richteg ageholl hunn, a wann ech et richteg héieren hunn, dann ass déi Dame, déi laang eng Verfechterin vun esou enger Zort vu Belag war, vun däer Iddi ewech. Et waren och e bëssen d'Schoulmeeschteren, déi gesot hunn, datt et net dee richtege Belag ass.

Ech ginn och mat op dee Wee, fir e Belag dohinner ze maachen, dee fiedert. Well et si jo keng esou grouss Surfacen, an dat miisst een hikréien.

Carlo Gira (CSV):

Ech hu just eng Fro zu deem heite Punkt, an déi selwecht Fro zum Punkt 11.1.15. Dat hei si jo am Fong geholl keng Aarbechten, déi mer eis selwer operleeën, mä et si jo just Aarbechten déi wéinst der 'mise en conformité' musse gemaach ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass richteg. Dat heescht, esoubal iergendeppes ugebaut gëtt, da gëtt och gekuckt, ob d'Conformitéit vun deem Gebai niewendrun an der Rei ass. Dat ass och esou bei eis am Stadhaus. Déi Aarbechten, déi mer elo am ale Gebai maachen, si bei der 'mise en conformité' vun deem ganze Gebai a Fro gestallt ginn. Et muss ee feierfest Dieren hu well d'Trapenhaus net kann agedeelt ginn. Hei ass et elo d'selwecht. Bei der Schoul muss d'Andeelung vum Trapenhaus conforme gemaach ginn. Dat heescht, esoubal gréisser Ännerunge virgeholl ginn, gëtt vun de staatlechen Instanzen nogekuckt, ob déi nei Sécherheetsbestëmmunge respektéiert sinn. A wa se net respektéiert sinn, da gëtt een opgefuerdert fir dat an engem bestëmmten Délai ze maachen. Duerno ass awer dat ganzt Gebai conforme zu deenen heitege Sécherheetsbestëmmungen.

Dat hu mer och schonn an anerer Gebaier gemaach, a lues a lues entspriechen all eis Gebaier deenen heitege Sécherheetsbestëmmungen.

Carlo Gira (CSV):

Mir mussen also hei Suen ausginn, fir eppes wat eis operluegt gëtt. An duerch déi Oplage ginn d'Projeten och vill méi deier.

Romain Becker (Déi Gréng):

De Buergermeeschter sot elo, datt mer laut deenen neie Sécherheetsbestëmmungen dann elo conforme wieren. Wier dann net och elo de Moment gewiescht – och wa mer keen Energieberoder an der Gemeng hunn – fir eventuell eng Photovoltaique-Anlag op den Daach ze setzen, vu datt et jo um Südfliggel esou waarm gëtt. Dat selwecht gëlt och fir en Opfangsystem fir Reewaasser an e separate System fir Toilettewaasser. Well jo elo souwisou do geschafft gëtt, hätt een dat och

kënne virgesinn. Ech sinn och der Meenung, datt mer als Gemeng eng Kéier musse mat enger Schoul ufänken.

Bei de Budgetsdiskussiounen hat ech gefrot, fir en Energieberoder an d'Gemeng ze kréien. An esoulaang dat net geschitt ass, kommen ech ëmmer nees domatter.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech ginn lech Recht, mä ob mer wierklech mussen en Energieberoder mussen hunn, weess ech net. Mir hunn, grad bei deem heite Gebai, scho vill gemaach. Mam Bau vun der Annex mat Passiv-Bauweis muss een awer och soen, datt mer ganz vill Problemer hunn. Dat muss een awer och dobäi soen. Esou einfach ass déi Saach net. Mir hunn eng Rei vu Mesüren – och um ökologesche Plang – geholl. Mir wäerten och an deem alen Deel eng Rei vun Isolatioune maachen, déi sécherlech eng supplementar Erspuernis vun den Energiekäschte wäerte mat sech bréngen. Dat ass och ee Volet vun däer 'mise en conformité'. Natierlech, wann een elo wëll d'Reewaasser opfänken, an et dann och nach wëll an deem ganze Gebai un d'Sanitäranlage uschléissen, da gëtt dat e risegen Opwand, an et gëtt e wesentlechen Invest an och méi ee grousse Chantier. Et muss een och wëssen, datt zur gläicher Zäit do Schoul gehale gëtt, an datt dat net esou einfach ass fir dat an däer Form an enger Schoul ze maachen. Well Aarbechten an däer Gréisst sinn net méi an enger Vakanz ze maachen.

Et sinn éischter Saachen, déi ee soll bei neie Gebaier an d'A faassen. Bei ale Gebaier kascht dat sécherlech méi Zäit an et bréngt sécherlech méi Problemer mat sech wéi bei engem Neibau. Mä ob eis en Energieberoder do méi ka soe wéi eis Ingénieuren, weess ech net. An déi géifen eis dat doten och verkafe wa mer averstane wiere fir d'Schoul ee Joer laang zouzemaachen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Um leschte Stack isoléiere mer jo schonn dee ganze Plafong, an och den Daach um Préau gëtt isoléiert, fir datt d'Hëtzt net soll verluer goen. Dat sinn zwou Saachen, déi an däer Schoul ganz vill wäerte bréngen. An dat wäert den Energiebedarf an deenen nächste Joeren eis och beweisen.

Approbation à l'unanimité.

11.1.4.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : remplacement de la menuiserie extérieure du bloc 1 (aile sud) de l'école « An Eigent » à Pétange – approbation du devis au montant de 140.000 €.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

An der Eigent-Schoul komme mer dann elo un de Südfliggel vun deem Gebai. An zwar brauche mer do nach nei Fënsteren. Et ass allgemeng gewosst, datt – wann een d'Eigent-Schoul kuckt – déi d'Fënsteren, déi de Moment do sinn, a guer kengem gudden Zoustand sinn. Dat selwecht gëlt och fir 'stores antisolaires'.

Am Ganze sinn 33 nei Fënstere virgesinn. Donieft ass och eng duebelfliggelech Aganksdier virgesinn. Dat Ganzt gëtt am Securitsglas gemaach. D'Chassise sinn aus Aluminium, well och de Rescht vum Gebai Fënsteren aus Aluminium huet. A se ginn nach duebel isoléiert. Fir dës Aarbechten hu mer 140.000 € an dëse Budget gesat.

Approbation à l'unanimité.

11.1.5.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : construction d'une nouvelle crèche à Pétange – approbation de l'avant projet, des plans et du devis au montant de 1.950.000 €.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Déi Crèche, déi fir de Moment beim Home ass, ass an engem desolaten Zoustand, esou datt mer décidéiert hu fir déi Crèche ofzerappen, a fir eis Kanner eng nei, modern Crèche dohinner bauen.

Déi Crèche wier geduecht fir 50 bis 54 Kanner am Alter tëscht 0 a 4 Joer opzehuelen. D'Crèche gëtt agedeelt a 4 Séjouren. Si kréien Dortoiren a Sanitairen, déi deene leschten Ufuerderunge vum Ministère entspriechen. Wou mer déi heite Pläng confectionnéiert hunn, war och ëmmer en Här vum Ministère dobäi, deen dat Ganzt och mat gekuckt huet an zum Deel och schonn approuvéiert huet, esou datt mer och denken, datt – wa mer dat Ganzt an de Ministère schécken – mer et och esou approuvéiert kréien.

De Rez-de-chaussée vum Gebai kritt awer och nach eng 'salle polyvalente'. Dee Sall ka vun de Kanner genotzt ginn, wann et zum Beispill reent. Dësweidere kann dee Sall fir kleng Reunioune mat den Eltere genotzt ginn. An eis Amiperas, déi, wéi ech et scho gesot hunn, am Gillardinshaus net méi esou gutt ënnerbruecht ass, kann an deem Sall gewëssen Aktivitéite maachen.

Mat deene ganzen Alentouren a mat der Crèche géife mer op e Käschtepunkt vun 1.950.000 € kommen. Mir denken, datt mer 2008 kënnen ufänken, an datt mer mat den Aarbechte spéitstens an der zweeter Halschent 2008 kënnen ukommen.

Carlo Gira (CSV):

Ech ginn der Madame Conter Recht, datt dat heiten e flott neit Gebai ass. Et ass eng Saach, déi relativ gutt fir d'Aen ass, wann een se vu bausse kuckt. Mä déi Bonnenote, déi ech fir de Keelenzenter ginn hunn, déi kann ech awer fir deen heite Projet net ganz ginn. Well ech fannen, datt relativ vill Ecker a ganz vill Dieren dra sinn, esou datt ech mech froen, ob d'Kanner – wa se dra spillen – net mam Passage, deen dran ass, gestéiert ginn. Wat mech wierklech stéiert, dat ass deen Eck dee bei der Trap ass. Well dat ass e virprogramméierten Dreckseck.

Dir hutt och gesot, datt déi 'salle polyvalente' och vun de Senioren Gemeng Péiteng genotzt ginn. Firwat hunn déi keen direkten Agank, a Plaz datt se mussen ëm dräi Ecke goe fir an dee Sall ze kommen ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

D'Salle polyvalente huet een direkten Agank. Dir gitt nach an e klenge Gank eran, an da sitt der an deem Sall.

Wann dir vun deene villen Diere schwätzt, esou ass dat esou vum Ministère virgeschriwwen. Déi Diere mussen och duerchsiichteg sinn, well et muss een ëmmer vun engem Sall an deen anere kënne gesinn. Et muss alles iwwersiichtlech bleiwen, well dat ass esou virgeschriwwen, an do komme mer net derlaanscht. Et ass de Ministère, deen dat fuerdert. Et ass esouguer, datt déi Diere fir an d'Dortoiren eran och mussen e klengt Gucklach oder eng Fënster hunn. Et sinn einfach Oplagen un déi mir eis mussen halen.

Wat deen Eck bei der Trap ugeet, esou hu mer do e Local technique, an deen ass zou. A wann ënnert der Trap e bëssen op ass, dann huet dat och seng Virdeeler. Well an anere Crèchen hu mer gesinn, datt dat eng Plaz ka si wou d'Leit, déi hir Poussette matbréngen, déi och kënnen ofstellen.

Romain Rosenfeld (CSV):

Wann ech richteg gesinn hunn, dann ass an deem Präis vun 1.950.000 € de

Mobilier an den Equipement intérieur nach net dran. Dofir wollt ech froen, wéi dat subventionéiert gëtt ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

De Mobilier, deen dra kënnt, kréie mer vum Stat finanzéiert. D'Gebai läit zu Laaschte vun der Gemeng.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt mer zwee verschidde Systemer vu Finanzement hunn. Dat heescht, bei der Crèche ass de Bau zu 100 Prozent zu Laaschte vun der Gemeng, an d'Exploitatioun gëtt zu 100 Prozent vum Stat iwwerholl. Bei der Maison relais ass et 50/50. Dann hu mer nach d'Maison des Jeunes, bei däer et och 50/50 ass.

Approbation à l'unanimité.

11.1.6.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : réfection de façades des logements pour personnes âgées sises à Lamadelaine, rue Grousswiss 3 et rue Millebaach 10 – approbation du devis au montant de 35.000 €.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wéi der wësst, hu mer Logementer fir eeler Leit zu Lamadelaine. D'Fassade vun deenen Haiser sinn a kengem gudden Zoustand méi. Éischtens miissten se emol ofgewäsch ginn. Et sinn och relativ vill Rëss dran. Et sinn och verschidde Stécker vum Betong, déi eroffalen, esou datt mer am Joer 2008 géifen d'Fassade vun 2 Haiser erneieren. An zwar wier dat zu Lamadelaine d'Haus Nummer 3 an der Grousswiss an d'Haus Nummer 10 an der Millebaach. Fir déi Aarbechten hu mer 35.000 € am Budget virgesinn.

Camille Bosseler (CSV):

Et freet mech ze gesinn, datt et emol endlech lass geet an dat en Ënnerhalt an deenen Haiser gemaach gëtt. Well si si wierklech an engem ganz schlechten Zoustand. Da wollt ech froen, ob gläichzäiteg mam Erneiere vun de Fassaden och en Accès ka gemaach ginn, fir datt d'Leit an der Grousswiss mat hiren Dreckskëschte kënnen erafueren ? Well dat war ënnerlooss ginn, an d'Leit hu miissten iwwer eng Wiss goe fir d'Dreckskëschten eranzekréien.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Fir de Moment ass just geplangt, fir d'Fassaden ze erneieren. Fir d'éischt muss emol gekuckt ginn, datt mer déi emol an d'Rei gesat kréien. Mir kënnen awer nokucke loossen, ob et realisabel ass fir esou een Accès ze maachen.

Approbation à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

11.1.7.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : aménagement d'une zone récréative près du hall polyvalent à Rodange – approbation du projet, des plans et du devis au montant de 500.000 €.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Bei der Rodanger Sportshal gëtt d'Spillplaz ganz nei gemaach. De Verkéiersgaart gëtt mat dran integréiert. Laut dem Devis estimatif – dee ganz ausféierlech ass – géifen déi Aarbechte sech op 500.000 € belafen.

Et kënnt also eng nei Spillplaz dohinner. Et ass och virgesinn, datt och eng Plaz dohinner kënnt, wou déi méi Grouss kënne Ballspiller maachen. Et ginn nieft Spiller fir Kanner vun 6 bis 15 Joer, och Spiller aménagéiert, déi fir Kanner an engem méi klengen Alter geduecht sinn.

Wann een de Plang kuckt, da gesäit een, datt dat ganz flott agedeelt ass. D'Weeër, déi am Moment bestinn, bleiwen och. Et kommen awer nach nei Weeër bäi, well mer de Verkéiergaart och nach wëlle fonctionnéiere loossen. Wann ech de Plang kucken, da wäert dat Ganzt duerno och vun de Leit begréisst ginn a vill benotzt ginn. Dësweideren ass déi Plaz och net wäit ewech vun der Maison relais an der Villa Bambi, esou datt déi zwou Strukturen och heivunner kënne profitéieren.

Norbert Pierre (LSAP):

D'Madame Conter hat mer bei de Budgetsdiskussioune gesot, datt de Verkéiersgaart géif bestoe bleiwen. Och elo gouf dat nees gesot, mä ech kann deen Devis estimatif esou oft duerchliese wéi ech wëll, vun engem Verkéiersgaart ass näischt dran ze fannen. Do sti keng Luuchhten dran ; do steet näischt dran.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir haten dëser Deeg nach mat der Architektin Rieds, an et gouf festgehalen, datt déi Signalisatioun opgestallt gëtt, wann an dem Verkéiersgaart gefuer gëtt. Wann eng Léierpersoun seet, datt se wëll an de Verkéiersgaart goen, da gëtt dat Material dohinner gestallt. Well wa mer d'Schëlder an d'Luuchten déi ganzen Zäit do stoe loossen, da si mer nees esouwäit wéi virdrun, an et gëtt erëm alles futti gemaach.

Norbert Pierre (LSAP):

Dir sot dat esou, an ech halen Iech dat och gutt, och wann ech et perséinlech keng gutt Léisung fannen. Déi Luuchten an dat ganzt Equipement dovunner miissten awer op mannst am Devis drastoen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt d'Schoulen am Mee/Juni meeschtens d'Infrastrukturen do stoen hunn. De Verkéiersgaart gëtt just an däer Zäit profitéiert. An am Mee/Juni 2008 si mer mat deem Projet sécherlech net fäerdeg. Mir ginn dovunner aus, datt eréischt fir 2009 dee Verkéiersgaart fäerdeggestallt ass. Et mussen déi néideg Infrastrukture geluegt ginn, fir datt d'Luuchten och duerno kënne fonctionnéieren.

Mir wäerten also nach eng Kéier fir d'Material zeréck an de Gemengerot kommen.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech sinn domatter averstanen. An anerer Regioune bestinn och Verkéiersgäert. Sidd dir da schonn esou Verkéiersgäert mat mobilen Infrastrukture kucke gaangen ? Ech gesi meng Problemer domatter. Et maach sinn, datt Vandalismus besteet, mä mer hu jo awer och eng gewësse Surveillance do. Mir hu jo och Surveillance un eise Gebaier. Well et stellt sech och d'Fro, wien dat ëmmer op- an ofriicht. Net datt et duerno am Eck stoe bleift, an et gëtt ni opgeriicht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wann d'Schoulmeeschteren et gären hätten, da gëtt et och opgeriicht. Ech kann Iech awer och soen, datt et net ganz vill däer Verkéiersgäert hei ginn. Ech weess emol net, wou ech hei am Süden ee soll siche goen.

Norbert Pierre (LSAP):

Hei am Süde gitt der kee sichen, well se sinn ëmmer bei eis fuere komm.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

D'Ufro ass schonn do, fir nach weider bei eis fueren ze kommen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn eng kleng Remarque ze maachen. Et ass erëm een héich bezueltenen Architekt am Urbanismus, deen de Plang gezeechent huet, mä et muss schwéier sinn, fir e Stroossennumm mat op dee Plang ze setzen. Mat

deene Gehälter, déi di kréien, muss dat e Problem sinn. Si zeechnen d'Stroossen esouguer mat den Zebrasträifen an, mä e Stroossennumm ass net drop ze fannen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir ginn et u si virun, fir datt se dat sollen an Zukunft draschreiwen.

Carlo Gira (CSV):

Ech hätt eng Ureegung ze maachen. Et ass jo en 'Abenteuerspillplatz' deen dohinner soll kommen. An niewendrun ass jo nach eng relativ grouss Wiss. Wier et do net méiglech fir Buedem opzetippe fir datt d'Kanner mat hire Mountainbikë kéinten do driwwer fueren ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat steet nach alles op. Och d'Spiller, déi sollen installéiert ginn, sinn nach net décidéiert. Et sti just verschidde Spiller am Devis mat dra fir eng Iddi ze kréien an e Montant kënnen anzesetzen.

Déi Wiss niewendru wollte mer och als Wiss bestoe loossen, well dat dann d'Méiglechkeet bidd fir och emol zum Beispill Fiederball ze spillen. Mä wéi d'Wiss duerno ausgesi soll, kann ee jo nach mat eise Gäertner kucken.

Carlo Gira (CSV):

Wann een déi Saache kuckt, déi am Devis drastinn, esou kann ee begréissen, datt déi Saache relativ naturno sinn. Et soll een op dee Wee goen, an net einfach steril Spiller dohinner setzen. D'Spiller solle roueg d'Fantasie vun de Kanner ureegen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass eng ganz flott Saach, an et ass sécherlech och interessant, wa mer verschidden Zorte vu Spillplazen an eiser Gemeng hunn. Déi heite Plaz jäitzt awer no Vandalismus. A wann dann och nach sollen esou schéi Spiller dohinner kommen, mat als Thema 'Harry Potter' oder 'Les Nains', da jäitzt dat wierklech no Vandalismus. Et wier also net falsch fir eiser Police un d'Häerz ze leeën, datt se soll méi oft do passéieren.

Wat ech iech nach géif un d'Häerz leeën, dat wier fir op d'Noperen opzepassen. Besonnesch wéinst de Ballspiller ass et ubruecht fir opzepassen, datt et genuch ofgegrenzt ass. Well zu Péiteng, op der Spillplaz an der Cité Léonard Schroeder, wier et néideg fir den hënnegsten Drot, zu der rue de la Résistance hinn, méi héich ze zéien, well d'Bäll fléien éiweg an d'Gäert vun deene Leit déi do wunnen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass eng Propositioun, déi mer entgéint huelen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech gesinn hei am Devis e Filet fir de Volleyball. Ech huelen un, datt deen nëmmen installéiert gëtt, wann eng Demande vum Schoulpersonal virläit. Dee bleift jo net permanent do hänken ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss ee kucken, wou een dat Volleyballsnetz ubréngt. Wann et um Terrain ass, op deem och Fussball gespillt gëtt, da kann et net déi ganzen Zäit do bleiwen.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech wier frou, datt mat deem Chiffer, deen agesat ginn ass fir d'Alentouren, keng esou Topegkeete méi géife virkomme wéi déi Bänken, déi dohinnergesat gi waren. Déi Bänke waren éischter fir Liliputaner geduecht.

Am Devis gesinn ech, datt masseg Saache virgesi sinn, an ech hoffen, datt de gudden an normale Fonctionnement vun der Saach net doduerch gestéiert gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir passen doropper op, a mer wäerten dat am A behalen.

Approbation à l'unanimité.

11.1.8.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : réaménagement de la place à côté de l'école primaire à Lamadelaine – approbation du devis au montant de 450.000 € et des plans.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Heizou hat ech jo och scho bei der Budgetspresentatioun gesot, datt déi Plaz zu Lamadelaine mer scho méi laang um Häerz läit, mat deem Kiosk, dee wierklech keng gutt Figur méi mécht. Mir sinn op e Konsens mam Léierpersonal komm, fir de Schoulhaff nei ze aménagéieren. Et gëtt an de Schoulhaff och eng Spillplaz integréiert. Et soll dat och e Genre 'klenge Fussballsterrain' ginn. Hannen, an der Verlängerung vum Schoulhaff, kënnt eng Plaz, déi e bëssen eng Abenteuerspillplaz ass. Dat geschitt alles am Averständnis mam Léierpersonal.

De Kiosk gëtt ofgerappt. Mir maachen do eng Konstruktioun a Form vun engem kleng Amphitheater. Déi ganz 'place publique' gëtt och nei aménagéiert.

An der rue des Ecoles, wou deen zweete Schoulhaff ass, an deen u sech ni genotzt gëtt, kommen 9 Parkplaze bäi. Et wier méi wichteg fir déi Leit, déi do op de Kierfecht ginn, datt e puer weider Parkplazen do sinn.

Dat Ganzt chiffréiert sech op 450.000 €. Ech sinn awer der Meenung, datt déi Sue gutt ugeluegt si fir déi Plaz nei ze aménagéieren, an dem Zentrum vu Rolleng en neit Gesiicht ze ginn.

Camille Bosseler (CSV):

Ech si frou kënne festzestellen, datt et elo endlech awer lass geet, an datt déi Plaz renovéiert gëtt, an datt dee Schandfleck vu Rolleng verschwënnt, dee mer scho laang net méi brauchen. Op eent géif ech awer trotzdem opmierksam maachen. An zwar, dat Stéck wat mer direkt hannert dem Parking kaf hunn, a wou den Accès eriwwer an d'Groussgaass ass, datt mer dee Wee och an en anstännegen Zoustand setzen. Dat bedeit net vill Käschten. Et soll dat nëmmen an engem Zoustand sinn, fir datt d'Kanner propper kënnen driwwer goen an den Dreck net mat an d'Schoul huelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dee klenge Wee kënne mer am Kontext vun dësem Projet sécherlech besser gestallte wéi en de Moment ass.

Carlo Gira (CSV):

Allgemeng kann een dee Projet begréissen. Et gëtt mat deem Projet eppes fir d'Attraktivitéit vum Duerf gemaach. Mir maachen och ganz vill fir d'Autoen. Mä dat eenzegt, wat ech vermëssen, ass, datt fir d'Kanner oder d'Leit déi dohinner kommen, näischt virgesinn ass fir d'Vëloen ofzestellen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Esou ee Vëlosständer ass de Moment schonn do, an dee wäert och net verschwannen.

Carlo Gira (CSV):

Wann ech dat och richteg gesinn hunn, dann ass déi Spillplaz, wou mat de Bäll ka gespillt ginn, och relativ no bei der Strooss. Besteet do keng Gefor, datt d'Bäll an d'Strooss fléien ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass e Filet virgesinn, fir datt d'Bäll net an d'Strooss fléien. Et muss een och wëssen, datt fir de Moment op däer Plaz e Baskettskuerf ass. Do soll de Goal hikommen, an de Baskettskuerf gëtt méi eropgesat.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

An der Fiche technique vum Projet steet op der Säit 148 och schonn dran '... ainsi que d'un filet pare-ballons côté rue de la Providence.' De Filet ass also scho mat virgesinn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass natierlech net ze bestreiden, datt dee Projet super ausgesäit fir de Kär vu Lamadelaine, wann en dann och esou realiséiert gëtt. Ech hätt awer nach eng Fro. Ass schonn iergendeng Ënnerschrëftenaktioun um Lafen, fir datt de Kiosk soll bestoe bleiwen ? Ech ka mech erënneren, datt mer emol eng Kéier e baufällege Kiosk haten, deen ofgerappt ginn ass, an do ware masseg Ënnerschrëften erakomm. Leeft hei esou eng Aktioun, an hu scho Leit reklaméiert ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Bei mir sinn nach keng esou Reklamatiounen ukomm.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass och esou, wann ech déi zwee Kioske kucken, da moossen ech deem enge méi eng grouss Valeur zou wéi deem aneren. Et ass dat awer meng ganz perséinlech Meenung, an ech wëll dat och net fir jiddereen heibanne soen.

Roger Klein (LSAP):

Wann een de Plang kuckt, esou gesäit dee Projet, als Gesamtandrock, flott aus, an dat kann een nëmmen ënnerstëtzen. Wat elo de Kiosk ugeet, an den Här Bosseler huet virdru gesot, datt e Schandfleck verschwënnt, esou ass dat effektiv de Moment e Schandfleck. Ech wëll awer drun erënneren datt, an de 70er Joer, wou de Kiosk gebaut gi war, an an de Joere wou en ënnerhale ginn ass, de Kiosk kee Schandfleck war. Am Géigendeel, et war e Beispill vu moderner Architektur, déi och zum Deel mat Elementer gebaut gi war, déi zu Rodange hirgestallt gi waren. Et war schonn e flott Gebai. Mä op der anerer Säit muss ee soen, datt d'Kiosken och e Beispill vun enger bestëmmten Zäit sinn, wou nach kulturell Manifestatiounen am Fräie waren. An déi Manifestatiounen hu sech ëmmer méi an Centre verlagert, déi et deemools net goufen. Wann een haut elo en Amphitheater an d'Plaz mécht, da kann een och kulturell Manifestatiounen, wéi zum Beispill Concerte vu Museken a Gesangsveräiner doropper ofhalen. A wann d'Wiederkonditiounen esou schlecht sinn, fir datt dat net méiglech ass, da stinn och keng Leit ronderëm déi nolauschteren. Esou gesinn huet alles seng Zäit, och wann et bedauerlech ass, datt de Kiosk elo an deem Zoustand ass, datt e muss ofgerappt ginn, oder datt e muss fir e Gesamtprojet verschwannen. Mä de Gesamtprojet ass flott.

Meng Fro ass awer déi : Ech ka mech erënneren, datt eng Zäit laang ganz vill Dialog tëscht dem Schäfferot an der Entente vun de Rollenger Veräiner war. Ass dat doten elo e Projet, deen och mat der Entente an däer Form ofgeschwat ginn ass ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Déi Leit vun der Entente ware bei eis, a si hunn de Plang gesinn, a si konnten de Plang och approuvéieren. Si hu sech och averstanen erkläert, fir de Projet no deem heite Modus ze maachen.

Norbert Pierre (LSAP):

Zu deem klenge Parking hannert der Maison relais hat ech eng Kéier eng Fro gestallt. Do sollt ech nach ëmmer gesot kréie wéi d'Propriétéitsverhältnisser op deem Parking sinn. Elo gëtt d'Plaz nei aménagéiert, wat och ganz flott ass, mä wiem gehéiert dee Parking do ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dee Parking gehéiert engem private Propriétaire, mat Ausnam vun deenen 3 oder 4 Plazen, déi eis gehéieren. Op senge Plazen huet hien och déi Steng drop gesat.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech hat geduecht, do géif en Arrangement fonnt ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Arrangement wier dat, datt mir déi Plaze fir deiert Geld géifen ofkafen. An do si mer eis fir de Moment nach net eens. Mä mer kéinten eis awer virstellen, datt – wann et sech ëm en appropriéierte Betrag géif handelen – mer driwwer diskutéiere géifen. Mä fir de Moment läit de Präis an engem Kader, wou mer soen, datt – och wann een ni genuch Parkplazen huet – mer awer genuch Parking ronderëm hunn. Wéi gesot, wann et sech ëm e valabele Präis géif handelen, da géif sech ëmmer nach driwwer diskutéiere loossen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt nach froen, ob et méiglech wier, datt all Fractioun e Plang vun deem Projet kéint zougestallt kréien ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir ginn dat un den techneschen Service weider, fir datt en de Fractiounen e Plang zoukomme léisst.

Approbation à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

11.1.9.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : réaménagement du parcours de fitness à Lamadelaine – approbation du devis au montant de 67.718,98 €.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mir hunn en Devis virleie fir de Fitness Parcours um 'lieu-dit Auf dem Titelberg' zu Rolleng mat den Aarbechte vu CIGL an d'Rei ze setzen. Den Devis vum CIGL vum 19.11.2007 beleeft sech 67.718,98 €. An dësem Präis sinn d'Fraise fir d'Viraarbechten, d'Terrassementer, d'Material, 10 Fitness-Statiounen, d'Info-Panneauen, d'Bänken an d'Dreckskëschte virgesinn. Mir hu fir d'Joer 2008 40.000 € am Budget. D'Aarbechte ginn 2008 un, mä se wäerte sech iwwert 2008 erauszéien, esou datt mer der Meenung sinn, datt déi 40.000 € am Budget 2008 duerginn.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass ze begréissen, datt ee gesäit, datt de CIGL Aarbecht do kritt. Op déi aner Manéier soen ech awer och, datt et war, wou op der Schmelz d'Kris war, direkt duerno, wou ofgeriicht ginn ass vun der Minière, deen Tracé an d'Rei gesat ginn ass fir e Wee ze kréie bis op den Tagebau. An do war e Fitness-Parcours opgeriicht gi mat deene Leit, déi déi Zäit am Noutstand waren. Et ass awer net méi ënnerhale ginn, an et ass alles gefault. Dofir, wann elo eppes hei géif gemaach ginn, da miisst et awer mat Saache gemaach ginn, déi géife bleiwen. Well wann en Entretien do ze maachen ass, da fäerten ech, datt déi ganz Saach nees net vu laanger Dauer ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass scho richteg, datt een dofir muss suergen, datt op däer dote Plaz – well et ass jo relativ ofgeleeën – Material geholl gëtt wat méi laang hält. Dat ass och an d'A gefaasst ginn. Op der anerer Säit muss een och soen, datt de CIGL net nëmmen alleng dat Material opriichte wäert, mä hie wäert och systematesch déi Saachen ënnerhalen. Dat ass eng Aufgab, déi de CIGL an deenen nächste Joere vun der Gemeng wäert kréien, esou datt eis Betriber och net allzevill domatter belaascht ginn.

Carlo Gira (CSV):

Optesch gesäit dee Projet ganz flott aus, mä ech deelen och e bëssen dem

Här Bosseler seng Bedenken. Et ass alles aus Holz, an Holz passt och an de Bësch, mä mer fäerten – an dat ass schonn haut ugeklongen -, datt Vandalismus an den Dierfer geschitt, an dofir fäerten ech, datt déi Saachen do uewen um Bierg och futti gemaach ginn. Dat ass déi eenzeg Suerg, déi ech bei dësem Projet hunn. Da wëll ech nach ofschléissend soen, datt déi Projeten, déi mer bis elo haten, éischter optescher Natur waren, an datt déi aner Projeten, déi elo kommen, technescher Natur sinn, an datt ee sech muss drop kënne verloossen, datt se vun den Techniker gutt ausgeschafft sinn. A well et technesch Dossiere sinn, hunn ech Schwieregkeete fir zu deene Projete Stellung kënnen ze huelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech ginn Iech Recht, wat de Vandalismus ugeet. Dat hält eis awer net zeréck, fir awer eppes ze maachen. Well wa mer all kéiers wéinst dem Vandalismus géifen zeréckschrecken, da géife mer net méi ganz vill maachen. Et ass sécherlech net flott wann een eppes opriicht, a kuerz drop ass et schonn zerstéiert, mä et ass eng Welt, wou mer haut dra liewen. Mir versichen awer, fir dat esou ze gestallten, datt et manner ufälleg ass. An ech sinn der Meenung, datt de Gros vun de Leit awer déi Saache respektéieren. An et ginn hei am Land jo esou ähnlech Installatiounen, déi awer halen. Mä wann ee mierkt, datt eppes futti ass, da muss een et direkt flécken. Well wann een et géif am futtissen Zoustand stoe loossen, da gëtt et ëmmer méi futti gemaach.

Approbation à l'unanimité.

11.1.10.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : élaboration d'un diagnostic intégré de la qualité de l'air dans la commune de Pétange – approbation du devis au montant de 19.724,80 €.

Gilbert Welter, Schäffen:

D'Iwwerwaachung vun der Loftqualitéit an eiser Gemeng hu mer vum Joer 2000 un duerch e spezialiséierte Büro realiséiert. Dëst gëtt eis d'Méiglechkeet fir iwwer all déi Joere Statistiken ze féieren, an dat haaptsächlech vun de Wäerter Bläi, Chrom a Molybdène. Mir wëllen och 2008 dës Moossunge weiderféiere fir d'Gesondheet vun eise Matbierger ze garantéieren, fir e Kontroll ze behale falls nei Firmae bäikommen, a fir awer och Pressioun ze maache bei enger Rei industriellen Entreprisen, respektiv fir eis Matbierger regelméisseg iwwert d'Moossungen an d'Wäerter ze informéieren.

D'Moossunge gi virgeholl beim Geméiss, gewäsch an ongewäsch, awer och neierdéngs bei de Grompe-ren, wou de September 2008 verglach gëtt mat de Resultater vun 2007.

Den Detail vum 'plan de surveillance' läit an ärem Mémoire dran, an den Devis beleeft sech op 19.724,80 €.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll nach eng Kéier vu menger Säit aus ënnersträichen, an dee ganze Schäfferot wäert sech do raliéieren, datt mer do e ganz kompetente Büro hunn, mat ganz gudde Leit, déi eis do beroden hunn, an datt et gutt ass, datt mer an deem Beräich virufueren, an dat wéinst den Explicatiounen déi den Här Welter elo ginn huet.

Romain Becker (Déi Gréng):

Och dat hei ass natierlech eng gutt Saach, an ech fannen et och gutt, datt den Här Buergermeeschter seet, datt mer do e ganz kompetenten a gudden technesche Büro hu fir dat ze moossen. Mä mat moossen alleng geet et jo anscheinend net duer. Wat gedenke mer dann ze ënnerhuelen, deemno wéi d'Miessungen ausfalen ?

Gilbert Welter, Schäffen:

Mir hunn natierlech net lass gelooss mat eise Moossungen, a wéi et och schéngt, sinn eis Moossungen net déi selwecht wéi déi, déi vun anere Büroe gemaach ginn. Esou datt mer versicht hu fir iwwer eng ganz laang Period Kontakt ze kréien, an dat haaptsächlech mam Environnement aus der Stad, fir kënne Vergläicher ze zéien. No laangem Hin an Hir, nodeems datt mer den Här Minister ugeschriwwen hunn, hu mer eng Entrevue kritt. Mir waren dunn och do, an et grouf festgestallt, datt eis Moossungen um Buedem gemaach ginn, an déi vum Environnement um Kamäi vu verschiddene Firmae gemaach ginn. An déi Differenzen, déi dobäi entstinn, sinn am gaangen analyséiert ze ginn. Et kéint esouguer sinn, datt esouguer keng Differenzen do wieren, datt se just an den Zuelen do stinn, mä datt et réellement keng Differenze sinn. Dat alles gëtt analyséiert. Mir sinn och esouwäit komm, datt mer dee ganzen Dossier net nëmmen am Environnement alleng leien hunn, mä mir hunn den Dossier och weider ginn un d'Santé, well mer och a Gespréicher gesot kritt hunn, datt zu Rodange eventuell, an dat haaptsächlech no bei der Industrie, d'Awunner méi ufälleg fir Krankheete wiere wéi op anere Plazen. D'Santé huet eis och versprach fir an deem Beräich Analyse maachen ze loossen iwwer d'Spideeler, fir ze kucken, ob dat effektiv esou sollt sinn. An déi Resultater kréie mer da matgedeelt. Dir gesitt, datt mer net nëmme Miessunge maachen, mä datt mer um Dossier bleiwe fir déi néideg Informatioune säitens dem Stat ze kréien.

Approbation à l'unanimité. MM Gira et Pierre, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

11.1.11.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : remplacement du central de détection d'incendie au centre de loisirs à Lamadelaine – approbation du devis au montant de 36.000 €.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Bei dësem Punkt geet et ëm eng nei Zentral fir Feierdetectioun am Rollenger Centre de loisirs. Et ass zwar eng Zentral am Gebai, mä déi ass net méi conforme, an déi Zentral couvréiert och nëmmen d'Halschent vum bestehende Gebai. A well mer se mussen 'en conformité' setzen, hu mer gesot fir se komplett ze erneieren. Domatter si mer dann och sécher, datt mat däer neier Anlag dat ganzt Gebai ofgedeckt ass. Den Devis estimatif beleeft sech op 36.000 Euro.

Roger Klein (LSAP):

Dat do ass net vu Muttwëll, well déi bestehend Anlag couvréiert effektiv nëmmen dee grousse Sall. An déi Anlag huet an deene leschte Joeren och extrem vill Feelalarmen ausgeléist, esou datt eigentlech keen se méi eescht geholl huet. Wann eng Manifestatioun war, an et wor een Alarm, dann hunn d'Leit ëmmer direkt gesot, datt et ee Feelalarm wier. An dann ass iergendeen dohinner gaangen, dee wosst wéi et géif goen, an huet d'Anlag ausgeschalt.

Mir miissten also, sou wéi elo gesot ginn ass, eng Anlag kréien, déi éischtens iwwert d'ganzt Gebai geet an déi zouverlässeg ass, an zweetens muss och garantéiert sinn, datt iergendwellech Leit se net kënne selwer ausschalten, mä datt, wann en Alarm kënnt, deen dann och un d'Pompjeeë geet an datt et déi da sinn déi nokontrolléiere ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir huelen Äer Suggestioun un. Et ass richteg, datt déi Anlag esou muss sinn,

datt keen se ka manipuléieren deen näischt domatter ze dinn huet.

Approbation à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

11.1.12.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : installation d'un système de fermeture électronique pour les centres de la culture et des loisirs de Pétange, Rodange et Lamadelaine – approbation du devis au montant de 36.000 €.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et drëm, fir eis Centre mat elektronesche Schlässer auszerëschten. Et ass net esou, wéi an enger bekanntener Dageszeitung stoung, datt mer géifen eng Iwwerwaachungsstad ginn, a mer wéilten eis disziplinlos Clibb kontrolléieren. Et geet eis ganz a guer net dorëmmer. Dat hei ass just geduecht, fir eng besser Struktur ze kréien, fir datt mer net méi mueres kommen, an datt d'Diere vun eise Centren opstinn. Well jiddereen, deen hei am Eck wunnt, dee weess, datt et heiansdo ganz kritesch ass, an datt mer mat vill Vandalismus ze dinn hunn, an datt mer doduerch wëllen eng gewësse Kontroll hunn. Dat wëll awer net sinn, datt dat alleng op eis Veräiner zeréckzeféieren ass.

Mir hunn eis fir deen heite System entschloss, well et méi een einfache System ass. Et ass richteg, datt mer domatter kënne kontrolléieren, wa mueres eppes an engem Gebai gewiescht wier, wien owes dee Leschten dra war, an datt een dann déi Pist kann zeréckfueren a kucke wat dann do lass war, ass do effektiv eppes net gemaach ginn, ass e Schlass net gaangen. An dofir fannen ech, datt dat heiten eng wichteg Saach ass, déi mat dësem moderne System méiglech ass, an dofir soll een och dorop zeréckgräifen.

Den Devis fir dee System ze installiere beleeft sech op 36.000 € fir d'Centre vu Péiteng, Rodange a Lamadelaine.

Lily Gansen (LSAP):

Et soll een sech net brauchen ze schumme wann ee säin Eegentum wëll verdeedegen. An ech gesinn och do keen Iwwerwaachungsstat dran, well wann ee gesäit, wat alles schonn hei an der Gemeng futti geschloe ginn ass, dann ass et engem säi gutt Recht fir dat ze verdeedegen. Well wann een eppes opriicht, da geet dat finalement vum Geld vun de Steierzueler of.

Roger Klein (LSAP):

Et ass och am Intressi vun de Veräiner, wann an eise Centren eng zousätzlech Sécherheet do ass. Wann iergendeppes geschitt, dann ass et jo ëmmer bis elo déi Diskussioun gewiescht, datt et jiddereen a kee war. A mat deem dote System kann ee genee zeréckverfolgen, wien dobanne war a wien net dobanne war. Am Grond ass dat doten e moderne System, dee sech sécherlech an deenen nächste Joeren iwwerall duerchsetze wäert.

Romain Rosenfeld (CSV):

Am Kontext mat deem neie System fir d'Schlässer wollt ech froen, wéi mer mat der Gesetzgebung sti fir Kameraen un an an eise Gebaier ze installéieren ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn décidéiert, fir déi eng oder aner Demande ze maachen. Ech muss soen, datt bis elo ëmmer gesot ginn ass, datt et ganz schwiereg wier, an dofir hu mer keng Demande gemaach. Mir sinn awer am Gespréich fir et op der enger oder anerer Plaz ze maachen. An da gesi mer wéi déi zoustänneg Instanz do reagéiert.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hu fir de Moment schonn ee provisoresche System a Rousen lafen. An an de leschte Gespréicher, déi mer am Kader vum Plan local de sécurité mat der Police haten, hu si gemengt, datt et guer keng esou eng grouss Schwieregkeet wier fir dat genehmegt ze kréien, well et jo nëmmen e 'Bip sonore' wier, deen opmierksam mécht, datt een an d'Gebai erakënnt, a well näischt enregistréiert gëtt.

Mir kucken, datt mer dat regulariséiert kréie vum Institut de régularisation. A wann dat geschitt ass, da kënne mer och envisagéiere fir dat op anere Plazen ze maachen.

Wa mer bis enregistréieren, da kréie mer e Problem, mä esou laang wéi mer den Accès nëmmen notéieren, dierft et kee Problem sinn.

Approbation à l'unanimité.

11.1.13.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : renouvellement de l'éclairage du terrain de football Jos. Philippart à Rodange – approbation du devis au montant de 105.000 €.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et geet hei ëm d'Beliichtung vum Rodanger Stade Jos. Philippart. Esougutt d'Masten, wéi och d'Scheinwerfer, sinn net méi an der Rei, fir net ze soe ganz schlecht. D'Fussballfederatioun huet reklaméiert, a verschidden Arbitere wollte keng Matcher méi päifen, an dofir wollte mer 2008 d'Beliichtung a Stand setzen. Et gëtt en Démontage gemaach, d'Maste ginn an d'Rei gesat, déi nei Installatioun mam Cablage gesäit eng Stäerkt vun 2.000 Watt vir. Dat ass och d'Norm déi d'F.L.F. virschreift. D'Aarbechte fir d'Tranchéen an d'Pose vun de Gainen, fir déi nei Kabelen, sinn natierlech och virgesinn.

Den Devis beleeft sech op 105.000 €, an dëse Betrag ass an den Dépense vum Budget 2008 scho festgehalen.

Guy Brecht (LSAP):

Wann ech mech gutt kann erënneren, dann ass déi Beliichtung, déi am Moment nach do ass, 1992 oder 1993 opgeriicht ginn. Dat war am Kader vun der Fusioun vun deenen zwee Veräiner deemools geschitt. Deemools ass déi aal Beliichtung vun deem Terrain zum Deel op den Titus komm. An deemools war déi nei Beliichtung jo vun der F.L.F. homologuéiert ginn, fir datt owes ka gespillt ginn.

Wat geschitt dann elo mat der Beliichtung, déi de Moment nach um Stade Jos. Philippart steet ? Ginn déi Pottoe ganz ofgedroen, oder gëtt Beliichtung nëmmen ausgebessert ?

Gilbert Welter, Schäffen:

D'Pottoe bleiwe stoen. Si gu just traitéiert, well se verrascht sinn.

Guy Brecht (LSAP):

Dat heescht, den Eclairage gëtt nëmmen erneiert. Wat geschitt da mat deem alen Eclairage ?

Gilbert Welter, Schäffen:

Den Eclairage gëtt komplett ersat. Esouwäit ech weess ass déi ablécklech Beliichtung och ouni Valeur, esou datt een se och net méi kann op engem aneren Terrain installéieren.

Norbert Pierre (LSAP):

1992 war den Eclairage am Fong geholl ugepasst ginn un dat, wat d'F.L.F. déi Zäit gefrot huet. Et si verschidden nei Schaltschief komm, an och nei Projekteren. Mä d'Beliichtung gouf net a senger Integralitéit ersat. Haut huet d'F.L.F. erëm méi héich Fuerderunge wéi dat fréier war. An déi Scheinwerfer, déi elo iwwer 10 Joer am Service waren, kann ee vergiessen. Déi si fir näischt méi ze gebrauchen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss een och soen, datt mer gefrot haten, ob et géif duergoe fir nëmmen d'Biren ze ersetzen. Mir hätten awer domatter net déi Normen erreecht, déi vun der Federatioun virgeschriwwe sinn. An et ass esou e flotte Site, an et gëtt ëmmer gesot, datt et ee vun deene Beschten am ganze Land ass wat de Wuess ugeet. An och elo mat der neier Sportshal niewendru wier et net gutt, wa mer elo géifen op déi 100.000 € verzichte fir d'Beliichtung a Stand ze setzen.

Et ass eis och zougesot ginn, mä déi Recette steet net am Budget, datt de Stat eis och géif e Subsid ginn an der Héicht vun engem Véierel dovunner. Esou datt mer och nach eng Recette do wäerte kréien.

Approbation à l'unanimité. M. Klein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

11.1.14.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : aménagement d'un terrain synthétique et des alentours immédiats et reconstruction de la tribune près du stade Jos. Philippart à Rodange – approbation du devis actualisé au montant de 870.000 €.

Gilbert Welter, Schäffen:

Nodeems datt zu Rodange de Bau vun der Sportshal fäerdeg ass, kënnt 2008 de syntheteschen Terrain un d'Rei. Den approuvéierten Devis fir dësen Terrain ass aus dem Joer 2002, an dee louch bei 733.416,22 €. 6 Joer duerno huet den Architektebüro eis eng Präishausse vun 18 %, respektiv 134.323,65 € matgedeelt. De Betrag vum adaptéierten Devis läit bei 867.768,87 €, opgerënnt op 870.000 €. Dëse Betrag steet och schonn am Budget 2008.

Jeannot Linden (LSAP):

Mir hunn en Avant-projet am Joer 2002 gestëmmt, an dee Projet sollt 4 Phase beinhalten. Dat war fir d'Constructioun vun der Sportshal, de syntheteschen Trainingsterrain, den Amenagement vun de Stroossen an de Bau vun neie Gradinen. Elo hunn ech awer gesinn, datt fir d'Gradinen een aneren Artikel geschafe ginn ass. Gëtt da fir d'éischt elo e provisoreschen Décompte gemaach fir d'Sportshal, well 2002 waren déi Aarbechten jo alleguerten ënnert deem selwechte Budgetsartikel virgesinn ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Fir kënnen deen een Deel vum Projet, dat ass d'Sportshal mat de Stroossen, dee jo ofgeschloss ass, kënnen ze décomptéieren, hu mer en zweeten Artikel geschaf. An deen Artikel beinhalt engersäits de syntheteschen Terrain, an anerersäits déi nei Tribünen, déi mer fir 2009 virgesinn hunn. Dat erlaabt eis fir bis Uganks 2009 – wann den definitive Tarmac op der Strooss ass - deen éischten Deel vun den Aarbechten ze décomptéieren. An dann hu mer deen Dossier scho propper. Mir wäerten och an Zukunft ëmmer méi an déi Richtung goen, an net grouss Projeten, déi iwwert 5, 6 Joer lafen, op een Artikel huelen, well et ëmmer méi komplizéiert gëtt fir duerno den Décompte ze maachen. Dofir trenne mer dat, an dat gëtt méi eng propper Geschicht.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech sinn domatter averstanen, datt dat esou gemaach gëtt. Mä et erféiert een awer, wann een d'Präisser vun 2002 mat deene vun haut vergläicht.

Approbation à l'unanimité.

11.1.15.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : piscine couverte de Pétange – travaux de rénovation- approbation du projet définitif (mémoire descriptif, plans et devis de 4.950.000 €).

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Datt d'Péitenger Schwämm muss renovéiert ginn, ass jo scho laang gewosst. Mir sinn elo endlech esouwäit. Mir sinn duerch sämtlech Instanze gaangen, esou datt mer domatter kënnen ufänken. De Ministère ass och favorabel dozou, an huet eis och e Subsid vun 50% accordéiert.

Et ass och eng 'mise en conformité' vum ganze Gebai. Renovatioun vum Sanitär, vun de kollektiven Duschen an de Vestiaire soll och nach realiséiert ginn. An natierlech kaschten eis déi supplementar Aarbechten och e Batz Geld. D'Leitunge mussen nei gemaach ginn, d'Beliichtung muss nei gemaach ginn, d'Ventilatioun souwisou. A wann der den technesche Volet an ären Ënnerlage kuckt, da gesitt der, datt och nach d'Waasseropbereedung, fir d'Gestioun technique, alles wat technesch ass, d'Isolatioun an d'Coupe-feu nach erneiert ginn. Dat Ganzt bréngt eis dann op eng Zomm vun 4.950.000 €.

Et gëtt e gréissere Chantier, deen och länger wäert an der Aarbecht bleiwen, esou datt – esou wéi ech an der Presentatioun vum Budget och gesot hat – d'Schwämm muss zougemaach ginn, an datt d'Schoulkanner da musse fir eng gewëssen Zäit délogéiert ginn. Mä ech mengen datt, wann dat heiten emol ganz iwwert d'Bühn gaangen ass, a mer hunn dee Chantier ofgeschloss, dann hu mer erëm eng Péitenger Schwämm déi sech weise léisst, a wou mer och kënne soen, datt eis Schoulkanner an aller Sécherheet kënnen dohinner schwamme goen. Dat selwecht gëlt och fir déi Leit , déi léiwer op Péiteng an d'Schwämm wëlle goen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt nach just eppes hei dobäi soen. Et fält op, datt mer par rapport zum Devis vum Avant-projet, dee bei 3,3 Milliounen Euro louch, elo op 4,95 Milliounen Euro kommen. Dat ass doduerch bedéngt, datt an deem heiten Devis eng ganz Rei Aarbechten dra sinn, déi eigentlech net an der éischter Phas, mä eréischt an der zweeter Phas vun den Aarbechte virgesi waren. Ech denken do un d'Mise en conformité vun der Sportshal a vun deenen technesche Raimlechkeeten. Mir hunn also eng Verschibung vun den Ausgaben. An ech wëll dem Gemengerot och net verheemlechen, datt mer mat deene 5 Milliounen nach net déi ganz Sportshal conforme gemaach hunn, mä datt mer nach eng Kéier mat 2 bis 2,5 Milliounen rechne musse fir de Rescht ze maachen. Dat fir ze wëssen, watfir Käschten op d'Gemeng zoukommen. Op deem heiten Deel, an dat ass den Avantage, kréie mer 50% vum Stat, an op deem aneren Deel kréie mer déi schonn net méi.

Lily Gansen (LSAP):

Ech hätt 3 Froen. Déi éischt ass, mir hunn esouvill Sportsveräiner dran. Gëtt och dru geduecht, fir sech mat deenen zesummen ze setzen a mat hinnen ze diskutéieren, wéi et am beschten hinne bekënnt ? Dat muss net bis an dee leschten Detail goen, mä et soll dru geduecht gi fir mat hinnen den Dialog ze féieren.

Dat zweet ass, datt et esou bleift, datt an der grousser Sportshal och nach kënne Kongresser ofgehale ginn? Oder wat maache mer do ?

An deen drëtte Punkt ass, datt ech nëmme géif recommandéiere fir wierklech gutt opzepasse wat d'Hëtzt an de Geroch vun der Schwämm ausmécht. Well wann een de Moment erakënnt, ob dat Summer oder Wanter ass, da kann een uewenop net méi ootmen. Ech froe mech wéi d'Leit dat do aushalen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif soen, datt dat dote geschitt, well wa mer déi Installatiounen 'à jour' setzen, da wäert dee Problem manner grouss si wéi elo. Op et ganz ewech ze kréien ass, kann ech net soen. Mir sinn nach ëmmer an enger Schwämm. Mä fir de Moment ass et schro, an ech géif scho soen, datt mer d'Situatioun verbessert kréien.

Mä dat heiten huet mat der Sportshal näischt ze dinn. Dat kënnt eréischt an enger zweeter Phas. An do huet d'ITM eis fir de Moment gesot, datt mer 5 Joer Zäit hu fir déi 'Mise en conformité' ze maachen. Dat heescht, wa mer dat heiten ofgeschloss hunn, dann hu mer vun haut un nach 5 Joer Zäit fir deen zweeten Deel ze maachen.

A selbstverständlech dierf dat fir e Kongress kee Problem duerstellen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wat een eventuell nach ka soen, dat ass, datt duerno nach eng Trap geplangt ass fir vu baussen op den ieweschte Stack ze kommen.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech begréissen, datt mer no laangem Hin an Hir elo endlech ukomme mat der Renovatioun vun der Schwämm, an datt se soll och grondleeënd renovéiert ginn. Ech hat mer e bësse Méi gi fir am Dossier ze kucken, mä schlussendlech war et vun der Zäit net dra fir alles am Detail ze kucken. Dofir wier ech och frou, wann een dee ganzen Dossier kéint kréie fir datt ee gesäit wat technesch alles virgesinn ass.

Dann ass et jo och esou, datt all déi aner Veräiner, déi an der Sportshal sinn, net duerch déi Aarbechte beeinträchtegt ginn ? Bleift d'Buvette och weider op, oder gëtt déi zougemaach ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech ka mer kaum virstellen, datt d'Buvette kann op bleiwen. Well et ass awer e gréissere Chantier.

Norbert Pierre (LSAP):

Ass dann en Arrangement mam Locataire vun der Buvette fonnt ginn ? Wat mécht deen déi Zäit wou d'Buvette zou ass ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt – wann den Devis elo gestëmmt ass – mir mat den Techniker musse kucken, wéi den Iwwergang ka geschéie vun deene verschiddene Phase vun den Aarbechten. Well mir si jo och drun interesséiert fir och esou mann wéi méiglech de Schoulsport ze beeinträchtegen. Mir wëssen awer, datt do ganz grouss Aarbechte gemaach ginn, an datt do zäitweis sécherlech net ka geschwomme ginn, an och zäitweis – an dat musse mer natierlech mam Techniker kucken – d'Buvette net kann op sinn. Well et huet och kee Wäert, datt mer eng Buvette fonctionnéieren dinn, wa ronderëm Schantgen ass. Well da kënnt souwisou keen an d'Buvette eran. An da muss ee kucken, wéi laang een net kann do eran- an erausgoen, a mam Gestionnaire vun der Buvette – wa wierklech alles um Dësch läit – eng Kéier schwätze fir ze kucke wéi een am beschten iwwert d'Ronne kënnt.

Wat den Dossier ugeet, esou kann all Fraktioun deen zougestallt kréien.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et sinn elo vill Leit hei ronderëm den Dësch, déi gesot hunn, datt et ze begréissen ass, datt endlech eppes bei der Schwämm geschitt. Ech muss Iech awer soen, datt ech dat bedaueren. Ech bedaueren, datt no manner wéi 25 Joer, dat ganzt Gebai an esou engem desolaten Zoustand ass. Wa mer elo all eise grousse Gebaier eng Liewensdauer vu manner wéi 25 Joer ginn, da fannen ech dat immens schued, an dat ass wierklech ze bedaueren.

Dësweidere wollt ech nach eng Kéier drop opmierksam maachen – mir hate schonn eng Kéier hei doriwwer geschwat an do si mer zu Conclusioun komm, datt et wahrscheinlech net bei deem bleift wat mer virgesinn haten – datt et wahrscheinlech e Chantier gëtt mat ganz villen Iwwerraschungen. Well wat ee méi wäi doranner buddele geet, wat een déi eng oder aner zousätzlech Iwwerraschung wäert erliewen. Well mir gesinn et all Dag. Bausse geet et schonn un. Dat ganzt Betongseisen, dee ganze Stol, ass jo scho verrascht, an dee rascht no banne weider a sprengt dee ganze Betong auserneen. Mir sollen eis do näischt virmaachen.

Ech wollt de Schäfferot nach eng Kéier froen, wéi wäit hien da wëll matgoen, wa sech erausstellt, datt muss eng horrent Zomm investéiert ginn ? Hutt der iech scho Gedanke gemaach, bis zu wéi engem Montant dir bereet sitt fir doranner ze investéieren ? Well ech gesi wierklech schwaarz fir dat Gebai.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et goufen eng Rei Analyse gemaach, och ënner anerem vun de Techniker, an et koum dobäi eraus, datt mer mat deenen heiten Aarbechten d'Saach an de Grëff kréien. Ech hoffen net, datt nach ganz grouss Iwwerraschunge wäerte kommen. Et kann emol sinn, datt nach eng Iwwerraschung ka kommen, mä awer net an deem Mooss wéi Dir et elo hei sot. Well da miisst een sech wierklech Froe stellen.

Datt esou ee Gebai no 25 Joer an esou engem schlechten Zoustand ass, war fir mech och schwéier ze verstoen. Mä ech hu mer awer vun den Techniker a vum Ingenieursbüro, deen heifir zoustänneg ass, soe gelooss, datt 25 Joer fir esou eng Technik d'Limit ass. Esou datt dat awer net esou anormal ass. Ech war och effektiv anerer Meenung, well ech hat et mat mengem Haus verglach, a wann ech no 25 Joer miisst dat 3 oder 4-facht drastieche fir kënne weider dran ze wunnen, da géif ech mech och wonneren an iergeren. Hei schéngt et awer éischter normal ze sinn, well och mat deem ganze Chlor, a mat deem ganze System dee bannenan ass, géif d'Technik vill méi ugegraff ginn a vill méi an Usproch geholl ginn. An do wier eng Durée wéi déi heiten net aussergewéinlech. Hien huet mer och e Beispill vun Iechternach ginn, wou de Fall ähnlech ass, a wou se och musse 7 Milliounen investéieren.

John Polfer (CSV):

D'Madame Gansen hat jo eng Fro gestallt, ob mat de Veräiner geschwat géif ginn. Hei geet et jo ëm d'Schwämm, an ech kann hir soen, datt mam Schwammclub Kontakt opgeholl gi war vu säitens der Gemeng. A mer hunn do Satisfactioun kritt, datt – wa mer musse plënneren – mer kënnen Trainingen zu Rodange ofhalen. Och wann et e bësse méi enk gëtt, mä mer wäerten dat och nach iwwerliewen.

Approbation à l'unanimité.

11.1.16.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : aménagement d'un chemin forestier à Pétange – approbation du projet (devis au montant de 98.000 €, mémoire explicatif et plan).

Gilbert Welter, Schäffen:

Hei geet et ëm d'Schafe vun engem Bëschwee zu Péiteng, deen hannert der rue du Bois ugeet, an a Richtung belsch Grenz weiderleeft. En ass am Plang als 'Rollengerbësch / Stackels' zu Péiteng agedroen an huet eng Längt vun 1,9 Kilometer an eng Breet vun 3,50 Meter. Dëse Wee ass wichteg fir déi Leit, déi am Bësch schaffen, fir datt se kënne mat hire Maschinnen do fueren. Dat ass fir de Moment net méiglech, a si mussen am Ableck nach iwwert den Territoire vun der Gemeng Ibbeng fuere fir d'Holz erauszehuelen.

Dëse Wee ass noutwenneg fir eng dauerhaft Gestioun vun dësem Bësch

ze garantéieren. Mir hu versprach kritt, datt duerch d'Entstoe vun dësem Wee um ekologesche Standpunkt keng sensibel Zonen touchéiert ginn. Dëse Wee gëtt sécherlech och interessant fir all déi Leit, déi gären duerch de Bësch spazéiere ginn. De wichtegste Punkt bleift awer, datt de Fierschter säin Holz net méi iwwer d'Belsch erauszehuele brauch.

Dir hutt den detailléierten Devis vun der Administration des Eaux et Forêts, mat den Explikatioune wéi d'Aarbechten oflafen, am Dossier. De Betrag fir dat Ganzt ass 98.000 €, an de Stat subventionnéiert dës Aarbechten zu 80%.

Roger Klein (LSAP):

Ech war hei, wou de Plan simple de gestion presentéiert ginn ass. An dunn ass jo och dee Wee virgestallt ginn, an d'Noutwennegkeet vun deem Wee gouf motivéiert. Ech hunn awer an Erënnerung, datt eis an der Mëtt vum Wee eng kleng Parzell feelt. Déi Parzell ass a privater Hand, an déi miisst opkaf gi fir datt dee Wee ka realiséiert ginn. Dofir wollt ech wëssen, ob scho Kontakter bestinn, oder Verhandlunge mat deem Propriétaire gelaf sinn ?

Gilbert Welter, Schäffen:

D'Verhandlunge sinn effektiv am Lafen, an dat iwwer de Wee vum Fierschter. No deene leschten Informatiounen, déi ech kritt hunn, soll ganz geschwënn eppes do entstoen. Dat heescht, mir sinn um gudde Wee fir datt dat soll ofgeschloss ginn.

Camille Bosseler (CSV):

Virun enger gewëssener Zäit war ech do uewen, an ech hu festgestallt, wou se d'Coupe gemaach hunn, datt dee Wee schro ausgesinn huet duerch d'Erauszéie vun deene ganze Beem. Wa se elo net méi iwwer Athus eroffueren, kommen se da laanscht Antenn erof ?

Roland Breyer, Schäffen:

Dee Wee geet net laanscht d'Antenn, mä duerch d'rue du Bois.

Camille Bosseler (CSV):

Ech hat geduecht, et wier deen ale Wee, deen uewen era géif goen. Dann ass et gutt.

Carlo Gira (CSV):

Wann een an dee Bësch geet, an et gesäit ee wat do gewullt ginn ass, dann ass esou e Wee déck noutwenneg. Well do ass och e Spazéierwee, an dee kann een net méi Spazéierwee nennen, esou datt et gutt ass, datt déi Aarbechte gemaach gi fir datt een dann och erëm kann dohinner trëppele goen.

Approbation à l'unanimité.

11.1.17.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : travaux de reprofilage et de renouvellement de la couche de roulement de diverses rues – approbation du devis au montant de 200.000 €.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hu wëlles bei verschiddene Stroossen, wou den Ënnerbau nach gutt ass, mä den Teppech net méi, deen Teppech ofzehuwwelen an eng nei Couche drop ze maachen. Dat kënne mer eis erlaben an deene Stroossen, wou d'Infrastrukturen net direkt mussen erneiert ginn, a fir 2008 hätte mer 4 Stroosse virgesinn. Dat wier d'rue Prinzenberg hei zu Péiteng, d'Impasse am Blobierg zu Rodange, een Deel vun der rue de l'Eglise zu Rolleng an de Schwaarzewee zu Péiteng.

Just als Indikatioun, wa mer eng normal Strooss, mat enger normaler Breet, maachen, da kascht dat eis am Reprofilage 400 bis 500 € de lafende Meter. Wann se ganz nei gemaach gëtt, dann ass et dat fënneffacht.

Bei deene Stroossen hei ass eng Prioritéit gesat ginn, well eis Servicer der Meenung sinn, datt an deene Stroosse miisst direkt gewierkt ginn.

Fir déi Aarbechten hu mer 200.000 € virgesinn. Et sinn net vill Firmaen, déi déi Aarbechte kënne maachen, mä wa mer mat Zäiten u sinn, da kréie mer se och vläicht mat Zäite gemaach, an déi Stroosse wieren nees an der Rei.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech gesinn, datt deen ieweschten Deel vun der rue de l'Eglise zu Rolleng soll gemaach ginn. Mä do ass déi Gässel, déi erof an d'rue de la Fontaine erofgeet. Wier et méiglech, fir déi matzemaachen ? Well déi gesäit grad esou schro aus wéi déi aner Strooss.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass esou, datt mer eis, wat den Deel vun der Strooss ugeet, net ëmmer bis op dee leschte Meter festleeën. Et hänkt ëmmer dovunner of wéi eng Präisser datt mer offréiert kréien. A wann do nach Sputt bleift, an déi Teppechmaschinn ass am gaangen, dann ass schnell emol nach eppes Klengeres matgemaach. Dat konnt der och hei zu Péiteng an der Parkstrooss gesinn, wou nach Deeler vun der Dicksstrooss matgemaach si ginn.

Approbation à l'unanimité.

11.1.18.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : installation d'un nouvel éclairage public au « Schwaarzewee » à Pétange – approbation du devis au montant de 85.000 €.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hu jo d'Intentioun, fir aus deem Schwaarzewee en helle Wee ze maachen. Dofir soll dann nieft dem Reprofilage, deen als Ofschloss geschitt, virdrun d'Beliichtung nei gemaach ginn. Mir hu wëlles 25 nei Luuchteposten ze setzen, de Cablage an de Buedem ze leeën, an dat och mat enger 'file de pavée' ofzesécheren. Fir de Moment hu mer 4 Luuchten do stoen. Et gëtt also eng wesentlech Verbesserung. Dat Ganzt kascht 85.000 €, wou mir en Deel vun den Aarbechten duerch eis eege Leit ausféiere loossen. Haaptsächlech wieren dat d'Aarbechte fir de Gruef ze zéien an d'Sockele vun de Luuchten ze setzen an d'Luuchten dropzesetzen. Wat d'Luuchten ugeet, esou wollte mer déi selwecht huele wéi zu Rodange beim Park. Déi Luuchte si 'Vandale sécher' an hunn och déi néideg Liichtkraaft.

Approbation à l'unanimité.

11.1.19.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : renouvellement de l'éclairage public dans la rue de l'Eglise à Pétange – approbation du devis au montant de 40.000 €.

Roland Breyer, Schäffen:

Mam Service Energie de l'Etat hu mer eis gëeenegt, fir d'Kierchstrooss hei zu Péiteng an d'Rei ze setzen. Fir nëmmen de Vergläich ze maachen, an der Kierchstrooss hu mer 17 Luuchte stoen, an am Schwaarzewee ginn et der 25. Hei géifen d'Luuchten an der Kierchstrooss nei gemaach ginn. D'Luuchte sollen déi selwecht gi wéi mer se an der Haaptstrooss hunn. An eis Participatioun wier – well de Stat iwwerhëlt e groussen Deel – ronn 40.000 € .

Jeannot Linden (LSAP):

An der Verkéierskommissioun hu mer och scho festgehalen, datt an der Haaptstrooss déi Luuchten, déi e bëssen rosa liichten, net hell genuch sinn. Kann een do net beim Stat intervenéiere fir datt eventuell eng aner Zort vu Biren do agesat géife ginn, an datt et doduerch méi hell gëtt.

Well mir gi jo och d'Foussgängersträife wéinst der Sécherheet méi markéieren, ebe well gesot ginn ass, datt déi aner Luuchte mat Momenter net hell genuch sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

D'Verhandlunge mam Service Energie de l'Etat, fir d'Haaptstrooss komplett erneiert ze kréien wat d'Liichtkraaft ugeet, sinn am Lafen, fir datt mer och op verschiddene Plazen nei Biren drakréien.

Approbation à l'unanimité.

11.1.20.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : renouvellement des infrastructures dans la rue « A la Siole » à Rodange – approbation du devis au montant de 80.000 €.

Roland Breyer, Schäffen:

Déi Leit, déi do wunnen, wëlle gären de Gas kréien. Sudgaz ass och d'accord fir hinnen de Gas ze liwweren. Sudgaz huet eis gefrot, ob mir vun eiser Säit aus net och miissten d'Infrastrukturen erneieren. Mir kënnen eng nei Waasserleitung gebrauchen, a mir leeën och Gainen dohinner fir den Eclairage public an d'Antenne collective. Dat géif am Ganzen 80.000 € kaschten.

Guy Brecht (LSAP):

Dat ass ze begréisse well déi Leit froe scho laang fir eng Ännerung ze kréien.

Approbation à l'unanimité.

11.1.21.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : renouvellement des infrastructures dans la rue Fontaine à Rodange – approbation du devis au montant de 360.000 €.

Roland Breyer, Schäffen:

An der Fontaine-Strooss zu Rodange hu mer jo schonn am ënnegten Deel geschafft. Haaptsächlech d'Post wëll nach gäre weiderfueren, a Sudgaz wëll och gären de Bouclage maachen. Mir sinn och drunn interesséiert fir mat der Waasserleitung de Bouclage mat der rue de la Minière ze maachen. Och géife mer dann an engems d'Gaine leeë fir den Eclairage public an d'Antenne collective. Och géife mer Bordure vun den Trëttoiren ersetzen, an dann hätte mer déi ganz Strooss an der Rei. Dat wier och wichteg, fir datt, wa mer an der Philippart-Strooss eng Kéier lass fueren, mer déi Stroosse ronderëm an der Rei hunn.

Approbation à l'unanimité.

11.1.22.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : renouvellement des infrastructures dans la rue de l'Indépendance à Pétange – approbation du devis au montant de 335.000 €.

Roland Breyer, Schäffen:

An der rue de l'Indépendance zu Péiteng ass et och Sudgaz, déi Aarbechte virgesinn hunn. Mir maache bei deenen Aarbechte mat a mer leeën eng nei Waasserleitung. Well d'Waasserleitung ass scho 45 Joer al. D'Bordure sinn och net zum allerbeschten, verschidde Pavéë mussen erneiert ginn. An engems leeë mer dann och d'Gaine fir den Eclairage public an d'Gemeinschaftsantenn an de Gruef. Och sollen nei Luuchten installéiert ginn. Mir géifen op ee Chiffer vun 335.000 € komme fir déi Strooss an d'Rei ze setzen.

Jeannot Linden (LSAP):

De Kanal, ass deen an däer Strooss an der Rei ?

Roland Breyer, Schäffen:

Deen ass an der Rei.

Approbation à l'unanimité.

11.1.23.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Travaux extraordinaires : acquisition de nouveau matériel de signalisation – approbation du devis au montant de 35.000 €.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hu 4.000 Verkéiersschëlder an eiser Gemeng stoen. An do mussen der heisansdo ersat ginn. Mir hunn emol 100 Stéck virgesinn, mat allem wat drëm an drun ass. A well mer jo héchstwahrscheinlech vereenzelt op d'Zone 30 iwwerginn, solle mer eis déi néideg Kreditter reservéieren. An dofir hu mer 35.000 € virgesinn.

Approbation à l'unanimité.

11.2.

Budget rectifié de 2007 et budget de l'exercice 2008.

Votes des budgets.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll nach eng Kéier kuerz drop ageoen a soen, - an dat hutt der och um Dësch leien -, datt a 5 Artikelen nach liicht huet miissten dru geschafft ginn. Mir hunn elo déi definitiv Chifferen, wat d'Emprunten ubelaangt, d'Rembourse-menter mam Kapital, an do si ganz geréngfügeg Ännerungen am definitiven Dokument geännert ginn.

Dir hutt och matkritt, datt mer 36.000 € gestëmmt hu fir de Système de détection d'incendie am Centre culturel zu Rodange, a Plaz vun deenen 30.000 € déi am Budget stinn. Dofir musse mer och do déi Chifferen eropsetzen.

Et war och e ganz klenge Feeler entstane beim 'Scanning des registres de l'Etat civil'. Do hat och deen een oder anere vun Iech intervenéiert. Dorophin ass dat och nogekuckt ginn, an do war effektiv e Betrag erofgesat ginn, an dat war net richteg, esou datt mer déi Beträg mussen adaptéieren.

Dobäi kënnt och nach bei der Modernisatioun vum Stadhaus mat der Annex, datt do och nach e klenge Mëssel geschitt war. Mir hunn den definitiven Décompte provisoire gemaach a festgestallt, datt et mat deenen 50.000 €, déi am Budget 2008 stinn, net duergeet. Mir hunn 150.000 € agesat, an da si mer sécher, datt mer alles ofgeschloss hunn, an datt mer den Décompte définitiv kënne maachen. Dat ass an deene leschte 14 Deeg bei deenen Aarbechten opgefall, an dat hu mer adaptéiert an eise Budget ugepasst.

Le budget rectifié 2007 est voté par 8 voix (CSV, DP) contre 5 voix (LSAP) et 1 abstention (Déi Gréng).

Romain Becker (Déi Gréng):

Meng Enthalung läit op der Hand. Ech hat mech beim Budget 2007 enthalen, an dofir enthalen ech mech och beim Vote vum Budget rectifié 2007.

Le budget de l'exercice 2008 est voté par 8 voix (CSV, DP) et 6 abstentions (LSAP, Déi Gréng).

Guy Brecht (LSAP):

Mir waren eis alleguerten eens an eiser Fraktioun, datt mer bei dësem Budget net géifen 'Nee' soen, an datt mer awer och net géifen dofir stëmmen. An da bleift nach just d'Enthalung. An eng Enthalung wëll net ëmmer soen, datt ee keng Meenung dozou huet, mä datt een sech während dem ganze Joer nach Plaz opléist fir verschidde Saachen ze diskutéieren an eventuell och ze kritiséieren. Wéi gesot, mat engem groussen Deel vun deem Budget hei kann ee liewen, ganz gutt liewen, mä et sinn awer och e puer kritesch Punkten dobäi, déi eis dozou geleet hu fir eis beim Vote ze enthalen.

Ofschléissend wëll ech nach eng Kéier Merci soe fir déi nei Form vun de Budgetsëtzungen. Dir hutt gesinn, dat huet eppes bruecht, esougutt eis wéi och Iech.

Romain Becker (Déi Gréng):

Wéi ech och schonn d'lescht Joer op dëser Plaz gesot hunn, ass et net – wann een an der Oppositioun ass – fir géint alles ze sinn, an och net fir géint de Budget ze sinn. Ech hätt kéinte froen, a wahrscheinlech géifen d'Kollegen aus der LSAP-Fraktioun dat och ënnerstëtzen, fir e separate Vote vun all eenzelne Budgetsartikelen ze maachen. Da wiere mer eis wahrscheinlech op verschiddene Punkten eens gewiescht. Well et gi gutt Artikelen am Budget, et sinn och Saachen dobäi, déi super sinn, mä et ginn och Saache mat deene mer net kënnen d'accord sinn. Mä e Vote séparé ass beim Budget net méiglech.

Mir als Gréng-Fraktioun, well der wësst, datt ech net alleng sinn, hate laang driwwer diskutéiert, wéi mer sollen als 'Déi Gréng' de Budget stëmmen. An ech krut mat op de Wee, fir op kee Fall dogéint ze sinn. An dofir hunn ech dat dann och ugeholl, an ech sinn net dergéint.

Ech géif och nach eng Kéier dem Schäfferot Merci soe fir d'Presentatioun, well déi war wierklech gelongen. Och nach eng Kéier e Merci un all d'Beamten, déi mat hannendrun un deem Budget geschafft hunn.